# Conseil communal

## Séance publique du 14 décembre 2012

***Durée de la séance:*** *17.15 à 19.00 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP) |
| **Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Absents et excusés:**

**Bosseler Camille** (CSV)

# ORDRE DU JOUR

**Point unique:**

Budget rectifié de 2012 et projet de budget pour 2013 de l'administration communale - présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

**Budget rectifié de 2012 et projet de budget pour 2013 de l'administration communale.**

Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir Dammen an Hären. Nodeems de Gemengerot a senger Sëtzung vum 18. Juni 2012 de "Plan pluriannuel" fir d'Joeren 2012 bis 2017 mat grousser Majoritéit ugeholl hat, schreift den 2. Budget vun der lafender Mandatsperiod sech an dëse Méijoeresprogramm an. Eng Rei vu grousse Projete gi fäerdeggestallt an eng Rei nei Projeten, déi am pluriannuellen Investitiounsprogramm ugekënnegt goufen, kommen d'nächst Joer an d'Planungsphas.

Wat d'Finanzéierung vun den ausseruerdentlechen Ausgaben ubelaangt, esou leie mer an den 2 éischte Joere vun dëser Mandatsperiod komplett op der Linn vum approuvéierte Méijoeresplang. Trotzdem mierke mir och zu Péiteng, datt opgronn vun der gespaanter ekonomescher Lag an Europa an eisem Land eng extrem Rigueur a Vigilance noutwenneg ass fir dat ugepeilten Zil ze erreechen. Ech komme spéider nach am Detail drop zeréck.

Dëse Budget 2013 huet allerdéngs och déi Partikularitéit, datt hien no der neier Nomenklatur opgestallt ginn ass, esou datt mer dëst Joer 2 verschidden Dokumenter, dat éischt fir de Kont 2011 an de rektifizéierte Budget 2012 an dat zweet fir de Budget 2013, zum Vote virgeluecht kréien. Dat war keen einfachen Exercice fir eise Finanzdepartement, an ech wëll op dëser Plaz dem Thierry Balance e grousse Merci ausdrécken. Hien huet an de leschte Wochen a Méint eng knachenhaart Aarbecht gemaach fir dem Gemengerot och fir d'Joer 2013 – a gewinnter Form – en iwwersiichtlecht Dokument virzeleeën, wat dësem erlaabt, an aller Serenitéit säin Aval zu dësem wichtegsten Dossier ze ginn. Et kann zwar nach sinn, datt bis Enn vun der nächster Woch nach verschidden Ännerungen am Budgetsdokument vun 2013 virgeholl musse ginn, ënner anerem gesäit et esou aus, datt d'Artikele vun de Gehälter nach méi ënnerdeelt musse ginn, un de Globalchifferen ännert sech allerdéngs näischt.

Den 28. November ass d'Budgetsdokument de Gemengeconseilleren zougestallt ginn an haut, de 14. Dezember, stellt de Schäfferot dëst da vir. E Méindeg, de 17. Dezember, stinn

dann d'Diskussiounen zu dësem Punkt op der Dagesuerdnung vum Gemengerot an den 21. Dezember kënnt et dann zur Ofstëmmung vun dësem Punkt.

Wann een de Budget 2013 an e puer Wierder zesummefaasse wéilt, da kënnt een net derlaanscht, deeselwechte Kommentar wéi déi lescht Joeren ze maachen, dat heescht:

1. Mir behale weiderhin en appréciabelen Iwwerschoss am ordinäre Budget.
2. D'Investissementer bleiwe mat engem Total vu ronn 22,5 Milliounen Euro op engem extrem héijen Niveau.
3. D'Gemengeschold geet och 2013 ëm weider 2 Milliounen Euro zeréck.

Fir d'Gemeng Péiteng klammen déi ordinär Recettë vun 2012 op 2013 ëm just 2,23% an déi ordinär Ausgaben awer ëm 3,73%. Dat bedeit als logesch Konsequenz, datt den ordinären Iwwerschoss ëm 3,49% zeréckgeet. Dës Evolutioun war awer viraus ze gesinn. D'Abetriibhuele vun der neier Maison Relais zu Péiteng, vun der vergréisserten Éigent-Schoul, vum Centre QT a vum Centre WAX an der 2. Halschent vun dësem Joer hunn engersäits déi lafend Käschte fir d'Joer 2013 an d'Luucht gedriwwen, a wann dann op der aner Säit d'Progressioun vun den net affektéierte Revenue mat enger Erhéijung vu knapp 2% relativ bescheiden ausfält, da muss dës Entwécklung als normal ugesi ginn.

Vergläicht een de rektifizéierte Budget 2012 mam initiale Budget 2012, esou stellt een eng positiv Entwécklung fest. Engersäits klammen déi ordinär Recetten ëm 1,71%. D'Haaptursaache leie bei deem Undeel, deen d'Gemeng vum Stat fir d'Fonctionnementskäschte vu senge Maison Relaise kritt an an de Recetten, déi ze erwaarde si wat eist Kanalnetz an der Kläranlag ugeet.

Anersäits ginn déi ordinär Ausgaben am rektifizéierte Budget 2012 am Verglach zum initiale Budget 2012 ëm 1,25% zeréck. Dës Verbesserung ass haaptsächlech zeréckzeféieren op e Réckgang vun den ordinären Ausgaben am Zesummenhang mat der Kläranlag, de Stroosseninfrastrukturen an der Zënslaascht vun eiser Gemengeschold.

Dat ergëtt eng Verbesserung, dat heescht eng Erhéijung vum ordinären Iwwerschoss vun 11,4 Milliounen Euro op elo 12,9 Milliounen Euro, oder anescht ausgedréckt vun 13,05%.

Fir dat 2. Joer hannerenee läit den Iwwerschoss am ordinäre Budget iwwer den ugestrieften 10 Milliounen Euro. Och wann dëse mat 10,99 Milliounen Euro am Budget 2013 liicht ënner dem Iwwerschoss vum Budget 2012 läit, esou gesäit ee ganz kloer, datt dësen am Verglach mat de leschte 15 Joer op engem aussergewéinlech héijem Niveau fixéiert ass. Et kann een awer net dacks genuch widderhuelen, datt dës exzellent Basis fir weider Investissementer am Intressi vun eise Bierger nëmmen duerch eng absolut riguros Finanzpolitik, engem streng kontrolléierte Wuesse vun den ordinären Ausgabe méiglech ass. Eng Politik déi awer, wéi scho gesot, onëmgänglech ass, wëlle mer eisen ambitiéisen Investitiounsprogramm an den nächste Joere realiséieren.

Am Budget 2013 sinn ordinär Recettë vu 56,3 Milliounen Euro virgesinn.

De gréissten Deel mat ronn 74% kënnt iwwer déi net zweckgebonne Recetten, dem "Fonds communal de dotation financière", der kommunaler Gewerbesteier an der Grondsteier, an d'Gemengekeess.

Dogéint maachen déi affektéiert Revenue 7% vun allen ordinäre Recetten aus. Hei stelle besonnesch d'Maison Relaise mat 44% e wesentlechen Deel duer, mä och déi affektéiert Revenuen am Kader vun der Musekschoul spillen – mat iwwer 20% - eng gréisser Roll.

D'Taxenerhiewunge maache 15% vun der Gesamtrecette vum ordinäre Budget 2013 aus.

D'Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten, sief et vu verschidde soziale Wunnengen, mä och vu Raim, déi mer dem Stat, der Police, dem Office social, der Keelefederatioun, dem Restaurant Wax, asw., deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, maachen 1% vun alle Recetten aus.

Déi restlech 3% setze sech aus verschiddden uerdentleche Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der "Mutualité des Employeurs", d'Remboursementer vun der TVA, d'Remboursementer vun de Gehälter vum Office social an d'Bankzënsen.

D'Bruttoausgabe vum Budget 2013 klammen op 45,3 Milliounen Euro a stelle sech esou zesummen:

D'Charge salariale – an déi begräift esouwuel d'Gehälter vun dem gesamte Personal, dat vum Schäffen- a Gemengerot agestallt ass, esou wéi och de Remboursement un de Stat vun engem Drëttel vun de Gehälter vum Léierpersonal aus eiser Gemeng – klëmmt vum Budget 2012 op de Budget 2013 vun 22,9 Milliounen Euro op 23,7 Milliounen Euro. Dat entsprécht 53% vun allen ordinären Ausgaben. Fir dës Erhéijung spille ganz besonnesch d'Neiastellunge fir déi nei Maison Relais zu Péiteng, déi am September 2012 hir Dieren opgemaach huet, eng ausschlaggebend Roll.

Am neie Budget 2013 beleeft sech den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater op 5,2 Milliounen Euro, wat 11% vun den ordinären Ausgaben duerstellt.

Mat elo nach 5% an 2,2 Milliounen Euro stellen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2013 eng vertrietbar Charge fir de Gemengebudget duer.

Mat 3,7 Milliounen Euro, dat heescht 8% vun den ordinären Ausgaben, klammen d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – substantiell. Dëst fënnt allerdéngs seng Erklärung duerch déi nei Gebaier, d'Maison Relais zu Péiteng, dat neit Éigent-Schoulgebai, de Centre QT an de Centre WAX, déi dëst Joer a Betrib geholl gi sinn.

E wichtege Posten an eisem Budget stellen d'„Prévisions sociales", dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de „Repas sur roues", d'„Téléassistance", de Kontrakt mat *Défi-Job*, d'Beschäftegung vun CAEen oder vun Apprentien an d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a vum ProActif an eiser Gemeng duer. Bruttoausgabe vu knapp 2,6 Milliounen Euro oder 6% vun den uerdentlechen Ausgabe sinn am Budget 2013 fir dës Zwecker virgesinn.

D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Versécherungen esou wéi den Ënnerhalt, chiffréiere sech am Budget 2013 op 489.000 Euro, wat 1% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

2% vun allen ordinären Ausgaben oder 727.000 Euro ginn am Budget 2013 un Associatioune verdeelt. Dat stellt op der enger Säit 175.000 Euro oder 24% als Bedeelegung un de Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange mä och den Transfert un eise Pompjeescorps an un d'„Protection civile" vu Péiteng ewéi och eis Subside fir eis Lokalveräiner duer.

Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eisen Netzer a Stroosseninfrastrukture belafe sech am Budget 2013 op 1,3 Milliounen Euro, dat heescht 3% vun allen ordinären Ausgaben.

Interessant ass och ervirzesträichen, datt dat politescht Entscheedungsorgan, dat heescht de Gemengen- a

Schäfferot mat senge legalen a konsultative Kommissioune grad emol knapp 200.000 Euro oder 0,43% vun den ordinären Ausgaben an Usproch hëlt.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 11% oder 5,2 Millioune Euro fir eng helle Wull vu verschiddenen uerdentlechen Ausgaben, ënner deenen zum Beispill d'Informatik eng wesentlech Roll spillt.

Eng wesentlech méi interessant Analys vum ordinäre Budget besteet doranner, ze kucken, a wat fir Beräicher déi net zweckgebonne Revenuen – dat heescht de "Fonds communal de dotation financière", déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – agesat ginn. Bei dëser Analys entstinn opgronn vum neie "Plan comptable" liicht Verschibungen am Verglach mam Budget 2012. Et bleift awer politesch gesi vu groussem Intressi festzestellen, fir wat fir Zwecker d'Gemeng Péiteng d'Steiersuen, déi si zur Verfügung gestallt kritt, verwennt. Fir dat ze dokumentéieren hunn ech dës Ausgaben an 11 gréisser Bléck agedeelt.

Déi net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2013 op 41,8 Milliounen Euro, 0,8 Milliounen Euro oder 1,95% méi wéi am Budget 2012.

Si solle laut Budget 2013 esou verdeelt ginn:

1. Fir d'„Administration générale, ordre public, culte a sécurité" 8,5 Milliounen Euro oder 20,25%.
2. Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 2,2 Milliounen Euro oder 5,36%.
3. Fir d'„Prévisions sociales" 2 Milliounen Euro oder 4,74%.
4. Fir den „Enseignement fondamental" 8,8 Milliounen Euro oder 21,12%.
5. Fir eis Maison Relaisen 1,1 Milliounen Euro oder 2,54%.
6. Fir de Sport, d'Kultur, den Tourismus, d'Jugend an d'Fräizäit 3,3 Milliounen Euro oder 7,88%.
7. Fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter 2,3 Milliounen Euro oder 5,46%.
8. Fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung brauche keng net affektéiert Revenuen an Usproch geholl ze ginn. Am Géigendeel, et bleift an deem Beräich en Iwwerschoss am ordinäre Budget vu ronn 950.000 Euro oder 2,27% fir d'Couverture vun engem Deel vun den extraordinären Ausgaben an deem Beräich.
9. Fir eis Musekschoul 755.000 Euro oder 1,81%.
10. Fir eis Schwämmen 1,7 Milliounen Euro oder 4%.
11. Fir den ëffentlechen Transport 1,2 Milliounen Euro oder 2,82%.

Deemno stinn am Budget 2013 10,9 Milliounen Euro, dat heescht 26,29% vun den net affektéierte Revenue fir ausseruerdentlech Projeten zur Verfügung. Dat bleift eng exzellent finanziell Ausgangspositioun fir eis Gemeng, an dat erlaabt eis den Investitiounsprogramm, dee mer zesummen am Juni dëst Joer opgestallt hunn, weiderzeféieren.

Mir mussen awer feststellen, an dat ass keng Iwwerraschung, datt déi definitiv Zuele vun 2011 wuel een zolitte Wuesse vun den Haaptrecettë vun eiser Gemeng – den „Fonds communal de dotation financière" an déi kommunal Gewerbesteier – kannt hunn, datt awer fir déi provisoresch Zuele vun 2012 an 2013 vu staatlecher Säit laut Circulaire 3035 vum Inneministère mat enger Stagnatioun, jo esouguer mat engem liichte Réckgang ze rechnen ass. 2012 rechne mer mat engem Minus vun 1,9% am Verglach mat den definitiven Zuele vun 2011, an 2013 mat engem klenge Plus vun 0,08% zu dësen definitiven Zomme vun 2011. Et bleift awer d'Konklusioun, datt iwwer déi lescht 9 Joeren d'Entwécklung vun dëse wichtege Gemengerecetten alles an allem befriddegend ass.

Mir kommen elo zum extraordinäre Budget 2013, deen ech gären an de Kontext vun eisem pluriannuellen Investitiounsprogramm stellen. Am Budget 2013 stinn 22,5 Milliounen Euro. Zesumme mam rektifizéierte Budget 2012 sinn dat deemno am Total 48,1 Milliounen Euro. Am Verglach mam Méijoeresplang fir déi 6 Joer vun 2012 bis 2017, wou Investissementer mat engem Total vun 110 Milliounen Euro virgesi sinn, kann ee festhalen, datt am 1. Drëttel vun der Mandatsperiod scho 43,7% vun den extraordinären Ausgaben an de Budget ageschriwwe sinn.

D'Ausgaben am extraordinäre Budget verdeele sech esou:

1. Am Kapitel „Enseignement fondamental" sti fir 2013 8,5 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesumme 14,7 Milliounen Euro oder 84% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
2. Am Kapitel „Etablissements sociaux", dat heescht d'Maison Relaisen an den neien Office social, sti fir 2013 0,9 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesumme 5,1 Milliounen Euro oder 41% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
3. Am Kapitel „Sports, Culture, Loisirs, Tourisme, Jeunesse" sti fir 2013 5,9 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesumme 14,1 Milliounen Euro oder 59 % vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
4. Am Kapitel „Administration" sti fir 2013 0,2 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesummen 0,3 Milliounen Euro oder 4% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
5. Am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux" sti fir 2013 4,3 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesummen 8 Milliounen Euro oder 20% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
6. Am Kapitel „Syndicats intercommunaux" sti fir 2013 1 Millioun Euro, wat mam Joer 2012 zesummen 1,6 Milliounen Euro oder 39% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.
7. Am Kapitel „Divers", wou haaptsächlech d'Kafe vun Immobilien zu Buch schloen, sti fir 2013 1,7 Milliounen Euro, wat mam Joer 2012 zesumme 4,4 Milliounen Euro oder 74% vun den Ausgaben, déi am Méijoeresplang ageschriwwe sinn, ausmécht.

Am Joer 2013 ginn dës extraordinär Ausgaben esou finanzéiert:

- Zu 49,5% iwwer den ordinären Iwwerschoss am Budget 2013.
- Zu 22% iwwer d'Statssubsiden.
- Zu 26% iwwer den iwwerdroene Boni vun 2011.
- Zu 3% iwwer verschidden ausseruerdentlech Recetten, wou ee weidere Remboursement aus dem interkommunale Syndikat HPMA vun 540.300 Euro ze erwaarden ass.

Fir déi 2 Joer 2012 an 2013 gëtt de Finanzéierungsmodus, dee vum Gemengerot am Méijoeresplang 2012-2017 festgehale gouf, respektéiert. Dat heescht, d'Investissementer ginn

- zu 50% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum rektifizéierte Budget 2012 an dem initale Budget 2013,
- zu 16% iwwer Statssubsiden,
- zu 30% iwwer den iwwerdroene Boni vun 2011,
- zu 2% iwwer de „Fonds de Réserve Pacte Logement“ an
- zu 2% iwwer verschidden ausseruerdentlech Recette

finanzéiert.

Wat de „Pacte Logement“ ugeet, esou huet d'Gemeng Péiteng an den éischte Joeren, dat heescht vun 2007 bis 2010, Recetten am Total vu knapp 3 Milliounen Euro verbucht. Fir d'Joer 2011 erwaarde mer opgronn vun der Bevëlkerungs-entwécklung eng Zomm vun nach emol 1,4 Milliounen Euro, a fir d'Joer 2012 nach emol ronn 1 Milliioun Euro. Domatter belafe sech d'Recetten iwwer de „Pacte Logement“ an den éischte 6 Joer viraussiichtlech op 5,3 Milliounen Euro. Am Joer 2012 hu mer op 1 Milliioun Euro zeréckgegraff fir een Deel vum grousse Renovatiouns- a Vergréisserungsprojet an der Schoul *Beim Tëtelbierg* ze finanzéieren, esou datt de viraussiichtleche Solde am „Fonds de Réserve Pacte Logement“ Enn 2013 bei 4,3 Milliounen Euro leie wäert.

Mir sinn elo beim 9. Budget noeneen ukomm, wou keen neien Emprunt noutwenneg ass fir dësen an d'Gläichgewiicht ze bréngen. D'Gemengeschold wäert am Joer 2013 nach eng Kéier ëm eppes méi wéi 2 Milliounen Euro reduzéiert ginn. Enn 2013 läit dann d'Gemengeschold bei 18.163.674 Euro. A genee 10 Joer – vun Enn 2003 bis Enn 2013 – ass d'Gemengeschold ëm 20 Milliounen Euro zeréckgaangen. Domatter hu mer landeswäit am Verglach mat anere Gemengen ee vun deenen nidderegsten Niveauen erreecht. Dëst gëtt ëmsou méi offensichtlech wa mer d'Pro-Kapp-Verschëldung a Betruecht zéien.

D'Pro-Kapp-Verschëldung läit Enn 2013 bei viraussiichtlech 1.084 Euro. Am Verglach zu der fréierer Situatioun vun eiser Gemeng ass dat eng wesentlech Verbesserung. Hate mer nach Ufank vun dësem Jorhonnert eng Pro-Kapp-Verschëldung vu bis zu 2.700 Euro, esou huet et bis de Budget vun 2008 gedauert, ier mer ënner 2.000 Euro gefall si fir dann am Budget 2013 mat 1.084 Euro d'Grenz vun den 1.000 Euro erreecht ze hunn. Et ass sécherlech keen Zil, d'Gemengeschold op Null ze féieren, trotzdem schéngt mer déi aktuell Politik fir an dësen Zäiten op d'Ophuele vun neien Empprunten ze verzichten an esou fir d'Zukunft den néidege finanzielle Spillraum ze halen, dee richtegen. D'Zukunft wäert eis weisen, datt dëst dee richtege Choix ass.

Éier dann elo meng Kollegen aus dem Schäfferot hir Beräicher am Detail beliichten, wollt ech iech dann och nach kuerz e puer Detailer zu deene Beräicher ginn, déi laut Schäfferots-erklärung an den nächste 6 Joer vu mir begleet ginn.

Am Schoulwiese sti schonn ewéi gesot 8,483 Milliounen Euro am extraordinäre Budget 2013.

D'Aarbechten um Site vun Éigent sinn zum Deel ofgeschloss, an zënter Hierscht vun dësem Joer gëtt schonn erëm am vergréisserten an ëmgebauten Deel vun deem Gebai Schoul gehalen. Fir d'nächst Joer sinn d'Aarbechte vun der Neigestaltung vun de Schoulhäff, d'Façadenaarbechten an d'Renovatiounsaarbechte vum Turnsall virgesinn. 2,68 Milliounen Euro si fir dës Aarbechte reservéiert.

Zu Rodange wäerten d'Aarbechte fir déi nei Schoul vum 1. Zyklus mat 4 zousätzleche Säll am éischte Semester 2013 ofgeschoss ginn, an da muss d'Gemeng de Solde vun 2,2 Milliounen Euro un de Bauhär, de „Fonds de Logement“, iwwerweisen.

Och fir d'Vergréisserungsaarbechten am Schoulgebai *Beim Tëtelbierg* ass am Budget 2013 eng weider Tranche vun 2,2 Milliounen Euro virgesinn. Dës Aarbechten, déi am Oktober 2011 ugefaangen hunn, wäerte gréisstendeels fir d'Schoul-rentrée 2014/2015 ofgeschloss sinn.

Nodeems eng Zomm vun 325.000 Euro vum Budget 2012 op de Budget 2013 iwwerdroe gouf, stinn am Budget 2013 schlussendlech 605.000 Euro fir d'Kafe vun neiem Miwwel fir eis Schoulgebaier.

No de Problemer, déi mer an de leschte Wochen am *Park*-Schoulgebai haten, wäerte sech déi Renovatiounsaarbechten, déi mer an de rezente Gemengerotssëtzungen ugekënnegt hunn, op ronn 650.000 Euro belafen.

Schlussendlech sollen dann och nach déi lescht Isolatiouns-aarbechte bei dem *Fonderie*-Schoulgebai realiséiert ginn, woufir 90.000 Euro virgesi sinn.

D'Iddi vum Schäffen- a Gemengerot, fir um Site vum fréiere Schoulpavillon an der rue de l'Eglise zu Péiteng den definitive Sëtz vum Office social ze etabléieren, kritt lues a lues konkret Formen. Déi entspriechend Pläng an den Devis wäert de Gemengerot am Ufank vum nächste Joer presentéiert kréien. Laut Planning sollen d'Aarbechten Enn nächst Joer ufänken, an dofir sinn 300.000 Euro am Budget 2013 ageschriwwen.

Wat elo d'Beschäftegungsinitiative vum CIGL a ProActif ubelaangt, esou stinn am Budget 2013 am Total 720.238 Euro, am ordinäre Budget 620.238 Euro an am extraordinäre Budget 100.000 Euro.

Dës Zomme bestinn an éischter Stell doranner fir de Fonctionnement vun de Projete vum CIGL, dat heescht den Ënnerhalt vu verschiddene Spillplazen a Gréngflächen, d'Geschirkëscht, de Cyberhall mam Bicher Cube, d'Épicérie solidaire an de „Jardin solidaire“ ze assuréieren.

Doriwwer eraus ass de ProActif am Fond-de-Gras täteg. Dës Équipe baut ee weideren Atelier, renovéiert al Eisebunns-material a mécht Ënnerhaltsaarbechte laanscht d'Gleiser um Tëtelbierg.

Schlussendlech kommen ech op d'Revisioun vun eisem „Plan d'aménagement général“ ze schwätzen. Well elo endlech mam neie Gesetz déi legal Basis fir d'Iwwerschaffe vum PAG geschaf ginn ass, ginn d'Aarbechte fir dësen iwwerschaffte PAG, déi schonn eng Rei Joeren amgaange sinn, an d'Schlussphas. De Gesamtkäschtepunkt vun dësem neie PAG mat all sengen noutwennegen Études – déi strategesch Ëmweltprüfung, d'Verkéiersétude, asw. – beleeft sech elo viraussiichtlech op iwwer 450.000 Euro. Eng enorm Zomm fir ee PAG, wou vläicht am Verglach mam ale PAG e puer punktuell Ännerunge gemaach goufen, wou awer schlussendlech keng grouss Modifikatioune méiglech sinn. Mir wäerten nach d'nächst Woch d'Méiglechkeet kréie fir am Detail beim Vote vum adaptéierten Devis op dëse Punkt ze schwätzen ze kommen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dir Dammen an dir Hären. De Buergermeeschter huet Iech elo grad déi finanziell Eckdate vum rektifizéierte Budget 2012 a vum initiale Budget 2013 virgestallt. Wéi schonn um Ufank gesot, presentéiert sech esouwuel de rektifizéierte Budget 2012 wéi och den initiale Budget 2013 an engem neie Gewand, an enger neier Dimensioun.

Speziell de Budget 2013 huet en neie Look a reit sech zudeem an an d'Perspektiven an d'Deklaratiounen, déi de

Schäfferot dem Gemengerot a sengem Fënnefjoeresplang matgedeelt huet.

U mir wier et elo, Iech e puer Erklärungen ze ginn iwwer déi Gebidder, fir déi ech zoustänneg sinn. An um Ufank e grousst Kompliment un all déi Beamten, déi un dësem Budget matgeschafft hunn. Et war net einfach, mat der neier Nomenklatur a mer hoffen alleguer, keen Artikel vergiess ze hunn. Och meng Kollegen am Schäfferot e Merci, fir datt mer een Dokument virleien hunn, dat liicht ze verstoen ass an duerch déi Libelléen, déi di eenzel Artikel begleeden, och net méi vill weider Erklärunge brauchen.

Ech kucken elo mat Iech zesummen op d'Personal, den Tourismus an d'Kultur, d'Jumelagen, eis Relations publiques a Kommunikatioun, d'Waasser an d'Ofwaasser souwéi d'Stroossen an d'Plazen souwéi hir Infrastrukturen, eis ëffentlech Zeremonien a Fester, d'Auslänner an déi wirtschaftlech Aktivitéiten an déi, déi iwwer d'Grenz ginn.

Personal:

Am Laf vum Joer 2012 hu mer 11 Départe bei eisem Personal festgestallt, mä eng Rekordzuel vu 57 neien Aarbechtsplaze geschaf, wouvunner der de Moment 46 scho besat sinn.

Mer hunn elo e Kader vu ronn 354 Mataarbechter, an dat an eisen administrativen an technesche Servicer, an eise Regiebetriber, der Musekschoul, de Maisons Relaisen, de Schwämmen, am Office social, dem Service médico-socio-scolaire an bei eisen „agents municipaux", dovunner 41,20% Männer an 58,80% Fraen. D'Egalitéit ass scho laang do, a wäert an deenen nächste Joere garantéiert bleiwen.

Mir hunn am Statut 90 Beamten oder Gemengenemployéen, 96 Privatbeamten an 168 „salariés". Och do ass d'Egalitéit praktesch do.

Eisen Organigramm, dee besteet, gëtt Ufank 2013 kompletéiert wann de Kader komplett besat ass, a gëtt dann un d'Membere vum Gemengerot ausgedeelt. Elo scho kritt all Gemengerot e Katalog a Listing mat Fotoen an Nimm vun all eise Mataarbechter souwéi hir Affektatioun.

Wann een iwwer 350 Mataarbechter beschäftegt, dann ass een net nëmmen dee gréissten Arbeitgeber aus der Gemeng, mä da verwalt een och iwwer 350 mënschlech an individuell Problemer a Konflikter. Dat kascht vill Zäit an och Nerven, muss awer sinn a leeft de Moment gutt, well de Schäfferot sech mat Zäite kloer Regelen an Direktive gesat huet. Eng vun deenen ass, den Absenteismus ze géréieren an net nëmmen all Fatalitéit unzehuelen. Eng aner ass, bei all Neiastellung, sech Zäit ze huele fir op Grond vun engem Profil an de Kandidaturen eng „présélection sur dossier" ze maachen an dann no enger éischter Sélectioun individuell Gespréicher oder esouguer Tester ze maachen. Domatter hu mer d'Garantie, datt mer motivéiert an engagéiert Mataarbechter fannen. D'Zäiten, wou eleng eng Parteikaart gezielt huet, sinn domatter definitiv eriwwer. Och kréien déi meescht vun eise Mataarbechter regelméisseg Geleeënheet, sech bei enger interner Ausschreiwung op eng aner, vläicht besser oder méi attraktiv Plaz, ze mellen.

Mä och de jonke Chômeuren, Studenten, Apprentien a Persoune mat reduzéierter Aarbechtskapazitéit, oder Leit, déi an enger Réinsertiounsmoossnam sinn, gëtt eng Chance hei an der Gemeng ginn.

Mir beschäftegen de Moment an eise Betriber:

- 1 Stagiaire vum SNJ
- 8 CAE (Contrat d'appui emploi)
- 11 Mann an eisem Service RMG
- 14 Leit mat engem „Contrat d'apprentissage"
- 2 Leit an enger Beschäftegungsmoossnam iwwer *Défi-Job*
- 2 Leit iwwer eng „mise au travail"

Zesummen also 38 Persounen, déi nach zousätzlech mussen encadréiert an animéiert ginn. Dës grouss Zuel vun externen, net fest ugestallte Mataarbechter gëtt och ze bedenken, wat eisen normalen Déngscht un eise Matbierger ubelaangt a féiert dozou, datt mer an de Grondaufgabe vun der Gemeng eng méi permanent a fest Ustellung musse virgesinn. Dofir wollte mer de Kader am Service Hygiène et Eaux ëm eng permanent Plaz vergréisseren.

Dësweideren hu mer am ordinäre Budget e Kredit vun 10.000 Euro virgesi fir eng nei Strategie vun der Formatioun fir eis Mataarbechter virzegesinn. Si bis elo d'Formatioune bal ausschliisslech iwwer den INAP an der Stad gelaf, esou sollen elo am Joer 2013 geziilt a spezifesch Formatiounen direkt hei an der Gemeng fir eis Mataarbechter lafen.

E weidere Modul Wiges fir d'„gestion des stocks personnels" ass och am Programm virgesi fir anzekafen, an d'Mass vun de Gehälter „en nature" (Aarbechtskleedung) beleeft sech op 21.000 Euro.

De Projet "Nei zentral Garage" gëtt nach ëmmer verfollegt a kéint, esou wéi d'lescht Joer schonn ugedeit, dat nächst Joer an d'Realisatiounsphas kommen.

Relations publiques – publications communales – jumelages:

De Kontakt zum Bierger, d'Informatioun an d'Déngscht-leeschtung bleiwen nach ëmmer eent vun eisen ieweschte Geboter. Mir schéngen och do nach ëmmer am Spëtzepeloton vun de Gemenge matzemëschen, well mer lafend Ufroen a Visite vun anere Gemenge bei eis hunn. Mä et soll ee sech jo bekanntlech net mat eppes zefridde ginn, mä weider wierken. Dat maache mir, zesumme mat eisem Partner SIGI wat nei Technologien an nei Kommunikatiounsméiglechkeeten ubelaangt.

Dir hutt de Moment schonn um Portal vun der Gemeng Péiteng – nieft allen Informatiounen iwwer Reglementer, Formularen, asw. – och ganz interessant Linken op:

*Ma commune* – fir vill administrativ Demarchen,

*Lifestream* – fir wichteg Informatiounen,

e Site *Patrimoine et commerce* – dëse Site bedreiwe mir zesumme mat Luxmap,

eng *Webcam* a d'*Wiederprognosen,*

*Petange TV.*

An et kommen nach derbäi Linken op eisen neie Site WAX. Mir si staark an den Aarbechtsgruppe vum Sigi vertrueden a wäerten och nach aner Neierunge bei eis aféieren esoubal se sécher an einwandfrei funktionéieren an och dem Bierger eppes wesentlech Besseres unzebidden hunn. D'Zil soll sinn, esou wäit wéi méiglech ville Bierger de Genoss vun Neierungen oder Hëllefen unzebidden, an net nëmmen enger spezialiséierter Élite. Net all Mënsch ass gutt oder gëtt e Computerfreak. Dofir fleege mir och nach den Teletext, de Videotext an den Info-Kanal, wou mir 15.000 Euro investéiere fir den Info-Kanal ze digitaliséieren.

Dësweidere sinn 200.000 Euro virgesi fir an d'Interkonnexioun mat optescher Fiber ze investéieren. Dat wäert och nach an deem nächste Joer esou weidergoe fir datt mer, Uertschaft fir Uertschaft, eis Haaptgebaier, eis Zentren, Schoulen, Maisons Relaisen oder Sportshale matenee verbanne kënnen an ouni friem Hëllef oder deier Uschlëss mateneen an doriwwer ewech no bausse kommunizéiere kënnen.

Mir wëllen och weiderhin de Bierger regelméisseg e Bilan virleeë wat mat de Gemengesuen alles geschitt, déi eis uvertraut ginn. Dat selwecht geschitt mat der Aktualiséierung vun eisem *Guide du citoyen* an engem neien Aband wa gewënscht. Eng Versioun an däitscher Sprooch ass op Demande hi méiglech.

Déi aner Publikatiounen ewéi *Meng Gemeng* oder *Péiteng Aktuell* kommen zu deenen ugekënnegte regelméissegen Termäiner eraus.

Bierger- an Informatiounsversammlunge gi regelméisseg weider organiséiert an dëst am Kader vu gréissere Stroosseschantercher, gréissere PAPen an dem neie PAG.

Wat eis Manifestatiounen an Zeremonien ubelaangt, esou fuere mer mat deene beschtbekannten Organisatiounen, déi gutt funktionéieren, virun:

*Rentnerfeier* – mir hunn d'lescht Joer eng Ëmfro gemaach a versichen, eis de Wënsch vun eise Rentner unzepassen,

*Journée des Méritants* – bleift an hirer Form a mat 15.000 Euro am Budget,

*Journée du Grand Âge* – idem mat ronn 5.000 Euro.

Mir ginn och regelméisseg, wann dat gewënscht ass, deene Persounen heem gratuléieren, déi 90, 95 oder 100 Joer al ginn. Organisatiounen, déi d'Gemeng selwer organiséiert, schloe mat 25.000 Euro zu Buch.

Déi ëffentlech Fester, an dat begräift all eis Receptiounen (Gedrénks a Personal) bleiwe mat 55.000 Euro am Budget. Dës Rubrik ëmfaasst och eisen Neijoersempfang, d'Personalfest LaPeRo, d'Navetten op déi eenzel Manifestatiounen an och sämtlech Fändelen un eise Gebaier.

Eis zwee offiziell international Jumelagë sinn 1992 an d'Liewe geruff ginn an hunn dëst Joer 20 Joer gefeiert. Mir sollen dowéinst nach 2013 offiziell op Maribor ageluede ginn. D'Bilanz, déi gezu ginn ass, ass kloer an nüchtern: mir leien ze wäit auserneen, de Wee vun engem bis bei deen aneren ass laang, an et ginn och nach ëmmer Sproochebarrièren. Den touristeschen Aspekt bleift interessant duerch d'Ëmgéigend, mä dat ass och alles ausser Frëndschaften, déi sech mat der Zäit entwéckelt hunn. Déif an eis Bevëlkerung, an eis Veräiner, sinn dës Jumelagen net gaangen.

Et stinn nach 30.000 Euro (10.000 manner ewéi 2012) am Budget fir déi Kontakter, déi nach bestinn, ze fleegen, mä och fir, aus der Erkenntnis vun deene leschten 20 Joer eraus, nei Kontakter an der Groussregioun emol ze probéieren.

Tourismus a Kultur:

D'Promotiounsstrukture vum kommunalen a regionalen Tourismus, déi ech schonn d'lescht Joer op dëser Plaz analyséiert hat, loosse sech lues a lues erkennen. Den *Office National du Tourisme* funktionéiert scho méi laang als nationalen a regionalen Dréier, et ass elo hei am Süden nach een *Office Régional du Tourisme* mat Sëtz zu Esch derbäi komm. Deen huet, ë.a. d'Missioun, touristesch Attraktivitéiten hei am Süden an och an eiser Gemeng an an der Grouss-regioun opzeleëschten an ze vermaarten.

Dat bedéngt, datt déi lokal Dréier vum Tourismus hei an der Gemeng - eis Syndicat d'initiativen, eisen Interesseveräin, eise „Parc Industriel et Ferroviaire" vum Fond-de-Gras, mä och nei Dréier ewéi de Centre WAX, déi Rollenger Millen, mä och den nationale Keelenzenter, d'Tennisstrukturen, d'Fräizäit-strukturen asw – sech lues a lues op eng méi professionell Zesummenaarbecht astelle sollen. Éischt Initiative wäerten am Laf vum Joer 2013 vun eiser Gemeng aus geholl ginn. All dat ass néideg fir datt déi Perspektive vun engem Jugend- a Familljenhotel am Doihl, den Ausbau vum Site WAX mä och vun der Péitenger Millen an eis touristesch Siten an Attraktivitéiten, déi bestinn, och an der Zukunft nach lieweg bleiwen. Mä och, datt den neien ORT eng wierklech Hëllef fir eis Attraktivitéite ka ginn an net nëmmen en Instrument fir d'Regioun ronderëm Esch.

Dofir muss ganz einfach um Terrain vun eiser Gemeng eng kohärent Politik ugestrieft gi fir all déi Acteuren, déi mam Tourismus verbonne sinn an déi ech virdrun opgezielt hunn, mä och nach anerer ewéi d'Entente, de Geschäftsverband, de „Comité des entrepreneurs" asw un engem eenzege Strack zéien ze loossen an e gemeinsamt touristescht Zil unzepeilen.

Dofir ënnerstëtze mir schonn e puer Joer, am Kader vun engem Partenariat, all gréisser Organisatiounen, déi iwwer d'Gemeng erausginn. Och dofir sinn dëst Joer ënner dem „Support d'organisations communales" 60.000 Euro virgesinn. Mir sinn och bereet, déi touristesch Infrastrukturen, déi bestinn, ze stäipen an ze ënnerstëtzen, esou wéi een neien Atelier um Site vun der AMTF am Fond-de-Gras, dee mir z.B. mat 80.000 Euro am Joer 2013 ënnerstëtzen. Mir bleiwen och weider fiederféierend am Kader vum „Parc Industriel et Ferroviaire", wou mer mat der Gemeng Déifferdeng eng professionell Marketingstruktur bedreiwen, déi wäertvoll ass an eis nei Perspektive ka ginn. Mir mussen och dofir suergen, datt vun eiser Säit aus dat néidegt Propaganda-, Circuits- oder lokaalt Informatiounsmaterial zur Verfügung steet. Dofir hu mer dëst Joer scho verschidden touristesch Dépliante vun eiser Gemeng entworf, déi och nach am Joer 2013 erweidert ginn. Dës touristesch Mappe sti bei all gréisser Receptiounen a Konveniater esou wéi an den Hotelsstrukturen zur Verfügung.

Eng 50.000 Euro stinn dofir am Budget a sollen als Resultat hu fir lues a lues interessant touristesch Packagen opzebauen a bäizeleeën.

De Projet *Indutiomaros* ass weider ausgebaut ginn. Nom klengen Trickfilm kënnt elo och nach e Molbuch dobäi, eng Maskottchen esou wéi d'nächst Joer e Buch fir eis Jugendlech a Kanner. Domatter hätte mer dann dat noutwennegt instruktivt and éducativt Material esou gutt dem Léierpersonal ewéi den Éducateuren zur Verfügung gestallt.

No dem Ufank um Tëtelbierg sollen dann an deenen nächste Joeren nach weider lokalhistoresch interessant Episoden un eis Schoulkanner erugedroe ginn. Sou kann da lues a lues dee kulturellen Deel an dee méi touristesche fléissen.

De Promotiounsfilm iwwer eis Gemeng huet eng liicht Verspéidung krut duerch Problemer beim Réalisateur, gëtt awer elo den 23. Dezember virgestallt an dann och touristesch agesat.

Mir hunn dem Kulturministère an dem Service Sites et Monuments eist Konzept vun enger Exploitatioun vun der aler Rollenger Millen ënnerbreet a waarden elo op hir Stellungnahm. Et stëmmt och, datt mer nach keng gréng Luucht vun der „Sécurité dans les bâtiments publics" hu wat den Zougang vun dësen ale Gemaier fir Kanner mat sech bréngt. Hei soll en didakteschen, touristeschen a pädagogesche Site entstoe mat der Hëllef vun der Naturschoul vu Lasauvage, dem Léierpersonal aus der Gemeng, dem ProActif an dem „Parc Industriel et Ferroviaire". Zil ass et, dat Haus zougänglech ze maache fir Schoulklassen, interesséiert Gruppen, Konveniater an aner Leit, déi gären d'Mille besichen an eventuell e Produkt vun der Mille wëlle schmaachen. De Stat bleift Propriétaire vun deem Site, mir gi Locataire a Concessionnaire. Mir waarden elo op déi lescht Erkenntnisser an Autorisatiounen.

D'Waxweiler Millen hei zu Péiteng ass um Enn 2012 a Betrib geholl ginn an huet hir Aktivitéiten opgeholl. Hei ass jo eng

soziokulturell Plaz vu Konschtgestaltung an Treffpunkt vu Generatioune geschaf ginn. Déi funktionell Strukture sinn an d'Liewe geruff ginn an Dank der neier *Konschtmillen asbl* lafen do elo scho flott Aktivitéiten, déi och fir d'nächst Joer programméiert sinn. Mir ënnerstëtzen d'*Konschtmillen asbl* mat engem Subsid vu ronn 30.000 Euro.

D'Fäerdegstellung vun deem Deel, deen elo scho funktionéiert, steet am rektifizéierte Budget vun dësem Joer mat 675.000 Euro an den Ausbau op d'Rout Haus hi steet do mat 500.000 Euro. Fir dann dës Entrée a Péiteng era komplett an attraktiv ofzeschléissen hu mer wëlles, an d'Achs vum rouden Haus vum Site Wax – an als Ergänzung zum amerikanesche Monument an dem Square Adolf Berens – eis nei Skulptur ze setzen, déi ursprénglech méi wäit op der avenue de l'Europe sollt sinn. Dës Skulptur an d'Erneierung vun der Entrée zur Skatepist an der Promenade schloen am Budget mat ronn 165.000 Euro zu Buch a leien domatter an där Proportioun, déi an d'Konscht soll bei all gréisser Neibauten investéiert ginn (2% vum Investissement um Site Wax).

Weider stinn nach an eisem Budget Kreditter fir d'Uschafe vu Konschtsaachen (5.000 Euro) ewéi fir Chalete fir eis Manifestatiounen dobaussen (8.000 Euro) an eng deelweis nei Chrëschtbeliichtung (50.000 Euro).

Affaires économiques et classes moyennes – Affaires régionales:

Mir stounge lafend a Kontakt mat dem Wirtschaftsministère mä och mat der Ëmweltverwaltung fir dräi Geschäftszonen an eiser Gemeng esou séier wéi méiglech attraktiv a viabel ze maachen. Mir hunn dat och ënnerstëtzt kritt vun dem Büro vum Sikor, deen dës Zone jo soll verwalten, wa se mol bis do sinn. D'Gedold geet elo duer, an dat Hin an Hir-Gespills vum Ball tëscht der Wirtschaft an der Ëmwelt geet elo duer. De Sikor, zesumme mat deene 4 Schäfferéit aus de Kordallgemengen, wëll elo Ufank 2013 op d'Strooss goe wann net bannent kuerzer Zäit verbindlech Weeër, déi och nozevollzéie sinn, ausgemaach ginn.

Kënne mer eis et wierklech leeschten, Investisseuren, déi virun der Dier stinn, systematesch iwwer Joeren ofzeweisen oder waarden ze loossen? Da schéngt et eis jo nach ganz gutt hei am Land ze goen. Et ass net méi zoumuttbar, datt mir eng Lëscht vu Betriber, déi sech bei eis wëllen usidelen an Aarbechtsplaze matbréngen (mir schätzen iwwer 500 fir déi dräi Zonen), scho joerelaang duerch Prozeduren, Buerungen, Verseuchungen, Flëntermais oder Kompensatiounen an Étudë waarde loossen. Mir bleiwen trotz allem nach optimistesch an hu 60.000 Euro am Budget fir de PAP an d'Kommodo-Prozeduren am "Grand Bis" virgesinn.

Nieft eise gudden a regelméissege Kontakter mat de Kordallgemenge si mer eis bewosst, datt d'Grenzen net méi do si wat d'Kollaboratioun an déi regelméisseg Treffen a Konsultatioune mat eise belschen a franséischen Noperen ubelaangt. Esou fanne mer ëmmer gemeinsam Plattforme wa mer iwwer d'Kultur, de Sport oder den Tourismus schwätzen, oder wann et drëm geet déi illegal „gens du voyage", déi zënter Méint um Terrain vun eiser Gemeng campéieren, nees lass ze ginn.

Etrangers:

Mir sinn eis bewosst, datt mer an enger multikultureller Gesellschaft liewen, dobäi och nach an engem Dräilännereck a mat ville Grenzgänger konfrontéiert ginn. Et wunne bal 47% Friemer an eiser Gemeng mat bal 90 verschidden Nationalitéiten a mat enger steigender Tendenz aus dem Balkan-Raum.

Mir sinn eis och eiser Verantwortung als grouss Gemeng bewosst, waren averstanen, temporaire Strukture fir Immigranten an eiser Gemeng unzehuelen, a si bereet, fir iwwer méi konstant an esouguer permanent Strukturen ze schwätzen.

Wat eisen deeglechen Ëmgang mat eise frieme Matbierger ubelaangt, esou versiche mer do, an deenen nächste Joere Brécken ze schloe woubäi d'Lëtzebuerger Sprooch, d'Matwierken a sportlechen a kulturelle Vereenegungen an der Gemeng Haaptzilpunkte sinn.

De Kontakt zu den auslännesche Matbierger soll, wann dat méiglech ass, méi einfach a méi direkt gestallt ginn. Virausgesat, de Wëllen zur Integratioun ass och kloer ze erkennen. Mir wäerten e Programm fir e puer Joer opbauen a kontradiktoresch dann och d'Moyenen an d'Resultater dovunner diskutéieren.

Nieft der Verdueblung vum Kredit vu 5.000 op 10.000 Euro sti jo och nach verschidde Mëttelen an eise Kommunikatiouns-artikelen op. Vergiesse mer net, datt mer de Moment schonn d'Bedeelegung un de Lëtzebuerger Sproochecourse finanziell ënnerstëtzen.

Stroossen, Plazen an Infrastrukturen:

Wat geschitt an eise Stroossen a Plazen am Joer 2013?

Zu Péiteng:

An der rue des Ateliers gëtt de Sanéierungsplang zesumme mat der Gemeng Käerjeng fäerdeg gestallt a mir bezuelen eis Deel.

An der rue de l'Eglise gëtt zesumme mat de Ponts et Chaussées en neie Projet ausgeschafft; mir maachen d'Virétude fir 20.000 Euro.

An der rue des Champs fänken d'Aarbechte fir eng Erneierung un an dofir ass e Kredit vun 200.000 Euro virgesinn.

An der rue Bommert sinn nach Onkloerheete wat d'Besëtzrechter ugeet, an déi musse gekläert ginn ier de Projet ka gemaach ginn. Kredit: 10.000 Euro.

An der Cité Jenken fänkt den 2. Deel vun der Erneierung vun dem Elektreschen un. Kredit: 138.000 Euro.

An der rue Belair gëtt de Projet ausgeschafft fir dës Strooss an hir Infrastrukturen ze erneieren esoubal de Waasserbasseng um Hierschbierg fäerdeg ass. Kredit: 50.000 Euro.

D'Pose vun enger Iwwerflächewaasseraxs an der Nidder-kuererstrooss an och Ausberre vun den Infrastrukturen. Kredit: 50.000 Euro.

Reprofilage vun dem Weissenbrill, vun der rue Pierre Gregoire, der rue Charlotte an der rue Marie-Adelaïde.

Zu Rolleng:

Tëscht der rue de la Montagne an der rue du Vieux Moulin gëtt e Reprofilage vum Belag vum Feldwee gemaach.

Zu Rodange:

An der rue Jos. Philippart fuere mer viru mat den Aarbechten. Et stinn dofir 1,1 Milliounen Euro am Budget.

An der rue Guillaume an an der rue Adolphe kënnt en neie Reprofilage vum Belag.

D'Mauer ronderëm de Kierfecht an dem Park gëtt ausgebessert a verstäerkt.

Am Brouckerwee gëtt d'Elektresch an d'Antenn nei verluegt. Mir bezuelen do eisen Deel vun 330.000 Euro.

Fir en ënnerierdesche Parking ze plangen um Parvis vun der Kierch sti 40.000 Euro am Budget.

Verschidde Foussgängerpassage gi behënnertegerecht gemaach andeems d'Borduren erofgesat ginn (25.000 Euro), a verschidde Foussgängerpassage gi speziell ausgeliicht (30.000 Euro).

Waasser an Ofwaasser:

Mir hunn de Moment schonn am 3. Joer eng käschtendeckend Politik am Waasser an Ofwaasser a mussen elo, no dësen Erfahrungswäerter, zesumme kucken, ob de Wee richteg ass. Dat mécht de Moment eis Waasserwirtschaftsamt, an déi lokal Dréier (Siach a Sebes) maachen dat op hirer Säit grad esou wéi mir als Gemeng.

Am Budget 2013 steele sech dës 2 Posten esou vir:

Waasser

| | |
|---|---|
| Uerdentlech Recetten: | 2.210.500 Euro |
| Uerdentlech Ausgaben: | 1.790.863 Euro |
| Ausseruerdentlech Recetten: | 151.377 Euro |
| Ausseruerdentlech Ausgaben: | 493.000 Euro |

Dat schéngt nach de Moment am Gläichgewiicht ze sinn. Et muss een awer dovunner ausgoen, datt déi ausseruerdentlech Recetten exklusiv d'Subventioune vum Stat sinn, an déi wäerte méi kleng ginn.

Fir d'Joer 2013 hu mer nach eng lescht Tranche vu 400.000 Euro fir d'Fäerdegstelle vun eisem neie Basseng um Hierschbierg zu Péiteng ewéi 50.000 Euro fir nei Haususchlëss a 15.000 Euro fir déi regelméisseg Inspektioun a d'Botze vun de Leitungen, déi bestinn.

Beim Ofwaasser gesäit et finanziell net esou roseg aus.

| | |
|---|---|
| Uerdentlech Recetten: | 2.909.000,00 Euro |
| Uerdentlech Ausgaben: | 2.107.088,00 Euro |
| Ausseruerdentlech Recetten: | 0,00 Euro |
| Ausseruerdentlech Ausgaben: | 1.383.854,19 Euro |

Do gesi mer schonn e kumuléierten Defizit an et sinn nach gréisser bedeitend Investissementer ze maachen ewéi den definitiven Uschloss vu Rodange-Fonderie, mä och den Ausbau vun der Kläranlag selwer.

De Siach alleng huet a sengem Beräich Projete vu bal 80 Milliounen Euro, an d'Waasserwirtschaftsamt an de Ministère soen, si hätten nëmme méi 20 Milliounen an hirem Fong fir ze subventionéieren. Dat wieren am Verglach 25%, wou mer gewinnt ware fir 90%, 75% oder 60% bis ewell ze kréien. Dat ginn nach batter Diskussiounen.

Mir hu fir 2013 eisen Deel um extraordinären Invest am Siach mat 976.941,65 Euro opgelëscht. Dorënner si Projeten, déi de Siach fir d'Gemeng Péiteng mécht, mä och déi Projeten, déi mer selwer wëlles hunn ze realiséieren:

De Fonçage op d'Nidderkuererstrooss zu Péiteng (50.000 Euro).

D'Sanéierung vu Rodange-Fonderie (50.000 Euro).

D'Ausbesserung vum Kanal an der Parkstrooss zu Péiteng (50.000 Euro).

D'Sanéierung vum ënneschte Basseng vun der Kor (50.000 Euro).

D'Ausbesserung vum Kanal an der Lonkecherstrooss zu Rodange (82.000 Euro).

En neie Mëschkanal gëtt an engem Deel vun der Cité CFL zu Péiteng verluecht (100.000 Euro).

Mir hunn donieft och nach eng 1.500 Kanalschächt ze ënnerhalen an och eng 24.000 Avaloiren a Syphonen. D'Inspektioun an d'Botzen dovunner schléit am Joer mat 150.000 Euro zu Buch.

D'Erneierung vun den Deckelen, Avaloiren asw. an der Lonkecherstrooss zu Péiteng an an der Adolphe-Strooss zu Rodange belafe sech op 260.000 Euro.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären, d'Verscholdung vu Griicheland, „Abhör"-Skandaler zu Lëtzebuerg, Lëtzebuerger Krisen- a Spuermoossnamen dominéieren an de leschte Wochen d'Aktualitéit. Ëmmer erëm d'Kris, d'Kris huet Lëtzebuerg erreecht, d'Kris ass hei ukomm. Jo, d'Kris hannerléisst zu Lëtzebuerg genee wéi an de weideren europäesche Länner hir Spueren. An och mir mussen eis drop astellen. Mä och a Krisenzäiten hu mir Verantwortunge géintiwwer eise Matbierger, mir musse weiderhin investéieren, erneieren, am Sënn vun enger gudder Liewensqualitéit an eiser Gemeng. Mir mussen eis Ausgaben a Kontroll halen, eis um Fënnef-joeresplang orientéieren an hoffen, datt ganz grouss onangenehm Iwwerraschungen ausbleiwen. Nëmmen dann hu mir d'Méiglechkeet, eis Pläng an d'Wierklechkeet ëmzesetzen.

Mir hunn am leschte Joer eng Rei interessant Projeten zu Enn bruecht. Ganz rezent d'Waxweiler Millen, e kulinareschen Treffpunkt. D'Konschtmille soll sech zu engem nationalen an internationale Kënschtlertreffpunkt entwéckelen. En ausser-gewéinleche Bau ass natierlech den Nationale Keelenzenter, wou d'Weltmeeschterschaft am Keelesport fir 2013 schonn ugesot ass. Den Tennis huet duerch déi flott iwwerdaachte Felder erëm d'Méiglechkeet, senge Spiller eng Ganzjoeres-saison unzebidden.

D'Aarbechte fir d'„mise en conformité" vun der Péitenger Sportshal gi weidergefouert. De groussen Ausbau vun der Rollenger Schoul erfuerdert vun de Léierpersounen an de Schüler nach emol Gedold bis e fäerdeg ass. Den Neibau vum Précoce zu Rodange an d'Alterswunnenge wäerte fir Enn Fréijoer prett sinn, d'Vergréisserung vun dem Éigent-Schoulgebai ass esou wäit ofgeschloss. Eng gréisser Envergure huet nach d'Erneierung vun de Schoulhäff.

E grousse Schantjen, dee vun der Maison Relais zu Péiteng, ass fäerdeg an zënter der Schoulrentrée ginn tëscht 250 an 300 Kanner an dat fuschneit Gebai.

Villes ass nach an der Maach, aner nei Planunge si schonn erëm am Gespréich.

D'Analys vum Budget huet de Buergermeeschter eis duergeluecht, esou datt mer do am Bild sinn. Déi Departementer, déi mir ënnerleien, bezéie sech op d'Famill, déi sozial Wunnengen, d'Wunnengen, déi mer verlounen, d'Fräizäit, d'Kannerbetreiung, d'Jugend, d'Gesondheet, d'Chancëgläichheet an d'Musekschoul.

Gëtt de soziale Volet ernimmt, da klammen d'Erwaardunge vun den Demandeure ganz staark. Entsprécht d'Hëllef net den Erwaardungen duerch d'Barrièrë vu Gesetzer oder kommunale Reglementer, esou ass d'Enttäuschung net ze verkennen. An eiser Gemeng hëllefe mir esou wäit an esou vill wéi eis Reglementer a Gesetzer et zouloossen. Eise Budget musse mer an deem Beräich ganz genee uwennen a kontrolléieren. Sief dat am Kannerberäich, bei deene Jugendlechen oder bei deenen eelere Matbierger.

An dëse Beräich fält och d'Ënnerstëtzung vun der Familljecommissioun, déi regelméisseg Comitéen, Suggestiounen an Aktivitéiten op d'Bee bréngt, déi zum Beräich „famille, personnes âgées et handicapées" passen. Ëffentlech Konferenzen iwwer Themen, déi dës Kommissioun behandelt, si mat ausgesichte Spezialisten ofgehale ginn a

wäerten och 2013 nees an der Organisatioun festgehale ginn.

Wann ech d'Familljepolitik ernimmen, komme mer ganz sécher och d'Aarbechtsplazen an de Sënn. Eis Gemengebetriber brénge vill Aarbechtsplazen ervir. Dëst bréngt och Zefriddenheet mat sech. Ech denken un déi héich Zuel vu geschafenen Aarbechtsplazen, déi alleng an de leschte Méint am Kader vun der Inbetriebnahm vun der neier Maison Relais Péiteng 37 zousätzlech Persounen eng sécher Schaff ginn hunn.

Bei de Sozialwunnenge muss ech un eis manner bemëttelt Bierger denken. Fir dës Wunnenge stinn ordinär Ausgaben an der Héicht vun 113.277 Euro am Budget. Dat heescht, den Ënnerhalt, verschidde FourNituren, d'Peie vun eise Leit, déi ordinär Recetten esou wéi d'Loyere mat de Charge chiffréiere sech op 105.824 Euro.

Eis Logementer, déi mer verlounen, bréngen eis ordinär Recetten an der Héicht vun 183.522,28 Euro eran. D'Käschten dofir hu mir bei den ordinären Ausgaben an der Héicht vu 75.000 Euro.

2013 falen extraordinär Ausgabe fir d'Fisch-Haus un, wou mir eng „détection d'incendie et d'intrusion" abaue loossen, déi eis 20.000 Euro wäert kaschten.

An der Kannerbetreiung hu mer zwou konventionéiert Crèchen, wou 120 Klenger vun 0 bis 4 Joer daagsiwwer vun diploméiertem Personal betreit ginn. Mir hunn d'Verwaltungskäschte vun de Crèchen u jee eng Asbl weidergeleet. Mir iwwerhuelen am ordinäre Budget bei den Ausgaben d'Fonctionnementskäschten an der Héicht vu 60.116 Euro. Den extraordinäre Budget gesäit 2013 eng Ausgab vu 34.000 Euro fir d'Refektioun vun der Terrass an der Villa Bambi vir. D'Personal gëtt iwwer eng nei Konventioun mam Stat direkt bezuelt, mir sinn awer am Verwaltungsrot vun de Crèchë vertrueden.

Mir erwaarde fir 2013 nach e Subsid fir d'Crèche Kordall fir d'Virfinanzéierung vum Mobiliar an dem didaktesche Material an der Héicht vun 215.000 Euro an den extraordinäre Recetten.

Fir déi 500 Kanner, déi an eise Maison Relaisen daagsiwwer e Relais – esou wéi den Numm et seet – tëscht dem Familljenhaus an der Schoul fannen, stinn 3.161.442 Euro am Budget bei den ordinären Ausgaben. Dozou kommen nach 73.000 Euro fir den Transport an de Schoulrestaurant, déi ënner der Grondschoul opgefouert sinn. 480 Euro si vermierkt fir d'Loune vun enger zousätzlecher Parkplaz zu Rodange. Dëst ass de ganzen Ëmfang vun de Fonctionnementskäschte vun dësen Haiser, d.h. d'Personal, d'Iessen, den Transport, d'Aktivitéiten, d'Vakanzaktioun, déi mat 40.000 Euro an eisem Budget steet, an d'Projeten.

Dovunner ofzezéie sinn d'Sue vun den Elteren, déi sech op 471.220 Euro belafen. Vum Familljeministère erwaarde mer eis eng Participatioun vun 1,690 Milliounen Euro.

Déi extraordinär Ausgaben an der Héicht vun 864.350 Euro belafe sech op eng Tranche „de paiement sur bâtiment" am Kader vun deem neien Haus zu Péiteng.

Mir brauchen och en Auto fir de Portier, deen nominéiert ass fir déi dräi Siten. Dofir sti 15.000 Euro am Budget.

Well d'Waardelëscht schonn nees staark an d'Luucht geet, Rodange sech ganz séier als Uertschaft vergréissert, e Bau wéi eng Maison Relais eng gewëssen Zäit brauch bis se a Betrib ass, hu mir an dësem Budget 20.000 Euro fir Études agesat fir eng zweet Maison Relais zu Rodange ze bauen.

Am extraordinäre Budget erwaarde mer eis vum Ministère eng Recette fir de Virfinanzement vun der Maison Relais zu Péiteng vun 1.807.393 Euro a fir den éischten Équipement 120.000 Euro.

Eis Spillplazen – mer hunn der 22 an der Gemeng – kaschten eis am ordinäre Budget 35.000 Euro fir den Ënnerhalt. 19.000 Euro sti bereet fir extra Aarbechten. 30.000 Euro si berechent fir aner Spillplazen ewéi z.B. bei de Maisons Relaisen. Bei den extraordinären Ausgabe si 40.000 Euro ze ernimme fir d'Ausstattung bei de Schoulen an de sozio-edukativen Ariichtungen. 38.000 Euro kommen derbäi fir d'Ausstattung an d'Opriichte vu Spillelementer.

Mir hunn zwee Jugendhaiser fir déi Jonk tëscht 12 a 27 Joer an deenen och 4 Betreier schaffen. Mir hu bei den ordinären Ausgaben am Budget 175.000 Euro fir dat nächst Joer virgesinn. Vum Ministère kënnt déiselwecht Zomm nach eemol derbäi. Projete ginn a béiden Haiser ausgeschafft an och mat Erfolleg duerchgefouert. Dëst beweist déi zweet Plaz, déi schonn zweemol beim „Prix Mérite Jeunesse" beluecht gouf.

Bei den ordinären Ausgabe stinn nach emol 20.000 Euro fir Jugendaktivitéite (fir Jonker iwwer 15 Joer) mat de Kordallgemengen.

Mir suerge mat de Sportinfrastrukturen a kulturelle Veranstaltungen dofir, datt eis Jugend sech verstane fillt. Mat hinnen zesummen hu mir d'Erneierung vun der Skateboardpist geplangt. 130.000 Euro stinn dofir bei den extraordinären Ausgaben.

10.000 Euro stinn an den ordinären Ausgabe fir eis Jugendkommissioun, déi domatter eng ganz Rei flott Aktivitéite kann organiséieren. Ech ernimmen hei *Rock the South*, d'Jugendfest am Juli zesumme mat dem Jugendhaus, Kinosowender, *déi Jonk an d'Handwierk*, a fir 2013 nach en neie Projet an eiser Gemeng: e Jugendgemengerot ass virgesinn.

Mir hunn an eiser Gemeng och Jugendlecher, deenen et net esou gutt geet. Fir dës „Jeunes en détresse" gi vun der Asbl „La Main tendue" 4 Studioen an der Gemeng geféiert. Mir stellen dëser Associatioun, déi vill Aarbecht am Kader vum Bénévolat an eiser Gemeng leescht, d'Wunnenge fir de symboleschen Euro zur Verfügung.

Mir hunn eng Konventioun mam SNJ fir de regionale Büro am Kordall. 17.635 Euro stinn am ordinäre Budget bei den Dépensë fir de Loyer. Iwwer 100 Jugendlech hunn dëse Service dat lescht Joer – e funktionéiert eréischt zënter Mee 2012 – opgesicht fir am Volontariat nei Perspektiven ze kréien, an den Erfolleg huet net op sech waarde gelooss. 75% Erfollegsquot geet aus dem leschte Rapport ervir.

An den ordinären Ausgaben hu mer fir eis jonk Chômeuren 179.000 Euro stoen; fir d'Formatioun vun Apprentien an der Verwaltung 61.925 Euro; fir Apprentien an eise Regiebetriber nach emol 92.400 Euro. Mir hu 14 Apprentie an eise Servicer forméiert. Jonk Chômeuren hu mer an der Regel eng 10 bei eis schaffen. An den ordinäre Recettë kommen eis do awer zegutt: „aides au réemploi" mat 152.838 euro an d'„aide pour la formation d'apprentis" mat 63.890 Euro.

Déi ordinär Ausgabe fir déi jonk Chômeuren – wat d'Personal an d'„frais divers" ugeet – belafe sech op 110.439 Euro. Fir eis Studente sti fir d'Vakanzaarbechten 63.000 Euro an den ordinären Ausgaben.

D'Subside fir Schüler a Studente loosse mer eis an den ordinären Ausgabe 70.000 Euro kaschten.

Subventiounen u Jugendorganisatioune sti mat 16.000 Euro am Budget vun den ordinären Ausgaben.

D'Nightcard schléit mat 16.830 Euro zu Buch, eng Recette vu 4.000 Euro ass ze erwaarden.

D'Beschäftege vun de Studente fir d'Vakanzaktioun steet mat 40.700 Euro an den ordinären Ausgaben.

An den extraordinären Ausgaben hu mer 50.000 Euro virgesi fir en éischten Akkont vum Ëmbau vum Rodanger Scoutschalet. Eng Erneierung a Vergréisserung vum Chalet, wou mir eis als Gemeng am Kader vun der Jugendaarbecht, déi ënner der Regie vun de Scoute stattfënnt, bedeelegen, ass virgesinn.

De soziale Volet, déi vill Ënnerstëtzungen an Aktivitéiten, déi mir eiser Jugend ubidden, si wesentlech. Et läit un der Jugend fir dovunner ze profitéieren a fir sech de Wee an d'Erwuesseneliewe virzebereeden.

Wann ech vun der Musekschoul schwätzen, dann denken ech u 500 Schüler an 23 Chargé-de-Coursen, déi dacks méi wéi eng Kéier an der Woch de Wee an eng zousätzlech Schoul fannen. Déi ordinär Ausgabe si mat 1.763.844 Euro verbucht. Ech hunn do d'Subside fir d'„directeurs de chant et de musique" an der Héicht vun 67.425 Euro erausgehalen. D'Ausgaben erfaassen déi ganz Fonctionnementskäschte vun der Schoul, mat de Stagen, Concerten asw., also alles, wat zum Gelénge vun enger gudder Museksausbildung féiert, awer och d'Heizung an d'Elektresch vun de Proufsäll si mat verbucht. Verschidde Course ginn an deene Säll ofgehalen, well mir e Plazmanktem an der Schoul hunn.

Bei den ordinäre Recetten hu mer ze verbuchen: Aschreiwungen (76.000 Euro), Loyer vun Instrumenter (1.500 Euro). Vun den Nopeschgemengen – mir hunn eng Konventioun mat hinne fir déi Schüler, déi bei eis Instrumenter kënne léieren, déi net an hirer Gemeng ugebuede ginn - komme 4.000 Euro. De Stat iwwerhëlt 820.000 Euro vun den Ausgaben.

Ënnerstëtzt gëtt d'Musekschoul bei den Organisatioune vun den „Amis de l'Ecole de Musique" a vun der „Commission de Surveillance" an enker Zesummenaarbecht mam Direkter vun der Musekschoul.

Mir hunn an eisem Fënnefjoeresplang de Bau vun enger neier Musekschoul stoen a sinn a Gespréicher fir och an där Zäitspan d'Plangen an d'Realisatioun vun dësem Projet duerchzeféieren.

Fir d'Chancëgläichheet hu mir 15.000 Euro fir d'Joer 2013 an de Budget gestallt. Mir si gefuerdert Workshope fir eist villt neit Personal z'organiséieren an esou de Service um Bierger ze optimiséieren an eng gutt Zesummenaarbecht ze erméiglechen. Den Aktiounsplang fir eis Charta muss 2013 finaliséiert ginn. De „Boys' and Girls' Day" ass wéi all Joer programméiert, d'Kommissioun ass derbäi, d'Aktivitéiten an d'Suggestioune fir 2013 virzebereeden.

Wat d'Gesondheet ugeet, esou sinn an den ordinären Ausgabe 5.000 Euro virgesi fir Impfungen a medezinesch Tester. 3.400 Euro sti fir sozial a präventiv Medezin bereet. 18.000 Euro sti verbucht an den ordinären Ausgabe vun der Schoulmedezin, an zwar fir d'Honorairë vun den Doktere fir déi virgeschriwwe Kontrolle vun de Schüler.

An den extraordinäre Recettë gëtt eng lescht Tranche un d'Gemengen, déi am Syndikat vum *Hôpital Princesse Marie-Astrid* vertruede sinn, ausbezuelt. Fir eis Gemeng beleeft sech déi Zomm op 540.300 Euro. Mat dëser agréabeler Recette schléissen ech meng kuerz Explikatiounen zu menge Ressorten. Dir Dammen, dir Hären, ech hoffen iech genuch Opklärung duergeluecht ze hunn. Fir weider Renseignementer stinn ech gären e Méindeg zur Verfügung.

E Merci awer och un all déi Beamten, déi matgehollef hunn, dësen net einfache Budget mat der neier Nomenklatur opzestellen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dir Dammen an Dir Hären. Nodeems den Här Buergermeeschter Pierre Mellina eis op seng gekonnt professionell Manéier d'Analys vum rektifizéierte Budget 2012 an dem previsionelle Budget 2013 virgedroen huet an nodeems den Här Breyer an d'Madame Conter Erklärungen zu de jeeweilege Ressorten, déi si géréieren, ginn hunn, muss ech menger Aufgab als drëtte Schäffen och nokommen.

Nodeems mer explizit Erklärungen zu den uerdentleche Recetten an Ausgabe matgedeelt kritt hunn, wollt ech mech haaptsächlech op déi ausseruerdentlech Recetten an Ausgaben, déi en Deel vu menge Ressorte betreffen, beschränken.

Am rektifizéierte Budget 2012 ass eng Zomm vun 27.144.011,33 Milliounen Euro ënner ausseruerdentlechen Ausgaben agedroen. En décke Chiffer, dee beweist, datt am Joer 2012 grouss Projete realiséiert gi sinn an och nach amgaang sinn ausgeféiert ze ginn. Mir stelle fest, datt fir d'Joer 2013 ausseruerdentlech Ausgabe mat 22.513.059,19 Euro niddergeschriwwe stinn. Dat weist drop hin, datt och 2013 gréisser Aarbechte realiséiert ginn.

Déi ausseruerdentlech Recettë fir 2013 – mat plus minus 5,6 Milliounen Euro ageschriwwen – bestinn haaptsächlech aus Subsidiegelder vum Stat, déi hie bei ëffentleche Projete vun der Gemeng prozentual begleet.

Déi ausseruerdentlech Ausgabe fir 2013 – ronn 22,5 Milliounen Euro – bezéie sech op nei Projeten an op Projeten, déi nach am Lafe sinn an eréischt 2013 ofgeschloss ginn.

An der Rubrik Sport fänken ech mat den Terrainen un. De groussen Terrain vum C.S. Péiteng soll elo endlech en neie Wues kréien. Zwar gëtt et kee renge syntheteschen Terrain. Well et huet sech mëttlerweil erausgestallt, datt d'Spiller sech beim Falen un deene syntheteschen Hällem schneiden. Op dem Péitenger Terrain gëtt en Hybridwues verschafft. Dat ass eng Mëschung aus Naturgras a syntheteschem Gras. Déi Grasmëschung erlaabt et och, bei méi laangem schlechte Wieder um Terrain Matcher ze spillen ouni grouss Schied am Wues ze hannerloossen. 300.000 Euro stinn am Budget. En décke Chiffer, ma an der Offer vun der Firma gouf festgehalen, datt se während 5 Joer den Ënnerhalt vum Terrain iwwerhëlt. Dat heescht, datt eist Personal – op d'mannst 2 Mann – während 5 Joer net méi op dem Terrain brauchen ze schaffen. Wa mer d'Stonne vun eise Leit rechnen, da gesäit d'Berechnung vum Präis vum Terrain schonn anescht aus.

Zu Rodange um Terrain Jos. Philippart gëtt eng automatiséiert Beriselungsanlag agebaut, fir déi 30.000 Euro zeréckbehale gi sinn. An och do, wann d'Installatioun funktionéiert, fält eng Zuel vun Aarbechtsstonne vum Gemengepersonal ewech.

Zu Rolleng um Titus-Terrain gi méi kleng Aarbechten, déi vum Veräi gefrot goufen, vum Gemengepersonal ausgeféiert.

Um Boullenterrain zu Rolleng gëtt eng deelweis Iwwerdeckung gemaach, wat dann erméigleche soll, och ze spille wann et reent. Et ass u sech e Fräizäitsport, deen ëmmer méi Unhänger fënnt. Fir d'Aarbechte sti 65.000 Euro am Budget 2013.

D'Sportshalen. An der polyvalenter Sportshal zu Rodange ginn um éischte Stack Storen no bausse montéiert fir am Summer, wann d'Sonn héich steet, ze vermeiden, datt en Deel vun de Büroe vum FC Rodange 91 an och en Deel vun der Buvette der Hëtzt esou ausgesat sinn. 20.000 Euro si fir d'Ausféiere vun den Aarbechte virgesinn.

De Keelen- an den Tenniszenter QT zu Péiteng. Hei sinn d'Aarbechte jo esouwäit ofgeschoss. Et stinn nach 135.000 Euro am Budget 2013, sollt nach déi eng oder aner Rechnung erakommen. An der Sëtzung vum 12. November 2012 hu mer e provisoreschen Dekont vun 9.860.000 Euro gestëmmt. 2013 kann den definitiven Dekont gestëmmt gi wann alles riicht leeft. Do musse mer eis spute well de Minister géing den definitiven Dekont gär bis déi zweet Halschent Januar gesinn.

D'Mise en conformité vum Sportzenter Péiteng. 2012 sinn d'Aarbechte fir d'Erneierung vun der Haaptentrée, vun der Buvette vun de Gäng, den Duschen, den Toiletten an och dem Daach ugelaf. Fir 2013 stinn 3,3 Milliounen Euro am Budget fir mat den Aarbechte virun ze kommen. Erneierungsaarbechten an der grousser Hal: hei soll e ganz neie Buedem an der grousser Schoulvakanz verluecht ginn. Och ass virgesi fir d'Fënsteren an d'Fassad ze erneieren. Vestiairen an Dusche si wahrscheinlech schonn Uganks Januar erëm ze benotzen. Et gëtt alles Méigleches gemaach fir esou séier wéi méiglech mat den Aarbechten ofschléissen ze kënnen.

D'Schwämmen: An der Péitenger Schwämm, wou sech am Keller an an e puer Raim en etlech Zentimeter Waasser gesammelt hunn, sinn Aarbechten ausgefouert ginn an d'Situatioun schéngt besser ginn ze sinn.

Zu Rodange am PiKo fält nach en Deel Aarbechten un. 180.000 Euro stinn am Budget fir d'Refektioun vun de Betongsgradinen, op deenen d'Rieder vum Daach lafe wann deen opgemaach gëtt. Da fale besonnesch am Keller dréngend Reparaturen un. Am Keller vum PiKo hunn eis Schwammmeeschtere mat Grondwaasser ze kämpfen. Eng Firma ass am Begrëff, Reparaturaarbechten an deem Zesummenhang auszeféieren. Ma elo ginn, während d'Schwämm zou ass, nach ronn 25 aner Aarbechte respektiv Reparaturen ausgefouert. Eng Partie vun den Aarbechten dréit dozou bäi, d'Sécherheet vum Schwämmepersonal am Keller ze verbesseren.

De Recyclingzenter: 42.000 Euro si virgesi fir d'Ersetze vun engem „chariot élévateur" a vun enger Kiermaschinn. Déi 2 Maschinne sinn net méi ze flécken, besonnesch de „chariot élévateur" ass vun der ITM, wat d'Sécherheet ugeet, beanstandet ginn. Un dëser Maschinn sinn all Joer Reparatur- an Ënnerhaltskäschte vu plus minus 2.500 Euro ugefall. Zousätzlech gëtt och nach e Raum a Fäerdegbauweis bäigebaut, an dat fir Maschinnen an och Material ze stockéieren.

Zu Rodange muss eng Stützmauer tëscht dem Kierfecht an dem Park reparéiert ginn. Als éischt soll den Zoustand vun der Mauer ënnersicht gi fir ze gesinn, wéi grouss den Deel ass, deen ersat oder reparéiert muss ginn. Am Budget si 50.000 Euro ageschriwwen.

Zu Péiteng sinn d'Aarbechten op der Parzell Kaepgesfeld esouwäit ofgeschloss. Op der Parzell ass eng Streewiss ugeluecht ginn, déi deemnächst fräi gi gëtt, fir Äschen ze verstreeën. Dat zur Informatioun.

100.000 Euro si virgesi fir dat aalt Doudegriewerhaus ofzerappen an eng nei Konstruktioun – och an der Container-Bauweis – opzeriichten. Domatter kann den Doudegriewer seng Aarbecht ënner gudden a proppere Bedingungen ausféieren.

Dann de Verkéier, Ampelen, asw. 250.000 Euro fir d'Erneierung vun de Verkéiersampelen op der N5 zu Péiteng. Et sinn dat d'Ampelen op der Kräizung rue de Luxembourg, rue de la Paix, rue Adophe. An dann d'Ampelen op de Kräizungen am Zentrum. Nun, fir déi Ampelen, déi scho bestinn, soll et keng Ersatzstécker méi ginn, an d'Technik fir d'Bedreiwe vun den neien Ampele wier um leschte Stand.

Da sinn Aarbechten an der rue des Ateliers bei dem klengen Tunnel virgesinn. Mat Ampele sollen den Automobilisten an och de Foussgänger de Passage vum klengen Tunnel méi sécher erméiglecht ginn. Eng Konventioun mat der Käerjenger Gemeng ass de 4. Mee 2011 ënnerschriwwe gi fir d'Aarbechte gemeinsam a mat der Mathëllef vun den CFL auszeféieren. Am Budget sinn 142.500 Euro zeréckbehale ginn.

Fir d'Installatioun vun Ampelen op der Kräizung "rue de Longwy / Chemin de Brouck" zu Rodange sinn nach 10.000 Euro agedroen. D'Material ass drop an dru geliwwert ze ginn. Et gëtt och opgeriicht wann d'Wieder matmécht. Festzehale bleift, datt d'Gemeng eng ganz genee Zeechnung mat alle virgeschriwwene Moossen aus dem Nohaltegkeetsministère geschéckt kritt huet an un déi mer eis dann och mussen halen.

25.000 Euro sinn agesat fir neit Signalisatiounsmaterial ze kafen. 30.000 Euro fir d'Uschafe vu ganz spezielle Luuchte fir d'Foussgängersträife méi sécher ze gestalten.

E ganz wichtege Punkt ass fir de Verkéier an den direkten Alentoure vun der Éigent-Schoul ze berouegen, ze regléieren an ze reglementéieren. 250.000 Euro si fir d'Ëmsetze vun de Moossname festgeluecht. Dat bréngt sécher och e Réaménagement vun der rue Pierre Hamer an der rue Batty Weber mat sech, méiglech datt och de ganze Quartier vun de Moossname betraff gëtt.

Ëmwelt, Bëscher, Parken: D'Natur erhalen an eis Matmënsche schützen ass fir eis all weiderhin eng grouss Obligatioun. Mir féiere konsequent d'Miessunge vun der Loftqualitéit an d'Zesummenaarbecht mat der Sicona an aner Ëmweltverbänn weider. Och mat de Schoulkanner féiere mer konsequent den Ëmweltprogramm weider a wäerten och an Zukunft dee Wee nach ausbauen.

Och den drëtten Alter läit eis um Häerz - ech sinn och net méi wäit ewech dervun – a soll weider ënnerstëtzt ginn a gehollef kréien. A mer wäerten all eis Méiglechkeeten ausschöpfe fir datt d'Leit Gebuergenheet an eiser Gemeinschaft spieren.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

# Gemeinderatssitzung vom 14. Dezember 2012

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Bosseler Camille** (CSV)

**1. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2012 sowie Haushaltsentwurf 2013 der Gemeindeverwaltung.**

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

---

# Séance publique du 17 décembre 2012

***Durée de la séance:*** *14.35 à 18.50 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Absents et excusés:**

**Welter Gilbert** (DP)

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.30 heures)**

1. Promotion d'un fonctionnaire communal - décision.

**Séance publique (14.35 heures)**

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Personnel
    3.1. Fixation des emplois du cadré fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.
    3.2. Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) (m/f) au service « hygiène et eau » - décision.
4. Propriétés
    4.1. Approbation du contrat de bail avec le Fonds de Logement pour la location d'une place de stationnement dans un immeuble à Rodange, rue du Clopp n° 2 - décision.

4.2. Approbation du contrat de bail avec les Syndicats des chemins ruraux pour la location d'un chemin d'exploitation à Pétange, lieu-dit « In Egent » - décision.
4.3. Approbation du contrat de bail pour la location d'un appartement dans un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n° 2 - décision.
4.4. Approbation du contrat de bail pour la location d'un studio dans un logement communal à Lamadelaine, rue Grousswiss n° 17 - décision.

5. Prévisions sociales
5.1. Approbation du budget rectifié de l'exercice 2012 et du budget de l'exercice 2013 de l'Office social - décision.
5.2. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet pour la construction de maisons pour des jeunes au Brésil - décision.
5.3. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet soutenant les recycleurs de déchets en Inde - décision.
5.4. Aide au Tiers Monde: Approbation du projet relatif à la construction et l'équipement d'un centre pédiatrique en Tanzanie - décision.
5.5. Subvention au profit des enfants dans la région de Kakheti (Géorgie) - décision.

6. Enseignement
6.1. Organisation des après-midis de loisirs « Vakanzaktioun » pour l'année 2013 - décision de principe.
6.2. Approbation des recettes concernant les frais de scolarité à facturer à d'autres communes pour l'année scolaire 2011/2012 - décision.

7. Environnement: Approbation du programme d'action annuel du Sicona pour l'année 2013 - décision.

8. Sylviculture
8.1. Règlement général des tarifs: Approbation des forfaits pour la vente, le transport et la coupe du bois - décision.
8.2. Approbation du devis et du plan de gestion des forêts communales pour l'année 2013 - décision.

9. Vie associative: Allocation d'un subside spécial au « Cercle Dramatique Rodange » - décision.

10. Budget rectifié de 2012 et projet de budget pour 2013 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

# COMPTE RENDU

## 1.

**Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.**

## 2.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Här Welter huet sech fir dës Sëtzung entschëllege gelooss. Hien huet eis awer schrëftlech seng Interventioun zum Budget eraginn. Mir sinn am gaangen déi ze beäntweren an den nächste Freideg, wann iwwer de Budget ofgestëmmt gëtt, wäerte mer dem Här Welter d'Äntwerte schrëftlech virleeën a se och duerno am Péiteng Aktuell publizéieren.

## 3.1.

**Personnel communal.**

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei dësem Punkt komme mer zu engem Exercice, dee mer all Joer ze maachen hunn. Deen ass opgebaut op e groussherzoglecht Reglement vun 1964, wou all Kéier d'Zuel vun deenen eenzelne Posten an deenen eenzelne Carrièren opgelëscht muss ginn. Et gëtt domatter och festgestallt, wéivill Posten an deene jeeweilege "cadres fermés" bestinn, an déi deen een oder anere Beamten, no verschiddene Konditiounen, kann erakommen.

D'Oplëschtung, déi der virleien hutt, ass praktesch d'selwecht wéi déi vum leschte Joer. Si changéiert u sech nëmme wa vill Leit an der Verwaltung géife bäikommen. Esouwäit ech dat gesinn, ass et selwecht wéi dat, wat mer schonn haten. Et ass näischt am Effektiv geschitt, esou datt och doduerch normalerweis näischt am "cadre fermé" geschitt. Mir mussen awer all Joer deen Exercice hei virhuelen, well deen Tableau ëmmer nëmme fir ee Joer gülteg ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

**Personnel communal.**

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) (m/f) au service hygiène & eaux – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kommen dann zu enger Feststellung, déi mer hei musse matdeelen an déi urgent ka ginn. Et geet drëm fir eisen "Service Hygiène et Eaux" an haaptsächlech eis Müllabfuer kënnen ze garantéieren.

D'Müllabfuer ass eng vun de primordialen Aufgabe vun enger Gemeng. Mir stelle fest, datt mer d'Müll an deene leschte Joeren ëmmer méi selektiv siche ginn an datt d'Zuel vun den Haushalter an den Awunner ëmmer méi an d'Luucht geet. Mir stellen awer och fest, datt mer bei der Müllabfuer – wat eng vun de Grondaufgabe vun der Gemeng ass – eng ganz Rei Leit hunn, déi schonn an den Alter kommen. Et ass och eng vun deene schroosten Aarbechten, well

a) déi Leit ganz einfach ze kontrolléiere sinn,

b) déi Leit bei all Wieder mussen erausgoen

c) an den Duerchschnëttsalter vun deene Leit, déi hanner der Müll ginn, bei iwwer 50 Joer läit.

Esou datt mer lues a lues bei der Müll Defizienze kréien, déi mer an der leschter Zäit ëmmer versicht hu mat CAEen ze kompenséieren. Et ass awer net esou, datt mer eis nëmmen op CAEen dierfe stäipe fir eng vun deene Grondaufgabe vun enger Gemeng ze garantéieren. A well mer an deene leschte Woche praktesch ëmmer 2 CAEen an den Équipen dobäi haten, musse mer do reagéieren an déi Équipë verstäerken.

Dofir wollte mer en neie Poste schafen an domatter och eng Verjéngung beim Personal vun der Müll bewierken.

Mir hunn donieft och nach e ganze Koup mënschlech Problemer, sief dat krankheetsbedéngte Problemer oder anerer, wou mer nach net kënnen ofgesi wéi dat ausgeet.

Dofir musse mer eis an deem Service onbedéngt verstäerke fir eng anstänneg Basis ze hunn a fir dee Service weider anstänneg kënnen ze garantéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

### Propriétés.

Contrat de bail avec le Fonds de Logement pour la location d'une place de stationnement dans un immeuble à Rodange, rue du Clopp n° 2 – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

An deem Gebai an der rue du Clopp op der Nummer 2 hu mer eis Maison Relais a mir wollten hei vum Fonds de Logement en zousätzlechen Emplacement fir e Parking lounen. Mir hunn e wéineg Problemer mam Stockage a well do nach Parking fräi war, an de Fonds de Logement och averstanen ass fir eis deen zu engem Loyer vu 40 Euro de Mount a 50 Euro Kautioun fir d'Fernbedienung z'iwwerginn, wiere mer frou, wann de Gemengerot deem Kontrakt géif zoustëmmen. Esou kéinte mer da réckwierkend op den 1. Dezember 2012 vun deem Emplacement profitéieren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.2.

### Propriétés.

Contrat de bail avec les Syndicats des chemins ruraux pour la location d'un chemin d'exploitation à Pétange, lieu-dit « In Egent » - approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei geet et ëm e Syndicatswee, dee relativ vill benotzt gëtt an dee vun der Gaardestrooss an de Schoulquartier Eigent eriwwer geet. Do si mir zum Deel Ustéisser, esou wéi och nach aner Privatpersounen, déi do hir Gäert oder den Accès fir an hir Garagen hunn.

Dee Wee ass awer net am allerbeschten Zoustand an ass och net regelméisseg gebotzt ginn. Dee Wee huet u sech zwee Deeler. Deen een Deel geet bis un d'rue Steichen an deen aneren Deel geet nach e bësse weider. Beim ieweschten Deel vun der Gaardestrooss bis an d'rue Steichen waren d'Ustéisser allegueren averstane fir der Gemeng de Widdem dovunner ze ginn – wann een dat dierf esou soen. Mir hunn eis engagéiert, fir dee Wee regelméisseg ze botzen a mir sinn eis och mat de Leit eens ginn iwwer de Modus vivendi, wéi dee Wee soll exploitéiert ginn. D'Autoe solle bis op eng bestëmmte Plaz kënne fueren an duerno soll et e Foussgängerwee sinn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.3.

### Propriétés.

Contrat de bail pour la location d'un appartement dans un logement communal à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

**Becker Romain (déi gréng):**

Entschëllegt, et ass net Usus, datt e Member aus dem Gemengerot virun e Schäffe spréngt, wann dee soll e Punkt virstellen. Mä mir hätte léiwer gesinn, wann déi heiten zwee Punkten an der Geheimsëtzung behandelt gi wieren. Virun allem, well hei d'Nimm vun de Leit dobäi stinn an och nach dobäi steet "il s'agit d'un cas d'urgence" an dann ass et och nach e "contrat d'occupation précaire". Dat miisste mer net onbedéngt an eisem Bulletin duerno veröffentlechen, fir datt d'ganz Gemeng gesäit, wien do am Fall ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ginn zwou Saachen dozou ze soen. Dat eent ass, datt e Contrat de bail mat enger Persoun muss an ëffentlecher Sëtzung behandelt ginn. Wa mer effektiv duerno eng Diskussioun hunn iwwer déi perséinlech Situatioun vun där Persoun, mat där mer de Kontrakt maachen, da kënne mer dat zu all Moment am Virfeld a geheimer Sëtzung behandelen. Mä iwwer de Kontrakt selwer muss – esou wéi d'Gesetz et virschreift – an ëffentlecher Sëtzung ofgestëmmt ginn.

An ech ginn Iech Recht, datt ech och net frou wier, wann iwwer déi perséinlech Situatioun oder eventuell perséinlech Problemer vun deene Leit an ëffentlecher Sëtzung géif geschwat ginn. Dat gehéiert an eng geheim Sëtzung.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

An der Délibératioun steet jo och elo hei nëmmen d'Zomm vum Loyer dran. D'familiär an extrafamiliär Situatioun vun där Persoun steet jo net dran an op déi brauche mer och guer net anzegoen.

De Loyer fir dëst Appartement beleeft sech op 247,19 Euro de Mount a fir de Garage froe mer 40 Euro de Mount. D'Fraisen, déi bei dësem Appartement ufalen, ginn direkt un d'Gérance bezuelt. Dofir stinn an dësem Bail keng Fraisen dran.

Wat an dësem Kontrakt aneschters ass wéi an der Vergaangenheet, dat ass, datt klenger Reparaturen, déi soss vun eise Servicer gemaach si ginn, elo vum Locataire selwer musse gemaach ginn. Esou Klengegkeeten, wéi zum Beispill Klenschen oder Rolluedeschnoueren, déi duerch den alldeeglech Gebrauch futti fueren, musse vum Locataire selwer erëm an d'Rei gesat ginn.

D'Kënnegungsfrist beleeft sech op 3 Méint. De Kontrakt leeft elo emol fir d'éischt op ee Joer. Wa keng Reklamatioune vun béid Säite solle kommen, da gëtt de Kontrakt weidergefouert. Mir halen eis awer als Gemeng aus, fir dräimol am Joer d'Logement kucken ze goen an ze kontrolléieren, ob alles an der Rei ass. De Kontrakt leeft réckwierkend vum 19. November 2012 un, well dat Haus, wou déi Leit virdru gewunnt hunn, ofgerappt ginn ass.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.4.

### Propriétés.

Contrat de bail pour la location d'un studio dans un logement communal à Lamadelaine, rue Grousswiss n° 17 – approbation.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng Locatioun vun deene sougenannten Alterswunnegen, déi mer zu Rolleng hunn. De Loyer vun deem Studio beleeft sech op 417,76 Euro de Mount. E Garage ass an dësem Fall net dobäi. Et ginn awer Fraisen ufälleg, déi sech pro Mount op 85 Euro belafen. Um Enn vum Joer gëtt dann all Kéier en Dekont gemaach fir ze kucken, ob déi Fraisen esou an der Rei sinn oder ob eventuell muss nobezuelt oder zeréckbezuelt ginn.

Wann an deem Logement Aménagementer oder extra Installatioune vum Locataire virgeholl géife ginn, dann huet de Locataire beim Verloosse vum Studio kee Recours fir déi Fraise vun eis zeréckzefroen. Hie muss awer ëmmer bei der Gemeng ufroen, ob gewëssen Installatiounë vun him virgeholl kënne ginn.

De Contrat de bail soll den 1. Januar 2013 ulafen a leeft och emol op ee Joer. Wann de Kontrakt net mat engem Préavis vun 3 Méint gekënnegt gëtt, da leeft de Kontrakt automatesch weider.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.1.

### Prévisions sociales.

Budget rectifié de l'exercice 2012 et du budget de l'exercice 2013 de l'Office social – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ier ech dem President vum Office social, dem Här Polfer, d'Wuert ginn, wollt ech vun der Geleeënheet profitéiere fir am Numm vum Schäffen- a Gemengerot där ganzer Équipe – dat sinn 11 Leit, déi sech regelméisseg ëm Belaanger vu Leit, deenen et méi schlecht geet, këmmeren – e grousse Merci auszedrécke fir hiert Engagement. Si maachen eng ganz gutt Aarbecht an am Budget gesitt der, wéivill Suen duerch dëse Gremium lafen. An dat ass kee klenge Chiffer. Si gesi sech all 3 Woche fir iwwer eng Onmass vun Dossieren ze befannen.

**Polfer John (CSV):**

Dir Dammen an dir Hären,

An der heiteger Zäit mierke mer ëmmer méi, datt d'Leit Problemer kréie mat hirem Akommes. An déi Problemer kritt ee méi séier wéi ee mengt. Eng Trennung oder et verléiert ee seng Aarbecht oder et gëtt ee krank. D'Präisser an d'Taxen, déi dauernd an d'Luucht ginn, a schonns kritt een d'Enner net méi zesummen.

Eisen Office social fonctionnéiert gutt. Och wann am Ufank de Ministère gemengt hätt, mir géifen zevill Geld ausginn. No enger Versammlung, wou eise Buergermeeschter dobäi war, huet hien de Leit vum Ministère d'Situatioun vun de Clienten an eiser Gemeng genee erkläert. Et kann een net eng Gemeng mat enger anerer vergläichen. D'Stad Lëtzebuerg, Mamer oder esouguer d'Käerjenger Gemeng muss ee mat aneren Ae kucken. Op déi Versammlung hin ass jo d'Gromperegeld ofgeschaf gi well de Ministère sech net wëll dorunner bedeelegen. Doduerch huet de Budget deemools changéiert. Ech kann awer soen, datt ech – no der leschter Sëtzung, déi mer virun 2 Woche mam Ministère haten a wou eis Assistantes socialen hinnen eist Uleies virgedroen hunn – eng gutt a fréndschaftlech Zesummenaarbecht, déi elo besteet, konnt feststellen. Si kënne sech bei Bedarf direkt un déi responsabel Leit um Ministère wennen.

Am Ganzen huet eisen Office social 673 Dossieren traitéiert an 2.161 Consultatioune gehat. De Verwaltungsrot ass 17 Mol zesummekomm an huet 164 Secoursen accordéiert a der 56 refuséiert. Net ze vergiesse sinn déi 315 "secours urgents" fir 290.107 Euro an déi 258 Dokteschrechnunge fir 135.420 Euro, déi un d'Krankekeess geschéckt gi sinn.

Da kommen ech zum Budget. Am Budget rectifié 2012 schléisse mer mat engem Boni présumé vu 443.219,42 Euro of. Dat ass alles schéin a gutt. Mä do sinn och d'Créancen enthalen. Dir wësst, datt zanter e puer Joer, wann eng Ausgab gekuckt gëtt a wou mer eng Recette vun där Ausgab erwaarden, déi Suen an de Recettë vum Budget souwéi an den Ausgaben erëmzefanne sinn. Déi "secours remboursables" gi mat Zomme vu 50 Euro, 100 Euro erëmbezuelt an déi Sue kommen da vum Fond national de solidarité, vun der Caisse nationale de prestations familiales, asw. An dëst Ërembezuele kann iwwer Joeren daueren.

Dofir wäert de Boni beim Ofschloss vun de Konten net esou héich sinn. Selbstverständlech bleift eisen Office social dohannert a reklaméiert regelméisseg mat Rappelen déi Suen, déi nach ausstinn.

Den Dierwiechter anzeschalte bréngt et net ëmmer bei deene ville "klengen" Zommen, well den Dierwiechter méi kascht wéi déi Suen, déi ze reklaméiere sinn.

Am Budget rectifié huet d'Gemeng 326.032,72 Euro bäigesteiert. De Stat huet och déi selwecht Zomm bäigesteiert. Am Budget 2013 sti vun der Gemeng an och vum Stat 356.704,34 Euro. Am Budget fir 2013 ass eng Recette vun 1.616.386,68 Euro virgesinn an eng Dépense vun 1.547.874,68 Euro. Dat wier e Boni vu 68.512 Euro.

Wa mer de Boni présumé vun 2012, dee 443.219,42 Euro bedréit, dobäirechnen, dann hätte mer en definitive Plus vu 511.731,42 Euro. Dee Boni wäerte mer awer net kréien, well – wéi schonns gesot – net esou séier mat deene klengen Zommen erëmbezuelt gëtt.

Dësweideren ass am Office social nach mat méi Aarbecht ze rechnen. Vum nächste Joer u gëtt, no der Enquête vun den Assistantes socialen iwwer de Patient, eng Attestatioun an Etikette fir den Dokter ausgestallt. Dee schéckt dann d'Rechnungen direkt un d'Krankekeess a brauch dann hoffentlech net ze laang op seng Suen ze waarden. Deen Deel vun dem Patient bezilt den Office social dann direkt un d'Krankekeess a mir versichen déi Suen da beim Patient ze récupéréieren.

Ech géif soen, datt dëst Alles an Allem e Budget ass, deen am Intressi vun eise manner bemëttelte Matbierger ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

### Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: soutien du projet pour la construction de maisons pour des jeunes au Brésil – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Mir wollten eng ONG "Hand an Hand, Kanner, Elteren, Drëtt Welt asbl" ënnerstëtzen, mat deenen de Cooperatiouns-ministère e "contrat de cofinancement" ënnerschriwwen huet.

Hei geet et drëm fir Jugendlechen a Brasilien ze hëllefen, déi hir éischt selbstänneg Schrëtt am Liewe maachen. Dofir sollen 10 Logementer gebaut ginn, an deene 25 jonk Leit, déi aus engem sozial précairë Milieu kommen, selbstänneg kënne liewen.

Am Budget hu mer 30.000 Euro stoe fir esou Sociétéiten ze hëllefen an dofir géif ech Iech proposéieren, fir mat engem Subsid vun 10.000 Euro deene Leit entgéint ze kommen an domatter dozou bäizedroen, datt déi 10 Logementer kënne gebaut ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et gesäit hei esou aus, wéi wa mer déi Sue mat der Géisskan u verschidden Associatioune géife verdeelen. Wéi hu mer déi Associatiounen erausgewielt? Firwat kréien déi eng 10.000 Euro, anerer 5.000 Euro oder bei der Unicef 2.500 Euro? Kéint dir mer erkläre wéi dat zustane komm ass? Well et wier jo u sech net esou domm, wa mer ee Projet kéinten ënnerstëtzen, wou mer Partner wieren, a wou mer stänneg déi Suen am Kader vum Klimabündnis géifen iwwerweisen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

D'Associatioune maachen eng Demande an de Schäfferot kuckt, wat op déi Demande hi ka gemaach ginn. Et mussen awer och verschidde Critèren erfëllt sinn. Esou muss zum Beispill eng Conventioun mam Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire bestoen. De Schäfferot proposéiert, wéi an dësem Fall, dem Gemengerot, fir 10.000 Euro ze iwwerweisen. Mir kéinten natierlech och fir dëse Projet déi ganz Zomm, déi mer am Budget stoen hunn, bereetstellen. Mä mir sinn awer der Meenung, datt wann 100 Gemengeréit 10.000 Euro fir dee Projet ginn, dat och eng grouss Zomm gëtt, ouni datt mir an engem Siess déi 30.000 Euro un eng Gesellschaft ginn.

Doduerch datt mer d'Suen e bëssen opdeelen, kënne mer och e puer Projeten ënnerstëtzen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass ganz richteg. Mä dann hu mer awer eenzel Projeten, déi mat 10.000 Euro ënnerstëtzt ginn, a bei anere Projeten iwwerweise mer nëmme 5.000 Euro. Wéi kënnt dann deen Ënnerscheed zustanen? Wa mer jiddwerengem nëmme géife 5.000 Euro ginn, dann hätte mer der nach 2 weider kënnen op d'Lëscht setzen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat hei ass eng Propose, déi de Schäfferot dem Gemengerot mécht. An et ass um Gemengerot fir driwwer ze befannen, ob mer där Gesellschaft elo 10.000 Euro ginn oder net.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wann ee sech dann d'Aarbecht mécht an et geet een déi Saachen e bëssen nokucken, da fënnt een nawell interessant Saachen iwwer déi verschidde Verwaltungsréit vun deenen ONGen, déi mer ënnerstëtzen, eraus.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg. Mä ech wëll awer emol hei ganz kloer soen, datt mer verschidden ONGen all Joer ënnerstëtzen. Dat ass déi ONG iwwer déi mer beim Punkt 5.3. ofstëmmen. Déi hunn an deene leschten 10 Joer all Joer 5.000 Euro kritt. An aner ONGen hu bis elo nach näischt kritt, obwuel se schonn zanter Joeren ëmmer erëm eng Demande gemaach hunn.

An de Prinzip dovunner hu mer eng Kéier hei am Gemengerot festgehalen. Mir hu festgehalen, datt mer Demanden entgéinthuelen a se analyséieren. An et mussen 2 Critèren erfëllt sinn. Deen éischten ass deen, datt de Projet an déi Richtung geet, déi mer wëllen ënnerstëtzen. An dat ass ganz oft e Projet mat Kanner oder mat der Ëmwelt. An et muss eng Associatioun sinn, déi unerkannt ass an de Projet muss och agrééiert sinn. An et ass dann um Gemengerot ze décidéieren, ob e wëll esou Projeten ënnerstëtzen oder ob e wëll an eng aner Richtung goen. Mä kloer ass, datt dat heite komplett op där Linn läit, wéi mer et bis elo an deene leschte 15 Joer gemaach hunn.

Wann elo ee mengt, well ech viru 6 Méint President vun där ONG "Hand an Hand" gi sinn – well et ass jo dat, wat Dir elo hei uschwätzt – da soen ech Iech just, datt ech schonn zanter 20 Joer an där ONG Member sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass ee vu ville Critèren, déi ech hei uschwätzen. Ech schwätzen einfach un, datt mir mat der Géisskan hei d'Sue verdeelen. Deenen enge 5.000 Euro an deenen aneren 10.000 Euro.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech versti Lëtzebuergesch. Wéi gesot, ech si säit 20 Joer an där ONG. An nodeem zanter 5 Joer déi ONG all Joer eng Demande eragereecht huet, hunn ech gesot, datt se – am Kader vun hirem 25. Anniversaire – och emol eng Kéier kéint vun der Péitenger Gemeng ënnerstëtzt ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass richteg.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass dat, wat ech gesot hunn. An elo ass et um Gemengerot fir sech dozou ze äusseren. Wann de Gemengerot majoritaire der Meenung ass, datt dat net richteg ass, dann hunn ech kee Problem domatter. Mä ech hunn Äre Message awer verstanen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mir sinn net dogéint, datt do gehollef soll ginn. Et fält awer op, datt verschidden Associatiounen 10.000 Euro kréien an anerer nëmme 5.000 Euro. An dann ass och nach d'Unicef dobäi, déi nëmmen 2.500 Euro kritt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi Saach mat der Unicef ass am Fall vu Katastrofen. Do hu mer bis elo an deene leschten 10 Joer bei all Katastrof, wou mer d'Urgence gehollef hunn, 2.500 Euro iwwerwisen. Eng Kéier ass dat d'Unicef, déi aner Kéier ass et d'Rout Kräiz oder d'Caritas. Dat ass net ze verwiessele mat Projeten am Kader vun 'Aide au développement'. Dat leeft och ënnert engem anere Budgetsartikel.

Dann hu mer am Budget en Artikel mat 30.000 Euro fir 'Aide au développement'. A bei ONGen, déi nëmmen eng Kéier erëmkommen, hu mer ëmmer 10.000 Euro ginn. An déi ONGen, déi all Joer dobäi sinn, dat ass zum Beispill d'ASTM, kréien all kéiers 5.000 Euro, esou datt se iwwer d'Joere méi kréie wéi eng ONG, déi nëmmen eemol un den Tour kënnt.

Dat ass esou, wéi mer bis elo an deene leschte Joere verfuer sinn. Mir kënnen déi Politik awer eng Kéier änneren, wann de Gemengerot där Meenung sollt sinn. Ech hunn domatter kee Problem. Mä un der Manéier, wéi mer d'Sue verdeelen, huet sech – säit ech am Gemengerot sinn – näischt geännert.

Mä déi Diskussioun hei hat ech mer éierlech erwaart. Ech war doropper virbereet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dir wousst awer net vu wiem se géif kommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat wousst ech net. Mä ech hat domatter gerechent, datt een domatter géif kommen. Ech hat och ganz kloer am Schäfferot gesot, datt déi Situatioun esou wier, datt déi ONG "Hand an Hand" zanter 5, 6 Joer schonn Demanden eragereecht huet an datt ech géif mengen – well se dëst Joer hire 25. Anniversaire feieren – och eng Kéier d'Recht hätte fir eng Participatioun vun der Gemeng Péiteng ze kréien. Si krute scho vu ville Gemenge gehollef, mä bis elo nach ni vu Péiteng.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech si mat den Erklärungen zefridden an déi Saach ass fir mech an der Rei.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Onofhängeg vun de Projeten, hu mer bei der Cooperatiounshëllef ëmmer déi selwecht Montanten, déi mer zur Verfügung stellen. Kéint een net eng Kéier driwwer nodenke fir dee Montant an d'Luucht ze setzen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et kann een natierlech driwwer nodenken. Et muss een awer och wëssen, datt déi ganz Geschicht mat deene Subventiounen net ëmmer gutt gesi war. An der Tëschenzäit huet de Ministère seng Positioun och e bësse geännert. Mä viru Joeren huet de Ministère ëmmer nach d'Meenung gehat, datt et net onbedéngt eng Aufgab vun enger Gemeng wier, fir esou Subventiounen ze verdeelen. Dat ass awer haut e bëssen aneschters. An dofir hu mer och de Betrag an deene leschte Joeren op deem Niveau gelooss, well mer déi Diskussioun eigentlech mam Ministère net wollte verdéiwen.

De Ministère ass awer mëttlerweil der Meenung, datt och eng Gemeng kann esou Aktivitéite maachen. A wa mer dat als Gemengerot wëllen ausbauen, da solle mer doriwwer diskutéieren. Mir mussen awer och wëssen, datt mer déi Suen – déi mer do ausginn – net méi hu fir aner Projeten.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hat emol eng Kéier eng Fro an dësem Kontext gestallt. All Conseiller huet jo och d'Méiglechkeet, fir e Projet ze proposéieren, deen der Wäert wier fir ënnerstëtzt ze ginn. Et ass jo net, datt iergendee Projet ausgeschloss wier.

Wat elo d'Propose vun der Mme Gonçalves ugeet, esou sollt ee sech iwwerleeën, ob een net sollt op dee Wee goen. Well et huet een d'Méiglechkeet fir nach aner Recetten, déi ee ka kréien, och an dee Fong mat erafléissen ze loossen, déi dann och nach vun auswäerts kommen a vu Bierger ënnerstëtzt ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

### Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: soutien du projet soutenant les recycleurs de déchets de Delhi en Inde – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Da komme mer zu engem weideren Drëtt Welt Projet, dee mer wëllen ënnerstëtzen. Et geet hei ëm sougenannten "récupérateurs de déchets" an de Projet gëtt geleet vun der Organisatioun Chintan. Mir haten och schonn eng Kéier den Här Mirkes hei, deen eis genee de Projet erkläert huet an och gewisen huet, wat mat de Sue realiséiert gëtt a scho realiséiert ginn ass.

Et geet drëm, fir datt déi Leit, déi de Müll sammele ginn, och e puer Su kënne verdéngen an net vun Drëttpersounen ausgebeut ginn an näischt méi fir si selwer iwwereg bleift.

D'lescht Joer hu mer dee Projet scho mat 5.000 Euro ënnerstëtzt an ech wollt de Gemengerot froen, fir hinnen dëst Joer erëm déi selwecht Zomm zoukommen ze loossen.

**Thein Joé (adr):**

Och d'adr weist sech ganz solidaresch, wat d'Entwécklungshëllef ugeet. Just hu mir en anere Problem. Op nationalem Niveau triede mir dofir an, fir d'Entwécklungshëllef op 0,7 % vum PIB erofzesetzen. An dat huet och seng Grënn, well éischtens emol muss een d'Prioritéite kucken, wéi déi Entwécklungshëllef ausgesäit a wéi eng Entwécklungshëllef et am Endeffekt duerstellt. Mir sinn der Meenung, datt mer méi sollten an d'Bildung an an den Opbau vun esou Länner investéiere wéi an d'Entsuergung vu Müll. Mir sinn eis och bewosst, datt et dramatesch ass an deene Länner. Ech mengen, ech hunn elo wéini eréischt e Reportage gesinn iwwer dee Ganges do. Ech mengen, do ass alles verknascht an dreckeg. An ech mengen natierlech, dat ass en Environnementsproblem vun deem Land dohannen. A mir hätte besser als Gemeng, d'Geld doranner ze spenden, datt mer géifen e Bréif un déi dorteg Regierung adresséieren – an dat hunn ech och schonn d'lescht Joer esou gesot gehat – fir si opzefuerderen do ze agéieren.

An dann ass och nach eng anere Fro do, déi considéréiert muss ginn. Wéi wäit soll déi Entwécklungshëllef goen a wéi oft?

An da muss een och wëssen, datt op nationalem Niveau nach genuch gespent gëtt, esou datt mir der Meenung sinn, datt mer sollten – entgéint deem wat d'Madame Gonçalves gesot huet – éischter manner Sue ginn, respektiv, wann d'Prioritéit déi ass, datt mer d'Suen an d'Bildung an an den Opbau ginn, mer selbstverständlech kënnen doriwwer diskutéieren.

Da muss een och nach dat heite wëssen. Deene Länner ass méi gehollef, wann een hëlleft an de Bau vun Entreprisen ze investéieren. Well wa mir eis Entreprisen dohannen opbauen an domatter Aarbechtsplaze schafen, dann hunn éischtens mir eppes dovunner als Land a virun allem ass awer deene Länner gehollef hir Wirtschaft unzekuerbelen. An dat huet fir si en ekonomesche Virdeel.

Da wëll ech och nach gäre wëssen, wéi dat genee tranchéiert gëtt? Wéi eng Länner kommen do a Fro, wa mer se aussichen? Dir sot, et kommen Demanden eran. Mä op wéi eng Critèrë gëtt dann do genee gekuckt? Firwat kënnt elo grad Georgien a Fro? Firwat kënnt elo grad Tansania a Fro a firwat net aner Länner? Kann ech doropper Erklärunge kréien?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Et kommen Demanden eran an de Schäfferot décidéiert, wiem mer wat ginn. An ass awer nach ëmmer de Gemengerot, deen duerno der Propose vum Schäfferot muss zoustëmmen.

Wat elo d'Hëllef ubelaangt, esou ass dat heite jo awer eng Hëllef. Am Moment ass et esou, datt déi Leit Dreck sammele ginn, deen se dann entzwousch ofginn a keen Cent dofir kréien. Wann ech et awer fäerdeg bréngen, datt – doduerch, datt se eng Ausbildung gemaach hunn – 10.000 Leit an der Lag si fir sech besser z'organiséieren a sech esou unzeleeën, datt se duerch d'Müllsammelen zu Sue kommen, – esou wéi dat heimatter elo de Fall ass – dann ass dat awer ganz sozial an hinnen och eng grouss Hëllef. An déi Leit, déi eng Kéier esou eng Ausbildung matgemaach hunn, huele jo awer och nach aner Leit mat an d'Boot a versichen och deenen ze

erkläre wéi se solle virgoe fir e puer Su ze verdéngen. Räich gi se net domatter, mä si kommen awer zu e puer Su. Mir ënnerstëtzen dëse Projet elo mat 5.000 Euro. Mä mir maachen dat awer elo net alleng. Doduerch datt dee Projet vu méi Plazen ënnerstëtzt gëtt, kënnt och do eng grouss Zomm zesummen, mat där et wierklech méiglech ass fir eppes op d'Been ze setzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif iech emol eng Kéier proposéiere fir esou ee Projet kucken ze goen. Eise Lëtzebuerger Stat mécht eng ganz Rei Projeten am Ausland, déi ganz nohalteg sinn a wou och hannendrun nach eppes kënnt. Dat ass vläicht op Anhieb eng gewëssen Zomm, déi een iwwerweist, a wou ee ka soen, datt een domatter net ganz vill gemaach kritt. Mä wann ee kuckt, wat op deene Plaze mat deene Sue gemaach gëtt – an dofir ass et jo och wichteg, datt ee Partner op deene Plazen huet – dann ass dat awer scho wesentlech. An dofir ass et och net esou einfach fir am Ausland esou Projeten ze maachen, well een déi néideg Partner net onbedéngt op der Plaz huet. Et brauch een emol éischtens e Partner an deen ee Vertrauen huet a wou ee weess, datt deen och eng gewëssen Iddi huet fir dee Projet ze realiséieren. Dee Partner muss och an der Lag sinn e Konzept virzeleeën, dat et erlaabt ze évaluéieren, ob dee Projet och ëmzesetzen ass. An all deene Fäll, wou mer hei driwwer ofstëmmen, gëtt dat jo och vum Ausseministère a vum Cooperatiounsministère gekuckt an déi ginn och déi Projeten op d'Plaz kucken. An zum Beispill beim Projet, vun deem mer virdru geschwat hunn, kann ech iech vergewësseren, datt ee ganz vill ka mat ganz wéineg Geld maachen a realiséieren. Ech hat d'Chance eng Kéier an Thailand ze sinn an do war ech e Projet vum Foyer de la Femme am Norde vum Land kucken. A wann ech gesi wat do vun Enthousiasmus ass vun deene Leit, déi de Projet op der Plaz begleeden, da gesäit ee wéi wichteg et ass, datt mir och hei e klenge Prozentsaz – well mir schwätzen hei vun engem bescheidene Bäitrag – vun eisen Iwwerschëss un déi Länner weider ginn an hinnen et erméiglech fir besser do ze stoen. Well déi sinn nach wäit ewech vun deem Luxus, dee mir hei zu Lëtzebuerg hunn.

Ech ginn Iech awer Recht, datt mer och hei zu Lëtzebuerg Problemer hunn. An dofir sinn ech frou, datt mer op deem selwechten Dag, wou mer iwwer dës Projete schwätzen, och gesot hu wéivill mer hei zu Lëtzebuerg maachen. An da gesinn ech, datt déi 30.000 Euro, déi mer an d'Ausland investéieren, u sech ganz wéineg sinn. Wann ech déi Chifferen elo just héieren hunn am Kontext vum Office social an héieren, wéivill mer och fir eis Bierger hei zu Lëtzebuerg an an der Péitenger Gemeng maachen, da stellen ech fest, datt déi 30.000 Euro awer e bescheidene Bäitrag ass, dee mer an de Misär vun der Welt droen.

Dofir sinn ech och frou, datt an deene leschte Joeren de Péitenger Gemengerot dee bescheidene Bäitrag ëmmer geleescht huet an ech sinn och frou, datt d'Madame Gonçalves och gesot huet, datt ee sech emol eng Kéier soll iwwerleeë fir dee Bäitrag eropzesetzen, wuelwëssend, datt do net eis Wieler sëtzen.

**Thein Joé (adr):**

Ech wëll just dat heiten umierken. Dee Punkt virdrun hu mer jo als adr och matgestëmmt. An och déi Punkten duerno, wat d'Aides au Tiers Monde ugeet, wäerte mer matstëmmen, well ech ganz kloer gesot hunn, datt mer méi mussen an den Opbau vun esou Länner investéieren. An dee Punkt virdru war jo och "contruction de maisons" an déi Punkten duerno si jo och ähnlecher Natur. Mä, wéi gesot, dëse Punkt hei wäerte mer net kënne matstëmmen.

**Accord par 15 voix et une voix contre (adr).**

## 5.4.

### Prévisions sociales.

Aide au Tiers Monde: soutien du projet relatif à la construction et l'équipement d'un centre pédiatrique en Tanzanie – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei hëllefe mer dann, wéi den Här Thein et gesot huet, fir eppes ze bauen. Et geet drëm fir beim Bau an dem Équipement vun enger klenger Kannerklinik ze hëllefen. An den Ënnerlage gesitt der, wéi d'Bevëlkerung an deem Duerf, wou déi Pédiatrie soll hikommen, zesummegesat ass. Dëse Projet ënnerstëtze mer och eemoleg an dofir wollte mer der ASBL Action pour un Monde Uni dëst Joer 10.000 Euro zoukomme loossen. Mat deem Projet droe mer dozou bäi, datt d'Kannerstierflechkeet erofgeet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt nach eng Informatioun bäiflécken. Well den Numm vun där ASBL mer e bësse suspekt virkomm ass, hunn ech emol um Internet nogesicht. An et ass gutt, datt et den Internet gëtt, well do kann een alles nosichen. Um Internetsite vun där Associatioun steet näämlech, datt als "partenaire préféré" de Mouvement des Focolari steet. Dat heiten ass eng Organisatioun, wou de Lëtzebuerger Mouvement vun de Focolaristen mat dran ass, wat eng Ënnerorganisatioun vun der kathoulescher Kierch ass. Esouwäit zur Informatioun.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass e Beispill, datt déi kathoulesch Kierch och ganz vill gutt Saache mécht.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.5.

### Prévisions sociales.

Subvention au montant de 2.500 euros au profit des enfants dans la région de Kakheti (Géorgie) – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Bei dësem Punkt huet d'Unicef en "appel de solidarité" lancéiert, fir de Projet "Kannerliicht" ze ënnerstëtzen. Och bei dësem Projet soll de Kanner gehollef ginn. Et geet hei och net nëmmen ëm Kanner, déi keng Eltere méi hunn, mä et sinn och vill Kanner dobäi, déi a riseg Institutioune gesat gi well se handikapéiert sinn. Bei deem Projet hei geet et drëm fir déi grouss Institutiounen ewechzekréien a méi kleng Unitéiten ze schafen, an deenen d'Kanner dann och besser kënne betreit ginn. Well, loosse mer éierlech sinn, an deene groussen Institutiounen hunn déi Kanner regelrecht vegetéiert.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

### Enseignement.

Après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» pour l'année 2013 – décision de principe.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dee Punkt, deen ech iech elo virstellen, betrëfft d'Vakanzaktioun 2013. D'nächst Joer ass et dat zweet Joer, wou se vun de Maisons relaisen organiséiert soll ginn, an zwar vum 22. Juli bis den 2. August.

Mir bräichten, fir datt déi Vakanzaktioun gutt iwwer d'Bühn soll goen, op mannst 75 Moniteuren a Monitricen, déi och eng Formatioun vun op mannst 50 Stonne sollen absolvéiert hunn. Well den SNJ awer nëmmen ee Cours fir e Formateur ubitt, musse mir duerno selwer kucke fir déi ganz Moniteuren no an no ze forméieren.

Mir huelen och keng Kandidaten als Moniteur, déi manner wéi 17 Joer hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.2.

### Enseignement.

Recettes au montant total de 18.413,60 euros concernant les frais de scolarité à facturer à d'autres communes pour l'année scolaire 2011/12 – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Artikel 20 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Grondschoul ass festgehale ginn, ënner watfir Konditiounen Eltere kënne froen, datt hir Kanner an enger anerer Gemenge scolariséiert gi wéi déi Gemeng, wou se wunnen. Do si 4 Ursaachen opgelëscht an déi 4 Ursaache ginn och bei eis an der Gemeng Péiteng respektéiert. D'Bedingung ass awer, datt déi Gemeng – wou d'Kanner wunnen – fir d'Fraisen, déi duerch Scolaritéit an där friemer Gemeng ufalen, opkomme muss.

Mir haten eng länger Diskussioun tëscht de Gemengen, fir ze kucken, wéi een dat sollt verrechnen. Well d'Realkäschte sollte verrechent ginn. An dat war am Fong geholl nëmmen den "apport en nature", deen de Kanner bruecht gëtt. Et wieren dat d'Bicher, de Pabeier oder aner Saachen, déi d'Kanner vun der Gemeng zougestane kréien.

Dat gouf duerchdiskutéiert an et koume verschiddentlech ganz héich Beträg dobäi eraus. Mir sinn eis dunn tëscht de Gemengen eens ginn, datt mer et sollten op 600 Euro limitéieren.

Mir hunn eis elo d'Méi gemaach, fir d'Rechnunge vum Schouljoer 2011/2012 opzelëschten, déi mer deenen eenzelne Gemengen zur Rechnung droen. Et sinn dat am Ganzen 20 Gemengen, déi a Fro kommen an aus deene Kanner bei eis an der Schoul sinn. Aus der Lëscht kënnt der erausgesinn, datt Beträg dobäi sinn, déi relativ niddereg sinn, well d'Kand net dat ganzt Schouljoer bei eis war. An deen absoluten Héchstbetrag mat 600 Euro ass zweemol vertrueden. Et sinn dat Kanner aus dem Cycle 4.2., déi mat an de Wantersport gefuer sinn. A wann ee weess, datt de Montant, deen d'Gemeng bei de Schnéiklasse bei all Kand bäileet, bei iwwer 400 Euro läit, dann huet ee séier déi 600 Euro erreecht.

Den Total vun de Rechnunge läit fir d'Schouljoer 2011/2012 bei 18.413,60 Euro. Déi Rechnunge sinn och schonn un déi eenzel Gemengen erausgaangen a mir wollten dat nëmmen nach eng Kéier hei am Gemengerot aktéiere loossen, fir datt deen Titre de recettes och justifiéiert ass.

**Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.

### Environnement.

Approbation du programme d'action annuel pour l'exercice 2013 du SICONA – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wéi all Joer schafft d'Sicona jo fir eis an der Gemeng a maache verschidden Aarbechte wéi zum Beispill Hecke schneiden oder Beem setzen an ënnerhalen.

Sicona mécht och déi Demande un de Ministère, well et bei verschiddenen Aarbechten och e Subsid gëtt. Dee Subsid kréie mir net direkt als Gemeng, mä déi Sue ginn direkt un de Syndikat Sicona. Domatter geet eis finanziell Participatioun un den Aarbechten och e bëssen erof.

D'Aarbechte fir den Exercice 2013 belafe sech am Ganzen op 64.235,64 Euro an op eise Budget fale 40.000 Euro. Dat ass och d'selwecht wéi d'lescht Joer. An ären Ënnerlage sinn och déi verschidde Projete fir 2013 opgelëscht, mat deenen eenzelne Subsiden, déi et vum Stat ginn.

**Approbation à l'unanimité. Mme Conter et M. Thein, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.**

## 8.1.

### Vente de bois.

Règlement général des tarifs: fixation des forfaits pour la vente, le transport et la coupe d'une corde de bois – décision.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

De Service de Contrôle de la Comptabilité vun de Gemengen huet beim Contrôle vum Compte administratif festgehalen, datt mir hei am Gemengerot keng Délibératioun gestëmmt hunn an där d'Taxe fir den Holzverkaf festgeluegt sinn.

De Fierschter huet eis proposéiert, fir an der Gemeng Péiteng déi selwecht Tariffer festzeleeë wéi zu Déifferdeng. Well de Fierschter ass esouwuel fir d'Bëscher vun der Déifferdenger Gemeng wéi och fir déi vun der Péitenger Gemeng zoustänneg an dofir sollen d'Tariffer fir den Holzverkaf och an deenen zwou Gemengen identesch sinn.

Mir proposéieren dofir folgend Tariffer guttzeheeschen:

| | |
|---|---|
| *Tarif par corde de bois:* | *85,68 € ttc* |
| *Forfait pour transport par corde non façonnée:* | *25,00 € ttc* |
| *Forfait pour transport par corde fendue et coupée:* | *50,00 € ttc* |

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Sylviculture.

Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2013 – approbation.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

D'Forstverwaltung huet eis de Programm virgeluegt, wat si an eise Bëscher wëlle vun Aarbechten am Joer 2013 maachen. Am Kader vun deenen Aarbechte wier mat Recetten an Héicht vun 104.430 Euro an Ausgabe vun 165.000 Euro ze rechnen, esou datt de Plan de gestion mat engem Defizit vu 60.570 Euro ofschléisst, dee vun der Gemeng Péiteng ze droen wier.

**Approbation à l'unanimité.**

## 9.

### Vie associative.

Allocation d'un subside spécial au montant de 6.325 euros au «Cercle Dramatique Rodange» - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir haten eng Demande vum Cercle Dramatique vu Rodange virleien. Hire Siège, de Centre culturel vu Rodange, ass iwwer 30 Joer al a bei deenen éischten Aktivitéiten, déi do stattfonnt hunn, ware si och dobäi. Deemools sinn och Kulisse kaf gi fir kënnen déi Aktivitéiten ze garantéieren. Déi Kulissen hunn an deenen 30 Joer gelidden an et war elo un der Zäit fir déi ze ersetzen.

Mir hunn an eisem Subsidereglement eng Rubrik "subsides spéciaux" stoen, wou Veräiner – wa se kënne beweisen, datt se eng länger Zäit dat amortiséiert hunn oder gréisser Investissementer an hirem Aktivitéitsgebitt maachen – d'Méiglechkeet hu fir eng Participatioun vun der Gemeng ze froen.

Mir hunn eis zur Regel ginn, datt mer prinzipiell ëmmer nëmmen d'Material bezuelen. D'Main d'oeuvre gëtt ni bezuelt. A beim Material hu mer an der Regel ëmmer d'Halschent vun de Käschten iwwerholl wa gréisser Investissementer getätegt gi sinn. An an där Logik wollte mer dem Gemengerot proposéiere fir dem Cercle Dramatique d'Halschent vun de Fraisen iwwer de Wee vun engem Subsid zoukommen ze loossen. Hir finanziell Situatioun gesäit och esou gutt aus, datt si de Rescht vun den Onkäschte selwer kënnen droen.

**Polfer John (CSV):**

Ech kann dat nëmme bestätege wat den Här Breyer gesot huet. Ech war den Theater kucken an déi éischt Saach, déi an der Virstellung gesot gi war, war e grousse Merci un d'Gemeng Péiteng, datt se sech esou gutt fir déi nei Kulissen agesat hunn an datt een déi vun elo u ka bewonneren. A wou de Riddo dunn opgaangen ass, konnt sech jidderee vun deem gelongen Invest iwwerzeegen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass effektiv esou, datt déi Leit mer nach eng Kéier opgedroen hu fir dem Gemengerot nach eng Kéier villmools Merci ze soen. Déi Leit ware wierklech iwwerrascht gi vun där héijer Zomm, déi se do kréien. An dee Merci gouf bei all de Virstellungen, esouwuel virdru wéi och no der Virstellung, ëmmer erëm gesot, also am Ganzen 8 Mol. Och seet de Cercle Dramatique der Gemeng nach Merci fir déi Trap, déi an de Flüsterkasten installéiert gouf, fir datt een och do besser eran- an erauskënnt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Loosse mer awer soe wat richteg ass. Et gëtt elo eréischt décidéiert, ob se d'Sue kréien. De Subsid ass nach net gestëmmt. An enger Entrevue war festgehale ginn, datt bis elo d'Gemeng bis zu 50% vun de Käschten iwwerholl hat. Mä dat war awer kee Versprieche wat de Schäfferot dem Cercle Dramatique gemaach hat. Mir hunn elo hei nach kee Su ewech ginn a wann de Gemengerot haut géif dee Subsid net stëmmen, da miisst dee Mann säi Merci erëm 8 Mol zeréckhuelen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da géif ech dee Punkt zum Vote stellen a si gespaant, wat dobäi erauskënnt.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.

### Budget rectifié de 2012 et budget pour 2013.

Discussions et appréciations des conseillers – Réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da kéime mer elo zum Haaptpunkt vun dëser Gemengerotssëtzung, an zwar den Diskussiounen zum Budget rectifié 2012 a Budget 2013. Fir datt et eng e bësse méi lieweg Diskussioun gëtt, wollt ech proposéiere fir ofwiesselnd d'Membere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun zu Wuert kommen ze loossen.

Ech géif awer dann, esou wéi et d'Traditioun ass, d'Wuert fir d'éischt un de President vun der Finanzkommissioun ginn.

**Polfer John (CSV):**

Dir Dammen an dir Hären,

Dëse Budget 2013 ass kee Spuerbudget, mä mir mussen awer, wéi iwwerall, mat manner Recettë rechnen. Déi Zäiten, wou alles, wat ee sech esou wënscht, an de Budget geschriwwe gouf, sinn eriwwer. Trotzdem hu mer nach eng gesond Finanzsituatioun an et sinn aner Gemengen, déi eis fir dës Finanzsituatioun beneiden.

D'Zuelen huet eis de Schäfferot jo a senger Presentatioun virgestallt. Trotzdem gesinn och mir, datt déi grouss Bënëfisser méi rar ginn. Mä och an dësem Budget gëtt nach vill investéiert a virun allem hu mer keen Emprunt virgesi fir déi Ausgaben ze tätegen.

Eis Gemengeschold hëlt nach weider ëm 2 Milliounen Euro of. D'Pro-Kapp-Verschëldung läit elo bei der jëtzeger Awunnerzuel (bal 17.000) bei ronn 1.000 Euro.

Et muss een awer och soen, datt keng wesentlech Taxen-erhéijungen dra stinn. Zum Beispill déi berühmt Waassertax, déi a ville Gemengen nach weider eropgesat gëtt. Meng perséinlech Meenung dozou ass, datt mir am Land Waasser genuch hu fir de Leit et zu engem raisonnabele Präis ze liwweren.

Well wien trëfft déi deier Waasserpräisser am meeschten? Jonk Famille mat hire Kanner. Hei leeft d'Wäschmaschinn, d'Spullmaschinn, net ze vergiessen d'Dusch, méi ewéi emol am Dag. Bei grousse Betriber, déi och vill Waasser ver-brauchen, ass jo virgesi fir en extrae Präis ze maachen. Fir mech ass et net d'Waasser, mä d'Ofwaasser, wat an d'Käschte schléit. An trotzdem feelen an eisem Land nach vill Kläranlagen.

976.942 Euro si virgesi fir de SIACH. Ech wollt froen, wat do nach investéiert gëtt? Wat ass d'Bedeelegung vun der Déifferdenger Gemeng un där Käschtenentwécklung?

Ech hu gelies, datt am Budget vun der Käerjenger Gemeng d'Erneierung vun der rue des Ateliers steet. Do sollt sech d'Péitenger Gemeng jo och dru bedeelegen. Ass dat nach ëmmer esou?

Et gëtt och nach ëmmer vill muttwëlles futti gemaach, an dat kascht vill Suen. Ass et net méiglech, esou wéi et emol war, datt eis Police sech net nëmme bei Cortègë weist, mä Präsenz um Terrain no beim Bierger weist an net nëmme mam Auto laanscht fiert?

An der Beetebuerger Gemeng hu se ee Parkwiechter agestallt. Wann ech mech gutt erënneren, dann hate mir och emol am Gemengerot vun esou engem Mann Rieds. Kéinte mer net esou ee Poste virgesinn?

Bei eiser Mülltax fänke mer un defizitär ze ginn, esou ëm déi 250.000 Euro. Hei wier et intressant ze wëssen, ob an deene villen Appartementshaiser déi gréng Dreckskëscht och am Gebrauch ass. Ech kann awer verstoen, datt den Intressi vläicht net esou grouss ass, an dat aus hygiènesche Grënn, zum Beispill am Summer bei waarmen Temperaturen.

Wa mer bei der Presentatioun vum 5-Joeres-Plang gemengt hunn, datt am extraordinäre Budget et bal net méiglech wier fir d'Zomm vun 20 Milliounen Euro ze verschaffen, da gesi mer haut am Rectifié, datt do 27 Milliounen Euro verschafft gi sinn. An am Budget 2013 sinn 22,5 Milliounen Euro virgesinn. An dat ouni Sue léien ze goen, net wéi aner Gemengen. Ech hoffe fir déi, datt d'Zënsen nach laang esou niddereg bleiwen.

22,5 Milliounen Euro, bei enger Awunnerzuel vu 17.000 Leit, maachen 1.325 Euro op de Kapp. Villes, wat ugefaange ginn ass, wäert fäerdeg gemaach ginn. En etlech Projete wäerten am Laf vum Joer och an Ugrëff geholl ginn.

Alles an allem war d'Finanzkommissioun der Meenung en akzeptabele Budget presentéiert kritt ze hunn. Merci dem Buergermeeschter, de Schäffen an de Mataarbechter fir dat Dokument.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci fir dem Här Polfer seng Interventioun zum Budget. Ech wollt just op e puer generell Saachen, déi mech concernéieren an déi a meng Ressorte falen, agoen.

Et ass richteg, datt eis Gemengeschold nach eng Kéier ëm 2 Milliounen Euro zeréckgaangen ass. Dat ass positiv an dat setzt eis och an eng Lag – wa mer eng Kéier miissten op friemt Kapital zeréckgräifen – fir nei Projeten ze realiséieren andeems mer eventuell op friemt Kapital zeréckgräifen. Dat war viru Joere vläicht net de Fall. Mä haut si mer an der Lag fir ze soen, datt mer eng Gesamtfinanzsituatioun hunn, déi eis weider Investissementer erlaabt.

Et ass awer nëmme méiglech gewiescht fir déi Investissementer ouni Emprunt ze maachen, well mir an deene leschte Joere Fouss beim Mol gehal hunn, wat d'Evolutioun vun den ordinären Ausgaben ubelaangt.

Et brauch een nëmmen emol selwer eng Kéier den Exercice ze maachen an ze kucken, wat an de Gemengen am Duerchschnëtt pro Awunner am ordinäre Budget an an den ordinären Ausgabe steet. Da kann ee feststellen, datt mir als Gemeng Péiteng ganz bescheide sinn. An dat ass wahrscheinlech och d'Ursaach, datt mer haut deen Iwwerschoss am ordinäre Budget hunn.

Ech wollt och op d'Taxen ze schwätze kommen. Mir hunn effektiv dëst Joer iwwerhaapt keng Taxenerhéijunge virgesinn. Mir wëssen, datt et de Leit de Moment net esou gutt geet an datt d'Leit musse kucke fir hir Enner zesummenzekréien. Doduerch steet et engem schlecht zu Gesiicht, datt een d'Taxen an d'Luucht setzt. Mir hunn awer natierlech och déi Obligatioun als Gemeng, fir e käschtendeckende Präis fir d'Waasser, d'Ofwaasser an de Müll ze schafen. Dofir wäerte mer awer am Laf vum nächste Joer eng Analys maache fir ze kucken, wéi mer do stinn. An da wäerte mer hei am Gemengerot mussen driwwer diskutéieren, ob mer an Zukunft eng Adaptatioun an eenzelne Beräicher musse maachen. Mä wa mer am Joer 2013 eng Décisioun sollten huelen, da gëlt déi awer sécher eréischt ab dem Joer 2014.

Wat d'Investissementer ubelaangt, esou ass et richteg, datt déi op engem ganz héijen Niveau sinn. Et ass och schwéier fir technesch deen Niveau ze halen. Et geet net alleng duer, datt een d'Sue fräistellt fir déi Aarbechten ze maachen, mä et muss een et natierlech och um Terrain ëmgesat kréien. A wann ee weess, datt esou gréisser Projeten awer ganz schwiereg Prozedure mat sech bréngen, a wann ee weess, datt nieft den Aarbechten an de Schoulen och nach weider Schoul gehale gëtt, da muss een dat natierlech och alles coordinéieren. An dat bréngt mat sech, datt net alles an engem Ruck ze maachen ass an datt ee muss Récksiicht huelen op de Betrib an d'Liewen an eiser Gemeng.

Mä ech ginn Iech Recht. Wa mer Investissementer an Héicht vun 22,5 Milliounen Euro am Joer 2013 realiséiert kréien, dann hu mer gutt geschafft.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat Ofwaasser ubelaangt, esou ass et richteg, datt keng Taxenerhéijung virgesinn ass. Et ass och esou, datt mer – wat d'Ofwaasser betrëfft – och nach en neien Dossier technique vum Waasserwirtschaftsamt virgeluegt kritt hunn a wou déi 4 Gemengen aus dem Kordall nach eng ganz Rei nei Donnéeë mussen eraginn. D'Resultater dovunner wäerte mer eréischt am éischte Semester vun 2013 kënnen analyséieren. Et schéngt awer esou ze sinn, datt mer och op deem Gebitt defizitär sinn an datt beim Ofwaasser eng liicht Adaptatioun no uewen am Joer 2014 miisst envisagéiert ginn. Et sinn effektiv 976.942 Euro am extraordinäre Budget vum SIACH virgesinn. Déi Zomm ass geduecht, fir Aarbechte vum SIACH fir d'Gemeng Péiteng ze finanzéieren. Et ass dat haaptsächlech den Uschloss vu Rodange-Fonderie un d'Kläranlag. Do mécht de SIACH d'Viraarbecht fir d'Gemeng an d'Gemeng bezilt déi Suen duerno zeréck un de SIACH.

Et ass och all kéiers verschidden, wann der frot, wat d'Déifferdenger Gemeng huet. D'Déiffedenger Gemeng huet dëst Joer 739.838 Euro do stoen. Dat ass manner wéi déi Péitenger Gemeng. Par contre haten se awer am Budget rectifié d'lescht Joer 1.222.000 Euro, woubäi mir awer nëmmen 390.000 Euro am Budget rectifié stoen haten. Dat changéiert a Fonctioun vun den Aarbechten, déi fir déi eenzel Gemenge gemaach ginn. Den ordinäre Budget ass normalerweis opgedeelt op de Prozentsaz bei der Bedeelegung un der Kläranlag an den extraordinäre Budget ass a Fonctioun vun den Aarbechten, déi fir déi eenzel Gemeng gemaach ginn. Déifferdeng wäert an deenen nächste Joeren nach ganz staark musse participéieren, wéinst deenen Aarbechten déi do nach ausstinn.

Bei der rue des Ateliers hate mer jo am Budget ugedeit, datt mer déi Aarbechten zesumme mat der Käerjenger Gemeng maachen. D'Käerjenger Gemeng ass fiederféierend bei deenen Aarbechten a mir rembourséieren op Grond vun engem Prorata eis Part.

Zum Parkwieschter ass ze soen, datt fir de Moment d'Reglementatioun net ganz kloer ass. Et ass ëmmer nach en "agent municipal" an hien huet nach keng kloer Aufgabegebitter wat de Bann ubelaangt. Hien däerf keng Protokoller maachen oder eng Identitéitskaart froe wann eng Persoun Dreck op de Buedem gehäit oder den Hond maache léisst. Un enger Reglementatioun soll geschafft gi fir déi Kompetenze vun deenen Agente kloer ze definéieren. Wann et nëmmen ass, fir datt dee Parkwieschter doruechter trëppelt fir de Leit de béise Fanger ze maachen, dann huet et kee grousse Wäert, datt mer en hunn. Hie muss schonn d'Méiglechkeet hu fir d'Personalien ze froen a géint déi Persoun eng Plainte ze maachen. Bis elo war et ëmmer esou, datt sech d'Police dogéint gewiert huet, well se keng zweet Police wollten hei am Land hunn. An et mussen elo emol eng Kéier d'Kompetenze ganz kloer festgeluegt ginn. A wann et esou ka sinn, datt mer eng Zort Parkwieschter kënnen astellen, da si mir déi éischt, déi dorunner interesséiert sinn. Well mir si scho genuch mat Vandalismus geplot an d'Onsécherheetsgefill vun de Leit wiisst. Haaptsächlech ëm dës Zäit, wann et owes fréi däischter ass.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Beim Müll gëtt et fir 2013 eng Neierung. Bei der Mülltax gëtt et jo eng "partie variable" an eng "partie fixe", déi vun elo u

musse getrennt gefouert ginn. 2012 waren 1.430.000 Euro virgesinn, mä mir sinn awer op 1.425.000 Euro am Rectifié komm. A wa mer elo déi 1.040.000 Euro fir d'Partie fixe an déi 450.000 Euro fir d'Partie variable huelen, da komme mer awer méi oder wéineger do erun.

Et dierf een och net vergiessen, datt bis elo dat lescht Trimester vum Joer 2012 nach net verrechent ass. Et ass nëmmen eng Schätzung gemaach ginn, mä dee Montant ka jo och nach änneren, ëmsou méi de Müll jo och mat der Zuel vun den Awunner variéiert. Déi genee Chiffere kréie mer jo am éischten Trimester vun 2013 matgedeelt.

**Becker Romain (déi gréng):**

"Eis geet et nach gutt", sot de Finanzminister bei der Presentatioun vum Statsbudget déi lescht Woch an der Chamber. Jo, Här Minister, eis geet et nach gutt, mä ëmmer méi Leit hei zu Lëtzebuerg an och an der Gemeng Péiteng kënne mat där Ausso näischt ufänken. Well ëmmer méi Leit geet et net méi gutt, wann ee gesäit, datt ëmmer méi Betriber hir Dieren zoumaachen, sief dat, well se an den ieweschten Étagen zum Deel falsch investéiert haten oder sech verspekuléiert hunn, a wann ee gesäit, datt ëmmer méi Wunnengen och ëmmer méi deier an domatter onerschwénglech gi fir verschidde Familen.

A senger Circulaire n° 3035 vum 25. Oktober 2012 schreift den Inneminister "... l'économie luxembourgeoise reste dans une phase difficile ...". Dat ass een neie Saz, nodeems 2009, 2010 an 2011, dräimol hannereneen an der Circulaire stoung "... de poursuivre une politique budgétaire rigoureuse afin de conserver les atouts favorables actuels de notre situation financière".

Dat heescht näischt aneres wéi d'Situatioun ass eescht an et gi keng "atouts favorables" méi, déi ee ka konservéieren.

Dir frot iech vläicht, wou mir als Oppositiounspartei un déi Circulaire kommen, well de Péitenger Schäfferot et jo net fir néideg fënnt fir se un d'Membere vum Gemengerot weider ze ginn, fir datt dee ganze Gemengerot um selwechten "niveau d'informations" ass. Mä déi Circulairë sollte weidergeleet ginn, si mir an der Formatioun vun de Gemengeconseillere vun de Vertrieder vum Inneministère gewuer ginn.

Merci un alleguerten déi Beamten aus der Gemengeverwaltung, déi un dësem Budgetsdokument matgeschafft hunn. Fir si war et bestëmmt genee esou schwéier a komplizéiert wéi fir déi Gemengeconseilleren, déi sech mam Dokument ausernee gesat hunn, fir mat där neier Nomenclature eens ze ginn. Jo, et war eng Sisyphusaarbecht fir sech dran erëmzefannen, virun allem, wann ee wollt de Budget 2012 mat deem vun 2013 vergläichen, wat bal onméiglech war.

D'lescht Joer hunn 3 Leit vun der Majoritéit hei am Sall zum Budget 2012 gemengt, datt et en Iwwergangsbudget ass. Anerer hu gesot, et ass en Austéritéitsbudget. A wéi wëllt der dann dee vun 2013 nennen? Et ass näischt Neies dran, wat hätt kéinte vum Juniorpartner an de Budget erafléissen, dee Juniorpartner, dee jo virun engem Joer gemengt hat, mir miissten him eng Chance ginn, e wier jo nei. Mä e kënnt ganz einfach net zum Zuch. Mir gesi just Projeten, déi fäerdeggestallt ginn, an Investissementer, déi mer duerch d'Gesetz virgeschriwwe kréien a se musse maachen, wéi zum Beispill d'Schoulen an d'Kannerbetreiung a wat domatter zesummenhänkt oder Infrastrukturen, wéi d'Waasserversuergung, asw.

Mä dat alles verhënnert awer net, datt mer mat de Resultater vum Budget kënnen zefridde sinn. Just Verdeelung läit eis ë bëssen um Mo.

Wa mer da vum Schäfferot esou Aussoen héiere wéi déi zum "Grand Bis" zu Rodange, wou vu 500 Aarbechtsplaze Rieds geet, déi anscheinend net kënne realiséiert gi well de Buedem verseucht ass oder wéinst de Flëntermais, da grenzt dat schonn ë bëssen u Populismus. Et ass nëmme gutt, datt mir hei am Land nach Gesetzer hu fir den Ëmweltschutz an den Aarteschutz ze garantéieren. Et ass e Fakt, datt de Buedem verseucht ass an datt bei Schmelzterrain, respektiv Arbed- oder neierdéngs ArcelorMittal-Terrain de Prinzip vum "pollueur-payeur" net méi spillt. Den Här Mittal miisst déi Sanéierung bezuelen, an dat op alleguerten den Industriefrichen, déi d'ArcelorMittal fir en Apel an e Stéck Brout vum Lëtzebuerger Stat krut. Dësweidere miisst an deem selwechte Fall och eng Expropriatioun méiglech sinn. Et kann net sinn, datt mir déi eidel Eucosider-Hale miisste fir deiert Geld nees ofkafen.

Et steet och am Libellé ënner den aussergewéinlechen Ausgabe bei "Gestion des Eaux usées" zum Grand Bis "... vu la contamination retrouvée ...". Mä firwat kritt de Gemengerot d'Resultater vun deenen Étuden ni virgeluegt? Firwat kritt eis Ëmweltkommissioun déi Étuden ni ze gesinn?

Wat déi nei Skulptur betrëfft, wat jo sollt eng "Robert Schuman-Skulptur" ginn, weess keen esou richteg wouhinner domatter. Si war virun 2 Joer schonn am Budget an d'lescht Joer huet et nach hei geheescht, dass se géif op d'Avenue de l'Europe an d'Géigend vum LTMA stoe kommen. An elo soll se an d'Kierchstrooss bei de Rond-point kommen. Wiem hu mer do wat versprach? Sollte mer déi 165.000 Euro net aneschters affektéieren? Virum allem, wann et eng Skulptur vun engem Politiker gëtt, ass dat net onbedingt Konscht, mä Götzenkult.

Zur neier Informatisatioun vun der Gemeng, iwwer Internet an esou weider, hat den Här Breyer och schonns viru Joeren hei ugekënnegt, datt d'Gemengerotssëtzunge géifen opgeholl ginn a via Livestream um Internet iwwerdroe ginn, respektiv um Péitenger Kanal, oder zäitversat um Internet nozelauschteren oder nozekucke wieren, wéi et aner Gemenge scho laang maachen. Mä vun deem Projet héiert een näischt méi. Ass dat Geschicht, oder ass et Angscht?

Zum PAP am Zentrum vu Rodange, fir den ënnerierdesche Parking ze plangen, stinn nach eng Kéier 40.000 Euro am Budget. Mir denken, datt et vläicht gutt geduecht war a sech gutt verkaf huet virun de Wahlen, mä datt dee Projet schlussendlech net ze realiséieren ass. De Numm "Blobierg" kënnt net vun ongeféier, mä duerch de bloe Lehmbuedem. Wa mer elo ufänken, déi geplangte Residenzen hanner der Kierch ze bauen, mat 2 Stäck ënnerierdesch, an duerno och nach deen ënnerierdesche Parking virun der Kierch, da kéint eis emol esou eng passéiere wéi zu Déifferdeng. Béiss Zonge behaapte souwisou, datt dee Parking ni wäert Realitéit ginn. An deem Fall miisste mer jo en neie PAP hei stëmmen, oder net?

D'Gemengenatelieren a -garage stinn nach am Budget ënner dem Libellé "2009-2012: étude de sol supplémentaire demandé par l'administration compétente". Firwat kritt de Gemengerot d'Resultater vun där Étude net virgeluegt? Virun allem, well mer hei am Sall eng länger Diskussioun iwwer dee Projet haten. Krut d'Ëmweltkommissioun d'Resultater vun där Étude?

Wat de regionale Büro vum SNJ betrëfft, wier et net elo ubruecht – an enger Zäit, wou d'Wunnengen anscheinend ëmmer méi knapp ginn – a genee deem Appartement eng Sozialwunneng ze maache fir Leit "en détresse" an de Büro vum SNJ op een anere Site ze verleeën? Mir sollte mëttlerweil dovunner ofgesi fir Appartementer a Wunnresidenzen als Büroen ze mëssbrauchen. Och an der Residenz um Eck "rue Adolphe / rue de Luxembourg" ass e

Büro an enger Wunneng. Op nationalem Niveau waren alleguer d'Parteie sech eens fir vu Büroen an den Appartementer ofzegesinn.

Mir als Gemeng miissten och op de Wee goe fir Bauland ze erschléissen a käschtegënschtege Wunnraum fir Famille bereetzestellen, fir esou géint déi ganz Spekulatioune virzegoen. Well dat méiglech ass, musse mer net ëmmer all Fläch Bauland de Promoteuren iwwerloossen, déi sech duerno eng gëllen Nues um Bockel vun de Leit verdéngen. Et muss am Wunnengsbau eng grondleeënd Ännerung kommen, well ëmmer méi Leit an eiser Gemeng sech déi deier Wunnengen net méi kënne leeschten. Och miisste mer méi mat der “Société nationale des habitations à bon marché”, déi de Rôle vun engem “promoteur social” huet, zesummeschaffen.

Mir mengen och, datt et un der Zäit wier, datt mer zu Péiteng een Cent-Buttek kéinten aféieren. Well als fënnefgréisst Gemeng aus dem Land hu mir vill Stéit an eiser Gemeng, déi an enger ganz prekärer finanzieller, an dowéinst och schlechter, sozialer Situatioun sinn. Ëmsou méi mer elo masseg Geschäftsraim kréien, wou mer wahrscheinlech Krämpes hu fir se ze besetzen. Ech denken do un all déi nei Residenzen, wou jeeweils de Rez-de-chaussée virgesinn ass fir Geschäfter. An et wier elo wierklech un der Zäit, fir esou séier wéi méiglech e Projet auszeschaffen, sief dat als Gemeng, sief dat mat engem anere Partner. Et geet net duer, fir eemol am Joer en Opruff ze maache fir Kleeder ze spenden ënner dem Slogan “Péiteng hëlleft”, mä et muss séier a kontinuéierlech gehollef ginn.

Wat d'Chancëgläichheet ubelaangt, wier et net un der Zäit fir ee “Service de l'égalité des chances” ze schafen, esou wéi aner Gemengen dat schonn hunn? Dee Service organiséiert Formatiounen, Workshopen, Konferenzen, de Boy's and Girl's Day a këmmert sech ëm d'Ëmsetzung vun der europäescher Charta, déi mir jo hei am Gemengerot gestëmmt hunn.

Dir Dammen, dir Hären, eis steet d'Waasser bis un den Hals. Nee, net wéinst deene schwéieren Zäiten an och net wéinst dem Geheimdéngscht-Skandal an de Krisen, déi d'Madame Conter ernimmt huet, mä wéinst der PiKo-Schwämm zu Rodange, wou d'Waasser net nëmmen am Basseng, mä och nach am Keller steet. Och an der Péitenger Schwämm hu sech am Keller en etlech Zentimeter Waasser gesammelt, Fun-City steet ënner Waasser an d'Péitenger Millen huet Waasser am Keller. Mir hoffen, datt dat alles net e schlecht Omen ass, well wéi d'Maya profezeit hunn, geet et Freideg d'Welt ënner, ... oder sollt et de Budget sinn?

20.000 Euro fir Storen an der Sportshal zu Rodange, fir datt d'Büroe vum FC 91 der Hëtzt net méi esou ausgesat sinn. Wisou huet de Rodanger Fussball da Büroen an engem “hal polyvalent” vun der Gemeng? Hunn dann och alleguer déi aner Sportsveräiner Büroen an där selwechter Hal?

Fir 65.000 Euro gëtt zu Rolleng de Boulodrome iwwerdeckt. Dat ass nawell e grousse Chiffer. Soll dat esou een Daach gi wéi um PiKo? Wa Sonn ass, geet en op, a wann et reent, geet en zou. An e puer Joer wäerte mer alles ronderëm zoumaachen. Dann ass et en In-House-Boulodrome. Hätt een dat net kéinten direkt maachen? Wat nach op deem Site opfält ass, datt déi Buvette, déi jo geduecht war fir d'Boulespiller während hire Matcher, op eemol zum Quartiers-Bistro mutéiert ass. Wat natierlech flott ass fir de sozialen Aspekt, fir d'Zesummekommen, mä och dat war net esou geduecht an ass och wahrscheinlech net esou erlaabt.

Wéi wäit ass de Projet, wéi schonns viru Joeren hei ugekënnegt gouf, vun engem Boulodrome zu Péiteng? Dee sollt jo am iweschten Deel beim Park gemaach ginn. Ass dee Projet nach um Liewen?

De Péitenger Fussballsterrain, Neen, dee gëtt net iwwerdeckt, mä dee kritt en “Hybridrasen” fir 300.000 Euro. Dee System ass, laut menge Recherchen, anscheinend den “Top”. Da kréie mer elo super Resultater, well den AC an den Inter Mailand, Manchester City, Arsenal, Liverpool an Tottenham si just e puer Veräiner, déi op esou engem Hybridwues spillen. Et wäert jo net laang dauere bis déi aner Fussballveräiner aus der Gemeng och gären esou eppes hätten.

De Volet Environnement huet an der Presentatioun vum Budget just aus engem Saz bestanen. Ma dat ass nawell symptomatesch bei eisem Schäfferot, dee léiwer Geld ausgëtt fir den Tourismus. Mä wa mer bis keng Natur méi hunn, dann hu mer och keen Tourismus méi, wa mer es da jeemools sollte kréien.

Den Ëmweltschäffen huet gesot: “D'Natur erhalen ass fir eis all weiderhin eng grouss Obligatioun”. Absolut richteg, an dat virun allem fir eis Kanner a Kandskanner, fir datt si och nach kënne vun der Natur profitéieren.

Hien huet gemengt, datt mer eis Loftmiessunge konsequent weiderféieren, grad esou wéi d'Zesummenaarbecht mam Sicona – dee jo ëmmer muss duerhale fir sech hannendrun ze verstoppen – an den Ëmweltprogramm mat de Schoulkanner. Zu de Resultater vun de Loftmiessunge sief nach eng Kéier gesot, datt mer do ëffentlech Informatiounsversammlunge vermëssen an deenen d'Spezialisten de Leit op eng verständlech Manéier erklären ëm wat et geet. Well d'ganz Bevëlkerung huet e Recht déi Resultater gewuer ze ginn.

Da feele weider Konzepter wéi

- an der Mobilité douce. Et geet net Rieds vun engem Vëloswee, deen eis 3 Uertschafte verbënnt. An dat net duerch de Bësch, mä duerch d'Dierfer, fir datt en och ka genotzt gi fir zum Beispill schaffen ze fueren, akafen ze fueren, asw.;
- Photovoltaikanlagen op eise Gemengegebaier, déi mir Gréng schonn e puermol hei am Sall ugeschwat hunn, wéi zum Beispill beim Centre sportif zu Péiteng, eise Primärschoulen, der Sportshal zu Rodange (wou mer jo wéinst der viller Sonn esouguer Storë mussen installéieren), dem Centre culturel zu Rodange, dem Centre de loisirs zu Rolleng, der Rodanger Kierch, dem ale Pompjeesgebai zu Péiteng, dem Gebai ‘A Rousen’ an net zulescht beim Gemengenhaus. Domatter zesummenhängend kéint een eventuell en Energiepark op d'Been setzen, wou sech d'Awunner kënne finanziell dru bedeelegen, esou wéi dat an anere Gemenge scho fonctionnéiert;
- d'Iddi, fir e Solarkadaster vun der Gemeng opstellen ze loossen. Fir datt mer als Gemeng, awer och d'Privatleit, gesinn, op wellecher Plaz sech Solarpanneaue lounen a wéivill;
- Bornë fir elektresch Autoen opzelueden an iwwerhaapt elektresch Autoe bei der Neiuschaffung vu Gemengegefierer;
- de Pedibus, wou een e Projet kéint ulafe loossen, wou ee Gemengebeamten oder –beamtin mat de Kanner géif an d'Schoul goen, well de Projet mat den Elteren als Begleetpersoun net geklappt huet. Mir hunn där Leit jo och an de Schoulbussen;
- d'Aféierung vun Tempo 30 Zonen a “shared space”, do wou et méiglech ass.

Mir sinn och nach ëmmer net am Réseau vun de “Pestizidfräi Gemengen” an och nach ëmmer keng “Fair-Trade Gemeng”.

Dat alles si keng Phantastereien. Dat si lauter Projeten, déi et schonn a ville Klimabündnis-Gemenge gëtt. An et ass och bewisen, datt eenzelner vun deene Projete sech richteg rentéieren. Mä mir als Gemeng Péiteng, Member vum Klimabündnis, waren eis déi Saache guer net ukucken. Mir waren net present um 4. Klimadag zu Diddeleng, wou all d'Gemengen hir Projete virgestallt hunn. Well iwwer d'Klimabündnis kritt ee vill Inspiratiounen an et trëfft een Uspriechpartner mat der néideger Erfahrung op Gemengen-niveau. Also loosst eis dach dovunner profitéieren.

Wéi der gesitt, bleift a Saachen Ëmwelt nach vill ze maachen. Et sinn nach ëmmer net déi richteg Akzenter gesat ginn. Mir vermëssen nach ëmmer zukunftsweisend Investitioune fir eng nohalteg Entwécklung.

Dir Dammen, dir Hären, mir wäerten net labber loossen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci dem Här Becker fir seng Interventioun. Ech wäert versiche fir Stellung zu verschiddene Punkten ze huelen, déi fir d'éischt eng generell Approche zu Budget sinn.

Déi Circulaire vum 25. Oktober 2012 huet effektiv en anere Wuertlaut gehat, mä d'Essenz vun der Circulaire ass déi selwecht. Mir sollen eng riguros Budgetspolitik maachen. An déi ass noutwenneg an där heiteger Zäit. Et kann een net einfach alles maachen an eng Rei Saachen, déi elo hei opgezielt gi sinn, si ganz schéin. Mä et muss een awer kucke fir déi richteg Prioritéiten ze setzen. An Dir hutt ganz richteg gesot, datt eng ganz Rei Projeten a Saachen dobäi sinn, déi d'Gemenge musse maachen.

Mir sinn haut op engem Punkt ukomm, wou eng Gemeng emol fir d'éischt dat muss maache wat zu den Aufgabe vun enger Gemeng gehéiert, ier ee sech nach an aneren Domainen orientéiert. An déi Aufgaben, déi eng Gemeng als obligatoresch Aufgaben huet, musse beschtméiglechst gemaach ginn. Eng ganz Rei Aufgaben, déi hei opgezielt goufen, wéi zum Beispill d'Kannerbetreiung, sinn nach fräiwëlleg Aufgaben, an do ass d'Gemeng nach ëmmer fräi fir Jo oder Neen ze soen. Et ginn eng ganz Rei Aufgaben, déi enger Gemeng net als obligatoresch Aufgaben operluegt ginn, mä déi hei an der Gemeng Péiteng trotzdem zur genügend Rechnung gedroe ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Kultur- an d'Sportsinfrastrukturen, déi mer gemaach hunn an nach maachen, an déi hei an der Géigend hires Gläichens siche kënnen.

Sécher ass, datt mer an Zukunft no engem gewëssene Schema fueren. An dofir hu mer jo och am Juni hei am Gemengerot e "plan pluriannuel" gestëmmt, deen de Kader fir eng Rei Saache gesat huet. An déi Rumm huet de Gemengerot hei ofgeseent an dee Plang gëtt och ëmgesat. A wann ech hei Saache liesen, déi vläicht net an där Rumm sinn, da musse mer déi am "plan pluriannuel" fir d'Period 2018-2023 virgesinn.

Mä datt mer nieft der Ëmsetzung vun deem "plan pluriannuel" mat 110 Milliounen Euro, dee mer am Juni gestëmmt hunn, och nach eng ganz Rei aner Iddien entwéckelen, déi och nach Sue kaschten, ass mat deene Mëttelen, déi mer hunn, net méiglech. 110 Milliounen Euro ginn no deene Critèren, déi mer hei am Gemengerot festgehalen hunn, investéiert a mir wäerten dat och an där Form respektéieren.

Doriwwer eraus, déi nächst Wahle si jo geschwënn. A wéi seet de Kolleg Camille Bosseler ëmmer: "Wann déi lescht Wahle geschloe sinn, geet d'Virbereedung vun deenen nächste Wahle lass". Also kënne mer schonn Iddie sammelen, déi mer dann no 2017 kënnen ëmsetzen. Mä mir setzen eis als Haaptzil fir dat ëmzesetzen, wat mer hei am Gemengerot festgeluegt hunn.

Wat elo de "Grand Bis" ubelaangt, esou wëll ech do net allzevill drop agoen, well dat wäert sécherlech nach den Här Breyer maachen. Mä ech muss Iech soen, datt deen Terrain net der Gemeng gehéiert. Deen Terrain gehéiert och net ArcelorMittal, mä e gehéiert dem Ministère de l'Economie. Mir si scho laang am gaange mat hinnen ze verhandelen. Mä et ass ëmmer méi schwiereg fir op friemem Terrain ze agéiere wéi op sengem eegenen. Fir de Moment si mer am gaange mam Propriétaire vun deem Terrain – wat de Stat ass – ze diskutéieren, wat do ka gemaach ginn. An dee Projet, dee virläit, mat deem PAP dee scho viru Jorzéngte gestëmmt ginn ass, gesäit vir, fir do eng "zone économique" ze maachen. An net fir do ee Park ze maachen oder e Biotop opzeriichten. Mä et geet drëm – an dat huet de Gemengerot eng Kéier hei festgehalen – fir eng "zone économique" hei ze maachen. Wa mir awer elo anerer Meenung hei am Gemengerot sinn a soen, datt et méi schéi wier, fir do e Park ze maachen, da musse mer doriwwer mam Propriétaire diskutéieren a klären, op dat sollt geschéien.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat hu mir ni gesot.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech hunn dat awer esou eraushéieren. Dann hunn ech mech vläicht geiert.

Da kommen ech zum PAP am Zentrum vu Rodange. Mir hunn e PAP am Zentrum vu Rodange gemaach, deen déi Aarbechten enveloppéiert, déi nächst Joer uginn. Et ass dat lénks nieft der Kierch.

Deen ënnerierdesche Parking – wou Dir sot, datt béiss Zonge behaapten, datt deen ni géif realiséiert ginn – huet näischt mat deem PAP ze dinn. Dee Parking war an deem "plan directeur" virgesinn, dee mer vun engem Büro entwéckele gelooss hunn. An dee "plan directeur" huet dee ganze Quartier enveloppéiert. Mä do steet awer net alles bis an dee leschten Detail dran. D'Detailfroe kënnen duerno nach am Kader vun engem PAP gekläert ginn. Esou kann och beim Projet vum ënnerierdesche Parking eventuell nach eng Ännerung kommen, well dee Projet jo och nach am Gemengerot diskutéiert gëtt ier e realiséiert gëtt. Mä ech kann Iech garantéieren, datt op deem Site – wou mer de PAP gemaach hunn – keen neie PAP gemaach gëtt. Mir si frou, datt mer do um Enn vum Tunnel ukomm sinn a mir wäerten do mat den Aarbechten ufänken. An deene leschten 10 Joer hu mer alleguerten déi Hürde geholl, déi noutwenneg waren, an dofir sinn ech frou – grad esou wéi jiddereen heibannen – , datt mer endlech esouwäit sinn. A mir sollen net erëm ufänken un dee PAP fréckelen ze goen a vu vir erëm ufänken.

Da sot Dir, et wier net gutt, fir an Appartementer Büroen ze maachen. Effektiv ginn et esou Raimlechkeeten. Si sinn zwar seelen hei an der Gemeng. Ech wëll Iech awer drop opmierksam maachen, datt mir hei an der Gemeng Péiteng an enger Situatioun sinn, wou eis Populatioun wahnsinneg wiisst. Mir wuesse méi séier wéi et eis vläicht Recht ass. Mir wuesse méi séier wéi mer et eigentlech miisste maache laut deem "pacte logement", dee mer ënnerschriwwen hunn. Mir sinn eigentlech – am Géigesaz zu anere Gemengen – guer net an der Lag, wou mer mussen als Gemeng Gas gi fir neie Wunnengsraum ze schafen. Et gëtt hei iwwer de private Secteur ganz vill Wunnraum geschaf. Mir sinn eis och bewosst – an dat hutt Dir ganz richteg gesot - , datt d'Präisser net ëmmer déi selwecht sinn um private Maart wéi um ëffentleche Marché. A wann Dir de Budget gekuckt hutt, da sti Suen am Budget dra fir zu Rolleng e PAP ze maache fir Gemengenwunnengsraum ze schafen. Et ass awer esou, datt – wann eng Gemeng dat mécht – et ëmmer e bësse méi schwéier ass. Dëse PAP soll awer d'nächst Joer gemaach.

An ech sinn ëmmer virsiichteg an deene Saache well ech weess, wéi d'Prozeduren hei zu Lëtzebuerg sinn. Wann een iergendwou e Bam fënnt, deen iergendwéi net op der richteger Plaz steet, dann hänke mer schonn erëm. Do kucke mer fir d'nächst Joer mat där Prozedur duerch de Bësch ze kommen. An da wäert dee Wunnraum och geschafe ginn.

Mir sinn och a Gespréicher mat der "Société nationale des habitations à bon marché", fir mat hinnen zesumme Projeten ze maachen. Ech kéint mer ganz gutt virstellen, datt si op deem dote Site ee vun eise Partner wäerte ginn. Esou wéi mer och am gaange sinn ze kucken – wann den LTMA am Zentrum vu Péiteng verschwonnen ass – fir eventuell op deem Site och neie Wunnengsraum ze schafen.

Do hu mer scho Gespréicher mam Stat gefouert – well deen Terrain gehéiert dem Stat an net eis – fir ze kucken, wat een do ka realiséieren. A virun engem Mount ware mer mat deene Leit zesumme fir ze kucken, a watfir eng Richtung datt mer ginn. A mir waarde Mëtt Januar op en Avis vum zoustännege Ministère, fir ze gesinn, op déi Richtung, an déi mer wëlle goen, och dee richtege Wee ass oder ob de Propriétaire vum Terrain sech eppes aneres virstellt.

An och do kann ee sech virstellen, fir mat der "Société nationale des habitations à bon marché" zesummen an d'Gespréich ze kommen an zesummen eng Léisung ze sichen.

Wat elo de Cent-Buttek ubelaangt, esou wëll ech awer drun erënneren, datt mir vläicht kee Cent-Buttek hunn, mä datt mer hei zu Péiteng eng "épicerie solidaire" hunn. A wann ech déi zwou Saache matenee vergläichen, da soen ech Iech awer ganz kloer, datt de Konzept vun enger "épicerie solidaire" mer wesentlech besser gefält wéi ee Cent-Buttek. Well am Cent-Buttek gi Leit eran, déi schonn ofgestempelt sinn ier se eraginn. Well jidderee weess, datt do Leit dohinner ginn, déi vum Office social kommen.

Bei der "épicerie solidaire" schaffe mer allerdéngs ganz aneschters. Do ka jiddereen higoen, all d'Awunner aus der Gemeng. An déi Leit, déi vum Office social kommen, hunn eng Käertche mat engem Vermierk, datt se Recht hunn déi Wueren zu engem méi bëllege Präis ze kréien. An all déi aner Persoune bezuelen deen normale Präis. An ech fannen déi sozial Kohesioun tëscht de Leit, deenen et vläicht net esou gutt geet, an deenen anere Leit mat dësem System vill besser.

D'Iddi bei der "épicerie solidaire" war awer och, fir emol Wueren ze huelen an de Leit Wueren ze verkafen, déi hei zu Péiteng oder an der Ëmgéigend geschaf ginn. An net Produiten zu onméiglechen Zäiten an engem Supermarché ze kafen, déi eigentlech guer net méi aktuell sinn. Dat heescht, net Äppel am Mäerz ze kafen, mä Äppel zu där Zäit ze kafe wou se och effektiv gepléckt ginn. Och beim Geméis soll e System op d'Been gesat ginn, wou ee passend zur Joereszäit déi verschidde Produiten ubitt. Natierlech gëtt et och d'Méiglechkeet, fir Konserven ze maachen. Et ginn an der "épicerie solidaire" och eng ganz Rei Saachen an de Konserve verkaf.

Ech si mer bewosst, datt déi Produiten, déi do ugebuede ginn, net all d'Facetten ofdecke vun deem, wat ee fir ze liewe brauch. Et kann een och ëmmer driwwer diskutéieren, ob een dee Projet net nach soll ausbauen. Ech gesinn et awer éischter an enger Richtung, datt een déi Cohabitatioun vun deenen engen an deenen anere Leit bäibehält. Net datt d'Leit schonn ofgestempelt sinn ier se dobanne sinn.

Wéi gesot, mir hunn eppes, och wa mer domatter net alles komplett ofdecken. An ech ginn Iech Recht, datt mer nach dorunner solle schaffen, mä ëmmer mat dem Hannergedanken, datt een déi Selektioun tëscht deene Leit net zevill offensichtlech mécht.

Mir hunn och mat Déifferdeng versicht, fir um Niveau vun hirer "épicerie sociale" zesummenzeschaffen. Mä dat ass awer nach net esou ausgeräift wéi et miisst sinn. Well d'Leit miisste sech da bis op Déifferdeng déplacéieren.

Ech ginn Iech Recht, datt mer och ëmmer méi Geschäftsfläch kréien. A näischt verhënnert, fir e System wéi dat doten op d'Been ze setzen. Mä ech hätt awer gären eng Léisung, déi verhënnert, datt ee Leit am viraus zevill ofstempelt, wa se an dat Geschäft do eraginn. Et soll ee sech och emol Gedanke maachen, wéi een déi Problematik kann ugoen.

Zu deene verschiddene Servicer, déi Dir wëllt schafen, sief gesot, datt de Schäfferot kee Frënd ass vun ze ville Servicer. All déi Saachen, déi Dir hei uschneit – wéi d'Konferenzen, d'Workshopen, an esou weider – si gutt Initiativen. Mä datt een dofir e spezielle Service – ech nennen dat gären e Waasserkapp - muss schafen, dat bezweiwelen ech. Mir sollen d'Iddien op den Dësch leeën – an hei si ganz flott Iddien dobäi – a kucken, wéi mer déi kënne realiséieren. Mä ech sinn net onbedengt dofir, datt mer dofir e weidere Service solle schafen. Vergläicht emol eisen Iwwerschoss mat deene vun anere Gemengen. An da sinn dat dote Servicer, déi dozou bäidroen, datt eisen Iwwerschoss vill besser ass wéi deen an anere Gemengen. Dat ass leider esou, well ee seng Suen nëmme kann op enger Plaz ausginn. Mä d'Iddien u sech si gutt an et soll ee versiche fir déi Iddien ouni een zevill groussen, administrativen Opwand ëmzesetzen.

An deene leschte Joeren hu mer als Gemeng Péiteng eng ganz Rei Saache gemaach ouni dofir zevill op d'Tromm geschloen ze hunn. Do wëll ech och op all déi Saachen agoen, wéi Fair-Trade, "Pestizid-fräi Gemengen", asw.

Et ass net esou, datt hei an der Gemeng op deem Niveau näischt geschitt ass. Mir schaffen och an déi dote Richtungen, ouni datt mer grouss Pressekonferenze maachen a grouss an d'Fënster stellen, datt mer deem engen oder anere bäigetruede sinn. Mir maachen et einfach ouni vill Gedeessems ronderëm. Mir huelen zum Beispill nëmme Fair-Trade-Produiten hei an der Gemeng. Mir maachen et, ouni groussen Tammtamm ze maachen. Et gi vläicht aner Politiker, déi léiwer fir d'éischt groussen Tammtamm maachen an duerno leeft dann net méi ganz vill an deem Beräich.

Da wëll ech nach eng Kéier op de Pedibus zeréckkommen. Et kann ee sécherlech Gemengebeamten a –beamtinen astelle fir mat de Kanner an d'Schoul ze goen. Mir kënne vläicht och nach Leit astellen, déi Kanner vläicht mueres schonn aus dem Bett huelen a se undinn, an esou virun. A wann déi Beamten oder Beamtinne mat deene Kanner an d'Schoul ginn, da mussen déi jo och bezuelt ginn. Ech sinn awer der Meenung, datt d'Elteren eng gewësse Responsabilitéit mussen iwwerhuelen. Et ass richteg, datt mir am Bustransport Leit hunn, déi fir d'Sécherheet solle suergen. Mä do muss een awer och wëssen, datt déi Leit, déi do derbäi sinn, zum gréissten Deel agestallt si fir zum Beispill d'Kanner am Dag an d'Schwämm ze begleeden. A si ginn och zum Deel zu Fouss. Déi Kanner aus der Park- oder der Eigent-Schoul ginn zu Fouss an d'Sportshal. Zu Rodange ass et d'selwecht. Just déi Kanner aus der Fonderie-Schoul, déi méi wäit ewech sinn, musse mam Bus an d'Sportshal gefouert ginn. Och déi Kanner, déi vu Rodange op Péiteng an d'Kantin kommen, gi gefouert. Mä all déi aner Kanner ginn zu Fouss. Hei zu Péiteng gëtt während der Schoulzäit kee Kand mam Bus gefouert. Déi ginn alleguerten zu Fouss. Mir haten eis eng Limit vu 500 Meter gesat, déi jidderee miisst zu Fouss kënne maachen.

Wéi gesot, d'Eltere mussen awer och hir Responsabilitéit huelen. An ech muss och soen, datt ganz vill Kanner zu Fouss an d'Schoul ginn. Zu Rolleng geet zum Beispill all

Kand zu Fouss an d'Schoul. Do ginn d'Eltere mat, och wann dat net ënner dem Zeeche vum Pedibus leeft.

De Problem vun der heiteger Zäit ass deen, datt d'Leit sech net wëlle forcéiert gesinn, all Dag mussen zu Fouss ze goen. An dofir maache si et léiwer gäre fräiwëlleg wéi wa si et an enger Struktur, déi mir ubidden, musse maachen. Mä doduerch, datt e Gemengebeamten oder –beamtin dat soll maachen, maache mer natierlech d'Dier erëm eng Kéier vill méi grouss op. An ech fäerten, datt mer se domatter zevill grouss opmaachen. D'Eltere mussen och eng Responsabilitéit iwwerhuelen. An et dierft vun den Elteren net zevill verlaangt si fir wéinstens d'Responsabilitéit ze iwwerhuele fir d'Kanner an d'Schoul oder an d'Maison Relais ze bréngen. Fir de Rescht versuerge mir jo d'Kanner.

Et sinn och anere Gemengen, déi bis elo de Pedibus haten an déi och ëmmer méi Schwieregkeeten domatter kréien. Mir hate jo och en Opruff gemaach, fir Leit ze fannen, déi de Pedibus géifen assuréieren. Et hu sech awer keng Leit gemellt. A wat nach méi schlëmm ass, dat ass, datt mir weder Leit fonnt hunn, déi et wollte maachen, nach Eltere bereet ware fir hir Kanner matzeschécken. Eng Struktur wéi de Pedibus ass gutt an ech wier frou, wa se géif fonctionnéieren. Mä dat soll ënner der Responsabilitéit vun den Eltere geschéien. A mir ware jo och nach averstane fir am Kader vum Bénévolat hinnen eng kleng Unerkennung ze ginn. Mir waren och averstane fir hinnen eng Assurance ze maachen. Mä et huet sech awer kee gemellt. A fir elo Gemengebeamten oder –beamtinnen domatter ze beoptragen – och wa mer keng weider Persoun astellen – geet a mengen Aen ze wäit a géif de Problem net léisen. Ech sinn der Meenung, datt d'Eltere solle fir hir Kanner eng gewësse Responsabilitéit selwer iwwerhuelen an dofir suergen, datt hir Kanner an d'Schoul oder an d'Maison Relais kommen ier se schaffe ginn. Dat ass awer e Mindest-Effort, deen ee ka vun den Eltere verlaangen. An dofir si mer e bësse méi retizent fir d'Dieren ze wäit opzemaachen.

Dat sinn déi Punkte gewiescht, déi mech direkt betraff hunn a géif dann d'Wuert weider u meng aner Kollegen aus dem Schäfferot ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Fir d'éischt wëll ech nach eng Kéier op de "Grand Bis" zeréckkommen. Wann Dir hei sot, et géif scho bal u Populismus grenzen, dann hunn ech den Toun gären esou gewielt. Well et ass nach praktesch déi eenzeg Waff, déi eis iwwereg bleift. De Buergermeeschter huet gesot, datt den Terrain dem Stat gehéiert. De Stat wëll deen Terrain zanter Joere scho regionaliséieren a wëll der Gemeng den Terrain einfach esou ginn. Mir wëllen awer kee "cadeau empoisonné" kafen. Mir wëlle gäre kloer wëssen, wat mer do kréien a wat mer do maache kënnen.

Mir wëssen, datt mer Demanden hei hunn, déi bis 500 Aarbechtsplaze kéinte goe wa mer deenen haut géife Rechnung droen. Mir wëssen och, datt den Environnement do blockéiert huet, an dat bei zwee Voleten. Deen een ass d'Verschmotzung an deen zweeten ass d'Erhale vun der Natur, wou se elo alleguerten Argumenter hunn, wat nach alles muss do gemaach ginn.

Deen eenzegen, deen Drock do ka maachen, wier de Ministère de l'Économie. Dee sicht jo awer nei Aarbechtsplazen. Deem gehéiert den Terrain an dee mécht net virun. A wann ee 15 Joer am gaangen ass doriwwer ze debattéieren, ze schwätzen an ze streiden, dann huet ee geschwë keng aner Waff méi, wéi op d'Strooss ze goen a populistesch ze ginn. An dat gëtt esouguer vum Minister vun der Économie recommandéiert. Wa mer mat deem zesummekommen, da seet hien, datt hie mat sengem Latäin um Enn ass a mir solle kucken, datt mer domatter op Strooss ginn. Mir sollen un d'Press eruntrieden an Drock vun der Strooss aus maachen. Dat maache mer elo. Wann dat déi eenzeg Waff ass, déi eis bleift, da maache mer dat. Et sinn nach e puer Perspektiven, déi ustinn. Mir hunn nach deemnächst Rendez-vous mat hinnen an och op aneren Ebenen, wéi zum Beispill aner Gemengen an dem Sikor. A wann do keen Drot entsteet, da musse mer den Drock esou maache wéi mer et proposéiert kruten. Et ass leider esou, datt et esouwäit muss goen.

Et stëmmt och, datt den Här Mittal hätt miisste forcéiert gi fir déi Terrainen ze sanéieren. Et ass dat e grousse Feeler, deen hei am Land geschitt ass. Wou d'Kris war, ass et nëmmen drëm gaange fir Stolindustrie ze retten an et gouf net no de Konsequenze gekuckt. Mir konnte schonn noliesen, wat Belval kascht a kënnen eis deemno ausmolen, wat d'Sanéierung vun deenen Terrainen hei wäert kaschten.

D'Étudë ginn net vun eis gemaach, mä vum Bureau Best an Optrag vum Ministère de l'Économie. Mir kréien heiansdo Informatioune matgedeelt, an dat haaptsächlech am Kader vun deenen Entrevuen, déi mer mat hinnen hunn. Ech weess och net, ob eis Ëmweltkommissioun vill domatter kéint ufänken, well de Spezialist vum Bureau miisst ëmmer mat dobäi si fir Erklärungen ze ginn. An de Bureau ass jo nëmmen zoustänneg fir d'Étuden ze maachen. Et ass dat jo nëmmen de Constat, datt op enger gewëssener Déift d'Grondwaasser iergendwéi nach do belaascht ass. Mä d'Mesuren, fir dat an d'Rei ze setzen, musse vum Ministère ëmgesat ginn. An de Ministère huet da Mesuren, déi tëscht 1 Millioun an 100 Milliounen Euro leien. An de Ball gëtt éiweg hin an hir gespillt.

Mir sinn es leet, 15 Joer deen Zauber do matzemaachen. An dofir ass deen Toun och ganz bewosst esou gewielt.

Da kommen ech zu der Robert-Schuman-Skulptur. Et war am Kader vun der "avenue de l'Europe" Rieds dovunner, datt mer wollten eng Skulptur dohinner maache fir déi "avenue de l'Europe" ze signaliséieren an och fir ze weisen, datt mer hei an engem 3-Länner-Eck sinn. An deen 3-Länner-Eck war nach ëmmer e Symbol vun eiser Gemeng. Ganz fréier stoungen op deem Rond-point "Porte de Lamadelaine" 3 Tiermercher, déi laang d'Symbolik gemaach hunn. Déi Tiermercher sinn duerch de Contournement verschwonnen. An déi Skulptur, déi elo sollt dohinnerkommen, gëtt keng Robert-Schuman-Skulptur. Et gëtt eng Skulptur, déi un den 3-Länner-Eck an och un déi 3 Uertschaften aus eiser Gemeng soll erënneren. Déi Skulptur kënnt och elo bewosst op de Rond-Point "rue de l'Eglise", well déi Plaz sech besser eegent an d'Skulptur och besser do ze gesinn ass. Mir kréie mat där Skulptur a mat deem rouden Haus eng flott Entrée fir eran a Péiteng. Déi Skulptur soll mat deem rouden Haus a mam Centre Wax zesummenhänken. An ech sinn deen, deen ëmmer drun erënnert, datt ee sollt fir d'Konscht 2% vum Invest bereetstellen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Breyer, do steet schonn esou eng Skulptur. Dat Monument mat deenen 3 eisenen Trägeren, déi mat enger schwaarzer Ketten zesummegestréckt sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass d'Symbol vun der "Borne du passeur". Dat huet näischt mat der Symbolik "3" ze dinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat sinn déi 3 Lokalitéiten, déi mat enger Ketten zesummegehale ginn, respektiv symboliséiert et den 3-Länner-Eck.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat Monument huet mam "Sentier des passeurs" ze dinn. Dir musst Är lokal Geschicht emol léieren. Et gëtt Zäit, datt emol erëm Bicher publizéiert ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Awer wierklech. Awer keng Molbicher, wann ech gelift.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat Monument ass 1984 dohinner gesat ginn, beim 40. Anniversaire vun der Liberatioun. Déi huet iwwerhaapt näischt mam 3-Länner-Eck oder mat deenen 3 Lokalitéite vun der Gemeng ze ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wat sinn dann déi 3 Träger mat där schwaarzer Ketten?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass dat e Symbol vun der Fräiheet an déi 3 Trägere sollen d'Passeure symboliséieren, déi iwwer déi 3 Grenzen ewech zesummegeschafft hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat Monument bleift awer dann do stoen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat Monument kënnt op eng aner Plaz am Kader vun deem ganze Reaménagement vun där Plaz. Maacht Iech keng Suergen. Dir sidd och sécherlech dobäi, wann d'Aweiung ass.

Ech sinn der Meenung, datt bei groussen Investissementer – wou nëmme Gebaier opriicht ginn – och sollt eng Skulptur opgeriicht ginn. Hei virum Gemengenhaus steet och eng Skulptur, déi am selwechte Verhältnis, dat heescht 2% vum investéierte Geld beim Bau, opgeriicht ginn ass.

Hei wieren et 2% vun deenen 8 Milliounen, déi um Site "Millen" engagéiert sinn. A mir maachen eng Skulptur dohinner, mat där mer eis garantéiert duerno och wuelfillen. Et gëtt keng "Götzegeschicht", mä et gëtt eng neutral Symbolik vum 3-Länner-Eck. Selbstverständlech kënnt de Projet nach an de Gemengerot.

Wat d'Informatiounspolitik ugeet, esou si mer ëmmer beméit, fir d'Informatioun nach besser ze gestallten. Et muss een awer och kucken, ob d'Technik zouverlässeg ass. Et gëtt ëmmer séier vum Live-Stream geschwat. Et muss een awer och kucken, wéi een dat eriwwerbréngt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dir hutt jo awer domatter ugefaangen. Dir hutt dat hei op dëser Plaz, an dësem Sall gesot.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech sinn och nach ëmmer der Meenung, datt een et soll maachen. Mä d'Technik muss awer och garantéieren, datt et fonctionnéiert. Virun 2 oder 3 Joer, wou ech hei am Sall dovunner geschwat hunn, hate mer eis einfach virgestallt, fir Kameraen heihinner ze stellen. Et muss een awer och eng ganz Technik dobäi hunn. Et muss een och kucken, wat de Käschtepunkt dovunner ass. An der Tëschenzäit ass déi ganz Technik schonn evoluéiert, mä si ass nach net esou, datt et ouni näischt geet an et einfach 1 zu 1 eriwwer gëtt. Eis zoustänneg Kommissioun soll emol kucken, wat do méiglech ass. Mir si ganz oppe fir esou Saachen. Ech wéilt och gären dobausse live gehéiert ginn. Well wat ee méi kommunikéiert, wat ee besser ka verstane ginn.

Beim ënnerierdesche Parking schwätzt Dir vu béisen Zongen. Béiss Zonge si béiss Zongen. Et ginn och gutt Zongen, déi behaapten, datt emol endlech eppes an deem Sënn geschitt. A wa mer do, op där Plaz, kee Parking kënne maachen, da froen ech mech, wou mer nach hei am Kordall eppes kënne maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Déi Ausso kënnt net vu mir perséinlech. Well dir kënnt Iech drun erënneren, datt mir dee Projet matgestëmmt hunn. An ech hunn och dobäi geschriwwen, datt esou ee Parking eng gutt Iddi ass. Mä et wieren awer Leit déi soen, datt ee sech keng Hoffnung bräicht ze maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi béiss Zonge wäerten ëmmer bleiwen. Mä Dir wäert och dobäi sinn, wann de Grondsteen wäert geluegt ginn. An dat wäert nach an dëser Period sinn.

Gemengegarage stinn am Budget an do si mer schonn iwwer d'Analysen ewech. Mir sinn elo am gaangen um PAP ze schaffen. Déi ganz Situatioun ass berengegt, wat d'Garagen an deen alen Tipp ugeet. D'Léisunge leien och vir. Den Drainage ronderëm d'Gebai ass schonn ugefaange fir d'Waasser an d'Kor ze leeden. Et si just nach Diskussioune mam Waasserwirtschaftsamt am gaange fir ze klären, wéi mer dat Waasser sollen an d'Kor leeden. Ob dat erëm soll iwwer en Tëschebasseng geschéien oder direkt ka geschéien, doriwwer gëtt nach am Moment diskutéiert. An esoubal dat kloer steet, kënne mer mat der Prozedur ufänke fir do eppes ze implantéieren. De Problem mat der Verseuchung hu mer hannerun eis.

**Becker Romain (déi gréng):**

Meng Fro war och zu deem dote Punkt, firwat d'Resultater vun där Étude – déi am Budget drasteet – net an de Gemengerot komm ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech muss éierlech soen, datt d'Resultater vun esou Étuden net ëmmer einfach ze verstoe sinn. A wann een d'Resultater nëmmen "tel quel" dohinnergeluegt kritt, da kann een normalerweis net vill domatter ufänken.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass net nëmmen de Schäfferot, dee vun der Bevëlkerung gewielt ginn ass, mä et si mir alleguerten heibannen. Mir sinn also keng "quantité négligeable". An ech fannen, datt Resultater vun esou Étuden, déi mir mat de Sue vun de Leit maachen, och kéinten hei am Gemengerot duerch Experte virgestallt ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech weess net, ob et domatter méi séier gaange wier, wa mer deen Exercice gemaach hätten. Fir de Moment ass et "moutarde après dîner", well d'Léisunge leie vir. Wat d'Garagen ubelaangt, esou sinn d'Léisungen do. Mir sinn an der Exekutiv a si frou, datt et elo endlech an deem Dossier virugeet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech wëll mech just op den SNJ beschränken, wou Dir sot, datt de regionale Büro vum SNJ sollt eng Sozialwunneng ginn. Wann ech esou kucken, wat de Moment hei an der Gemeng gebaut gëtt, da besteet de Moment wuel bei eis kee Manktem u Wunnengen, mä et ass de Präis, deen an d'Gewiicht fält. Et gëtt de Moment vill gebaut an ech hoffen och, datt d'Leit déi Appartementer alleguerte verlount kréien.

Et ass jo och esou, datt mer fir "Jeunes en détresse" jo Wunnengen hunn, mä fir grouss Famille si mer leider net esou gutt drun. An d'Appartement vum SNJ ass e klengt

Appartement, mat uewenop engem klenge Büro an ënnenan engem klenge Living.

Wat mir awer haaptsächlech am soziale Beräich gefrot kréien, dat sinn ëmmer Wunnenge mat Plaz fir op mannst 2 oder 3 Kanner. An dofir bräichte mer scho vill méi grouss Wunnengen oder esouguer ganz Haiser. An do muss ech effektiv zouginn, datt eis esou Wunnenge feelen. Mir hunn awer wëlles, fir Projeten ze realiséiere fir datt manner bemëttelt Famillen och an de Genoss vun engem Haus kommen, oder – wa mir vum Office social esou Famillen eropgeschéckt kréien – mir déi Famille weider un de Fonds du Logement leeden. De Fonds du Logement huet vill méi Méiglechkeeten an och vill méi grouss Wunnengen, esou datt mer iwwer dee Wee besser kënnen hëllefen.

Wat d'Familljepolitik ubelaangt, do wëll ech och nach eng Kéier op de Cent-Buttek agoen. Mir waren a Gespréicher mat eisen Assistantes socialen a mat deenen aus Déifferdeng. Déifferdeng huet jo esou eng Épicerie an déi hätten och nach eventuell d'Méiglechkeet fir Clienten aus eiser Gemeng mat eranzehuelen. Mir hunn och zu eisen Assistantes socialë gesot, datt se sollen emol eng Analys maache fir ze gesinn, wéivill Famillen dofir a Fro géife kommen. Dat léisst awer nach e wéineg op sech waarden, mä laut deenen éischten Informatioune wieren et der net ganz vill.

Dir sot och, datt et net duergeet, fir eemol am Joer opzeruffe fir Kleeder ze spenden. Dozou muss ech soen, datt mer d'Leit vun der Familljecommissioun dozou motivéiert haten a mir hunn och ganz vill Kleeder kritt, mä et sinn awer ganz wéineg Kleeder ofgeholl ginn. Mir haten d'Aktioun populär gemaach an och am Office social Bescheed gesot. An et muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob déi Leit, déi manner bemëttelt sinn, iwwerhaapt nach interesséiert si fir Kleeder sichen ze kommen, déi se gratis kënne kréien. Dat ass e ganz grousst Fragezeichen.

Bei der Chancëgläichheet muss ech soen, datt mer bis elo nach eenegermoosse gutt iwwer d'Ronne komm si mat all deene Workshopen, Formatiounen, Boy's and Girl's Day, asw., souwéi och mat der Ëmsetzung vun der europäescher Charta. An deem Rhythmus, wéi mer elo fueren, kënne mer dat och nach weider esou mat der zoustänneger Kommissioun organiséieren.

Da schwätzt Dir och vun der Photovoltaïk. Ech weess net, ob Dir richteg gekuckt hat, mä am Kader vun eiser Maison Relais hate mer jo op mannst 85.000 Euro drastoe fir esou eng Anlag op déi Péitenger Maison Relais ze setzen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wann de Frënd Romain Becker hei géif sëtzen, datt hätt hien net nëmmen d'Waasser bis zum Hals stoen, mä da géif hie mat de béide Féiss drastoen, wann hie géif an d'Schwämm goen. Ech sinn domatter averstanen, datt déi Situatioun esou ass. Wat elo déi Péitenger Schwämm ugeet, esou si mer do am gaangen dee Problem an de Grëff ze kréien. Mir wësse wou de Problem hierkënnt a vum Entrepreneur ass jo och scho baussen ofgedicht ginn. Esou datt elo kee Waasser méi dierft an de Keller lafen.

**Polfer John (CSV):**

Ech kann den Här Becker berouegen. Et ass kee Waasser méi am Keller vun der Péitenger Schwämm. De Problem war deen, datt e Kullang erofgaangen ass, deen a kee Kanal gaangen ass. Dee war néierens ugeschloss a wou elo opgemaach gouf, hu se dat gesinn an de Feeler ass gouf behuewen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

An der PiKo-Schwämm si mer och am gaangen de Problem ze léisen. Mä do sinn nach gréisser Fuiten. Déi "bâche tampon" ass eng Cuve, wou Fuiten dra sinn. Dësweideren hu se elo nach eng Plaz fonnt, déi net dicht ass. Et ass wahrscheinlech e Rouer, deen eng Fuite huet. D'Firmae sinn am gaangen dee Problem ze behiewen an dofir ass jo och dëst Joer d'Rodanger Schwämm e bësse méi laang zou wéinst den Entretiensaarbechten.

Wéi gesot, mir sinn hannendru fir déi Problemer ewechzekréien. Well et ass jo an eisem Intressi, datt déi Plazen erëm dréche ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Zu der Millen muss ech soen, datt kee Waasser do steet. Et ass just e Problem mat der Fiichtegkeet. Et war e Problem mam Kanal, dee gequëtscht war, an doduerch huet d'Waasser e bëssen zeréckgestaut. Dann hu mer och nach e Problem, deen einfach ugebuer ass, well ënner der Millen joerelaang eng Cuve war an et doduerch op där Plaz fiicht ass. Et muss ee kucken, wéi een d'Fiichtegkeet do ewech kritt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech ka mech drun erënneren, datt mer eng Kéier e groussen Asaz vun de Pompjeeën do haten, déi mat groussem Opwand d'Waasser aus dem Keller erausgepompelt hunn. An ech hu mer d'Fro gestallt, ob déi däitsch Firma, déi deemools d'Buerunge gemaach hu fir d'Waasser aus dem Buedem erauszekréien, hir Aarbecht korrekt gemaach huet.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Firma huet Buerunge gemaach fir Betong anzesprëtzen. Si huet u sech ënnen e Sarkophage gemaach. An d'Waasser, dat an deene Cuvë war a wat een net gesinn huet, dréckt elo nach heiansdo zeréck.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Bei de Storen, déi fir 20.000 Euro an der Rodanger Sportshal installéiert ginn, ass et esou, datt et am Summer op där Säit, wou de Fussball säi Büro huet, duerch d'Sonn extrem waarm gëtt. Et dierf een net vergiessen, datt dee Büro keng Fënsteren huet, déi ee kann opmaachen. An dofir musse mer déi Storë baussen ubréngen. Och op der rietser Säit vun der Buvette komme Storen hin, well deen Eck och keng Ofschiermung géint d'Sonn huet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Da géif déi Plaz sech jo super eegene fir eng Voltaïkanlag op den Daach ze stellen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Zu der Photovoltaïk muss ech nach eng Kéier soen, datt do, wou mer Diech ëmbauen, zum Beispill bei der Rollenger Schoul, och esou eng Anlag dropkënnt. Doduerch datt elo en Ëmbau do gemaach gëtt, kann een déi Installatioun mat verbannen.

Zum Boulodrome zu Rolleng wollt ech soen, datt dee ganzen Terrain der Gemeng gehéiert. An d'Leit hu gefrot, fir een Drëttel vum ganzen Terrain iwwerdeckt ze kréien, fir – wann et ufänkt mat reenen – se awer nach weider kënnen do spillen. Et muss een och wëssen, datt de Boulesport immens zougeholl huet. A wann ee laanscht dee Rollenger Terrain fiert, da kann ee gesi wéi beléift dee Sport ass.

Vun engem Péitenger Boulodrome héieren ech elo haut fir d'éischt. Ech hunn nach ni e Wuert héiere vun engem Péitenger Boulodrome.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Linden, Dir waart dach och am Gemengerot. Den Här Breyer hat dat eng Kéier als Schäffen erkläert.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat hat ech dann net matkritt. Ech ka mech op jiddefall net dorunner erënneren.

Wat de Péitenger Fussballsterrain ugeet, esou wësse mer jo scho laang, datt si scho länger hannendru si fir en Terrain ze kréie wéi en zu Rodange ass. Mä et stellt sech awer eraus, datt sech d'Spiller schnell op esou engem Terrain kënne blesséieren. Dat kënnen esou Blessure ginn, wéi wann ee sech mat engem Blat schneit. An dat ka laang dauere bis dat verheelt ass. An hei vir an Däitschland gouf elo de System vum Hybridrasen entwéckelt, op deene mëttlerweil all déi grouss Équipen drop spillen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat stëmmt. Ech hunn dat nogesicht. Dofir hunn ech jo fonnt, datt all déi grouss Équipen op esou engem Hybridrase spillen. An elo kritt Péiteng Bomme-Resultater.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Beim Hybridrasen ass et méiglech fir drop ze spillen, och wann et déck reent. Well deen Terrain kritt da keng esou Schied wéi bei engem normale Wuess.

Zum Volet Ëmwelt hat ech net allzevill gesot, dat stëmmt. An dat kënnt dohier, datt ech mer meng Prioritéiten aneschters geluegt hunn. Dëst Joer hunn ech meng Prioritéiten op de Sport geluegt. A wann ech déi Saache realiséiert hunn, dann ass de Volet Sport ofgeschloss an da kann een dat Joer drop de Volet Ëmwelt an Ugrëff huelen. Och bei de Vëlosweeër soll ee sech mat de Vëlosverainer aus eiser Gemeng zesummendoen a se froen, wéi si déi Vëlosweeër gesinn a wéi ee se soll am beschten uleeën.

Ech hu meng Prioritéiten esou gesat, datt dës Themen dat nächst Joer oder dat Joer drop zur Sprooch kommen. Ech huelen awer un, datt ech déi Saachen awer schonn d'nächst Joer ka virstellen.

Dir schwätzt och déi eeler Leit un. Mir maachen awer scho vill fir déi eeler Leit. Ech kann Iech emol eng Lëscht opstelle fir Iech ze weisen, wou mer deenen eelere Leit schonn iwwerall hëllefen. Mir ënnerstëtze jo och a grousse Mooss d'Veräiner, an deenen déi Leit engagéiert sinn. Natierlech kann een dat nach ëmmer weider ausbauen. Mir hu jo och eng Konventioun mam Club Senior Prënzebierg, vun deem och ganz vill Leit aus eiser Gemeng Gebrauch maachen.

Wéi gesot, op deem Gebitt hu mer awer vill ënnerholl.

Ech mengen dat wieren déi Punkte gewiescht, déi am meng Ressorte falen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Entschëllegt Här Linden. Dir hutt mer op eng Fro net geäntwert. Dat ass déi Saach mat de Storen an der Rodanger Sportshal. Do ass eng vun de Froe gewiescht, firwat datt de Fussball e Büro do huet an op déi aner Veräiner och e Büro an där Hal hätten.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Net all Veräin huet e Büro. Et ass just de Fussball, deen an der Sportshal e Büro zougesot kritt huet. Mä mir hunn awer an der Gemeng nach Veräiner, déi e Büro an anere Gemengegebaier hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass och interessant dobäizesoen, datt am Projet vun der Péitenger Sportshal, do wou fréier d'Sauna an den Hal waren, och elo Büroe fir déi Halesportsveräiner entstinn. Ech mengen, et sinn 7 oder 8 Büroe virgesinn an dat ass an der selwechter Optik ze verstoe wéi de Büro vum Rodanger Fussball an der Rodanger Sportshal.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech wollt am Fong ee klenge Kommentar an zwou Froen zum Budget stellen. Mä ier ech dozou kommen, wëll ech soen, datt mä Kolleg an Noper mech e bësse gereizt huet mat der ganzer Diskussioun. An ech wëll him soen, datt et keen Iwwerganksbudget méi ass. Et ass deen éischte Budget, deen engem "plan pluriannuel" entsprécht an an deem Sënn hu mir schonn eis Aarbecht am Viraus gemaach. Ech wëll dann nach eng kleng Pick maachen duerch eng Situatioun vum André Frossard, dee franséische Philosoph a Journalist, dee seet "On ne dure en France que dans l'opposition et le seul moyen d'échapper au changement, c'est de le réclamer tous les jours." Esouvill dozou.

Elo kommen ech zu mengem Kommentar. De Budget gesäit gutt aus, d'Schold geet zeréck an d'Exédante bleiwen op engem gudden Niveau. An dat trotz deene Krisenzäiten. Mir héieren dat Wuert permanent. Ech wëll awer soen, an do ginn ech dem Här Becker och Recht, et geet net dorëms fir ze soen, datt Kris ass a mer musse spueren, mä et geet dorëms fir ze kucke wéi d'Verdeelung gemaach gëtt. An d'Verdeelung an d'Prioritéite sti fir mech ganz kloer an de soziale Volet ass ganz grouss geschriwwen. D'Kannerbetreiung ass och ganz grouss geschriwwen – dat wësse mer alleguerten – an dat kënnt net nëmmen de Kanner zegutt, mä och den Elteren, déi wëllen oder mussen all Dag schaffe goen.

Et geet och net dorëms, fir beim soziale Volet ze soen, datt erëm weider Infrastrukture gebaut ginn, esou wéi den Här Becker richteg gesot huet. Mä et geet dorëms fir deene Leit ze hëllefe fir d'Sozialleeder eropzegoen a sech selwer eropzeschaffen an hinnen net einfach nëmme Suen an de Grapp ze drécken.

An deem Sënn begréissen ech d'Investissementer, déi gemaach ginn an déi un éischter Stell deene Jonken zegutt kommen. Och wa mer permanent der Demande nolafen, zemools wat d'Kannerbetreiung ugeet, wësse mer, datt all déi Efforten ze begréisse sinn. A wann ee grad vun der Jugend schwätzt, dann ass et beängschtegend, datt hei am Land 14 % Jugendaarbechtslosegkeet ass. An dofir ass et immens wichteg, datt mer mat regionale Partner – wéi SNJ oder aner Partner, wéi CIGL, Jugendhaus, asw. – un engem Strang zéien. A mir hu jo de leschte Freideg vun der Madame Conter héieren, datt de Kannergemengerot an d'Liewe geruff gëtt. Ech fannen, datt dat e ganz flotten an e ganz wichtege Projet ass, fir datt mer de Kanner net nëmmen op aneren Niveauen hëllefen, mä hinnen och kënne weisen, wéi mer dat maachen a wat d'Iwwerleeunge si firwat dat esou muss gemaach ginn. Mat deem Projet gi mer hinnen och déi néideg Mëttele fir selwer Erfahrungen ze sammelen an och Responsabilitéiten ze hunn.

Da kommen ech zu de Froen. Ech hätt eng Fro zum PAG. An zwar wësse mer jo, datt d'Gesetz vun 2004 muss agehale ginn. Mir wëssen och, datt op nationalem Niveau dat neit Gesetz iwwer den Aménagement du territoire geschwënn zu Enn kënnt. An do komme jo elo nei "plans directeurs", un déi mer eis jo mussen halen. An dofir wollt ech wëssen, wou mer am Timing do stinn? Et gëtt jo gesot, datt 2013 de PAG ofgeschloss gëtt. Ass et net sënnvoll, datt mer ofwaarde fir ze kucken, wat mat deem neie Gesetz kënnt? Wéi steet et mat de "quartiers nouveaux"? Dat muss jo och gemaach ginn.

Meng zweet Fro betrëfft den Artikel "3/266 Actions sociales". Do sti 15.000 Euro fir d'Promotion féminine. Wat ass dat genee?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Är Analyse vum Budget u sech, fannen ech richteg an ech hat och scho virdrun ënnerstrach, datt mer eigentlech haut an enger Welt sinn, an där ee sech muss Prioritéite setzen. An déi Prioritéiten, déi Dir hei opgezielt hutt – soziale Volet, Kannerbetreiung, Jugend – si sécherlech d'Kärpunkte vun der Politik, déi hei gemaach gëtt. Och d'Sports- an d'Kultur-infrastrukturen, déi mer hei maachen, si jo och fir eis Jugend a fir eis Populatioun. An domatter gi mer hinnen d'Méiglechkeet, fir sech ze entfalen. An déi Méiglechkeete gi mer hinne jo och gréisstendeels gratis. Well dat ass net onbedéngt selbstverständlech. Et brauch een net wäit iwwer d'Grenz ze goen a wann een do gären an e Fussballveräin oder an e anere Sportsveräi wëll goen, da muss ee scho bezuele fir datt ee vun deene ka profitéieren. D'Bedeelegung un der Heizung muss bezuelt ginn, an esou weider an esou fort.

Gott sei Dank si mer hei nach net an esou enger Situatioun. An dat ass och gutt esou an et ass richteg, datt mer an deem Sënn weiderfueren.

D'Aarbechtslosegkeet ass sécherlech e grousse Problem. Mir schwätzen hei vu 14% Jugendchômage. Mir wëssen och, datt hei am Eck d'Wunnen awer nach net esou deier ass wéi op anere Plazen. Mir wëssen awer och, datt mer hei am Eck Leit hunn, déi sozial méi Schwieregkeeten hunn an awer nach iergendwéi kënnen hei existéieren. An dofir ass och hei de Chômage relativ héich. Mir maachen awer als Gemeng grouss Efforten. Mir hunn d'Zuele genannt, déi mer am ordinäre Budget fir déi ganz "prévention sociale" opbréngen an do si besonnesch um Gebitt vun der Aarbechtslosegkeet eng ganz Rei Aktivitéiten, déi mer maachen. Ech denken do un CAE-Kontrakter, un den Défi-Job, wou mer Kontrakter hunn, esou wéi un de CIGL an de ProAktiv. Mir bidden och Apprentissagen u fir jonk Leit an an deem Beräich hu mer dëst Joer grouss Efforte gemaach. A jidderee konnt sech an der leschter Gemengerotssëtzung dovunner iwwerzeegen, wéivill nei Kontrakter mer nieft deenen, déi um Lafe sinn, nach gemaach hunn. Och mam SNJ schaffe mer enk zesummen.

Wéi gesot, mir maache grouss Efforten, well mer vun där grousser Aufgab, déi mer als Gemeng hunn, iwwerzeegt sinn. Mir kënnen do net soen, datt et alleng dem Stat seng Aufgab wier. Och d'Gemengen hunn um Terrain Aufgaben ze maachen. An ech kann Iech soen, datt ech eng Kéier an enger Versammlung alles opgezielt hat, wat d'Péitenger Gemeng gemaach huet. An do war ech op 80 bis 90 Persoune komm, déi iergendwéi an enger Struktur agestallt goufe vun deemools 320 Leit, déi bei eis geschafft hunn. Dat war dann 1 op 4. An ech hunn nach d'Wierder vum Minister Nicolas Schmit an den Oueren, wéi e gesot hutt, datt mir eng "commune modèle" wieren. Déi Wierder hunn ech mer gutt verhalen an déi hu mer gutt gefall. Mir si vläicht keng "commune modèle", mä ech géif awer soen, datt mer grouss Efforte maachen. A wann een esou Leit beschäftegt, da weess ee jo och, datt dat eng zousätzlech Aarbecht ass fir d'Servicer an et muss ee kucken, wat déi verschidde Servicer och nach kënne verdroen. Et kann ee jo net onendlech Leit engagéieren ouni d'Méiglechkeeten ze hu fir se ze begleeden. Well dat géif de Leit och näischt hëllefen. Dofir wollt ech vun dëser Plaz och emol e grousse Merci un d'Verwaltung ausschwätzen. Et ass net selbstverständlech, datt sech Servicer bereet erkläre fir esou Leit opzehuelen. Bis elo war et nach ëmmer esou, datt – wa mir mat engem Fall un d'Servicer erugetruede sinn – mer nach ni op daf Ouere gefall sinn a mer deene Leit eng Chance konnte bidden. Dofir nach eng Kéier e grousse Merci un d'Verwaltung. Well fir eis als Politiker ass et einfach ze soen, datt mer Leit astellen, mä fir déi, déi di Leit musse begleeden an entouréieren, kënnt e bësse méi Aarbecht duer.

Wat de PAG ubelaangt, esou sinn effektiv 2012 déi lescht Dispositiounen, déi noutwenneg waren, fäerdeg fir de PAG definitiv op de Wee ze setzen. Et gëtt sécherlech nach dat Gesetz iwwer den Aménagement du territoire. Mä fir de PAG kënnen ze maachen, muss nach besonnesch eng wichteg Saach, wat d'Quartiers existants ubelaangt, gemaach ginn. Dat ass déi "Umweltverträglichkeitsprüfung", un där mer am gaange si mat schaffen. An dat kascht enorm Geld a mir kréien och nach eng Kéier d'Geleeënheet fir doriwwer ze diskutéieren. Well mir mussen nach eng Kéier iwwer e supplementare Kredit ofstëmmen, dee mer mussen opbrénge fir dee PAG op d'Been ze bréngen. Et muss een awer och soen, datt mer net esouvill nei Quartiere wäerte kréien. Well eisen Territoire ass limitéiert an déi Terrainen, déi nach fräi sinn, sinn entweder an enger Gréngzon – an do wëlle mer net onbedengt drugoen – oder si si verseucht an doduerch kann een do net esou séier Wunnengsbau maachen. An et ass an enger Péitenger Gemeng, déi awer dicht besidelt ass, schwiereg, fir ganz vill neien Terrain ze erschléissen. Et si wuel Iddien do, déi schonn zum Deel dem Gemengerot virgestallt si ginn. Zu Rolleng ass zum Beispill e Projet bei der Schoul virgesinn. Och beim Projet uewe beim Prënzebierg, wou de Moment d'Hale vun der Eucosider sinn, gouf schonn e "plan directeur" virgeluegt. Och um Site vum fréieren LTMA ass am gaangen e Projet ze mautschen a wou ee sech och ka Wunnengsraum virstellen. Domatter huet ee schonn op 3 Plazen d'Méiglechkeet fir neie Wunnengsraum ze schafen.

Wat eis awer och vill Suerge mécht, dat sinn "quartiers existants", wou mer mussen nei Dispositioune maachen, déi eis en Heedegeld kaschten a wou mer eigentlech keng wesentlech Ännerunge méi kënne virhuelen. Well do stinn d'Haiser schonn. An ech ginn dem Här Becker Recht, datt mer eis och Barrièrë mussen asetzen, fir datt déi al Haiser net alleguerte verschwannen an duerch Residenzen ersat ginn. Dat ass zum Beispill e Punkt, iwwer dee mer eis sécherlech Gedanke maache mussen. A wa mer zousätzlech Residenzen op enger Plaz wëllen hunn, da mussen se méi kleng sinn. Doriwwer soll ee sech eng Kéier Gedanke maachen. Et ass dat och deen eenzege Punkt, bei deem ee sech bei de "quartiers existants" miisst Gedanke maachen.

Wann ee weess, wat duerno dobäi erauskënnt, an ee weess, datt een eng ½ Millioun Euro muss op den Dësch leeë fir dee PAG fäerdeg ze kréien, da sinn dat vill Sue fir awer d'Welt net nei ze erfannen.

Dee "schéma directeur" – wéi dat elo haut heescht – ass bal fäerdeg wat déi nei Zonen ugeet. Bei de "quartiers existants" ass de Büro am gaange mat eise Servicer drun ze schaffen. An ech géif och mengen, datt mer dat Uganks 2013 och ofgeschloss hunn. An da kéint ech mer eng éischt Diskussioun hei am Gemengerot virstellen. An dat gëtt eng laangwiereg Diskussioun, well fir d'éischt diskutéiere mer mam Gemengerot, duerno hunn d'Leit jo d'Recht fir ze reklaméieren an d'Leit mussen ugehéiert ginn. Vun deem Moment un, wou mer hei am Gemengerot deen éischte Schratt gemaach hunn, kënne mer awer Projete blockéieren, déi contraire zu deem si wat mir eis virstellen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Madame Gonçalves, Dir hutt d'Action sociale vun der Promotion féminine ugeschwat. An dat geet an Thematik vun der Chancëgläichheet. Déi 15.000 Euro, déi dofir am Budget stinn, si fir eis "Charte européenne" fäerdegzemaachen a fir den Aktiounsplang, un deem mer am gaange sinn ze schaffen, op d'Been ze setzen.

Selbstverständlech organiséiere mer och Formatiounen. Do hu mer ëmmer fir eis Beamten an Aarbechter eng "formation continue" gemaach. Mir haten och schonn eng Kéier e ganze

Package duerchgeholl a vun Zäit zu Zäit muss dat Ganzt erëm opgefrëscht ginn. Mir mussen och – mat deem ville Personal, dat mer an eise Maisons Relaisen agestallt hunn – och nei Formatioune maachen. Well eis Éducateuren an Aide-éducateure brauchen heiansdo eng kleng Hëllef, bis se op der richteger Schinn sinn. Do si ganz vill Leit, déi nach net esou richteg an deem Ganzen dra sinn. An et ass ëmmer ganz wichteg, wann een hinnen an deem dote Kontext eng Formatioun kann ubidden.

Natierlech hu mer och de Girl's and Boy's Day, Konferenzen, déi mer organiséieren, an dat ass e ganze Package, deen ënner der sougenanntener "promotion féminine" leeft, och wann deen Numm net méi grad adäquat ass. Well et wier besser fir d'Wuert "Chancëgläichheet" ze huelen, esou wéi dat och elo vum Ministère opgefouert gëtt.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

A watfir eng Richtung ginn déi Formatioune fir d'Maisons Relaisen? Ass dat esou eng Formatioun "à l'égalité des chances", fir datt se de Kanner dat kënne weiderginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass dat eng Formatioun, wéi si éischtens solle mat de Kanner ëmgoen an zweetens betrëfft et och d'Personal selwer. Well jidderee soll do seng Chance kréien. Mir sinn och am gaange fir Ëmfroen ze maachen an ze kucken, watfir Besoinen datt d'Personal huet. Dat kann zum Beispill eng Formatioun sinn iwwer d'Kommunikatioun tëscht hinnen an den Elteren, tëscht dem Personal selwer oder tëscht dem Personal an de Kanner.

Mir hunn an de Maisons Relaise ganz vill Leit agestallt, déi elo fir d'éischt an de Kontakt mat de Kanner komm sinn. Déi sinn direkt vun der Schoul bei eis komm a si hu ganz vill Theorie matgemaach. Mä d'Praxis feelt hinnen awer nach, an dofir mierke mer no kuerzer Zäit, datt hinnen awer nach eng kleng Hëllef feelt. An et ass wichteg, fir hinnen eng adäquat Formatioun – zesumme mat Spezialisten – unzebidden. An dat huet schonn an der Vergaangenheet ganz gutt Resultater mat sech bruecht.

**Thein Joé (adr):**

Ier ech zu menger Budgetsried kommen, wëll ech awer nach eng Remarque un den Här Polfer an eng Remarque un den Här Becker maachen.

Här Polfer, Dir hutt d'Kläranlage jo ugeschwat. An ech hoffen, datt Dir wësst, datt eng Directive vun der EU besteet, déi et säit de 90er Joere gëtt. An do wäerte mer hefteg geklaakt ginn an et wäert net bei där enger Geldstrof bleiwen. Mä mir kréie do Joer fir Joer nach eng Geldstrof, wa mer eis Kläranlagen net an der Rei hunn. Dat heescht, do wier et vläicht gutt, wann Dir an Är Kollegen aus der CSV an der LSAP bei Äre Kollegen aus dem Ministère géift intervenéieren a soen, datt Dir domatter net averstane sidd.

Här Becker, Dir hutt de Live-Streaming ugeschwat. Am Moment ass grad eng "question communale" vun der adr an Traitement. Ech mengen de Schäfferot, respektiv de Gemengesekretär, kann dat och bestätegen. A mir si ganz gespaant drop, wéi eng Äntwerte mer do kréien a mir ginn der grénger Fraktioun selbstverständlech Abléck doranner, wa se dat wëllen hunn.

Da kommen ech elo zu menger Budgetsried.

Här Buergermeeschter, léif Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot,

D'adr wëll Iech fir d'alleréischt e Merci ausdrécken, fir d'Presentatioun an d'Ausschaffe vum Budget 2013, well esou ee Budget kascht vill Zäit a vill Aarbecht, an et ass mat ee vun deene wichtegste Voten, dee mir op kommunalem Plang huelen.

Mir wëllen drun erënneren, datt mir ons als adr bei der leschter Budgetsdebatt vum leschte Joer enthalen hunn. Dës Entscheedung war doduerch bedéngt, datt ons eng ganz Rei Iddien an Investitioune positiv beandrockt hunn. Leider hunn awer och hei schonns ganz wichteg politesch a sozial Propositioune gefeelt. Eis Interventioun, déi deemools als eng Lëscht vu Propositiounen opgebaut war, gouf net zréck-behalen, an d'Iddien "haut-les-mains" verworf. Och war eis Enthalung dorop zréckzeféieren, datt mir, als nei Partei am Gemengerot, dem Schäfferot fir d'éischt mol eng Chance wollte ginn. Mir wollte kucken, wéi dëse Budget respektéiert gëtt, a wéi dat Ganzt och a Praxis ausgesäit. An och wa mir aus "Gutdünken" kee veruerteele wollten, esou war et eis kloer, datt dëse Budget net den Iddie vun der adr géif entspriechen.

Ier mir de Budget e wéineg méi detailléiert auserneen huelen, gëllt fir eis ee Prinzip ganz besonnesch: De Budget muss sozial a gerecht sinn, e muss op de richtege Plaze spuersam sinn, e muss an déi richteg Investitioune setzen, an e muss d'Entwécklung vun der Gemeng fir déi nächst Joere garantéieren. Ech fänke vläicht mat de negative Kritiken an dësem Budget un, ier ech déi positiv Punkte beliichten.

Den éischten negative Punkt ass deen, datt dee Schäfferot net fäert sech ze brätzen, andeems e seet, datt dat politescht Entscheedungsorgan, also de Gemengen- a Schäfferot mat all senge Kommissioune "just" 200.000 € un ordinären Dépensë géing kaschten. Elo vergläicht dat mol mat all deene fräiwëllegen Déngschter, déi just e symboleschen Euro fir hir Aarbecht kréien. Wéivill vun deene Politiker, déi haut hei sëtzen, géingen dann och nach wierklech hei sëtzen, wa si de symboleschen Euro géife kréien.

Wat elo de Budget 2013 a seng extraordinär Dépensen ugeet, déi jo och mam Budget rectifié 2012 an dem Plan pluriannuel 2012 bis 2017 zesummenhänken, hu mir Folgendes ze soen: D'Gemeng investéiert 8,5 Milliounen Euro, respektiv 14,7 Milliounen Euro an den Enseignement fondamental. Mir sinn der Meenung, datt dëse Chiffer roueg kéint op 10 Milliounen Euro gehéckt ginn, esou datt dëst en Total vun 16,2 Milliounen Euro géing ginn. Fir eis ass d'Investitioun an d'Schoul an an d'Bildung eng vun de wichtegste Prioritéite fir d'Nohaltegkeet a fir e gudde Schoulniveau. Mir hätte gäre Kompetenz a Leeschtung. Dofir proposéiere mir, kommt mir rënnen dës Zomm op en zwestellege Beräich op.

D'Gemeng sollt och hir 5,9 Milliounen Euro vum Kapitel Sport-Kultur-Loisirs-Tourismus-Jeunesse op 8 Milliounen Euro erhéijen, wat da statt 14,1 Milliounen Euro mam Joer 2012, 16,3 Milliounen Euro géingen erginn. Fir ons ass d'Opwäertung vun dësem Kapitel immens wichteg. Si gehéiert zu enger gewëssener Allgemengbildung an d'Aktivitéit ausser-halb vu Schoul a Schaff. Si ass dat Kapitel, wat d'Gesellschaft zesummebréngt, an domat déi sozial Kohesioun séchert.

D'Gemengeschold beleeft sech insgesamt op 18.163.674 Euro. Datt d'Gemeng et fäerdeg bréngt an enger Scholdekris hir "dette publique" ëm 2 Milliounen Euro ze reduzéieren, ass duerchaus positiv, an awer net ze relativéieren. Dëst ass eréischt den Ufank vun der Kris, a wann ee gesäit datt d'Staatsscholde mat sécherer Tendenz wäerte klammen, wäert och dat een Impakt op d'Gemengen hunn. Kee wëll d'Gemeng op 0 Euro Schold gesinn, a kee wëll d'Gemeng obligéieren, net méi ze investéieren. Mä et brauch dréngend e konsequente Programm, dee reng op d'Gemengeschold fixéiert ass. Dëse Programm muss och dës Gemengeschold ëm mindestens d'Halschent reduzéiert kréien. Do donieft hu

mir fir Enn 2013 och eng Pro-Kappverschëldung vun 1.084 Euro, wat a mengen Ae sozial net vertrietbar ass. Mir kënnen d'Leit net mat an e Verschëldungsboot huelen a responsabel maache fir Scholden, déi d'Gemeng mécht.

Eis Gemeng ass also ëm Millioune Euro verschëlt an dat sollt een de Leit dobaussen awer och soen. Entgéint de Behaaptungen, eiser Gemeng géif et gutt goen, ass dëst de Beweis, datt esoulaang alles gutt ass, wéi d'Schold nëmmen um Pabeier steet.

D'adr wéilt och an Zukunft méi Transparenz wat d'Astellungs-politik vun der Gemeng ugeet, constatéieren dierfen. Ons ginn als Gemengerot zwar regelméisseg nei Kandidate proposéiert, respektiv virgeluecht, déi mir als Gemengerot da stëmmen, ma genee Detailer oder CVe ginn ons awer virenthalen. Oftmools ginn dann hei Décisiounen iwwert Leit getraff, déi mir weder méi genee kennen, nach datt mir ons iergendwéi e Bild vun dëse kéinte maachen.

Bleift nach e Wuert ze soen iwwert déi populistesch Remarque säitens dem Schäfferot, wat d'Parteikaart ugeet: Leider ass et kee Witz, datt eng CSV-Kaart oftmools vu Virdeel ass, während eng adr's-Kaart bal enger Krichserklärung gläich kënnt. Mir sollten also net esou maachen, wéi wa politesch Neutralitéit ëmmer an iwwerall gi wär, well dat wier schlicht an ergräifend gelunn. Mir sinn dofir och skeptesch wat e Jugendgemengerot soll ugoen. Net d'Iddi selwer, fir déi Jonk Leit politesch ze motivéieren an ze engagéieren, ass déi falsch, mä mir stellen déi politesch Neutralitéit vun dësem Gremium a Fro. Dat ass keen anere Constat wéi deen, dee mir och iwwert d'Jugendparlament kënnen zéien. Mir hoffen, datt d'Beaflossbarkeet duerch den iewegsten CSV-LSAP-Pouvoir net zum Blockage vun engem gutt geduechte Projet féiert.

Wichteg wier och, datt de Schäfferot eng aktiv Politik géint den Absenteismus géif féieren, an och net dovunner zréckschrecke sollt, fir genuch behënnert Matbierger anzestellen (do gëtt et jo och iwweregens en definéierte Seuil), déi nieft de jonke Chômeuren, déi mir beschäftegen, d'Gemeng Péiteng zu enger méi sozialer a pluralistescher Gemeng géing maachen.

Negativ ass, datt d'CSV-LSAP sech weiderhin iwwert déi 45.000 Euro vum Véier-Minutte Comic Indutiomaros lëschteg mécht, déi vollkomme fehlinvestéiert waren. Trotz genügend Kritik an engem Avis vun der Kulturkommissioun, soll elo nach e Molbuch, e Maskottchen an nach anere Staff realiséiert ginn.

4,2 Milliounen Euro ass dann och nach fir d'Stroosse-renovatioun geduecht. Hei hoffe mir, datt et fir dee Präis dann och endlech zu enger agréabeler Situatioun op de Stroosse kënnt. Well joerelaang näischt geschitt ass, gëtt Péiteng elo zum Risechantier, amplaz datt ee regelméisseg a seriös Erneierunge gemeet hätt. Dank der Post an hirem Verleeë vun de Glasfaserleitungen, schéngt de Schäfferot motivéiert ze sinn, endlech ze handelen.

An der Negativ-Lëscht och weiderhin d'Informatioun um Bierger. Bisweilen hu mir genügend Kritik säitens de Bierger an aneren Instanzen héieren, datt dat iwwerhaapt net klappt. A mir als adr wëllen ons ënnert dës Leit mëschen, déi dat behaapten, well mir esouguer als gewielte Partei net ëmmer korrekt informéiert ginn. Hei gëtt vum Info-Canal palawert, wéi wa mir ons reng vun dëser Informatiounsquell sollten ofhängeg maachen.

Mir als adr bleiwen och derbäi, datt de Guide du Citoyen och op Lëtzebuergesch publizéiert sollt ginn. Mir wënschen eis vum Schäfferot e wéineg méi Aarbechtsloscht, fir der Iwwersetzung vun dësem Bichelchen no ze kommen, an esou d'Éier z'encaisséieren, fir och zu engem promovéierte Lëtzebuergesch bäigedroen ze hunn.

Kee Verständnis huet d'adr iwweregens och an der Multi-Kulti-Politik vun CSV-LSAP, déi hei op d'Käschte vun der Lëtzebuerger Identitéit a Sprooch avancéiert.

Och d'adr setzt sech fir ons auslännesch Bierger an, awer op eng Façong, déi definitiv méi korrekt ass. Näämlech datt ons Nationalinteresse konservéiert a respektéiert ginn a bleiwen, an déi richteg Integratioun erfollegt, fir esou fir eng gutt sozial Kohesioun an der Gemeng ze suergen. Mir sinn eng vun deene Gemenge mat deem héchsten Taux vun Net-Lëtzebuerger, an dofir sti mir besonnesch an der Verantwortung, eppes fir eis Sprooch an Identitéit ze maachen. Péiteng ass keng Multi-Kulti-Gemeng, mä eng Lëtzebuerger Gemeng mat lëtzebuergeschen, franséischen a portugi-seschen Awunner. Mir fuerdere vum Schäfferot méi Lëtzebuergesch an der Gemeng, dat heescht eng Ëmbe-nennung vun eise Stroosseschëlter, gratis Lëtzebuergesch Coursen a vill a genuch Publikatiounen op Lëtzebuergesch.

D'Gemeng huet och an dësem Joer bewisen, datt si hir Asylpolitik iwwerdenke muss. D'Gaaschtfrëndlechkeet mat där Péiteng d'Asylanten opgeholl huet, huet näämlech zu sozialen Onroue gefouert an definitiv och d'Moosstief an d'Kapazitéite vun der Gemeng gesprengt. Et war e Faux-Pas op der politescher Bühn, an dofir sollt sech d'Gemeng fir d'Realisatioun vun engem Centre de Rétention um Findel asetzen, amplaz datt si sech ausspréicht, fir an Zukunft méi Immigrante wëllen op ze huelen an do derfir och nach permanent Strukturen an der Péitenger Gemeng realiséiere wëll. Dëst weist also kloer an däitlech, datt de Schäfferot de Streik vun de Péitenger Bierger net verstanen huet. An dëser Fro sollt de Schäfferot esou fair sinn, an e Gemenge-referendum organiséieren.

D'adr vermësst awer och ëmmer nach déi angeblech Jugendfrëndlechkeet vum Schäfferot an e Suivi vun eiser Propositioun fir e Jugendhaus fir Rolleng. D'Gemeng huet ons Alternativ iwwert dëst Jugendhaus an engem Vote majoritaire refuséiert. D'adr wëll de Schäfferot drun erënneren, datt och déi Jonk zu Rolleng gäre géifen an hirer Uertschaft vu solch engem Jugendhaus profitéieren.

Datt dem Schäfferot net bekannt ass, datt Fussball méi e raue Männersport ass, gëtt ons ze bedenken. Fir de Fussballisten d'Attraktivitéit um Sport ze klauen, kann d'adr net ënnerstëtzen. E syntetheschen Terrain gouf laang vum adr schonns gefuerdert, a mir géifen dowéinst de Schäfferot nach emol motivéieren, hiert Argument, datt ee sech un den Hällem vum syntheteschen Terrain schneide kéint, ze iwwerdenken. Et steet der Saach dofir jo näischt am Wee, fir déi aktuell Terraine mat Hybridrasen ze erneieren. De Chiffer fir den Hybridrasen fir den CS Péiteng soll sech op 300.000 Euro belafen. Mir hoffen, datt déi zoustänneg Firma den Ënnerhalt vun dësen Terraine seriös garantéiert a regelméisseg iwwerpréift, respektiv nobessert, sollten d'Conditiounen net méi déi sinn, déi se sollte sinn.

D'adr ënnerstëtzt och selbstverständlech d'Jugendorgani-satiounen an d'Musekschoul. Et sinn zwee Aktivitéitsberäicher, déi fir d'Attraktivitéit vun der Gemeng besonnesch intressant sinn. Mir wëllen dës Leit dofir félicitéiere fir hiert Engagement. Ze bedenke gi mir dem Schäfferot allerdéngs just iwwert d'Noutwennegkeet vun enger zweeter Musekschoul, respektiv iwwert den Ëmbau vum Scoutschalet, deen ons 50.000 Euro kascht.

Net wierklech iwwerzeegt huet ons och déi iwwerflächlech, sou bezeechent "Ampelspolitik" vum Schäfferot. Huet de Schäfferot fir 30.000 Euro dann och dru geduecht, datt se behënnertegerecht sollte sinn, d'Zebrasträifebeliichtung adäquat garantéieren a fir sou mann wéi méiglech Liichtver-schmotzung suergen? Et wier net schlecht gewiescht, wann

hei méi Detailer presentéiert gi wieren, ëmmerhi geet et hei ëm d'Sécherheet vun de Bierger an eiser Gemeng.

Wat d'Liichtverschmotzung betrëfft hu mir iwweregens eng Motioun eragereecht, wou mir hoffen, datt déi gréng, ma awer och déi aner Parteien, dës wäerte matdroen. Esou wéi ech de Schäfferot verstanen hunn, wëll hie jo fir e gudden Environnement suergen an d'Natur als e wichtege Volet considéréieren.

Negativ och, datt ee bei de Brutto-Dépensë feststelle muss, datt d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier ëm 8% klammen. D'Erklärung ass déi, datt et sech hei ëm nei Gebaier géing handelen. D'adr géing sech wënschen, datt mol intensiv no Spuerméiglechkeete gesicht gëtt, fir dës Käschten ze limitéieren, respektiv ze reduzéieren.

Datt d'Informatik sech op 5,2 Milliounen Euro un uerdentlechen Dépensë beleeft, ass och wéineg novollzéibar. Ech huelen ee prinzipielle Punkt vun der Informatik eraus: Deen deieren Internetsite, dee weder e linguistesche Choix ubitt, nach behënnertegerecht ass. Och hei ass mat Sécherheet Spuerpotential dran, fir wesentlech méi Kompetenz. Dat weess ech dofir esou gutt, well d'adr elo kierzlech eng nei Internetpräsenz krut.

Iwwer d'Chancëgläichheet si mir och net vill gewuer ginn, ausser elo nodréiglech hei an der Debatt. Hei gouf ons matgedeelt, datt Dépense sech géing op 15.000 € befalen. D'adr wier glécklech doriwwer, hei méi exakt Informatiounen dierfen ze kréien.

D'Madame Conter huet an hirem Referat ganz oft vun "mir erwaarden" geschwat. Mir kruten och nëmme wéineg Zuelen a Finanzen an hirem Referat ze héieren. Mir erënneren och un de nationale CSV-Slogan, deen och fir d'Péitenger CSV keen aneren dierft sinn: De séchere Wee. Mä e séchere Wee definéiert een duerch Fakten an duerch eng Garantie.

Positiv hu mir fonnt, datt dëse Budget 2013 no der Nomenclature opgestallt ginn ass. Dat ass eng wesentlech bürokratesch Vereinfachung, a wuel och e Plus an der Transparenz vun de Gemengefinanzen.

D'adr wëll awer trotzdem dorop insistéieren, datt et eminent wichteg wier, fir d'Finanze vun der Cours des Comptes kontrolléieren ze loossen. Dës Budgetskontroll optimiséiert näämlech d'Gemengefinanzen a gëtt där Prozedur och e professionellen, analytesche Charakter. Fir déi nächst Budgetsdebatt géinge mir eis och wënschen, datt d'Froe vun de Conseilleren zum Budget eréischt no der Budgetspresentatioun eragereecht sollte ginn, fir datt mir eng Logik an den Oflaf do kréien. Hei muss dréngend eng Ännerung vum Gemengegesetz geholl ginn.

Déi net affektéiert Revenuen, also d'Steiersue vun der Gemeng Péiteng, belafe sech op 41,8 Milliounen Euro, wouvunner am Budget 2013 10,9 Milliounen Euro iwwereg bleiwe fir aussergewéinlech Projeten. Dës Steiersue verdeelt dir, laut ärem Tableau, op 11 verschidde Beräicher. Mir sinn der Meenung, datt dir d'Prioritéite respektéiert hutt, an datt un der Verdeelung vun dëse Steiersuen, méi oder wéineger och näischt ze kritiséieren ass. Dëst schéngt ons e Pluspunkt an dësem Budget ze sinn.

Datt de Familljeministère d'Vakanzaktioun mat enger Part vun 1.690.000 Euro ënnerstëtzt, fanne mir iwweregens och gutt a gerecht.

D'adr dréckt sech an hirem Schlusswuert äusserst skeptesch zum Budget 2013 aus. D'adr zitéiert gären den Här Breyer, wéi hie bei der Budgetspresentatioun sot, datt hien ëmmer miisst kräischen, wann hien de Budget muss presentéieren. Mir och, wa mir de Budget mussen héieren. Mir hunn dofir Matleed, awer och héije Respekt virum Här Breyer, datt hien dat esou verstoppt awer ëffentlech zouginn huet.

Ongewëss bleiwe Froen iwwer d'Behënnertepolitik, déi sozial Politik ass net gutt genuch definéiert, et ass net vun enger Déiereschutzpolitik geschwat ginn, bis op eng Floskel näischt zum Drëtten Alter, vill Fehlinvestitiounen, oftmools e Manktem u Komplettheet, a ganz vill Iddie vun der adr, déi mir iwwer ons Questions communalen an ons Zeitung "de Pefferkär" – deen ech iwweregens hei hunn, wann een eng Kéier wëll Abléck hunn - matdeele gelooss hunn, sinn entweder guer net erëm ze fannen oder refuséiert. Nëmme minoritär bleiwen déi Entscheedungen, déi an eisem Verständnis positiv ze bewäerte sinn.

Opgrond vun dësen Iwwerleeungen, wäert d'adr dëse Budget net stëmmen, a géif un de Schäfferot appeléieren, hire Budget zréckzezéien a baséierend op de Meenungen an der Integralitéit vun de politesche Parteien, en neie Budget ze presentéieren.

D'adr seet dem Gemengen – a Schäfferot souwéi der Press an de Gäscht Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op e puer méi generell Punkten agoen. Ech hu mer zwar villes notéiert a wann ech zu allem eppes miisst soen, da wiere mer nach laang am gaangen. Fir d'alleréischt wëll ech emol soen, datt et fir mech net ee vun deene wichtegste Voten ass, mä de Vote zum Budget et ass fir mech dee wichtegste Vote. Et ass dat eng kleng Nuance, mä et ass awer elo net esou dramatesch.

Dir sot, datt dëse Budget net den Iddie vum adr géif entspriechen. Mir haten eigentlech och net den Usproch, datt dat sollt geschéien. Well dat wier relativ komplizéiert. Well wa mer dat géife maachen, da géife mer dem Usproch vun der Majoritéit vum Conseil hei net méi entspriechen. An dofir hu mer eis éischter entscheet, fir der Majoritéit nozelauschteren. Well mir hätte jo gären, datt dee Budget hei gestëmmt gëtt an net – esou wéi Dir mengt – zeréckgezu soll ginn. Dat ass awer e bëssen utopesch fir dat ze mengen.

Fakt ass, datt mer dee "plan pluriannuel" mat grousser Majoritéit hei am Gemengerot gestëmmt hunn. A mir hunn deen als Basis geholl fir de Budget ze preparéieren. Dir hat Iech och – mengen ech – als eenzege bei Vote vum "plan pluriannuel" enthalen. Well mer awer gemierkt hunn, datt dee "plan pluriannuel" majoritaire hei am Gemengerot gedroe gëtt, hu mer eis no deem orientéiert. Et muss ee jo och iergendwéi viru kommen an d'Saache realiséieren an ëmsetzen. Dofir ware mer eis och bewosst, datt mer Iech net honnertprozenteg Satisfactioun géife ginn.

Zu Ärer Ausso, datt mer eis géife brätzen, datt d'politescht Entscheedungsorgan nëmme géif 200.000 Euro kaschten, sief gesot, datt et nëmmen eng Feststellung vun eis war. Mir hunn eis domatter net gebrätzt an ech hat och net d'Impressioun, datt mer eis dofir gebrätzt hätten. Ech hunn eng Opstellung gemaach, wéi déi ordinär Dépense sech opdeelen, fir emol eng Kéier ze weisen, zu wéivill Prozent – an dat waren an dësem Fall 0,43% - dat géif zu Buch schloen. Effektiv kéint een och fir de symboleschen Euro hei schaffen an doriwwer kéint een eng Diskussioun féieren. Jiddereen, deen elo seet, hie géif op seng Jetone verzichten, soll dat dem Sekretariat eraginn an dann ass dat och kee Problem. Da kritt déi Persoun déi Suen net méi iwwerwisen. Et ass jiddwerengem fräigestallt fir ze décidéieren, wat ee mécht.

Bei Äre Propositiounen, fir esouwuel an der Kultur wéi och am Enseignement de Chiffer eropzesetzen, muss ech Iech soen, datt e Budget net esou opgestallt gëtt. Beim Opstelle

vum Budget ass et net esou, datt een iergendwéi eng Zomm drasetzt. Et muss een och Projeten hunn, déi hanner deem Chiffer stinn. Et muss ee wëssen, datt een eng gewësse Prozedur bei der Realisatioun vu Projete muss respektéieren. A mir froen ëmmer eis Servicer, fir datt se déi Projeten, déi am gaangen oder geplangt sinn, gréisstméiglechst genee évaluéieren, fir datt déi Chifferen, déi mer am Budget stoen hunn, och esou no ewéi méiglech bei der Realitéit leien.

Dat ass och den Zweck vun engem Budget. Den Zweck vun engem Budget ass net fir Wënsch auszedrécken, mä fir ze soen, watfir Zommen an deem Joer verschafft ginn. An do sinn eben 8,5 Milliounen Euro déi Suen, déi fir d'Projeten am Enseignement während dem Joer 2013 reell kënne verschafft ginn. Mir kéinten elo weider Milliounen drasetzen, mä dat géif näischt notzen, well mer um Enn vum Joer 2013 géife feststellen, datt mer se net verschafft hunn.

An dat steet och e bëssen am Widdersproch zu deem, wat Dir sot. Op der enger Säit proposéiert Dir fir d'Montanten eropzesetzen an op der anerer Säit hätt Dir gären, datt mer d'Schold halbéieren. Et muss ee sech awer eng Kéier entscheeden, wat ee mécht. Et kann een net nach weider Suen op de Remboursement vun der Schold ginn an op der anerer Säit weider Suen entzwousch aneschters ausginn. Dat ass mir nach ni gelongen. Wann ech 100 Euro an der Täsch hat, da konnt ech se net zweemol ausginn.

Mir hu gemengt, hei e richtege Mixte ze hunn tëscht deem, wat mer op déi al Schold zeréckbezuelen an deem, wat mer a Realitéit op Grond vun eisem "plan pluriannuel" wëllen investéieren. An dat sinn déi doten Zommen, déi réellement kënnen 2013 investéiert ginn. A wa mer do 22,5 Milliounen Euro verschafft hunn, da kënne mer soen, datt mer gutt geschafft hunn. A wa mer dat och nach alles finanzéiert kréien, ouni mussen en neien Emprunt opzehuelen, dann ass dat ëmsou besser. Kuckt emol ronderëm Iech an da wäert Dir och der Meenung sinn, datt dat exzellent ass.

Mir hunn d'Schold erofgesat a mir hunn och gesot – a wann ech mech gutt kann erënneren, da war dat am Juni - , datt mer dee "plan pluriannuel" fir déi nächst 6 Joer (2012 – 2017) mat 110 Milliounen Euro ouni wiederen Emprunt wäerte realiséieren. Dat awer nëmmen, wann d'Konditiounen esou bleiwe wéi se de Moment sinn. Wann dat antrëtt, wat Dir sot, datt et méi schlëmm gëtt, da musse mer kucke wat mer maachen. Da kéinte mer – an dat war och gesot ginn – eventuell nei Emprunten ophuelen, an dat bis zu enger Limit vun 10 bis 15 Milliounen Euro. Wann et awer esou leeft wéi mir eis et virstellen, da wäerte mir an dëser Mandatsperiod eis Schold halbéieren. Genee esou, wéi dir et hei sot. Mir wäerten eis Schold vun 20 Milliounen op 10 Milliounen Euro zeréckféieren. Mir sinn elo schonn op deem Wee. D'lescht Joer ass eis Schold vun 22 Milliounen op 20 Milliounen erofgaangen, an elo fuere mer op 18 Milliounen an déi nächst 4 Joer hale mer dee Rhythmus bäi, a Konditioun, datt dat ekonomescht Ëmfeld eis dat erlaabt.

Déi lescht 10 Joer – an dat hat ech an der Budgets-presentatioun gesot – hu mer eis Emprunten ëm 20 Milliounen reduzéiert. Mir hunn eis Emprunten an deene leschten 10 Joer méi wéi halbéiert. Mir hu ganz grouss Efforte gemaach an ech géif soen, datt mer elo op enger Positioun ukomm sinn – an ech mengen, datt ech dat och de leschte Freideg bei der Presentatioun gesot hat – wou mer eis et erëm kënnen erlaben, wa mer e Problem hunn a wëlle verschidde Projete realiséieren oder weiderféieren, fir op e friemt Finanzement zeréckzegräifen.

Ech si mat Iech averstanen, datt Null-Verscholdung net en Zil ass, wat ee soll erreechen. Och e gudde Stot soll e bësse Schold hunn an esou ass dat hei och. Mir sollen hei eng gesond Verscholdung hunn an dat garantéieren ech Iech och, datt dat esou ass a respektéiert gëtt.

Eng Ausso, déi ech guer net gutt fonnt hunn a wat scho populistesch ass, dat ass déi Saach mat der CSV-Kaart. Dat kann een net einfach esou an de Raum geheien, datt ...

**Thein Joé (adr):**

Mä dat ass jo gesot ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

... ee muss eng CSV-Kaart hu fir hei eng Plaz ze kréien.

**Thein Joé (adr):**

Mä dat ass gesot ginn. Déi politesch Neutralitéit wier elo do an et géif net méi iwwer Parteikaarte goen. Dat ass deemools gesot ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir schwätzt hei vun der CSV-Kaart.

**Thein Joé (adr):**

Jo, vun der Parteikaart. A wie stellt dann d'Majoritéit? Net den adr. Nach net.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat erliewe mer nach vläicht eng Kéier. Mä dat géif mer zwar leet doe fir eist Land. Ech kann Iech awer versécheren, datt eng CSV-Kaart nach ni ausschlaggebend war fir hei an d'Gemeng ze kommen. An ech kann Iech soen, datt ech bei all deene Leit, déi an de leschten 12 Joer hei agestallt si ginn, ni gefrot hu watfir eng Kaart se hunn. Nach ni. Dat ass och net geschwat ginn.

Hei si scho Leit agestallt ginn – an hei um Dësch sëtze Leit, déi dat kënne bezeien – déi zu der Oppositioun gehéiert hunn. An dat war absolut kee Problem. A fir hei elo z'ënnerstellen, datt mir elo hei géifen no enger Kaart fueren, fannen ech guer net gutt a fannen dat populistesch. An dat wëll ech mer einfach net gefale loossen, well et einfach net esou ass.

**Thein Joé (adr):**

Dat gouf jo och net behaapt. Ech hu just doropper argumentéiert, wat hei iwwer d'Parteikaart gesot ginn ass. De Schäfferot huet dat gesot. An dat kënnt net vum adr.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Här Thein, ech liesen Iech emol vir, wat Dir sot: "Leider ass et kee Witz, datt eng CSV-Kaart oftmools vu Virdeel ass".

**Thein Joé (adr):**

Dat ass jo net falsch. Mä domatter ass et net gesot, datt et reng ëm d'CSV-Kaart geet, mä domatter soe mer, datt et vu Virdeel ass. Dat ass eppes ganz aneschters. Do muss een nuancéieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Och do soen ech, datt et net vu Virdeel ass, ob een eng Parteikaart huet oder net. An esou eppes wëll ech mer hei net soe loossen.

**Thein Joé (adr):**

Merci da fir d'Informatioun.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An da wéilt Dir gären d'CVe gesi vun deene Leit, déi agestallt solle ginn. Déi Pièce leien am Dossier. Ech froen Iech emol, wéi dacks Dir virun enger Gemengerotssëtzung schonn d'Dossiere kucke komm sidd. Eng Fro.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Thein. Nach ni waart Dir virun enger Gemengerotssëtzung heibanne fir en Dossier ze kucken. Dat nennt een eng seriös Preparatioun.

**Thein Joé (adr):**

Dat ass jo komplett falsch. Dir wësst jo ganz genee, datt den Aide-mémoire ka consultéiert ginn an doropshi kucke mir, ob dat eisem Programm entspriecht, wat mir doropper ze argumentéieren hunn an dat äntwere mir doropper.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat kuckt Dir? Wie kuckt wat?

**Thein Joé (adr):**

Eis Partei beschäftegt sech mat alles.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wien ass Är Partei?

**Thein Joé (adr):**

Sécher net d'CSV. Kënnt Dir wann ech gelift op meng Froen äntweren. Ech wëll elo net hei eng niveaulos Debatt féieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen nach eng Kéier, datt d'gesetzlech Basis virgesäit, datt d'Dossieren hei an der Gemeng während 5 Deeg opleien an dat "sans déplacement". Wa mir Iech elo nach en Aide-mémoire ginn, dann ass dat e Supplément dee mer Iech gi fir Iech ze hëllefen an Iech d'Saach méi einfach ze maachen. Dat wëll awer net heeschen, datt Dir dispenséiert sidd fir d'Dossieren op d'Gemeng kucken ze kommen. An dofir sinn ech net frou, wann hei gesot gëtt, mir géifen Iech d'CVe virenthalen. Well déi CVe leien am Dossier.

**Thein Joé (adr):**

Déi Pièce soll een de Leit och am Gemengerot ënnerbreede wann de Vote geholl gëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ma déi Pièce leien am Dossier dran. An ech soen nach eng Kéier, datt mer déi Pièce net doruechter verschécken. Et kann dach net sinn, datt mer ufänke fir privat Donnéeën duerch d'Landschaft ze schécken.

**Kimmes Raymond, Gemengesekretär:**

Am Gesetz steet, datt den Dossier muss 5 Deeg virun der Sëtzung opleien an dat den Dossier ka consultéiert gi vun all Member aus dem Gemengerot, an dat "sans déplacement". An all déi Saache leien an deem Dossier dran. An dat kann zum Beispill de Conseiller Gira bezeien, well hien déi Saachen ëmmer kucke kënnt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Nach eng Kéier. Déi CVe leien dran. Wann Dir dat bis elo nach net wousst, da géif ech Iech rode fir – wann an der nächster Sëtzung Personalfroen op der Dagesuerdnung stinn – déi Pièce an d'Sekretariat kucken ze kommen. All d'Detailer leie fir d'Memberen aus dem Gemengerot op. An ech kann Iech elo scho garantéieren, datt – esoulaang mir hei sëtzen – déi Pièce net duerch d'Landschaft verschéckt ginn.

**Thein Joé (adr):**

Gott sei Dank!

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat si perséinlech Donnéeën a mir kënnen net higoen an déi duerch den Internet op friem Adresse verschécken. Dat kënnt net a Fro. Well soss wiere mer illegal. Dat zu den CVen.

An ech war net frou, fir dat ze liesen. Dat sinn Attacke vis-à-vis vum Schäfferot, déi net berechtegt sinn an déi falsch sinn. An dofir sinn ech bei esou Saache ganz kriddeleg. Well wann een esou Attacke mécht, da muss een och mat konkrete Beispiller kommen an et och dokumentéieren. An dat hei si populistesch Attacken, déi emol gutt gesot sinn. A wann dee sech dann net wiert, da gëtt dobausse gesot, datt et esou ass.

Ech soen Iech, dat doten ass falsch! Weder ass et richteg, datt d'CSV-Kaart vu Virdeel ass, nach ass et esou, datt Dir keng CVe kritt, well déi leien am Dossier. Dat wëll emol hei ganz kloer gesot sinn. An ech hoffen, datt – wann Dir dat op den Internet setzt – meng Äntwert mat dropsetzt.

Da kommen ech zu deem nächste Punkt, dee mech nach betrëfft, an dat ass d'Asylspolitik.

Dir geheit awer nees alles duercherneen. Dir wësst ganz genee, a mir hunn et laang a breet hei diskutéiert, datt mer hei hu missten eng Urgence behandelen. Well do ware Leit hei zu Lëtzebuerg, déi an Zelter louchen. An ech si guer net der Meenung, datt vill Leit opbruecht waren. Et ware vläicht nëmmen e Grapp voll Leit an Dir waart och vläicht drënner.

**Thein Joé (adr):**

Selbstverständlech.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ware ganz wéineg Leit, déi sech bemierkbar gemaach hunn. An ech sinn der Meenung, datt vill méi Leit der Meenung waren, datt et richteg wier fir déi Leit opzehuelen. Well mir hu gesot, datt et eng Tëscheléisung wier a mir hunn eist Verspriechе gehalen. Mir hu gesot, datt et nëmme fir 6 Méint war, an dat war och esou mat der Madame Jacobs ausgemaach. An d'Ministesch huet och hiert Wuert gehalen a si wosst och, datt dat net déi beschte Léisung war, mä datt déi Situatioun nëmme fir déi 6 Méint iwwer de Wanter wier.

**Thein Joé (adr):**

Mä dat ass jo och falsch, Här Buergermeeschter! D'Madame Jacobs huet sech näämlech net dru gehalen, well da wéisst d'Madame Jacobs, datt déi Leit illegitime hei waren. Déi goufe weder reliéis nach op Grond vun iergend engem Krich verfollegt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat dote spillt sech op nationalem Niveau of. Mir kënnen et awer nach eng Kéier erklären. Fir d'éischt froen d'Leit hei e Statut un a während där Zäit mussen déi Leit hei ënnerdaach kommen. A wann hir Prozedur no 3, 4, 5, 6 Méint ofgeschloss ass a sech dann erausstellt, datt se net berechtegt si fir hei ze sinn, da mussen se nees goen. Entweder gi se da fräiwëlleg oder forcéiert zeréck. An Dir wësst, genee esou wéi mir och, datt déi meescht no enger gewëssener Zäit erëm hu missten zeréckgoen.

Mä de Fakt war, datt mer am Hierscht d'lescht Joer mat enger Situatioun confrontéiert waren, wou mir gesot hunn, datt och mir eng gewësse Responsabilitéit ze huelen hunn. Et kann net sinn – esou wéi Dir et elo gären hätt – fir se op de Findel ze schécken. Neen! Mir sinn e Land, wou mir eng Responsabilitéit ze huelen hunn a jidderee muss seng Responsabilitéit huelen. A mir sinn déi fënnefgréisst Gemeng a mir kënnen net soen, datt se iwwerall hi solle geschéckt ginn, mä nëmmen net bei eis. Wa jiddereen esou géif fonctionnéieren, da wieren se néierens.

**Thein Joé (adr):**

Mir hunn net gesot "schéckt se op de Findel". Dat ass jo wierklech eng haart Remarque, déi elo hei fält. Mir hu gesot, datt mer déi Leit an e Centre de Rétention um Findel musse

bréngen. Dat ass net “schéckt se op de Findel a da mam Fliger Heem”. Dat ass net gesot ginn. Dat hutt Dir gesot.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir sot, mir sollen eis asetze fir e Centre de Rétention um Findel, amplaz datt mir se géifen an eng permanent Struktur hei zu Péiteng setzen.

**Thein Joé (adr):**

Jo, esou ass et richteg.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat heescht an anere Wierder, datt laut Iech nëmmen nach een a Fro géif komme fir déi Leit opzehuelen. An dat wier um Findel, wou déi Leit sollen Ënnerdaach kommen. Ech sinn awer der Meenung, datt d’ganzt Land seng Responsabilitéit muss iwwerhuelen. An och d’Péitenger Gemeng muss seng Responsabilitéit an deem Beräich huelen. Dofir ass eis Siicht dozou eng ganz aner.

**Thein Joé (adr):**

Dann organiséiert e Gemengereferendum an da frot der d’Leit, ob déi dat wëllen. Well et geet net dorëms, ob mir et als Politiker wëllen, mä et geet drëm ob d’Leit dobaussen dat wëllen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Här Thein, ech maachen elo 20 Joer laang Politik an ech hunn an deenen 20 Joer ëmmer meng Responsabilitéite geholl. A meng Responsabilitéit huelen ech elo als Buergermeeschter. A wann d’Leit duerno soen, datt dat net richteg gewiescht wier, da kënnen se dat bei de Wahlen zum Ausdrock bréngen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Mir si jo vun de Leit gewielt. Also kënne mer jo och eis Responsabilitéit iwwerhuelen.

**Thein Joé (adr):**

Hei zielt all eenzel Stëmm vun all eenzelne Bierger dobaussen. Net dat, wat hei 17 Leit am Gemengerot décidéieren. Mir representéieren all déi Leit! An da frot och all déi Leit, wann et ëm esou eng wichteg Saach geet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wéi gesot, dat war eng Urgence. Mir gesinn dat aneschter wéi Dir. De Schäfferot an de Gros vun der Majoritéit hei am Gemengerot sinn net der Meenung, datt mer hei sollen e Referendum maachen, mä datt mer eis Responsabilitéit sollen huelen. Mir si weider och net der Meenung, datt mer déi Leit alleguerte sollen op enger Plaz konzentréieren, mä datt all Gemeng hir Responsabilitéit miisst huelen. Och als Péitenger Gemeng hu mer eng Aufgab ze assuréieren a mir wäerten och eis Responsabilitéit als Péitenger Gemeng huelen. An dat op mannst esou laang wéi déi Équipe, déi elo hei um Dësch sëtzt, Meeschter ass. Wann et dann eng Kéier sollt esou wäit kommen, datt den adr eng Kéier Meeschter hei gëtt – wat ech net hoffen – da gëtt vläicht d’Politik an deem Punkt geännert.

Beim Jugendhaus wëll ech der Madame Conter net virgräifen, mä ech kann Iech soen, datt mer e “plan pluriannuel” hunn. Dir kommt ëmmer erëm mat deem Rollenger Jugendhaus, an Dir kënnt och nach 6 Joer domatter kommen, mä am Plang 2012-2017 ass kee Jugendhaus zu Rolleng virgesinn. Iwwer e Jugendhaus fir Rolleng kann ee fréistens am Plang fir 2018-2023 schwätzen. Dir kënnt zwar nach ëmmer erëm domatter kommen, mä ech wäert net méi doropper agoen. Ech hunn elo dacks genuch gesot, datt näischt am “plan pluriannuel” virgesinn ass an och näischt an deem Sënn wäert drakommen.

Da kommen ech nach zu deem Punkt, wou Dir sot “Negativ och, datt ee bei de Brutto-Dépensë feststelle muss, datt d’Ënnerhaltskäschten vun eise Gebaier ëm 8% klammen”. Do hutt Dir wahrscheinlech eppes falsch verstanen. Et ass net ëm 8% geklommen, mä 8% vun eisen ordinären Ausgabe si fir den Ënnerhalt vun eise Gemengegebaier virgesinn. Et ass also keng Progressioun, mä si sinn dofir virgesinn.

Et muss een och wëssen, datt et net ganz vill Spuermoossname ginn. Well Hëtze muss een, Beliichte muss een, Botze muss een. Et sinn dat eng ganz Rei Aufgaben, déi op een zoukommen an déi falen un, ouni datt een allzevill Afloss drop huet. Ausser et géif een en Haus zoumaachen. An dofir baue mer och kee Jugendhaus zu Rolleng, fir net nach e weidert Haus z’ënnerhalen ze hunn.

Datt sech d’Informatik op 5,2 Milliounen Euro beleeft, war och net esou gesot ginn an dat ass och falsch. Ech hat deemools gesot, datt nach eng helle Wull aner Dépensë kommen, fir am Total 5,2 Milliounen Euro. An doranner spillt och d’Informatik eng wesentlech Roll. D’Informatik mécht awer do keng 5,2 Milliounen Euro aus. D’Ausgaben dofir leie wäit ënner der Millioun. Mir wäerte bei ongeféier 500.000 bis 600.000 Euro leien, wat d’Informatik eis an engem Joer kascht. Dat nennen ech awer d’Informatik, esouwuel am Enseignement wéi och an der Verwaltung oder och nach bei eise Securitéitsleit. Et ass also net richteg, datt d’Informatik eis 5,2 Milliounen Euro kascht.

Da sot Dir och nach, datt Dir d’Froen zum Budget eréischt wëllt no der Budgetspresentatioun stellen. Mir haten ëmmer gemengt, datt all Member hei ronderëm den Dësch kéint op Grond vum Budgetsdokument sech seng eege Meenung dovunner maachen. An dat ouni sech vum Schäfferot beaflossen ze loossen an op dat ze reagéiere wat de Schäfferot gesot huet.

Vum 28. November un hat Dir de Budget. An ech hat gehofft, datt Dir Iech vum 28. November bis de 14. Dezember – ouni de Schäfferot gelauschtert ze hunn – Är eege Meenung iwwer de Budget hätt kënne maachen an dann och Är Meenung op den Dësch géift bréngen. An net nëmmen eis Meenung kommentéieren. Dofir mengen ech, et wier awer emol grad esou gutt, datt ee sech – lassgeléist vun deem, wat de Schäfferot presentéiert – duerch dat Dokument hei géif schaffen a sech Gedanke mécht iwwer dat, wat nach kéint geännert ginn a wat besser kéint gemaach ginn.

Zum Schluss wollt ech just soen, datt mer awer sécherlech net de Budget wäerten zeréckzéien. Wann ech déi Diskussiounen hei ronderëm den Dësch héieren, da sinn ech der Meenung, datt de Budget vun engem ganz groussen Deel vun eise Conseillere guttgeheescht gëtt. A wann ee Conseiller elo freet, fir de Budget zeréckzezéien, da kënne mer jo net gutt higoen an dat maachen. Dofir géif ech awer proposéiere fir de Budget drop ze loossen a mir géifen der legaler Aufgab, déi mer hunn – dat heescht, bis Enn dës Joer dem Inneminister e Budget zur Approbatioun virzeleeën – gerecht ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hu schéi brav nogelauschtert, wou den Här Thein seng Story virgelies huet an ech huelen och un, datt hie mech elo schwätze léisst. Ech hu festgestallt, datt hien deen eenzegen ass, deen ëmmer am Numm vun enger Partei schwätzt. An dat ass och normal, wann een dat virliest, wat an der Stad vun Äre Parteifrënn geschriwwe gëtt.

**Thein Joé (adr):**

Neen, absolut guer net.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech géif Iech bieden, fir emol manéierlech ze sinn. Dat ass déi éischt Tugend ...

**Thein Joé (adr):**

Da sot hei näischt, wat der Wouerecht net entspréicht. Déi Ried hei ass exklusiv vu mir, an Zesummenaarbecht mat der Sektioun Péiteng entstanen. Da kommt hei net an erzielt, datt dat aus der Stad kënnt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech soen nach eng Kéier, datt Dir Är Lektioun schéi virgelies hutt, déi Dir vun der Stad geschriwwe kritt hutt ...

**Thein Joé (adr):**

Falsch!

**Breyer Roland, Schäffen:**

... an déi ass voller Inkohärenzen. Wat jo normal ass, well déi Leit, déi an der Stad sëtzen, dat net esou kennen a och net esou kënne spiere wéi dat hei ass. ...

**Thein Joé (adr):**

Onbeléierbar!

**Breyer Roland, Schäffen:**

... D'Ried ass net ausgeräift a wäit ewech vun enger politescher Maturitéit. Dir hutt Inkohärenzen dran an de Buergermeeschter ass schonn drop agaangen. Dir hätt gären op der enger Säit Chifferen opgerënnt an op der anerer Säit hätt Dir gären d'Schold reduzéiert. Et muss een awer wësse wat ee wëllt, well et kann een net alles hunn. ...

**Thein Joé (adr):**

Jo, Prioritéite setzen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

... Géift Dir mech vläicht schwätze loossen, Här Thein. ...

**Thein Joé (adr):**

Jo. Fuert weider!

**Breyer Roland, Schäffen:**

... Maacht emol Äre Mikro aus, wann Dir wëllt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif och soen, datt mer elo emol géifen an engem aneren Toun matenee fueren.

**Thein Joé (adr):**

Merci, datt Dir mer d'Wuert entzitt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Neen, Dir kritt net d'Wuert entzunn. Dir kritt d'Wuert och erëm zeréck. Hei am Sall ass et esou, datt déi Technik esou agestallt ass, datt se net fonctionnéiert, wann 3 Mikroe mateneen u sinn. Et ass esou, datt de Buergermeeschter säi Mikro ëmmer un huet an hien huet d'Méiglechkeet fir deenen d'Wuert ze entzéien déi frech sinn oder sech net un den Ordre du jour halen. Ech versiche mech dann drun ze halen.

Deen Eenzegen, deen heibanne vun enger Parteikaart schwätzt, sidd Dir. Mir hu gesot, datt et bei eis keng Parteikaart méi gëtt. Deen Eenzegen, deen ëmmer mat "adr", mat Sloganen a mat Utensilien dorëmmer leeft an et no bausse weist, sidd Dir. Keen aneren. Heibannen ass keen, dee mat CSV, LSAP oder mat "déi gréng" doruechter leeft. Dir sidd deen Eenzegen, deen dat no bausse weist. An dat wëlle mer net gesinn. Mir hu kloer gesot, datt d'Parteikaart net méi zielt. An et ass och esou, datt d'Dossiere bestinn a wann ee sech dofir interesséiert – wat Dir jo net maacht – da géif een och wësse wat an deenen Dossieren drasteet a watfir "critères de sélection" bei Astellungen hei bestinn. An et geet net, fir esou Ënnerstellungen ze maache wéi déi, déi Dir elo hei gemaach hutt.

Dir sot, datt mer sollen eng Politik géint den Absenteismus maachen. Mir maachen esou eng Politik. A wann Dir wëllt wësse wéi déi Politik ass, da muss Dir Iech emol eng Kéier renseignéieren. Da géift Dir gesinn, wéi déi Politik gefouert gëtt. Et besteet eng Gérance vum Absenteismus an all Mount ginn d'Zuelen op den Dësch geluegt.

A mir hunn och genuch behënnert Matbierger agestallt. Dir wësst emol net, wéivill datt mer der hunn a wéivill datt mer der miissten hunn. Dir sot einfach, datt e Seuil géif bestoen. Mir hunn dee Seuil erreecht, a wann Dir wësst, wéi de Seuil ass, da kënnt Dir jo einfach erausfannen, ob dat stëmmt oder net.

Da kommen ech zum Indutiomaros. Dir schwätzt vun "genügend Kritik an engem Avis vun der Kulturkommissioun". Ech hunn näischt kritt, datt d'Kulturkommissioun net sollt domatter averstane sinn. Déi eenzeg Kritik, déi ech gesinn hunn, koum vun engem Här Thein, deen an der Kulturkommissioun sëtzt. Dir hutt dat och schrëftlech beäntwert kritt an Dir kommt ëmmer erëm mat deem selwechten zeréck. Et ass dat eng simplistesch Approche. Et ass net nëmmen e Véier-Minutte Film, mä et gouf eng ganz Étude gemaach iwwer eis Vergaangenheet. An Dir sidd jo ëmmer een, dee seet, mir sollen eis Kanner léiere wat d'Vergaangenheet war a wou hir Wuerzele sinn. An da maache mer eppes an deem Sënn an dann ass dat och erëm net gutt.

Wann een am Ufank an der Politik ass, dann ass et normal, datt een där Feeler mécht. Ech hunn där och an der Zäit gemaach an hu lues a lues mat der Zäit dobäigeléiert a versicht et besser ze maachen.

Wieder sot Dir, datt Dank der Post elo hei an der Gemeng eppes gemaach gëtt. Mä et ass just d'Post, déi Chantiere mécht. Mir hu se net invitéiert fir heihinner ze kommen. D'Post huet d'Aufgab vum Lëtzebuerger Stat kritt, fir iwwerall Glasfaserleitungen ze leeën. An et ass net der Post hire Mérite, datt mer elo nei elektresch Leitunge verleeën oder d'Kanalisatioun erneieren. D'Post mécht hir Aarbechten a mir maachen eis Aufgab. An déi hu mer nach all Joer gemaach. Den Här Polfer huet gesot, datt mer d'lescht Joer schonn 22 Millioune am Extraordinäre verschafft hunn. Et ass also eppes gemaach ginn, an net – wéi Dir sot – datt joerelaang näischt geschitt ass. Doriwwer muss een awer laachen, well och do sidd Dir erëm eng Kéier net mat der Realitéit verbonnen. Dir sidd einfach net an dëser Gemeng doheem an Dir spiert och net, wat hei richteg leeft.

Dir hätt och gären de "Guide du citoyen" op Lëtzebuergesch. Dee maache mer och op Lëtzebuergesch, mä gitt eis och eng Chance fir en ze maachen. Mir haten Iech gesot, datt de "Guide du citoyen" am Joer 2013 op Däitsch erauskënnt an datt déi Lëtzebuerger Versioun an der Aarbecht ass. An déi Lëtzebuerger Versioun kënnt och am Laf vun 2013 eraus. Gitt de Leit also emol eng Chance fir déi Aarbecht ze maachen.

Bei der Internetsäit vun der Gemeng verlaangt Dir e linguistesche Choix. Op der anerer Säit hätt Dir awer gären alles op Lëtzebuergesch a vill méi Publikatioune sollen op Lëtzebuergesch gemaach ginn. Hei wësst Dir och net esou richteg, wat Dir wëllt. Dat Ganzt ass inkohärent.

Schlussendlech zitéiert Dir mech, datt ech Tréinen an den Aen hat bei der Budgetspresentatioun. Dat ass net ganz léif, wann ee mat enger Krankheet vun enger Persoun Propaganda mécht. Mä ech hat awer effektiv gesot, datt ech Tréinen an den Aen hat. Et kann awer sinn, datt ech bei der Presentatioun vum Budget Freedentréinen an den Aen hat. Ech hat och elo Tréinen an den Aen, mä dat war awer wahrscheinlech vum Sand, deen aus der Sandkëscht vun Iech eriwwer komm ass an dee mer an d'A gesprongen ass.

Ech kann Iech just ee Rot ginn. Kuckt fir Iech richteg hei fir d'Gemengegeschicht ze intresséieren. Huelt Är Verantwortung emol. Dir hutt bis elo nach ni an Ärem Numm geschwat. Dir sidd vun de Leit gewielt ginn an Dir musst Är Verantwortung iwwerhuelen. Mir hunn eng representativ Vertriedung hei an do muss ee seng Responsabilitéiten huelen. Dir hutt Iech bis elo ëmmer hannert enger adr verstoppt. Ech fanne just, datt Dir sollt Är Responsabilitéit iwwerhuelen, an dat als Persoun, als Gewieltenen, an d'Dossiere kucke goen an och emol kucken, wat effektiv geschitt. An net Statementer maachen, bei deenen all Fundamenter feelen. Da kann et sinn, datt Dir zu engem feste Bestanddeel vun dësem Gremium gitt. Anerefalls wäert Dir nëmmen e kuerzen Optrëtt an dëser Gemeng hunn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech géif dann och nach op déi Punkten agoen, déi meng Ressorte betreffen. Et ass dat haaptsächlech de Jugendgemengerot. Do muss ech virausschécken, datt dee Jugendgemengerot op Ufro vun der Jugendkommissioun op den Dësch komm ass. An an der Jugendkommissioun si sämtlech Jugendlech aus alle Parteie vun eiser Gemeng vertrueden, ënner anerem och mat engem Member vun Iech. Ech hoffen, datt deen Iech ëmmer an d'Bild setzt. A wann Dir an d'Bild gesat gi sidd, da miisst Dir och wëssen, datt mer Jugendlecher tëscht 10 an 12 Joer wëlle motivéiere fir an dee Jugendgemengerot ze kommen. A mir wëlle keen endoctrinéieren an och keen an eng politesch Lafbunn eraschleisen, deen iwwerhaapt nach näischt mat der Politik um Hutt huet. Mir wëllen haaptsächlech – esou wéi d'Madame Gonçalves et och éineschters gesot huet – deene Jugendlechen eng Bühn offréieren, wou se kënne mat hiren Doléancë kommen, wou se mat hiren Iddie kommen, a wou mir da kënne mat hinnen zesummen déi interessant Virschléi ausschaffen. A mat deem Jugendgemengerot gesi se och emol, datt et net ëmmer esou einfach ass fir déi eng oder aner Saach ëmzesetzen.

Da kommen ech op d'Jugend ze schwätzen. Dir sot, datt Dir eng "angeblech Jugendfrëndlechkeet vum Schäfferot" géift vermëssen. Ech wëll Iech soen, datt mir als Schäfferot keng Näipe virun de Jugendleche maachen. Mir setzen d'Basis, fir datt eis Jugend hei an der Gemeng all méiglech Offenheeten huet, an dat esouwuel am Sport wéi och an der Kultur. Beim Sport stelle mer hinne Sportshalen, Terrainen a Schwämmen zur Verfügung. Mir kënnen se a Museksgesellschaften erafléisse loossen, an Theatergesellschaften, a Choralen an esou weider. Mir maachen also scho ganz vill fir eis Jugend. Mir ginn hinnen och d'Méiglechkeet fir eng Schaff ze kréien, sief dat fir als Student e puer Méint an d'Gemeng eranzekommen, sief et als Apprenti, wou se vun eisen Aarbechter ausgebilt ginn. Dat ass dach méi wéi nëmme Jugendfrëndlechkeet. Dat ass sech enger Jugend ugeholl. Et ass dat enger Jugend gewisen an enger Jugend gehollef, fir en uerdentlechen Erwuessenen ze ginn.

Esou gesi mir als Schäfferot d'Approche zu der Jugend an an eisen Aen ass dat och déi richteg Approche. Et geet net alleng duer mat Jugendfrëndlechkeet.

Wat d'Jugendhaus vu Rolleng ubelaangt, esou kann ech nëmmen dat hei soen. Dir hutt jo an der Jugendkommissioun ee vun Äre Memberen. Ech weess net, wéi Dir zu deem Member stitt an ob Dir vun him an d'Bild gesat gitt. Well soss miisst Dir wëssen, datt mer de 17. Januar 2013, um 18.00 Auer, eng Versammlung zum Péiteng 'A Rousen' hunn, zu där mer sämtlech Jugendlecher vu Rolleng invitéiert hunn. An do kënnen a sollen déi Rollenger Jugendlech hir Doléance virbréngen an zesumme mat eis driwwer diskutéieren. Iwwer dee Wee fanne mer vläicht e Konsens a kënne kucken, wat mer fir déi Jugendlech kënne maachen. D'Jugendhaus ass och bei där Versammlung dobäi, esou datt mer op der Plaz kënnen déi Jugendlech motivéiere fir un där enger oder anerer Aktivitéit matzeschaffen. An dat ass jo awer eng gutt Neiegkeet. A wann Dir se nach net sollt gewosst hunn – iwwer Är Partei oder Äre Member an der Kommissioun – da schreift Iech deen Datum op jiddwer Fall an Ären Agenda an.

Da kommen ech zu der Musekschoul, wou Dir vun enger zweeter Musekschoul schwätzt. Ech hunn nach ni vun enger zweeter Musekschoul geschwat. Ech schwätzen ëmmer vun enger neier Musekschoul. An dat ass fir mech en neit Gebai, wat adäquat gebaut gëtt an de Museker an de Schüler et erlaabt, fir uerdentlech kënnen ze léieren. An an déi Musekschoul, wou se elo dra sinn – an da muss ech eemol méi däitlech ginn, wann Dir et net aneschters verstitt – gi se dann net méi hin. Dat Gebai kritt dann dee Moment eng aner Affektatioun oder mer kucken, wat mer soss mat deem Gebai kënne maachen. Do wäert sech schonn eppes fannen, wann et esouwäit ass. Mä op jiddwer Fall ass hei ni vun enger zweeter Musekschoul geschwat ginn, mä vun enger neier Musekschoul. Ech hoffen, datt déi Informatioun elo richteg ukomm ass.

Da schwätzt Dir déi 50.000 Euro fir den Ëmbau vum Scoutschalet un. Den Ëmbau vum Scoutschalet kascht méi. Ech hunn Iech gesot, datt déi 50.000 Euro den éischten Akkont ass. Dir verlaangt och Jugendaarbecht an der Gemeng. Do stellen ech emol d'Fro, wie Jugendaarbecht an der Gemeng mécht? Dat sinn zum Beispill d'Scouten. Esougutt déi Rodanger, wéi och déi Péitenger Scouten, maachen eng wonnerbar Jugendaarbecht bei eis an der Gemeng. Wann ech richteg informéiert sinn, dann hunn esouwuel déi Rodanger wéi och déi Péitenger jeeweils iwwer 100 Kanner nomëttes do. Ass dat keng Jugendaarbecht, wann ee mat deene Kanner eppes schafft? An dofir hunn ech vollt Versteesdemech dofir, datt mir eis als Gemeng net ze Schued si fir de Scouten eng Hëllef ze gi fir de Bau vun engem neie Chalet.

Mir baue jo och eng Musekschoul a Sportshalen, oder aménagéiere Fussballsterrainen. An dovunner kënnen eis Jugendlech jo och profitéieren. An dofir ass et net méi wéi richteg, datt mir och de Scouten, déi Jugendaarbecht maachen, ënner d'Äerm gräifen.

Dir schwätzt dann nach d'Chancëgläichheet un. Doropper sinn ech virdru bei der Interventioun vun der Madame Gonçalves agaangen.

Weider sot Dir, datt de Familljeministère d'Vakanzaktioun mat 1.690.000 Euro ënnerstëtzt. Ech wéilt, datt dat esou wier. Mä ech mengen, do hutt Dir eppes falsch verstanen, Här Thein. Et ass dat de Subsid, dee mer fir de Bau vun der neier Maison Relais vu Péiteng kréien. Déi Sue sinn net fir d'Vakanzaktioun. D'Vakanzaktioun gëtt eenzeg an eleng vun der Gemeng gedroen. Do hat Dir also eppes verwiesselt an net richteg gelies.

Da sot Dir och, datt ech ganz oft vun "mir erwaarden" geschwat hat. Dat ass richteg. Et war dat am Ganze véiermol. An zwar a Bezuch op e Versprieche vun engem Subsid vum Stat. Dat si Gelder, déi mir ze kréien hunn, an do

hunn ech gesot, datt ech mer déi Suen “erwaarden”. Dat ass e Fakt an dat ass och e Verspriechen. Et ass awer keng Garantie, datt mer déi Suen d’nächst Joer kréien, och wann ech dat hoffen. Well fir mäi Budget wier et näämlech ganz gutt, wann ech déi Suen da géif kréien. Wann ech se net 2013 kréien, da wäerten se awer wuel 2014 kommen. Mä et ass e Fakt, datt de Stat eis déi Subside versprach huet.

Eemol hunn ech “mir erwaarden” bei der Night-Card ernimmt. Do erwaarden ech mer, op Grond vun de Previsiounen, 4.000 Euro. Well do sinn ech ëmmer gebonnen un d’Recetten, an déi Recettë sinn ëmmer gebonnen un d’Zuel vun de Leit, déi ageschriwwe sinn. An dat ass nëmmen eng Schätzung an de Budget rectifié wäert mer weisen, ob meng Erwaardunge richteg waren.

Domatter hätt ech meng Froe beäntwert an hoffen och, datt ech se zu Ärer Zefriddenheet beäntwert hunn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wann ech gutt nogelauschtert hunn, da sinn et nëmmen 2 Punkten, op déi ech wëll agoen.

Deen een ass de Montant vun 300.000 Euro fir den Hybridterrain zu Péiteng. Bei der Presentatioun vum Budget war ech schonn op d’Qualitéit vun esou engem Wuess agaangen. Dësweideren ënnerhalen déi den Terrain während 5 Joer, an doduerch brauche mir och während deene 5 Joer keng Gemengenaarbechter dohinner ze schécke fir den Ënnerhalt vun deem Terrain. Déi Leit kënne mer dann huele fir aner Aarbechten, déi an eise Servicer ufalen. Dofir fannen ech dat positiv. Well wann een déi Aarbechtsstonne vun deene 5 Joer ausrechent, da gëtt dat schonn e schéine Chiffer.

Wéi gesot, beim Uleeë vum Wuess offréiere si am Präis mat, fir deen Terrain während 5 Joer ze ënnerhalen.

Deen zweete Punkt betrëfft d’Behënnertepolitik. Do hat ech jo gesot, datt zu Rodange op der Gare bei de Luuchten där Dréckknäpp dohinner kommen. Et sinn dat jo Knäpp, déi, nieft engem akustesche Signal, och nach vibréieren.

Och déi nei Ampelanlag, déi op der Kräizung “Lonkescher Strooss / Brouckerwee” opgeriicht gëtt, wäert behënnertegerecht aménagéiert ginn.

Esou ginn och nach op aner Plazen an der Gemeng bei der Erneierung vun de Foussgängerluuchten esou behënnertegerecht Armaturen installéiert.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat wieren d’Stellungnahme vum Schäfferot gewiescht. Mä Dir hat zweemol e Conseiller perséinlech ugesprach an dofir muss ech deenen d’Recht gi fir drop ze reagéiere wa se dat wëllen. Et waren dat den Här Polfer an den Här Becker.

**Polfer John (CSV):**

Wann ech gesot hat, datt d’Ofwaasser géif an d’Käschte schloen, da wëll dat net heeschen, datt ech géint d’Kläranlage sinn. Ech sinn houfreg op eis Kläranlag. An all Memberen hei am Sall – ausser Iech – wëssen, datt grad ech vill am an um Waasser ze fanne sinn.

Ech hunn op jiddefall Är Remarque esou opgeholl, datt ech wéinst de Käschte géint d’Kläranlag wier oder déi géif beanstanden. An ech kann Iech soen, Här Thein, datt ech guer näischt kéint Kläranlag hunn an datt ech net midd gi fir dat dobaussen ze soen. An Dir waart nach net hei am Gemengerot, dunn hunn ech schonn ëffentlech hei gesot, datt hei am Land nach ëmmer Kläranlage feelen. Esouguer op eisem schéine Stauséi, wou mer eist Drénkwaasser hierkréien, ass just den Heischtergronn, an do si ronderëm Dierfer – wéi Léifreg, Ënsber, an esou weider – wou d’Ofwaasser einfach ongekläert an de Stauséi eraleeft well se guer net un eng Kläranlag ugeschloss sinn. Dofir kann ech mer net soe loossen, datt ech géint d’Kläranlage wier.

An natierlech gi mer bestrooft, wa mer der Direktiv net nokommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dofir maache mer jo eis Aufgab a kucken, datt mer eis Kläranlag un d’Goe kréien. An dat klappt och bei eis.

**Becker Romain (déi gréng):**

Den Här Thein hat mech drop ugeschwat, datt den adr eng Fro iwwer de Live-Stream um Internet vun de Gemengerotssëtzungen eraginn huet. Här Thein, mir haten déi Diskussioun och scho viru laanger, laanger Zäit hei am Gemengerot. An den Här Breyer hat eis deemools dozou Erklärunge ginn. Dir waart deemools nach net dobäi a konnt dat also och net wëssen. Ech brauch mech u sech net un Ärer Fro ze bedeelegen, wéi Dir dat gemengt hutt, well den Här Breyer mer virdru jo Äntwerte ginn huet. An déi Fro wier dann och an deem Sënn hifälleg.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter wier eigentlech d’Diskussioun eriwwer. Et sief dann, Här Thein, Dir wéilt nach gären e Saz dobäi soen. Wann deem net esou ass, da géif ech d’Wuert dem Här Scheuer ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Här Buergermeeschter, dir Dammen, dir Hären,

Fir d’éischt wëll ech all deene Merci soen, déi esou gutt um Opsetze vum Budget matgeschafft hunn. No der Sëtzung vum leschte Freideg hätt ech awer nach e puer Froen dozou, wat verschidde Projet betreffen:

Rollenger Millen:

Huet de Schäfferot do e geneet Konzept, wéi dat sollt ausgesinn, respektiv soll fonctionnéieren? Et ass mir opgefall, datt de 17. Dezember 2010 schonns e Montant am Gemengerot gestëmmt gouf, fir zesumme mat ProAktif eenzel Aarbechte fir d’Astandsetze vun deem Gebai duerchzeféieren, obwuel datt d’Gebai dem Stat gehéiert huet. Et ass immens schued, datt dat Gebai elo schonn esou laang eidel steet.

Haus vum Doudegriewer zu Péiteng:

2009 huet de Gemengerot eng Garage gestëmmt, déi hannert d’Haus vum Doudegriewer sollt gebaut ginn. D’LSAP hat deemools nach gemengt, den Entrepreneur wier kee Garageliwwerant. Firwat muss dat Haus, wat dach awer e schéint Haischen ass a wou eng Famill fréier gewunnt huet, dann elo ewechgerappt an duerch Containeren ersat ginn? Den Ubléck vum Haus war bestëmmt méi schéi wéi dee vu Containeren. Wat geschitt da mat där 3 Joer aler Garage?

Reprofilage vum Wee tëscht der rue de la Montagne an der rue du Vieux Moulin zu Rolleng:

Well ganz vill Leit dëse Wee benotze fir spazéieren ze goen, a well mir dëse Wee jo souwisou frësch maachen, kéint een do net virgesi fir wéinstens op enger Säit een Trottoire ze maachen?

En Auto fir de Portier, deen déi 3 Centrë muss verwalten:

Ass dësen Auto geduecht fir de Portier vum Centre sportif, der Péitenger Millen an dem Keelenzenter? Gëtt dat en elektreschen Auto oder vläicht en elektresche Vëlo, mat deem hien hannelaanscht iwwer de Wee kéint fueren? Well d’Distanz tëscht deenen 3 Centren ass dach relativ kleng.

CIGL vum ProAktiv:

Well mer aus der nationaler Press gewuer si ginn, datt ProAktiv muss 35 Leit entloossen, wollt ech Iech froen, ob eise lokale CIGL och dovunner betraff ass?

Plaz zu Rodange beim Centre:

Déi Plaz zu Rodange, tëscht der Neiwiss Schoul an dem Centre, steet nach eng Kéier mat 50.000 Euro fir Frais d'études am Budget. Wéini sinn déi Études dann ofgeschloss a wéini gëtt dëse Projet exekutéiert?

Grenziwwergräifend Zesummenaarbecht vun de lokalen Autoritéiten:

Wéi mir an der Zeitung "Meng Gemeng" gelies hunn, datt erëm eng gemeinsam Versammlung war, an no den Äntwerten op d'Froen, déi de Romain Becker de 5. November gestallt hat an no den Aussoe vum Här Breyer de leschte Freideg, wollt ech wëssen, wéi wäit d'Diskussiounen iwwer de "Park and Ride" op der Grenz fortgeschratt wieren? Gëtt dee Parking realiséiert obschonn näischt am Budget stoung?

Beriselungsanlag vum Fussballsterrain zu Rodange:

Wéi gëtt déi Anlag bedriwwen, respektiv gesteiert? Sollt dat esou fonctionnéiere wéi op deenen aneren Terrainen? Well et ass mir opgefall, datt déi esou programméiert waren, datt se esouguer beriselt hunn, wann et wéi mat Eemere gereent huet. Besteet do keng Méiglechkeet fir ee Fühler virzegesinn?

Rond-point Lamadelaine:

Et ass opgefall, datt näischt am Budget virgesinn ass fir Études ze maachen, betreffend d'Ënnerführung ënner der avenue de l'Europe op der Héicht vum LTMA, de Weieren an dem Fussballsterrain. Et ass viru Joere vun enger Passerelle geschwat ginn an duerno sollt eng Ënnerführung gebaut gi fir d'Sécherheet vun de Schüler an de Spazéiergänger ze garantéieren. Wéi wäit ass dëse Projet?

Parkschoul zu Péiteng:

Well am Budget eng gréisser Zomm virgesinn ass, wollt ech froen, wéi séier d'Renovatiounsaarbechte viruginn? War och schonn eng Informatiounsversammlung fir d'Elteren oder ass eréischt eng virgesinn? D'Eltere wieren näämlech frou, wa se Informatioune géife kréien.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op zwou Saachen agoen. Deen éischte Punkt ass CIGL a ProAktiv. Et ass esou, datt déi Problematik sech beim Objectif Plein Emploi stellt an net beim ProAktiv. Et ass richteg, datt déi eenzel CIGLen un deem Objectif Plein Emploi hänken. Do ass effektiv e Sozialplang ugesot ginn an ech hunn dat och eréischt aus dem Radio héieren. Doropshin hunn ech mech e bësse schlau gemaach. Dir musst wëssen, datt den Objectif Plein Emploi déi administrativ Cellule ass, déi di eenzel CIGLen am Fong encadréiert an a verschiddenen Domainen, wéi zum Beispill d'Finanzen oder d'Kontrakten, och ënnerstëtzt. Deen Objectiv Plein Emploi fonctionnéiert mat de Suen, déi di eenzel CIGLen als Frais de structure an dësem Objectiv Plein Emploi eraginn. Ech kann Iech soen, datt dat beim Budget 2013 vum CIGL Péiteng 204.000 Euro ausmaachen.

Do sinn awer finanziell Problemer. Ech war och scho mat enger Rei anere Presidenten an enger Rei Versammlungen. An d'Ursaach vun deem Sozialplang, deen ugekënnegt ass, kënnt dohier, datt deen een oder anere CIGL schonn ugedeit hätt, fir sech aus där Struktur zeréckzezéien a seng eege Weeër goe wéilt. Dat bedeit awer, datt déi Frais de structures dann net méi an den Objectif Plein Emploi verséiert géife ginn. An dat géif bedeiten, datt se miissten ufänke fir Leit ofzebauen, well se net méi déi néideg Sue kréien, déi se brauche fir dee Betrib um Lafen ze halen.

Wann duerno nëmme méi 20 vu 40 CIGLen doranner bezuelen, dann hätten se e finanzielle Problem. Mir sinn awer nach net do ukomm. Den nächste Mëttwoch Owend ass eng weider Versammlung beim Objectif Plein Emploi, wou mir, zesumme mat enger Rei Presidenten vu gréissere CIGLen, mam Objectif Plein Emploi kucken, wéi dat kéint virugoen. Ech weess och, datt Gespréicher tëscht dem Objectif Plein Emploi an dem Aarbechtsminister stattfonnt hunn, respektiv nach stattfanne wäerten.

Mir sinn also nach net do ukomm. Et hänkt awer en Damoklesschwäert iwwer dem Kapp an de Risiko ass, wa sech eng Rei Leit zeréckzéien, déi Sue feelen. Zum Beispill, wa mir eis als Péitenger Gemeng géifen zeréckzéien, da géifen 204.000 Euro feelen. A wann e puer Gemengen dat géife maachen, da gëtt et enk fir de Budget vum Objectif Plein Emploi.

Et ass awer nach net esou wäit. An et huet awer mam CIGL Péiteng direkt näischt ze dinn. Wann dat dote géif antrieden, da géif vläicht eng administrativ Cellule vum Objectif Plein Emploi, déi eis fir de Moment ënnerstëtzt, verschwannen oder reduzéiert ginn. An da miisste mer kucken, wéi mir als Péitenger CIGL iwwer d'Ronne géife kommen, an dat eventuell an Eegeregie oder wéi och ëmmer.

Meng Revendicatioun war awer ëmmer an deene Kreeser, datt mer et musse fäerdeg bréngen fir déi gemeinsam Cellule Objektiv Plein Emploi bäizebehalen. Et kann nëmmen esou goen, datt mer do eng aner Cellule driwwer hunn, déi vläicht aneschters strukturéiert ass, mä déi awer dann déi Aarbecht vun all deene CIGLe kann iwwerhuelen. Et geet net, datt jidderee fir sech – a sengem klenge Kämmerlein – déi eenzel Aarbechte selwer mécht. Dat gëtt am Endeffekt sécherlech net méi bëlleg.

Wat d'Parkschoul ubelaangt, esou kréie mer d'Méiglechkeet nach, fir beim Devis, dee mer stëmme wäerten, driwwer ze schwätzen. Ech kann Iech awer soen, wou mer fir de Moment dru sinn. Mir sinn de Moment mat Botzaarbechten am gaangen, an dat a verschiddenen Deeler vum Gebai, wat den Asbest ubelaangt. Duerno ginn d'Biedem alleguerten erausgerappt an duerch een neie Belag ersat.

Mir hunn eng éischte Kéier den Eltere schrëftlech eng Informatioun am Oktober 2012 ginn. An där Informatioun hu mer den Eltere matgedeelt, wou d'Problemer géife leien an datt mer d'Kanner aus der Schoul erausgeholl hunn. Mir sinn am gaange fir mat de Firmaen en Timing vun den Aarbechten opzesetzen, a mir rechnen domatter, datt am Mount Januar eng weider Informatioun un d'Eltere ka goen. Well da gesi mer méi kloer, wat den Timing vun den Aarbechten ugeet.

Nach haut de Mëtteg hunn ech eng weider Analys vun der Firma Luxcontrol krut. An déi Analys musse mer nach duerchliesen. Mir sinn nach net um Punkt, fir den Elteren eng genee Informatioun ze ginn, wéi et mat der Schoul virugeet. Mir sinn awer der Meenung, datt d'Aarbechten an der Schoul an deenen éischte véier Méint vum Joer 2013 kéinten ofgeschloss ginn. Mä dat hänkt och vun den Autorisatioune vun der ITM of, déi mer nach musse kréien. Och d'Entsuergung vum Bitumenkleber spillt eng Roll.

An der nächster Sëtzung wollte mer dem Gemengerot och proposéiere fir de Pavillon vum alen LTMA nach bis den nächste Summer ze lounen an domatter sécher ze goen, datt mer net an en Enkpass mat de Schoulsäll géife kommen, wann nach weider Aarbechten an der Schoul sech als noutwenneg géifen erweisen. Well d'Aarbechte solle komplett ofgeschloss sinn ier mer d'Kanner erëm an d'Schoul loossen.

Et ass och kloer, datt kee Kand an déi Schoul erageet – obwuel scho verschidde Raimlechkeeten erëm fräi sinn – esoulaang mer net vu Luxcontrol schrëftlech matgedeelt kritt hunn, datt alles an der Rei ass. Et huet sech och erausgestallt, datt de Problem net esou gravéierend ass wéi ufanks ugeholl.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt nach eng Kéier op d'Informatioune fir d'Elteren zeréckkommen. Wier et net méiglech, fir eng Informatiouns-versammlung fir d'Elteren ze maachen? Domatter géifen d'Informatioune vläicht besser eriwwerkommen, wéi wa mer einfach nëmmen e Blat un d'Elteren erausginn. An dat wier och emol eng Kéier eng Informatiounsversammlung zu där Leit géife kommen. Well d'Eltere sinn interesséiert well et jo ëm hir Kanner geet.

Dir hat jo och eng Versammlung mam Léierpersonal. An och d'Eltere wéilte léiwer Informatiounen héieren, wéi datt se se musse liesen. Dat ass och dat, wat ech vun de Leit dobausse gesot kréien. Esou eng Informatiounsversammlung hätt och de Virdeel, datt d'Leit kënnen emol eppes nofroe wa se eng Saach net richteg verstanen hätten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir kënnen op déi zwee Weeër goen. Wa mer awer eng Informatiounsversammlung ofhalen, da muss awer och garantéiert sinn, datt Experte mat um Dësch sëtzen. Well ech kann zu deenen Theme keng Explikatioune gi well dëst Theme sinn, déi vu Spezialiste mussen erkläert ginn.

Ech sinn net géint esou eng Informatiounsversammlung. Mä déi kann awer eréischt sinn, wann déi éischt Aarbechten ofgeschloss sinn. An da muss mat Luxcontrol gekläert ginn, ob si bereet si fir esou eng Versammlung ze maachen an ob dat och Sënn mécht.

Mir sollten awer och eng schrëftlech Informatioun erausginn, well mer domatter sécherlech méi Leit erreechen, wéi wa mer et just nëmmen iwwer eng Versammlung maachen. An ech gleewen och net, datt d'Leit zu Honnerten an déi Versammlung géife kommen. Mä ech loosse mech awer gäre beléieren.

Ech proposéiere fir déi zwou Pisten ze maachen. Mir schreiwen de Leit a mir kucke mat Luxcontrol, ob si bereet sinn – esoubal déi néideg Detailer virleien – eng Informatiouns-versammlung ze maachen. Well mir mussen op mannst ofwaarde bis de Buedem opgedeckt ass. Well mir wësse bis haut nach net, wat iwwerall an de Säll ënner dem Buedem läit.

Wa mer erëm an déi verschidde Säll eraplënneren, dann hu mer jo e Gesamtiwwerbléck iwwer dat, wat gemaach gouf. An datt een dann eng Versammlung mat de Leit mécht fir hinnen ze soen, wat geschafft gouf, wou d'Problemer waren an datt alles ofgeschloss ass, dat kann ee maachen. Well fir elo schonn eng Versammlung ze maachen, wier verfréit an dat géif wahrscheinlech eng Rei Froe mat sech bréngen, op déi mer nach net déi néideg Äntwerten hunn. An da géif een d'Leit och am Ongewëssene loossen an dat géif absolut näischt bréngen.

Fir de Moment si jo keng Kanner méi an där Schoul, esou datt do näischt méi ka geschéien. Mir maache spéitstens eng Versammlung, wann déi ganz Sanéierungsaarbechten komplett ofgeschloss sinn. Well da kënne mer de Leit honnertprozenteg soen, wat ënner dem Buedem an deenen eenzelne Säll festgestallt ginn ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat d'Rollenger Millen ugeet, esou hu mir do en didaktescht éducativt Konzept, dat mer ausgeschafft hunn, zesumme mat der Naturschoul Lasauvage, mat dem Léierpersonal aus der Gemeng a mam Parc Industriel et Ferroviaire. Mir hu wëlles fir de Kanner dat Konzept vun enger Millen nozebréngen an d'Fonctionnement vun enger Millen ze erklären. Dat hu mer dem Sites et Monuments och matgedeelt an net méi spéit ewéi d'lescht Woch hat ech nach eng Versammlung mam Responsabelen. An et sinn nach e puer Saachen, déi opstinn. De Kontrakt mam Stat ass nach net gemaach. En ass zwar fäerdeg, mä et ass awer erëm d'selwecht wéi ëmmer. Wa mir eppes lounen, dann iwwerhuele mer et an deem Zoustand, wéi et ass. Mir hätten awer gären e sécheren Zoustand, zemools well Kanner do sollen eragoen. Et muss een also och sécher sinn, datt de Service vun der "sécurité dans les bâtiments publics" domatter averstanen ass. Mir waarden an deem Sënn nach op e Bericht, deen eis matdeelt, wat nach eventuell op der Plaz muss gemaach ginn. Esou ass e Weier hanner der Millen, deen nach muss ofgesécher ginn, an esou weider. Wa mer wëssen, watfir Contrainten nach dohinnerkommen, da wëlle mer och gäre wëssen, wien dat soll bezuelen. Ier mer de Kontrakt also ënnerschreiwen, mussen déi Saache mam Stat gekläert sinn. Mir sinn der Meenung, datt de Stat fir déi Saachen opkomme soll, déi zur Funktionalitéit vum Haus bäidroen.

Wat d'Ausstattung vun der Millen ugeet, esou miisste mir déi Fraisen iwwerhuelen. Ech denken do zum Beispill un en Uewe fir Brout ze baken. Mir mussen also kucken, watfir Chargen op eis duerkommen. Mä dat soll awer geschwë kloer sinn.

Et stëmmt, datt de Wee tëscht der rue de la Montagne an der rue du Vieux Moulin vill vun de Foussgänger profitéiert gëtt. Et ass awer esou, datt mer vun engem Reprofilage vun deem Wee hei schwätzen. Et ass kee Reaménagement vun deem Wee. Well e Reaménagement géif bedéngen, datt mer déi Propriétéitsverhältnisser miisste klären, Emprisë maachen, an esou weider. An da géife mer dee Wee an deenen nächsten zwee Joer net an d'Rei setzen.

Hei versiche mer fir de Wee – duerch dee Reprofilage – awer e bësse méi sécher ze gestallten, fir datt een emol eng Plaz huet fir op d'Säit ze goen oder auszewäiche wann en Auto kënnt. Et ass awer net esou, datt mer elo en Trottoire uleeën. Well da kënne mer et net elo maachen, well et doduerch eng ganz aner Envergure kritt a mer doduerch och eng ganz aner Approche zu deem Ganze kréien. Da musse mer mat alle Propriétairë schwätzen, Emprisë maachen, Terrain ofkafen a Situatioune regléieren. An dann hu mer nach op mannst 1 Joer, wann net 2 Joer, Preparatiounsaarbechte virun eis leien, ier mer iwwerhaapt kënne mat den Aarbechten ufänken.

Well dee Wee vill befuer gëtt, wollte mer en elo nëmmen – duerch e Reprofilage – an d'Rei setzen an an engems vun der Geleeënheet profitéiere fir en, do wou et méiglech ass, e bësse méi sécher ze maachen.

Bei der Plaz zu Rodange beim Centre ass de Kredit einfach reportéiert ginn. Mir hunn do näischt gemaach, well mer nach mat den Aarbechten an der Philippart-Strooss am gaange sinn. Dofir gouf de Projet reportéiert.

Zu der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht sief gesot, datt mer regelméisseg Kontakter mat eise belschen a franséischen Noperen hunn. An déi Geschicht mam "Park and Ride" ass nach ëmmer aktuell. Et ass dëst e Projet vun de 'Bâtiments publics" a wou mir och ëmmer erëm drun erënneren, datt de Projet och sollt der "zone économique", déi um PED soll entstoen, Rechnung droen. Et soll do eng Afaart aménagéiert ginn, iwwer déi een op dee Parking soll kommen. Et ass och e Parking, dee mir als ganz noutwenneg ugesi fir d'Frontalieren an eventuell och als Opfankstruktur fir de PiKo. Mir sinn déck drun interesséiert, fir datt deen Opfangparking och soll Realitéit ginn. Mir bleiwen hannendrun a maachen och deen néidegen Drock. Mä mir si vum Stat ofhängeg.

Beim Rond-point “Porte de Lamadelaine” ass et selwecht. Do hänke mer och vum Stat of, an hien huet bis elo nach kee Projet ausgeschafft. Mir hu schonn e puermol beim Stat intervenéiert, fir him ze soen, datt et technesch méiglech wier, fir eng Ënnerféierung ënner deem Rond-point ze maachen. Mir schwätzen net méi vun enger Passerelle, well dee Projet gouf vum Stat verworf. De Stat ass der Meenung, datt op deem kuerze Stéck laanscht Péiteng scho genuch Passerellen do sinn.

Dat eenzegt, wat awer eppes géif bréngen, wier eng Unterführung, well mer domatter dee ganzen Transitverkéier kéinten a Richtung Frankräich weiderlafe loossen. Dat wier technesch méiglech an dat hunn och Étudë beluegt. Et muss awer een et bezuelen an de Stat muss och vun der Noutwennegkeet dovunner iwwerzeegt sinn. Mir mussen also och emol kucken, wat mer nach als Drockmëttel kënnen développéieren. Et gesäit ee jo, datt – wann ee Rond-point net fonctionnéiert – mir komplett blockéiert sinn. An dat kann net éiweg esou virugoen.

Wéi gesot, den Drock vun eiser Säit ass do, mä de Ball läit bei aneren Instanzen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Däerf ech nach eppes zum Wee tëscht der rue de la Montagne an der rue du Vieux Moulin soen? Esouvill ech weess, sinn do zwee Propriétairen, déi a Fro géife kommen. Et louch och emol eng Kéier e Plang vir, fir do e Lotissement ze maachen. Wann d’Lotissement un dee Wee géif stoussen, da wier awer den Trottoire scho fäerdeg an de Problem wier geléist. De Wee wier och méi breet. Well wann de Bauer mat senge Maschinnen de Wee eropgefuer kënnt, da mussen d’Leit mat de Kutschen an d’Hecke sprange fir Plaz ze maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir wëssen nach net, wéi d’Lotissement soll ausgesinn. Mir musse fir d’éischt emol de PAP vum Lotissement gesinn an da kënne mer deementspriechend handelen. Ass mat deem Lotissement en Trottoire iwwerhaapt nach noutwenneg oder muss d’Strooss versat ginn? Dat kënne mer de Moment nach net soen.

Mir wollten elo emol dee Wee, dee vill genotzt gëtt, e bëssen an d’Rei setzen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Här Scheuer, Dir stellt eng Fro zum Auto, deen de Portier soll kréien. Dir hat geduecht, dësen Auto wier fir de Portier, deen de Centre sportif, de Keelenzenter an d’Péitenger Mille verwalt. Dat ass awer net esou. Deen Auto ass geduecht fir de Portier, dee fir d’Maisons relaisen an der Gemeng zoustänneg ass, an zwar déi vu Péiteng, Rodange a Lamadelaine. Ech gesinn och schlecht, dee Mann mat engem elektresche Vëlo doruechter fueren. Well mir hu “portiers artisans”, an déi mussen och hiert Material mat op déi verschidde Plazen huele fir do Klengegkeeten ze flécken.

Wann et en Elektroauto um Maart gëtt, deen den Usprééch gerecht gëtt, da kann ee sech dat iwwerleeën. Mä mir mussen awer och kucken, datt mer am Kader bleiwe vun deene 15.000 Euro, déi mer fir en neie Won am Budget stoen hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

D’Propose vun engem elektresche Vëlo war fir de Fall, wou et sech ëm de Portier vun der Sportshal, dem Keelenzenter an der Mille gehandelt hätt. Et ass kloer, datt e Portier, dee mat Material muss bis op Rodange fueren, dat net ka mat engem Vëlo maachen. Och wann et gesond ass, fir sech mam Vëlo ze bewegen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Gesond wier et jo. Mir hunn och schonn en elektresche Vëlo fir eist Personal. An dee gëtt och genotzt, fir emol op deen een oder anere Chantier ze fueren. Mä déi Leit hunn awer da kee Material dobäi, am Géigesaz zu de Portieren. Mä, wéi gesot, et kann een emol kucken, ob d’Uschafe vun engem klengen Elektroauto méiglech ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mä esou een elektresche Vëlo wier och net schlecht fir verschidde Servicer, déi sech domatter relativ schnell kéinten déplacéieren. Ech wëll elo hei kee Service nennen. Net datt ech duerno vun deene Leit gestengegt ginn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass an der Rei. Mä et muss een awer och bedenken, datt bei Schnéi oder schlechtem Wieder de Vëlo net genotzt gëtt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et muss een awer e bësse flexibel sinn an un déi Zäiten denken, wou kee Schnéi läit oder wou et net reent.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richteg. A mir hunn och en elektresche Vëlo. An dee Vëlo gouf op Wonsch vum Personal kaf. An d’Personal fiert och domatter ronderëm.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dir hutt d’Haus vum Doudegriewer zu Péiteng ugeschwat. Et stëmmt, datt ech 2009 gesot hunn, datt en Entrepreneur kee Garageliwwerant wier. Ech sinn awer mëttlerweil Besseres beléiert ginn, well den Entrepreneur hat awer e Garage geliwwert.

Firwat gëtt elo dëst Haus ewechgerappt? Et ass dat emol éischtens dem Doudegriewer säi Wonsch an och am Haus géife ganz vill Reparaturen ufalen.

Ech mengen, datt ech beim Wuert “Container” e bësse schlecht verstane si ginn. Et sinn dat keng Containeren, mä et handelt sech dobäi ëm déi Fäerdegbauweis. Et gëtt dat heiten en Haus, wat a Fäedegbauweis opgeriicht gëtt, mat Betongswänn a mam Elektreschen direkt dran. Mam Bau vun deem neien Haus géif den Doudegriewer och e Büro an eng propper Dusch dra kréien. Et ass och virgesinn, fir an dat Haus eng Toilette fir behënnert Leit z’integréieren.

A wat ganz wichteg ass, dat ass, datt och e Raum muss geschafe gi fir de Fall, wou zum Beispill eng Persoun bei engem Accident ëm d’Liewe komm ass, a wou dës Persoun gewäsch an ugedoe ka ginn. An esou ee Raum musse mer schafen. Mir waren am Ufank och der Meenung, datt mer kéinte mat de Spideeler zesummeschaffen. Mä d’Spideeler huelen se net un, obwuel se sécherlech esou e Raum hätten.

Wat elo d’Beriselungsanlag um Rodanger Fussballsterrain ugeet, esou ginn déi Anlagen agestallt a fonctionnéiere voll automatesch, no den Auerzäiten, déi agestallt gi sinn. Déi Anlag huet och e Fühler.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wann an där Anlag e Fühler dran ass, da kann et sinn, datt en net méi gaangen ass. Well et huet gereent an d’Beriselungs-anlag ass trotzdem gelaf. An den Terrain stoung praktesch ganz ënner Waasser. An dat mécht jo awer kee Sënn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wien huet net schonn am Summer erlieft, datt d’Anlag ugesprongen ass an dann e Schluet komm ass. Am Hierscht

gëtt déi Anlag souwisou ausgeschalt, well et da souwisou naass genuch ass.

Wéi gesot, déi Anlag, déi mer elo solle kréien, ass jo technesch um neiste Stand.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hoffen, datt déi Technik dann och besser ass wéi déi, déi mer elo hunn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Déi Leit, déi domatter schaffen, hu sech bis elo awer nach net beschwéiert. Dofir ass déi doten Informatioun fir mech awer nei.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech war awer zum Beispill um Péitenger Fussballsterrain. An do ass d'Anlag gaangen obwuel et gereent huet.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass Usus, datt de Fraktiounssprriecher vun all Fraktioun eng Appréciatioun zum Budget soll ginn. Meng Kollegen hu mer nach ëmmer d'Vertraue geschenkt, esou datt et u mir ass fir dat ze maachen.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären,

Erlaabt mer fir d'éischt, all deene Leit Merci ze soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Erlaabt mer awer och, deene véier Membere vum Schäfferot Merci ze soen, fir déi virbildlech Presentatioun vum Budget. Ech hu virun engem Mount iergendzwouch gelies, an ech zitéieren "Am Joer 2012 huet d'Majoritéit CSV/LSAP eng exzellent Aarbecht geleescht" an dat dierft elo dee leschten Zweiweler – wat dës Koalitioun ubelaangt – och besänftegt hunn.

Ech géif soen, datt déi Ausso wierklech déi genee Situatioun méi ewéi däitlech beschreift. Déi exzellent Zesummen-aarbecht, déi mer bei der Opstellung vum 5-Joeresplang haten, huet sech och bei der Opstellung vum Budget 2013 iwwerdroen. Et ass wuel keen Iwwergangsbudget méi, esou wéi dat d'lescht Joer nach de Fall war. Et ass e Budget, deen d'Verschaffe vun enger enormer Zomm garantéiert. Et ass zouzesoen eng Erausfuerderung. Et ass e virsiichtegen en efficace Budget. Vill Projete kommen erëm dëst Joer zur Vollendung. Et kann een eemol méi soen, datt eis Gemeng en Aushängeschëld ass wat d'Kannerbetreiung ugeet. Eis Gemeng ass en Aushängeschëld fir Sportinfrastrukturen, fir Fräizäitbeschäftegung, fir flegebedürfteg Leit, an esou weider.

Kulturell hu mer ë bëssen opgeholl. Mat der Organisatioun vum Rockabilly Festival gi masseweis Leit ugezunn. An hei handelt et sech ëm eng Organisatioun, déi eemoleg hei am Land ass. Ech hätt just eng kleng Bemierkung zu där Organisatioun: d'Plaz miisst e bësse besser beliicht sinn.

Wat d'Betreiung an d'Begleedung vun de Jugendlechen ubelaangt, esou ginn nach ëmmer nei an efficace Institutioune geschaf fir d'Aarbechtslosegkeet, déi an eiser Gemeng net grad nidderег ass, ze bekämpfen.

Eiser Fraktioun läit selbstverständlech dat Soziaalt am meeschten um Häerz. An och do si mer um richtege Wee, virun allem, wat de soziale Wunnengsbau betrëfft. Mä ech géif soen, datt déi Projeten eisem Partner genee esou um Häerz leien, wéi eiser Fraktioun.

Sozial si mer och nach, well mer et fäerdeg bréngе fir ouni Taxenerhéijung e weidert Joer iwwer d'Bühn ze bréngen.

E bëssen "moutarde après dîner" hu mer awer mat der Parkschoul opgedëscht kritt. Et war richteg, wéi déi ganz Affaire gehandhaabt ginn ass a mir brauchen eis guer keng Virwërf ze maachen. An trotz deenen zousätzlechen Onkäschten an Ausgaben, bleift eise Budget am Gläich-gewiicht. Fazit: Keen neien Emprunt an d'Gemengeschold, idem d'Pro-Kapp-Verscholdung, geet nach eemol zeréck.

Dat hei ass e virsiichtege Budget, ouni awer d'Liewens-qualitéit vun eise Bierger ze beanträgtegen. Och ekologesch leie mer op engem ganz héije Level. Well et muss een hautdesdaags net méi an enger gréngerPartei si fir ekologesch ze denken a virun allem ze handelen.

Alles an allem si mer frou, datt mir als LSAP-Fraktioun och dësem Budget konnten eise Stempel opdrécken. An all déi Leit, déi mengen, d'LSAP-Fraktioun wiere just Schläimerten oder Matleefer, déi sinn honnertprozenteg am Onrecht. Eis Programmer louchen esou no beieneen, datt mer eis vill onnéideg Diskussioune konnte spueren.

Eis Fraktioun wäert dëse Budget e Freideg matstëmmen, a virun allem och e ganzt Joer matdroen. Mir soe Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht während dem Joer 2012 a sinn iwwerzeegt, datt mer och an Zukunft op der selwechter Schinn wäerte virufueren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci fir déi positiv Wieder an ech kann ouni Problem dat mat ënnerschreiwen, wat elo hei gesot ginn ass.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Wann een als leschte Riedner un den Tour kënnt, dann ass scho vill gesot ginn. A bei de Riedner heibanne ginn et Leit, déi en normalen Tounlaut hunn an dann anerer, déi elo just eréischt heihinner komm sinn, an déi erëm e bësse miissten an d'Schoul goe fir Manéieren ze léieren. Well dorunner feelt et e bëssen.

Als Fraktiounssprriecher vun der CSV wéilt ech och soen, datt mer déi Ausso, datt d'Leit miissten eng CSV-Kaart hu fir op der Gemeng agestallt ze ginn, net op eis sëtze loossen. Dat dierf et net ginn an dat ass et och nach net ginn. An déi Leit, déi am Schäfferot sinn, esougutt déi vun der CSV wéi och vun der LSAP, kucken net op d'Leit eng Parteikaart hunn. Wann Leit engagéiert si ginn, – an dat gëlt och fir d'Aarbechter, deenen hir Astellungen net an de Gemengerot kommen – da gouf gekuckt, firwat se engagéiert ginn, wat hir Qualitéite sinn an op watfir Plazen deene Leit mat enger Aarbecht gehollef ka ginn.

Da géif ech zum Budget kommen an all deene Beamte Merci soen, déi un deem Dokument matgeschafft hunn. E Merci geet och un de Schäfferot, mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter Pierre Mellina.

Bei de Graphiken, déi dee leschte Freideg presentéiert gi sinn, konnt een d'Excédenten am ordinäre Budget vun deene leschte Joere gesinn. An deene Saachen ass den Iwwerschoss wichteg. A mat deem Iwwerschoss konnt e gudden Deel realiséiert ginn an ech géif esouguer soen, datt méi investéiert ginn ass wéi virgesi war.

Et goufen zwar Reprochë gemaach, mä wann ech gesinn, wat zum Beispill bei de Schoule realiséiert ginn ass, dat léisst dat sech weisen. Et ass bal keng Schoul méi an der Gemeng, déi net renovéiert ass. An och beim Virfall an der Parkschoul hei zu Péiteng war et méiglech fir direkt ze reagéieren. Mat 650.000 Euro, déi am Budget stinn, gëtt déi Schoul ganz an d'Rei gesat. De Schäfferot huet an dëser Saach gutt reagéiert an d'Schoul gëtt eréischt erëm a Betrib geholl wa se komplett an d'Rei gesat ass.

Och bei de Sportinfrastrukture gouf an der lescht vill geschafft. An et geet och nach weider. Ech nennen do nëmmen zum Beispill d'Mise en conformité vun der Péitenger Sportshal, de

Réaménagement vu Fussballsterrainen oder d'Schafe vun engem neie Squashterrain. All déi Saache muss een iwwer den ordinäre Budget ënnerhalen. A bei där ganzer Organisatioun gëtt ëmmer vum Schäfferot, mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter, ganz rigouréis opgepasst, datt déi Saachen – wat d'Finanzen ubelaangt – och agehale ginn.

Ech kommen och nach eng Kéier op déi Storen an der Rodanger Sportshal zeréck. Dat ass a mengen Aen e Bobbo, deen een dem Architekt miisst verrechnen. Well wann een e Büro vun 10 m2 op een Eck setzt, wou dee ganzen Dag d'Sonn drop schéngt, dann ass et normal, datt an deem Sall eng onméiglech Atmosphère herrscht.

Wat d'Opfankstrukturen ubelaangt, esou kann ech zeréckkucke bis op d'Joer 2000, wou nach keng esou Strukturen an der Gemeng bestanen hunn. Si schéissen elo aus dem Buedem wéi Champignonen. A wann ech gutt informéiert sinn, dann hu mer an deem Beräich ronn 65 Leit schaffen. Et sinn och nach weider Saachen an deem Beräich geplangt, esou datt mer de Besoinen nokommen an een net ka soen, datt mer d'Kannerbetreiung benodeelegen.

Wat d'Kultur ubelaangt, esou sinn do och vill Infrastrukture bäikomm. Ech nennen do nëmmen de Centre WAX. Kulturell si mer an der leschter Zäit e Schratt no vir gaangen, an dat bréngt och nach eng Kéier eng Belaaschtung vum ordinäre Budget mat sech. An awer hu mer et nach eng Kéier fäerdeg bruecht, fir en Iwwerschoss vu ronn 11 Milliounen Euro ze bréngen an esou d'nächst Joer weider kënnen ze investéieren. An dat ouni eng Schold opzehuelen an 2 Millioune vun eiser Schold ofzebauen.

Dofir sinn ech der Meenung, datt ee bei dësem Budget praktesch déi selwecht Wieder ka benotze wéi d'lescht Joer. Mä de Budget ass net nëmme virsiichteg, mä et gëtt och no vir gekuckt. Mir sinn natierlech ofhängeg vun den Dotatiounen an der Gewerbesteier, déi mer aus der Stad kréien an déi zeréckginn. Mä et soll een awer net zevill pessimistesch sinn, well d'Vergaangenheet huet gewisen, datt net ëmmer alles esou schwaarz ginn ass wéi et virausgesot gouf. Et muss een awer weider virsiichteg bleiwen.

Fir eis, als CSV-Fraktioun, ass dëse Budget an der Rei an ech hoffen, datt mer dee selwechten Iwwerschoss nach eng Kéier kënne fäerdegbréngen an déi selwecht Zomme kënnen investéieren. An dann hu mir och kee Problem fir deen heite Budget ze stëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Rosenfeld och Merci fir d'Evaluatioun vun deem Budget, déi hien am Numm vun der CSV gemaach huet. De Budget ass opgestallt gi vun deenen zwou Majoritéitsparteien. Jiddereen huet mat dru geschafft. Mir souze laang owes beienee fir de Budget ze preparéieren an sinn iwwerzeegt, datt – wa mer deen heite Budget kënne realiséieren – mir dann och 2013 eis Hausaufgab gemaach hunn.

Ech gesinn, datt den Här Thein nach eng Kéier d'Wuert wëll froen.

**Thein Joé (adr):**

Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll just nach eng Kéier richtegstellen, datt weder den Här Polfer hei beschëllegt gouf géint d'Kläranlagen ze sinn, nach déi ganz Geschicht mat där Parteikaart do, déi komplett verdréint war. Ansonste soe mir dem Schäfferot awer villmools Merci fir seng Äntwerten, och wa se net grad deem entsprach hu wat mir eis virgestallt hunn. Och soss wëll ech just nach eng Kéier drun erënneren, datt d'adr e ganz normalen Toun drop hat. Et ass an der Politik leider Usus, datt eng Oppositioun eng Majoritéit kritiséiert.

Villmools Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Merci och fir dee Statement. An da wäerte mer zum nächste Punkt vun der Dagesuerdnung iwwergoen.

**Umierkung vun der Redaktioun:**

*De Conseiller Gilbert Welter (DP), dee sech fir d'Sëtzung vum 17. Dezember 2012 entschëllegt hat, huet seng Kommentaren, Froen a Proposen zum rektifizéierte Budget 2012 an dem Budget 2013 schrëftlech eragereecht. De Schäfferot huet dem Conseiller Welter den 21. Dezember 2012 schrëftlech geäntwert.*

*Hei hannendrun d'Kommentaren, d'Froen an d'Proposë vum Conseiller Welter an déi respektiv Äntwerte vum Schäfferot:*

**Welter Gilbert (DP):**

Dir Dammen an Hären,

Hei si meng Kommentaren, Froen a Proposen iwwert de Budget 2012 an de Budget 2013.

Wéi all Joer huet d'Personal nees vill a gutt Preparatiounsaarbecht geleescht, déi mer an engem decken Din A4-Dossier ausgehändegt kruten. Hinne vu mir a vum DP Sektiounscomité en häerzleche Merci.

Op den éischte Bléck gesäit den Dossier sech un ewéi wann de Schäfferot vill nei Iddie brénge géif well en aussergewéinlech déck ass. Wann een den Dossier opschléit, da mierkt een awer séier, datt dat net esou stëmmt, well den Dossier „Budget 2013" eenzel opgefouert gouf. Dat huet mat sech bruecht, dass d'Iwwersiicht iwwer dräi Joer net méi ginn ass an dass vill méi Pabeier verbraucht gouf.

Ech stelle fest, dass mer am Joer 2012 Milliounen Euro gespuert hu well eng ganz Rei Aarbechten net esou ofgelaf si wéi virgesinn. Eleng bei den Aarbechten un der Primärschoul zu Rolleng, dem Précoce zu Péiteng, de 4 Klassesäll vum Zyklus 1 zu Rodange, dem Waasserbasseng um Hierschbierg an d'Kogeneratiounsanlag goufe ronn 1.700.000 € net verschafft laut den autoriséierte Budgetszomme vun 2012. Ech hunn näischt géint eng heemlech Réserve, awer bei esou enger décker Zomm un Aarbechten, déi net realiséiert goufen, froen ech de Schäfferot, wat d'Ursaache sinn?

Madame, dir Häre vum Schäfferot. Am Budget 2013 si keng nei Iddien, esouguer näischt vun deem, wat dir bei ärer Schäfferotsdeklaratioun versprach hutt.

Bei eiser Industriezon „Grand Bis" si mer nees vir ukomm. Mir adaptéieren de Projet fir 60.000 €. Elo ass nees e Joer eriwwer an d'Realisatioun, mat null Euro am Budget 2013, léisst op sech waarden. Vläicht geet et besser no de Chamberwalen.

Fir den Assainissement op der Fonderie ginn nees Étudë fir 50.000 € gebraucht. Fir d'Realisatioun stinn null Euro am Budget 2013.

Eisem sozialistesche Schäffe muss ech soen, dass ech schockéiert war, wéi hien a Krisenzäiten den Ëmweltdossier fir d'Primen am Kader vun der Protektioun vun der Ëmwelt (op de Frigoen, Tiefkühler, asw.) zougemaach huet. Mam Argument, de Stat gëtt näischt, da gi mir och näischt, hu dir Iech et als Sozialist zevill einfach gemaach. Oder hutt dir kee Pouvoir bei den CSV-Kollegen?

A wa mer scho bei den Taxe sinn, da stellen ech fest, dass nach ëmmer keng Entscheedung geholl gouf fir déi Immeublen ze besteieren, déi iwwer Joeren eidel stinn. Esou Immeuble verschampléieren eis Gemeng. Ausserdem kéint d'Gemeng

mat esou enger Tax dozou bäidroen, d'Wunnengsnout e bëssen ze reduzéieren. Mä wéi verkafen ech dat no baussen, wann ech selwer näischt maachen, z.B. Trombinishaus, dat schonn iwwer 10 Joer zu Rodange eidel steet.

De soziale Wunnengsbau gëtt och hei zu Péiteng komplett vergiess a vernoléissegt. Wéivill Jugendlecher plënneren aus eiser Gemeng fort, well se bis haut keng Chance kruten, iwwer de Wee vun eiser Gemeng e Bauterrain zu bessere Konditiounen ze kafen.

Dann hat ech gemengt, endlech e Chiffer am Budget ze fanne fir di nei Gemengegaragen ze bauen, mä hei steet och glat näischt am Budget.

Vun eisem Jugend- a Gästehaus zu Rodange héiert een och näischt méi. Vläicht ass et eng „Stille vor dem Sturm“. Op jiddwer Fall fir d'Infrastruktur steet näischt am Budget.

De 19. Mäerz 2012 krut ech eng Äntwert op mäi Bréif, dass d'Gemeng kee Sonnekadaster opstellt fir d'Erfaasse vun deenen Haiser, wou den Daach fir eng optimal Solarenergienotzung a Fro kënnt. De Schäfferot huet mer geäntwert, si géingen op Wand bauen. Et ass net präziséiert, ob et sech ëm de Péitenger Wand handelt oder op et eventuell ëm d'Wandkraaft un der Nordsee geet, a wou jo eng Méiglechkeet besteet, sech anzekafen. Gëtt et do schonn eppes Neies, well am Budget fannen ech näischt, esouguer keng Zomm fir eng Étude, z.B. fir e Wandkraaftwierk um Hieschbierg virun der belscher Grenz opzeriichten. Op 100 Meter hanner der Grenz leien di geféierlech Gasleitungen. Iwwerall sti Schëlder mam Vermierk „Gaz à haute pression – Traffic obligatoire sur passage renforcé“. Do derbäi, op Lëtzebuerger Säit, wier eng ideal Plaz, wou de Wand esou richteg fest bléist, an et si keng Haiser an der Géigend.

Dann awer och nach e puer Remarquen zu verschidden Artikelen:

Deen héije Chiffer vun der Gewerbesteier a vun der Dotatioun vum Stat, dee sech op iwwer 41 Milliounen Euro beleeft, ass sécherlech e flotte Fouss hannebäi fir d'Gemengefinanzen. Komesch fannen ech et allerdéngs, dass d'Gewerbesteier fir d'Joer 2013, wat jo nach eng Inconnue ass, sech op kee ronne Chiffer beleeft, mä méi op eng Schätzung vun 12.827.952,75 €. Ech hunn dann och séier festgestallt, dass de Schäfferot sech et einfach gemaach huet an de Chiffer vum Joer 2012 iwwerholl huet.

De Schoultransport kascht eis Gemeng 265.000 €. Firwat kréie mer de Pedibus net op d'Been. Hei ass bestëmmt mat e puer Iddie vu schlaue Käpp eng Méiglechkeet, d'Kanner sécher zu Fouss an d'Schoul ze féieren. Och wann et eppes Klenges kaschte géif. Zum Beispill kéint der Gemeng hir riets Hand, de Syndicat d'Initiative, Initiativ weisen an eppes ausschaffen.

Positiv bewäerten ech, dass mer, nodeems mer nees 200.000 € bleche fir de „Plan d'aménagement général“ opgestallt ze kréien, dësen dann endlech 2013 op den Dësch kréie sollen. Et wier wënschenswäert.

Eng weider positiv Feststellung, aus der Siicht vun der Ëmwelt, ass de Minus u Recettë fir d'Dreckskëschten eidel ze maachen, obwuel eis Populatioun an der Gemeng dauernd wiisst. 2011 hate mer eng Recette vun 1.485.000 €, 2012 leie mer bei 1.425.000 €. De Schäfferot gesäit keng Kontinuitéit vun dësem Trend no ënne fir 2013. Dir annoncéiert an de Recettë fir 2013 zwee Chifferen: 450.000 € fir „partie variable“ an 1.040.000 € fir „partie fixe“. Am Total fir de Verglach sinn dat 1.490.000 €, also 65.000 € méi Recetten ewéi 2012. Dat gesäit esou aus, ewéi wann der wëlles hätt, trotz der aktueller Moinsvalue am Portmonni vun eise Matbierger, geschwënn eng Taxenerhéijung bei den Dreckskëschte virzehuelen. Kënnt Dir dozou Stellung huelen?

Opgefall ass mer deen onrealistesche Betrag bei de Recettë vun eisen Abonnente fir de Verbrauch vum Waasser. Fir 2013 hu der eng Recette virgesi vun 2.227.500 €. D'Wierkung vun der Präiserhéijung beim Waasser huet sech bemierkbar gemaach a steet am rektifizéierte Budget 2012 mat engem Betrag vun 2.688.000 €.

Et ass kee Matbierger an eiser Gemeng, deen iech gleeft, dass am Joer 2013 20% manner Waasser verbraucht gëtt. Dëse Chiffer ass net nëmmen eng verstoppte Réserve, mä eng Schätzung, déi komplett falsch ass.

Ech bleiwe beim Waasser a komme bei de Waasserverbrauch an der Rodanger Schwämm, de PiKo. 2011 hu mer eis 193.000 € Verbrauch verrechent. 2012 verrechne mer 286.000 € a fir 2013 steet déi selwecht Zomm am Budget. A Prozenter ausgedréckt ass dat eng Majoritéit am Verbrauch vu 50%, déi dann och fir 2013 gëllt. Wéi ass dat ze erklären? Deen neie Waasserpräis spillt hei nëmme wéineg an ass jo awer nëmmen eng Dréps op en naasse Steen.

Eng Erhéijung vun iwwer 100% fannen ech an den ordinären Ausgabe beim Artikel “Commissions consultatives - jetons de présences”. 36.000 €, dat ass een Drëttel méi héich ewéi de ganze Gemengerot 2013 zegutt huet. D'Fro stellt sech: Wéivill mol sinn am Joer 2012 di eenzel Kommissioune fir de Schäfferot ze beroden zesummekomm? Kënne mer heiriwwer Detailer vun de Réunioune matgedeelt kréien?

Et ginn ëmmer méi Leit, déi d'Tëlee vun der Post abonnéieren. Eisen Infokanal, krute mer vum Här Breyer gesot, kéim och bei d'Tëlee vun der Post. Bis elo ass nach näischt geschitt. Wat kascht dëse Service déi Péitenger Gemeng, a wéini kann een domatter rechnen, well fir 2013 steet näischt am Budget.

Zum Schluss wollt ech och mol d'Subventiounen, déi mer un den Tice bezuelen, ernimmen. All Joer kommen ewéi bei engem Ordre permanent 100.000 € derbäi. War et 2011 nach eng Rechnung vun 973.000 €, esou gouf et 2012 1.080 000 € ze berappen an 2013 bezilt d'Gemeng dem Tice 1.182.000 €. Ech bedaueren, dass eis Vertrieder am Tice an den Ticebudgetsdiskussiounen dës Haussen einfach op d'Käschte vun de Gemenge matdroen. Vläicht huet de Péitchen, oder Rufbus, géint de Wëlle vun dësem Schäfferot awer nach eng Chance.

Léif Kollegen,

Well ech e Méinden net an der Réunioun vum Gemengerot ka sinn, wier ech frou wann ech meng Presentatioun dëse Freiden oder nächste Freide virdroe kéint. Falls dat méiglech wier, elo schonns e grousse Merci.

Weider wollt ech Iech matdeelen, dass ech mech beim Vote enthale wäert, wëll ech fir de Budget 2014 net méi derbäi sinn. Ech wëll där Persoun, déi dann d'DP vertrëtt, d'Chance ginn, selwer seng Meenungen an Décisiounen ze huelen ouni dass se muss Récksiicht huelen op dem Virgänger säi Vote.

**Schäfferot vun der Gemeng Péiteng:**

Mir hunn Är E-mail vum 14. Dezember 2012 zur Kenntnis geholl a géingen Iech dës Äntwerte matdeelen:

De Buergermeeschter huet an senger Introduktioun zum Budget dat heite festgehalen:

„Dëse Budget 2013 huet allerdéngs och déi Partikularitéit, dass hien no der neier gesetzlecher Nomenclature opgestallt ginn ass, esou dass mir dëst Joer 2 verschidden Dokumenter, dat éischt fir de Kont 2011 an de rektifizéierte Budget 2012 an dat zweet fir de Budget 2013 zum Vote virgeluecht kréien.“

Et war sécherlech net dem Schäfferot säi Wonsch fir dëst Dokument an 2 ze deelen - wat iwweregens schonn eng Kéier 1997 de Fall war - mä op Grond vun der neier Nomenclature, déi vun 2013 un a Kraaft trëtt, waren all Gemenge gezwongen, dësen Exercice ze maachen.

Fir d'alleréischt muss een emol erklären, dass d'Beträg, déi an den eenzelnen extraordinären Artikele stinn, op d'Rekomman-datioune vun den zoustännegen Architektebüroen age-schriwwe ginn. Dir waart jo 6 Joer am Schäfferot an erënnert Iech jo bestëmmt nach, dass de Buergermeeschter ëmmer erëm drop bestanen huet, dass net méi Kreditter an de Budget ageschriwwe sollte ginn ewéi der och gebraucht ginn. Et ass awer richteg, dass den Architektebüro éischter d'Beträg iwwerschätzt ewéi ëmgedréint, fir net um Enn vum Joer an en Enkpass ze kommen.

Wat elo déi Projeten ubelaangt, déi Dir uschwätzt, esou ass ze soen, dass d'Kogeneratiounsanlag scho funktionéiert, datt déi nei Schoul fir den 1. Zyklus zu Rodange wéi geplangt fäerdeg wäert ginn, datt awer do de Bauhär, de „Fonds du Logement" nëmmen en 1. Akkont vun 1,1 Milliounen Euro gefrot huet an net 1,5 Milliounen Euro, wéi mir gerechent haten. De Waasserbasseng um Hierschbierg wäert och wéi geplangt am 1. Semester 2013 a Betrib geholl ginn. Schlussendlech sinn an der Éigent-Schoul aus organisatoresche Grënn verschidden Aarbechten an déi grouss Vakanz vum nächste Joer zeréck-verluecht ginn, an d'Aarbechten an dem Schoulgebai Beim Tëtelbierg zu Rolleng sinn net esou gutt virugaangen ewéi mer dat erhofft haten. Do muss een awer ervirsträichen, datt dës grouss Aarbechte bei gläichzäitegem Fonctionnement vun der Schoul ausgefouert ginn, wat dës sécher net méi einfach maachen. Vun enger heemlecher Réserve hei ze schwätzen, ergëtt eigentlech kee Sënn. Wann dës Suen elo net bis Enn 2012 verschafft ginn, da wäerten se awer gläich am Ufank vum nächste Joer verbraucht ginn, esou datt dës Réserve vu kuerzer Dauer wäert sinn.

Iwwerrascht an net averstane si mer allerdéngs mat Ärer Ausso, datt näischt vun deem, wat mer an eiser Schäfferotsdeklaratioun versprach hunn, am Budget 2013 ze fanne wier. Mir erënneren drun, datt op Grond vun der Schäfferotserklärung e Méijoresplang am Juni dëst Joer opgestallt gouf. Eng ganz Rei vu Projeten, déi do ugekënnegt goufen, fannt Dir am Budget 2013. Mir géifen Iech deemno roden, de Budget nach eemol nozeliesen.

Wat de "Grand-Bis" ubelaangt, esou deele mir Äert Bedaueren, dass dësen Dossier net vun der Plaz kënnt. Och wann dësen Terrain dem Stat gehéiert an d'Gemeng richtegerweis net allzevill Afloss op d'Evolutioun vun dësem Dossier huet, wäerten d'Chamberwalen d'Problemer an dësem Dossier och net léisen. De Schäfferot wäert op jiddwer Fall net d'Chamberwalen ofwaarde fir weider Drock op déi zoustänneg Ministèren ze maachen an dësen Dossier endlech am Intressi vun der wirtschaftlecher Entwécklung vun eiser Gemeng, vum Süde vun eisem Land ze deblockéieren. Datt dat net einfach ass, dat hutt Dir jo, als zoustännege Schäffen, während 6 Joer materlieft.

Am Dossier "Grand Bis" bougéiert eppes, och wann näischt am Budget 2013 steet. Do ass de Stat jo nach Propriétaire an huet de Bureau BEST chargéiert, weider Studien ze maachen am Hibléck op d'Commodo-Incommodo-Prozedur an dem PAP. Op där aner Säit gëtt esou gutt vum SIKOR ewéi vun der Gemeng Péiteng Drock gemaach, datt dës Prozeduren esou séier wéi méiglech kënne stattfannen. Net méi spéit ewéi e Freideg de Mueren, 21.Dezember, war nach eng Réunioun mat Vertrieder vun de Ministèren, an et gesäit esou aus, datt d'Verwierklechung vun der regionaler Industriezon am Joer 2014 kéint geschéien.

Assainissement "Fonderie". De Projet "Assainissement Fonderie" ass vum SIACH iwwerholl ginn. Dofir steet näischt méi an eisem Budget.

Wat elo d'Primen am Kader vun der Protektioun vun der Ëmwelt ubelaangt, esou erënnere mer Iech un d'Délibératioun vum 12. Dezember 2008, wou de Gemengerot bei der Aféierung vun der Subventioun festgehalen hat, datt "le but de ces subventions communales est de réaliser une complémentarité par rapport aux programmes étatiques" wier. Dofir war d'Entscheedung vum 30. Januar 2012 vum Gemengerot – an net vum sozialistesche Schäffen – fir dës Subventioun no dem Réckzuch vun der staatlecher Subventioun och ze annuléieren eng logesch Suite vun der Décisioun vum 12. Dezember 2008.

Wat d'Taxe fir Immeublen, déi eidel stinn, ubelaangt, esou ass de Schäfferot der Meenung, dass an eiser Gemeng absolut keen akuten Handlungsbedarf besteet. Engersäits sti guer net esou vill Haiser eidel an eiser Gemeng, an anersäits ass d'Populatioun mat 1.750 Awunner oder knapp 12% bannent de leschte 6 Joer esou séier gewuess, dass zousätzlech Efforte vu Säite vun der Gemeng absolut net dringend sinn. Mir sinn awer bereet, wann den Inneministère, wéi versprach, e „Règlement type" an deem Kontext virleet, dëst ze analyséieren a gegebenefalls dem Gemengerot zum Vote virzeleeën.

Wat äre Kommentar zum soziale Wunnengsbau ubelaangt, esou sinn an de leschte Joeren eng Rei Wunnengen an eiser Gemeng entstanen. De Problem vu jonke Leit, fir an eiser Gemeng en adäquate Bauterrain ze fannen, huet net ëmmer oder esouguer dacks näischt mam soziale Wunnengsbau ze dinn. Dofir - an eng méi genee Lektür vum Budgetsdokument hätt dat ënnerstrach - ass am Budget 2013, Artikel 4/131/211000/13001 50.000,- € an Artikel 4/131/211000/12001 35.000,- € ageschriwwe gi fir grad Bauland ze erschléisse fir eis jonk Stéit. Datt dat net an enger Woch ze realiséieren ass, weess jo all erfuerene Politiker.

Wat d'Gemengegaragen ubelaangt, esou sinn d'Études ofgeschloss an d'Aarbechten am Hibléck vun dem PAP an dem Commodo hunn ugefaangen. Déi wäerte sech iwwer d'Joer 2013 hinzéien a realistesch ka Mëtt bis Enn 2014 mat den Aarbechten ugefaange ginn.

Am Budget 2013 fann Dir näischt iwwer d'Jugend- a Gästehaus zu Rodange. Dir wäert och an den nächste Joeren näischt doriwwer am Budget fannen, well dat - wéi Dir jo wësst - ee Privatprojet ass. D'Verhandlunge mam Investisseur aus Éisterräich sinn awer voll amgaangen, an am Januar wäert de Schäfferot sech eng weider Kéier mam éisterräichesche Partner treffen. Esou Dossieren erleedege sech net an e puer Méint. Wann een och näischt vum Jugend- a Gästehaus héiert, esou muss dat kee schlecht Zeeche sinn. Mir sinn nach voll an de Verhandlunge mat der JUFA an hoffen do Mëtt 2013 ofzeschléissen an da fir 2014 de Start vum Projet festzeleeën.

Gemenge-Sonnekadaster: Déi 1. Opstellung vun engem Sonnekadaster, dat heescht d'Erfaasse vun deenen Haiser, wou den Daach fir eng optimal Solarenergienotzung a Fro kënnt.

An der Äntwert un Iech vum 19. Mäerz 2012 stellt de Schäfferot fest, dass d'Regierung d'Fërderung vun der Fotovoltaik nees reduzéiert, an dat zu Gonschte vun der Wandkraaft. Dat heescht, de Präis vum Stroum, deen esou agespeist gëtt, ass vun 42 Cent/KW am Joer 2008 op haut 36 Cent/KW erofgaang a gëtt nach eng Kéier erofgesat. Aktuell kascht d'Produktioun vun engem Megawatt normale Stroum 60 €, déi vun engem Megawatt Stroum aus der

Wandkraaft kascht 82 €, déi vun engem Megawatt Stroum aus der Fotovoltaik kascht 385 €. Well d'Regierung sech dësem Dossier ugeholl huet, soll de Schäfferot op der selwechter Linn bleiwen.

Wat déi kommunal Gewerbesteier an de „Fond communal de dotation financière" betrëfft, esou ass et komplett onverständlech vun engem „flotte Fouss hannebäi" ze schwätzen. Dës Sue kréien all Gemengen iwwer d'Steier-recettë vum Stat a mussen als Géigeleeschtung hir Bierger eng helle Wull vun ëffentlechen Déngschtleeschtunge garantéieren. D'Progressioun vun dëse Recettë falen iwweregens am Budget 2013 mat +0,08% am Verglach mat den definitiven Zuele vun 2011 ganz moderat aus. Effektiv huet de Schäfferot fir d'Gewerbesteier de Betrag vun 2012 iwwerholl, dat op Grond vun enger Rekommandatioun, déi den Inneministère a senger Circulaire 3035 festgehalen huet.

Wat de Schoultransport ugeet, esou schwätze mer hei vum Transport tëscht de Schoulen an de Sportinfrastrukturen an de Quartieren an de Schoulen, déi wäit ausernee leien a wou et net méiglech ass, de Wee zu Fouss ze goen. Dofir ass et falsch, dës Diskussioun am Zesummenhang mam Pedibus ze féieren. Mir schwätzen hei vun 2 grondverschidde Problematiken. De Pedibus ass schonn e puermol vun eisem Schoulservice lancéiert ginn. Allerdéngs fanne sech kaum Elteren, déi bereet sinn, dës Aufgab ze iwwerhuelen. Eng vun den Ursaache gesäit de Schäfferot doranner, datt vill Eltere schaffen an deemno dës Aufgab net iwwerhuele kënnen. Mir sinn awer direkt bereet – wann Intressi do ass – dëst Experiment zu Péiteng ze maachen.

Mir hoffe mat Iech, dass mir, nodeems déi gesetzlech Basis zanter kuerzem endlech besteet, den neie PAG - wou awer keng Revolutioun ze erwaarden ass an nëmme punktuell Ännerunge méiglech sinn - am 1. Semester d'nächst Joer virgeluecht kréien. Éischt Ébauchë leie scho vir.

Wat elo Är Fro zu de Mülltaxen ubelaangt, esou entstinn d'Zuelen am Budget 2013 aus Héichrechnungen, déi eis Servicer op Grond vun Erfahrungswäerter aus de leschte Joeren opstellen. Dat si sécher keng definitiv Zuelen, d'Vergaangenheet huet awer gewisen, dass d'Schätzunge vum Service ëmmer no bei der Realitéit louchen. Et ass awer kengesfalls virgesinn, fir d'Joer 2013 eng Taxenerhéijung virzehuelen. Mir wäerten awer am Joer 2013 eng Analys vun den Taxen - déi nom Käschtendeckungsprinzip fixéiert solle ginn - virhuelen an dem Gemengerot nei Taxen ab dem 1. Januar 2014 proposéieren.

Är Konklusiounen iwwer d'Taxe d'assainissement vum Joer 2013 beweist, dass Dir Är Analys vun dësem Dokument zimlech iwwerflächlech gemaach hutt. Dir kommt zur Konklusioun, dass mir mat Recettë vun 2.688.000 € am Joer 2012 a mat Recettë vun 2.227.500 € (- 20 % ) fir d'Joer 2013 rechnen. Richteg ass an deem Zesummenhang, dass mir fir 2013 och mat Recettë vun 2.688.000 € rechnen, déi awer am Géigendeel zu 2012, am Joer 2013 op 2 Artikelen, dat heescht den Artikel 2/520/702300/99001 (partie variable consommation) - 2.227.500 € an den Artikel 2/520/706021/99001 (partie fixe abonnement) - 460.500 € opgedeelt sinn. Är liichtfankeg Konklusioun vun der verstoppter Réserve ass also op een neits falsch.

Hei e puer Erklärungen zum Waasserverbrauch an der PiKo-Schwämm zu Rodange:

Den Haaptgrond ass d'Bâche tampon vum Basseng "non-nageur". De Betong ass därmoosse beschiedegt, dass mer hei eng Perte Waasser no baussen hunn an dowéinst si mir amgaangen dat Ganzt erëm an d'Rei ze setzen.

E weidere Problem ware Fehlastellungen un der Anlag, wouduerch mir méi Waasser verbraucht hu wéi iwwerhaapt néideg. Hei sinn an deem leschte Joer och gréisser Ännerunge realiséiert ginn, z.B. un der Steierung vun der Fréschwaasser-zoufuer vun de Bassengen an och un der Steierung vun de Filterspülungen.

Zesumme mat der Firma COFELY, Responsabel fir den Entretien vun den Anlagen, schaffen eis Schwamm-meeschteren drun, fir d'Anlag esou an d'Rei ze setze wei et laut DIN-Norm virgeschriwwen ass.

De Waasserverbrauch ass bei eis nëmmen de Basseng 'non-nageur' an am Basseng 'nageur' läit dëse Verbrauch u sech ganz normal.

Bedingt duerch all déi Moossnamen an Ännerungen, déi mir elo maachen, hoffe mer de Waasserverbrauch fir d'nächst Joer e gutt Stéck erofzekréien.

Är Verwonnerung iwwer d'Tatsaach, datt d'Presenzjetone fir eis Gemengekommissiounen en Drëttel méi héich sinn ewéi déi vum ganze Gemengerot verwonnert eis.

Als Beispill wollte mir Iech déi definitiv Zuele vun 2006 matdeelen. 2006 huet de Gemengerot am Total 15.802,84 € u „Jetons de présence" krut an d'Membere vun de Gemenge-kommissioune 36.684,38 € (ee Minus vu 67 %).

Dat ass an eisen Aen och ganz normal, well dës Kommissiounen am Total vill méi dacks zesummekommen ewéi de Gemengerot.

Bei all neier Legislaturperiod kommen d'Kommissiounen am Ufank méi dacks zesummen. Dat konnt een och dës Kéier nees feststellen.

Hei elo e puer zousätzlech Informatiounen iwwer d'Sëtzunge vun de Kommissiounen:

- Commission des Affaires cultures: 2
- Commission des Bâtisses: 13
- Commission de la Circulation: 6
- Commission de la Surveillance de l'école de musique: 1
- Commission des Finances: 2
- Commission de la Jeunesse: 5
- Commission de la Famille: 5
- Commission de l'Environnement: 2
- Commission des Relations publiques: 1
- Commission de l'Egalité: 3
- Commission Scolaire: 4
- Commission des Loyers: 2
- Commission de l'Intégration: 4
- Commission locale de la sécurité: 2

Wat eisen Info-Canal ubelaangt, esou ass dat vläicht falsch eriwwer komm, hie géif och iwwer d'Tëlee vun der Post ausgestrahlt ginn. Eisen Info-Canal gëtt digitaliséiert a geet domatter nach méi op fir eis Matbierger. Op hien iwwer d'Post kann ausgestrahlt ginn, gëtt nach technesch an konkurrentiel gepréift.

Zum Schluss komm Dir op den TICE ze schwätzen. Och do zitt Dir Är Konklusiounen zimlech liichtfankeg. Dir behaapt effektiv, dass d'Gemeng 2011 973.000 €, 2012 1.080.000 € an 2013 1.182.000 € fir den TICE opbrénge muss. Dat ass awer nëmmen een Deel, wëll Dir den extraordinäre Bäitrag fir den TICE vergiess hutt. Ziele mer dësen dobäi, da waren et fir d'Joeren 2011 994.469,33 € an 2012 1.161.808,15 € a fir d'Joer 2013 wäerten et 1.182.550,81 € sinn.

D'Progressioun zwëschen 2012 an 2013 läit deemno bei genee 1,78 %. Wann ee jo weess, dass 75 % vun den ordinären Dépensë vum TICE Personalkäschte sinn an am leschten Oktober eng Indextranche vun 2,5 % erfall ass an doriwwer eraus een anere Posten, den Akaf vu Gaz a Mazout fir d'Busser kaum ze beaflossen ass, weess een,

dass de Spillraum vun de Vertrieder am TICE-Comité zimlech kleng ass. Do wou awer ugesat ka ginn – dat ass am extraordinäre Budget – ass et gemaach ginn an den Apport vun eiser Gemeng ass vun iwwer 80.000 € am Joer 2012 op 0 am Joer 2013 zeréckgefouert ginn.

Wat de Péitchen - eng Iddi vun der DP aus dem Joer 2005 - ubelaangt, sou sollt Dir während der ganzer leschter Mandatsperiod ee konkrete Projet op den Dësch leeën. Ausser dem Numm, den interessant ass, ass awer bis haut näischt Schlaues erauskomm.

## 11.

### Environnement.

Point porté à l'ordre du jour sur la demande du conseiller communal M. Joé Thein - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir wësst, datt mer an der nächster Sëtzung déi eenzel Devisen zur Ofstëmmung virleien hunn. An no den Devisë gëtt dann och de Budget gestëmmt. Do virdrun hu mer awer nach eng Motioun erakrut, wou den Här Thein eis gefrot huet, fir se op den Ordre du jour ze setzen. Dofir géif ech him dann nach zum Punkt 11 d'Wuert ginn. Här Thein, Dir hutt d'Wuert.

**Thein Joé (adr):**

Et geet hei ëm eng Motioun, déi d'Liichtverschmotzung an der Gemeng betrëfft. An et ass dat eng Motioun, déi och an der Stad Lëtzebuerg vun eis agereecht gouf an do gouf se majoritaire ugeholl. Et sinn eenzel Punkten, déi mer an där Motioun genannt hunn, wat konkret mer eis dorënner virstellen a mir géifen einfach hei e Vote froen an de ganze Gemengerot dru bedeelegen, déi Motioun do ze accordéieren, well et hei ëm d'Nohaltegkeet a besonnesch och ëm den Environnement geet. An ech mengen, dat läit am Intressi vun eis alleguerten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Drot Dir d'Motioun net vir? Sot eis se awer, fir datt mer wëssen ëm wat et geet.

**Thein Joé (adr):**

Ech mengen, Dir hutt d'Motioun vun eis eragereecht krut. An do steet alles konkret drop. Et geet virun allem drëm fir d'Liichtverschmotzung ze reduzéieren an do ass dann och ënner anerem d'Stroossebeliichtung concernéiert an eben déi Schuedstoffer, déi do ausgestrahlt ginn. A mir hätte gären, datt do e Plang entwéckelt gëtt, wéi mer kënnen déi Liichtverschmotzung reduzéieren. Et ass einfach eng Aufgab, déi mer dem Schäfferot ginn, fir do emol mat Propositiounen ze kommen, respektiv Iddien ze iwwerleeën, wéi een deem entgéintwierke kann.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wann et eppes mat de Stroosseluuchten ze dinn huet, dann ass den Här Breyer dofir zoustänneg an ech géif him dann d'Wuert ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir si frou, datt mer net hu miissten op den adr waarde fir esou eng Aktioun ze ënnerhuelen. Mir sinn zanter 2008 am gaange fir hei konkret un engem Plang ze schaffen. A mir brauchen net – an dat ass scho meng Conclusioun am viraus – bis den 1. Mee 2013 eng Étude ze lancéieren, fir festzestellen, wéi d'Beliichtung zu Péiteng kann erfollegräich reduzéiert ginn. Ech sinn der Meenung, datt mer am "plan local de sécurité" gären op Plaze méi Beliichtung wëllen. Op anere Plazen hätte mer gären eng gutt Beliichtung, déi manner Schmotz mat sech bréngt.

Domatter si mer zanter 2008 am gaangen. Mir hu bei der Stroossebeliichtung 250 Käpp vun 250 Watt duerch där vun 140 respektiv 100 Watt ersat, an dat an de Stroossen "Providence", "Clopp", "Zone commerciale Péiteng". Mir hunn am Rodanger Park 100 Käpp vun 150 Watt duerch där vu 70 Watt ersat. 150 Luminairë goufen an de Lotissementer "Neiwiss" a "Jenken" vun 150 Watt op 70 respektiv 50 Watt erofgesat.

Mir hunn zanter 2008 am Ganzen eng 500 Käpp ersat. An esou wäert dat och weider goen. Déi Käpp an de Stroossen "Léonard Schroeder", "Neuve", "Bois", "Jos. Moscardo" a "Chemin de Fer" wäerten alleguerte vun 250 respektiv 150 Watt op 100 respektiv 70 Watt zeréckgesat ginn.

Esou ass et och d'selwecht mat de Verkéiersluuchten, déi alleguerten duerch Luuchte mat LED ersat ginn.

Mir hätten och kéinten eng Étude maachen. Et war eis och deemools am Joer 2009 esou eng Étude vun der Sociétéit Creos proposéiert ginn. Si haten eis gesot, datt se eis géifen eng Étude maachen, bei där mer sécher wieren, datt mer 30% manner Stroum géife verbrauchen. Déi Étude hätt awer 15.000 Euro d'Joer kascht a bei där si eis och begleet hätten. Mir waren awer der Meenung, datt mer genuch Fachkenntnisser an eise Reien hätten. Mir hunn och festgestallt, datt mer

a) méi eng grouss Reduktioun an där Zäit fäerdeg bruecht hu wéi déi 30%,

b) manner Suen ewech ginn hunn, well mer déi 15.000 Euro net hu brauchen auszeginn.

Mir hunn elo all Joer 250.000 KWH agespuert duerch déi Mesuren, déi mer bis elo geholl hunn. A mir sinn nach net fäerdeg domatter, well mer och an eise Gebaier op dee Wee ginn.

Mir loossen eis och beroden a sinn dofir a Kontakt mat engem Groupement vun däitsche Gemengen, déi och scho vill Erfahrungswäerter gesammelt hunn. Et muss een net onbedéngt iwwerall op LED wiesselen, mä et ginn och nach aner Techniken. Mir lafen elo net virun de Won.

Wéi gesot, mir hu gutt Erfahrungen zanter 2008 gemaach, esou datt ech der Meenung sinn, datt et kee Wäert huet fir erëm Suen an eng Étude ze stiechen. Well d'Étude läit vir a si gëtt konsequent ëmgesat.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Op Grond vun deenen Erklärungen, déi den Här Breyer elo ginn huet, stellen ech emol fir d'alleréischt d'Fro un de Gemengerot, ob mer nach heiriwwer sollen délibéréieren?

Déijéineg, déi dofir sinn, solle mat "Jo" äntweren, an déijéineg, déi der Meenung sinn, datt mer schonn an der Realisatiounsphase sinn an et wier net méi noutwenneg fir Étuden ze maachen, stëmme mat "Neen". An dat, wat dobäi erauskënnt, gëtt respektéiert.

**Le conseil communal décide par 13 voix non (CSV, LSAP, DP) et 3 voix oui (déi gréng, adr) de vouloir délibérer sur le point « Liichtverschmotzung », porté à l'ordre du jour sur initiative du conseiller M. Joé Thein.**

# Gemeinderatssitzung vom 17. Dezember 2012

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Welter Gilbert** (DP)

### 1. - Personalfragen.

Beförderung eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Dieser Punkt wurde in geheimer Sitzung besprochen.

### 2. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 3.1. - Personalfragen.

Festlegung des Stellenplans im „cadre fermé“ der Laufbahn der Gemeindebeamten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Personalfragen.

Schaffung eines Angestelltenpostens (w/m) in der Abteilung Hygiene und Wasser - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.1. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit dem „Fonds de Logement“ zwecks Vermietung eines Parkplatzes in einem Gebäude gelegen in Rodange, 2, rue du Clopp - Billigung.

Billigung einstimmig.

### 4.2. - Liegenschaften.

Billigung eines Mietvertrags mit den „Syndicats des chemins ruraux“ zwecks Mietung eines Privatweges am Standort „In Egent“ in Petingen – Billigung.

Billigung einstimmig.

### 4.3. - Liegenschaften.

Billigung eines Mietvertrags zwecks Vermietung einer Gemeindewohnung in Petingen, 2, rue Prince Jean - Billigung.

Billigung einstimmig.

### 4.4. - Liegenschaften.

Billigung eines Mietvertrags zwecks Vermietung eines Gemeindestudios in Lamadelaine, 17, rue Grousswiss - Billigung.

Billigung einstimmig.

### 5.1. - Soziales.

Abgeänderter Haushalt des Jahres 2012 sowie Haushaltsentwurf 2013 des Sozialamtes – Billigung.

Billigung einstimmig.

### 5.2. - Soziales.

Dritte Welt-Hilfe: Unterstützung der Konstruktion von Häusern für junge Menschen in Brasilien – Beschluss

Einstimmig wurde beschlossen, der VoG „Hand an Hand, Kanner, Elteren, Drëtt Welt“ eine Subvention in Höhe von 10.000 Euro zuzugestehen.

### 5.3. - Soziales.

Dritte Welt-Hilfe: Projekt, welches die Recycling-Mitarbeiter im indischen Delhi unterstützt – Beschluss.

Mit 15 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr) wurde beschlossen, der VoG „Action Solidarité Tiers Monde“ eine Subvention in Höhe von 5.000 Euro zuzugestehen

### 5.4. - Soziales.

Dritte Welt-Hilfe: Konstruktion und Einrichtung eines Pediatriezentrum in Tansania – Beschluss.

Einstimmig wurde beschlossen, der VoG „Action pour un Monde Uni“ eine Subvention in Höhe von 10.000 Euro zuzugestehen.

### 5.5. - Soziales.

Subvention zur Unterstützung der Kinder in der Region Kakheti (Georgien) - Beschluss.

Einstimmig wurde beschlossen, dem Luxemburger Komitee für die UNICEF eine Subvention in Höhe von 2.500 Euro zuzugestehen.

### 6.1. - Schulwesen.

Organisation der „Vakanzaktioun" für das Jahr 2013 – Grundsatzentscheidung.

Billigung einstimmig.

### 6.2. - Schulwesen.

Einnahmen in Höhe von 18.413,60 Euro: Schulgebühren, welche anderen Gemeinden in Rechnung gestellt werden - Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7. - Umwelt.

Billigung des jährlichen Aktionsplanes des SICONA für das Geschäftsjahr 2013.

Billigung einstimmig. Frau Conter und Herr Thein haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1. - Holzverkauf.

Allgemeine Gebührenverordnung: Festlegung der Pauschalpreise für den Verkauf, den Transport sowie das Schneiden des Cords – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Forstwirtschaft.

Verwaltungsplan für die kommunalen Waldgebiete für das Geschäftsjahr 2013 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9. - Vereinsleben.

Zuteilung einer finanziellen Unterstützung in Höhe von 6.325 Euro an den „Cercle Dramatique Rodange" - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2012 sowie voraussichtlicher Haushalt für das Geschäftsjahr 2013.

Diskussionen sowie Beurteilung der Gemeinderäte – Antworten der Schöffenratsmitglieder.

### 11. - Umwelt.

Punkt, welcher auf Anfrage von Gemeinderat Joé Thein auf die Tagesordnung genommen wurde.

Der Gemeinderat entscheidet sich mit 13 gegen 3 Stimmen (déi gréng, adr) gegen eine Beratschlagung zum Thema Lichtverschmutzung.

---

# Séance publique du 21 décembre 2012

***Durée de la séance: 14.30 à 18.00 heures***

## Présents:

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Breyer Roland**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3e échevin (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) – *à partir du point 2.2 de l'ordre du jour* | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

## Absents et excusés:

**Rosenfeld Romain** (CSV) – *pour les points 1 et 2.1 de l'ordre du jour*

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Titres de recettes - approbation.
   - 2.2. Remplacement d'un membre dans la commission des bâtisses - décision.
   - 2.3. Remplacement d'un membre dans la commission de l'égalité des chances - décision.
   - 2.4. Décomptes
     - 2.4.1. Approbation du décompte relatif à la rénovation et la mise en conformité de l'Hôtel de Ville à Pétange - décision.
     - 2.4.2. Approbation du décompte relatif au réaménagement de la place de l'Hôtel de Ville à Pétange - décision.
     - 2.4.3. Approbation du décompte relatif à l'agrandissement et à la transformation du Bâtiment administratif à Pétange - décision.
     - 2.4.4. Approbation du décompte relatif à la construction d'un nouvel auvent dans la cour de récréation de l'Ecole « Neiwiss » à Rodange - décision.
     - 2.4.5. Approbation du décompte relatif aux travaux de rénovation de la Piscine couverte de Pétange - décision.
     - 2.4.6. Approbation du décompte relatif aux travaux de remplacement des roulements de la toiture mobile de la Piscine Piko à Rodange - décision.
     - 2.4.7. Approbation du décompte relatif au renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de l'Hôtel de Ville à Pétange - décision.
3. Ordre public: Autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange - décision.
4. Sécurité: Approbation du devis relatif à l'acquisition d'un minibus pour les besoins du service d'incendie et de sauvetage - décision.
5. Propriétés
   - 5.1. Approbation de la convention avec le Syndicat des Eaux du Sud (SES) pour la pose d'une conduite d'eau potable souterraine - décision.
   - 5.2. Approbation de l'avenant à la convention avec l'Etat luxembourgeois pour la location d'un pavillon scolaire sur l'ancien site du lycée - décision.
6. Prévisions sociales: Approbation de la convention avec le syndicat ProActif asbl relative à la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail - décision.
7. Transports et communications: Reclassement et déclassement de deux rues à Rodange - décision.
8. Budget rectifié de 2012 et budget de l'exercice 2013
   - 8.1. Travaux extraordinaires
     - 8.1.1. Approbation du devis relatif aux travaux de restauration et de protection des vitraux d'art à l'arrière de l'Hôtel de Ville à Pétange - décision.
     - 8.1.2. Approbation du devis relatif aux travaux de remplacement de la menuiserie extérieure du presbytère à Lamadelaine - décision.
     - 8.1.3. Approbation du devis relatif à la couverture partielle du boulodrome à Lamadelaine - décision.
     - 8.1.4. Approbation du devis relatif à la fourniture et à la pose de stores extérieurs au Hall polyvalent à Rodange - décision.
     - 8.1.5. Approbation du devis relatif aux travaux de réfection des gradins en béton de la Piscine Piko à Rodange - décision.
     - 8.1.6. Approbation du devis relatif aux travaux de réfection de la terrasse au 1er étage de la Crèche « Villa Bambi » à Rodange - décision.
     - 8.1.7. Approbation du devis relatif aux travaux de réfection de la terrasse à l'arrière de l'Ecole « Fonderie » à Rodange - décision.
     - 8.1.8. Approbation du devis relatif aux travaux d'assainissement et de remise en état de l'Ecole « Am Park » à Pétange - décision.
     - 8.1.9. Approbation du devis supplémentaire relatif à l'acquisition de mobilier pour le Moulin Waxweiler à Pétange - décision.
     - 8.1.10. Approbation du devis supplémentaire et de nouveaux plans relatifs à l'extension et à la rénovation de l'Ecole « In Eigent » à Pétange - décision.
     - 8.1.11. Approbation du devis relatif à la construction d'un local supplémentaire au Centre de recyclage à Rodange - décision.
     - 8.1.12. Approbation du devis relatif au réaménagement de la place au rond-point « Eglise » à Pétange et à l'installation d'une sculpture - décision.
     - 8.1.13. Approbation du devis relatif à l'aménagement de nouveaux locaux au cimetière de Pétange - décision
     - 8.1.14. Approbation du devis relatif à la revalorisation des concessions rétrocédées par des particuliers - décision.
     - 8.1.15. Approbation du devis actualisé relatif à l'adaptation du Plan d'Aménagement Général - décision.
     - 8.1.16. Approbation du devis relatif au remplacement des anciens éléments de la piste de skateboard à Pétange - décision.

8.1.17. Approbation du devis relatif à l'aménagement d'un terrain « Hybridrasen » pour le Club Sportif Pétange - décision.
8.1.18. Approbation du devis relatif à l'acquisition et à l'installation d'un système d'arrosage automatique au Stade Jos. Philippart à Rodange - décision.
8.1.19. Approbation du devis actualisé relatif à la construction d'un atelier de forge au Fond-de-Gras - décision.
8.1.20. Approbation du devis et des plans relatifs aux travaux de réaménagement de la rue des Champs à Pétange - décision.
8.1.21. Approbation du devis relatif aux travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement dans diverses rues - décision.
8.1.22. Approbation du devis relatif aux travaux d'assainissement de la canalisation dans la rue du Parc à Pétange - décision.
8.1.23. Approbation du devis relatif aux travaux d'assainissement de la canalisation dans la route de Longwy à Rodange - décision.
8.1.24. Approbation du devis relatif à la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux - décision.
8.1.25. Approbation du devis relatif au renouvellement partiel de l'éclairage public (2$^{e}$ phase) dans le lotissement « an den Jenken » à Pétange - décision.
8.1.26. Approbation du devis relatif au renouvellement des feux de signalisation le long de la route RN5 à Pétange - décision.
8.1.27. Approbation du devis relatif aux mesures d'apaisement du trafic dans les alentours de l'Ecole « An Eigent » à Pétange - décision.
8.1.28. Approbation du devis relatif au nouveau central de détection d'intrusion pour la Maison de la Culture »A Rousen » à Pétange - décision.
8.1.29. Approbation du devis relatif au nouveau central de détection d'incendie et d'intrusion pour la Maison Pesch à Pétange - décision.
8.1.30. Approbation du devis relatif au nouveau central de détection d'incendie et d'intrusion pour l'ancienne Maison Fisch à Pétange - décision.

8.2. Votes du budget rectifié de 2012 et du budget de l'exercice 2013 - décisions.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech begréissen iech zur leschter Sëtzung vun dësem Joer. Den Här Rosenfeld ass nach net ukomm. Mer wollten iech just matdeelen, datt der op ärem Dësch dem Här Welter seng Interventioun virleien hutt, déi hien zum Budget wollt maachen. Well hien um Ufank vun der Woch net do war si mer higaangen an hunn him schrëftlech op seng Interventioun geäntwert. Dat hëlleft eis jo dann och fir bei de leschte Punkt ze kommen an dat ze stëmmen.

## 2.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 3.557.414,14 euros – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da géife mer zum Punkt 2 iwwergoen. Beim Punkt 2.1. hutt der Recettë fir 3,557 Milliounen Euro stoen. Do ass eng éischt Avance op engem Subsid, dee mer zegutt hu beim Centre sportif vu Péiteng, wou mer déi Ëmbauaarbechte maachen. Dat si 375.000 Euro. Et ass och d'Avance vum 4. Trimester vun der Gewerbesteier dra vun 3,113 Milliounen Euro. Dat sinn déi Haaptzommen, déi an dësem Punkt ufalen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

Remplacement d'un membre dans la commission des bâtisses – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Här Nico Kaufmann vun der LSAP huet demissionéiert an d'LSAP proposéiert elo den Här Nico Barnabo vu Péiteng fir d'Nofolleg vum Här Kaufmann an der Bautekommissioun ze iwwerhuelen. Mer géifen op alle Fall hei d'Geleeënheet notze fir dem Här Kaufmann Merci ze soe fir säin Engagement an der Péitenger Gemeng.

**Thein Joé (adr):**

D'adr wäert sech beim Punkt 2.2 an 2.3 aus scho genannte Grënn net um Vote bedeelegen.

**Vote secret: les 16 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention « Oui ». Le conseiller Thein Joé (adr) a refusé de remplir un bulletin de vote.**

## 2.3.

### Administration générale.

Remplacement d'un membre dans la commission de l'égalité des chances – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm eng ähnlech Situatioun. Do huet den Här Jos Mauer aus der Chancëgläichheetskommissioun demissionéiert. D'LSAP schléit dann d'Madame Marie-Paul Grethen vu

Lamadelaine vir, fir seng Nofolleg ze iwwerhuelen. A mir soen dem Här Mauer och Merci fir säin Engagement am Intressi vun der Péitenger Gemeng.

**Vote secret: les 16 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention « Oui ». Le conseiller Thein Joé (adr) a refusé de remplir un bulletin de vote.**

## 2.4.1.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif à la rénovation et la mise en conformité de l'Hôtel de Ville à Pétange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *2.138.000,00 € (TTC)* |
| *Total des crédits approuvés:* | *2.137.946,94 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *2.086.545,00 € (TTC)* |

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei sinn eng ganz Rei Dekonten. Et sinn dat der 7. Beim éischte Dekont geet et ëm d'„mise en conformité" vum Stadhaus zu Péiteng. Do hate mer Devise vun 2.138.000 Euro am Total. Déi Aarbechte goufen tëscht 2005 an 2012 gemaach. Et ass 2005 ugaange mat der Fassad, duerno ass den Daach drukomm a bannena sinn eng ganz Rei Renovatiounsaarbechte gemaach ginn, esou datt dat Gebai elo esou ausgesäit wéi am neien Deel vum Gebai. D'Aarbechten hunn um Enn 2.086.545 Euro (TTC) kascht. An et géif elo drëm goen, den Dekont guttzeheesche fir datt mer och deen Dossier kënnen ofschléissen.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.2.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif au réaménagement de la place de l'Hôtel de Ville à Pétange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *125.000,00 € (TTC)* |
| *Total des crédits approuvés:* | *125.000,00 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *118.814,24 € (TTC)* |

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei geet et haaptsächlech ëm deen Espace, wou de Pavillon steet mat där Terrass, déi mer do geschaf hunn. Do waren 125.000 Euro virgesinn an d'Ausgabe belafe sech op 118.814,24 Euro. Dat besteet tatsächlech aus engem Pavillon, deen do geliwwert gouf, engem Holzbuedem, deen do gemaach gouf fir eng Terrass ze aménagéieren, d'Miwwelen an d'Sonneprabbelie fir drop, de Vitrage an alles, wat dozou gehéiert. Alles zesumme fir 118.814,24 Euro. Wann do nach Froe sinn, da si mer gär bereet, déi ze beäntweren.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.3.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif à l'agrandissement et à la transformation du Bâtiment administratif – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *2.220.099,42 €* |
| *Total des crédits approuvés:* | *2.384.343,58 €* |
| *Total de la dépense effective:* | *2.369.981,50 €* |

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zum 3. Dekont, dee mer haut hei virstellen. Zu dësem Projet koumen ëmmer nach Rechnungen eran, mä dat hei ass awer elo deen definitiven an allerleschten Dekont. D'Devisen, déi guttgeheescht goufen, louche bei 2.220.099,42 Euro, d'Kreditter bei 2.384.343,58 Euro an déi effektiv Ausgabe leien elo bei 2.369.981,50 Euro. Dat ass elo den definitiven Dekont nodeems mer alles ofgerechent hu vun deem Verwaltungsgebai, esou datt mer deen Dossier dann elo ee fir allemol kënnen zoumaachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.4.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif à la construction d'un nouvel auvent dans la cour de récréation de l'Ecole «Neiwiss» à Rodange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *230.000,00 € (TTC)* |
| *Total des crédits approuvés:* | *229.995,28 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *219.178,21 € (TTC)* |

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm den Dekont vum Auvent, dee mer gebaut hunn am Kader vun der Erneierung vun deenen zwee Schoulhäff an der *Neiwiss*-Schoul. Der wësst, datt mer d'Schoul ganz nei gemaach hunn an datt mer och d'Schoulhäff nei gemaach hunn. Mer hunn déi zwee Auventen duerch een Auvent ersat. De Käschtepunkt fir dësen Auvent louch, laut Devis, bei 230.000 Euro, déi effektiv Ausgabe leie bei 219.178,21 Euro. A wann dir eis haut ären Accord gitt, dann ass och dëse Projet definitiv dekontéiert.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.5.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif aux travaux de rénovation de la piscine couverte de Pétange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *6.240.000,00 € (TTC)* |
| *Total des crédits approuvés:* | *6.219.218,62 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *6.218.041,64 € (TTC)* |

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Wéi der gesitt, geet et hei ëm den Dekont vun de Renovatiounsaarbechten an der Péitenger Schwämm. Am Devis ware 6,240 Milliounen Euro virgesinn, d'Kreditter louche bei 6.219.218,62 Euro an déi effektiv Ausgabe louche bei 6.218.041,64 Euro.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.6.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif aux travaux de remplacement des roulements de la toiture mobile de la piscine PiKo à Rodange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *122.300,00 €* |
| *Total des crédits approuvés:* | *122.300,00 €* |
| *Total de la dépense effective:* | *120.839,13 €* |

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et ëm „Rollenlager", déi hu mussen ersat gi beim beweglechen Daach vun der Rodanger Schwämm. De Verschläiss war do, an dofir hunn déi och mussen ersat ginn. D'Devise louche bei 122.300 Euro, d'Kreditter bei 122.300

Euro an déi effektiv Ausgabe bei 120.839,13 Euro. Ech géif iech dann och bieden, dësen Dekont ze stëmmen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Ech wollt froen, ob déi Roulementer periodesch kontrolléiert ginn oder gëtt do während Joere just eemol eng Kontroll gemaach?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Neen, dat gëtt vun där Firma, déi dat montéiert – dat ass jo eng spezial Firma, déi dat montéiere kënnt – kontrolléiert.

**Bosseler Camille (CSV):**

Dat ass jo och a Beweegung an, well duerch d'Fiichtegkeet bedéngt, géif dat jo awer ufänken ze raschten.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Duerno, am extraordinäre Budget, geet et ëm déi Bunn, wou se drop lafen – dee Beton zersetzt sech och – an déi muss och reparéiert ginn. Méi spéit musse mer och stëmme fir déi Reparaturen ze maachen. Et däerf een net vergiessen, datt deen Daach e gewalteg Gewiicht huet, a wann deen nëmmen e bësse bougéiert, da geet et scho lass.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.4.7.

### Administration générale.

Approbation du décompte relatif au renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de l'Hôtel de Ville à Pétange – décision.

| | |
|---|---|
| *Total des devis approuvés:* | *50.000,00 € (TTC)* |
| *Total des crédits approuvés:* | *50.000,00 € (TTC)* |
| *Total de la dépense effective:* | *49.982,63 € (TTC)* |

**Breyer Roland, Schäffen:**

Der wësst jo, datt mer kuerzfristeg hu mussen e Kredit hu fir d'Waasserleitung an der rue de l'Hôtel de Ville nei ze maachen. Do ware 50.000 Euro ugeschloen, déi effektiv Ausgabe belafe sech op 49.982,63 Euro. Dat sinn haaptsächlech zwou Rechnungen. Eng vum „génie civil" vun der Entreprise Farenzena an eng vun der Liwwerung vu Material vum *Comptoir des Fers et Métaux*. Do géif ech iech bieden, den Dekont an där Form guttzeheeschen.

**Accord à l'unanimité.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter sinn déi Dekonten, déi fir haut virgesi waren, ofgeschloss. A mer wäerten um Ufank vum nächste Joer nach eng Rei Dekonte presentéieren. Ech wëll awer ënnersträichen, datt mer hei iwwerall am Devis bliwwe sinn. Et gëtt ëmmer reklaméiert, wann et iwwer den Devis geet, mä hei si mer am Kader vum Devis bliwwen, wat jo dann och net esou schlecht ass. Ech ginn dann dovunner aus, datt, wa keng Reklamatioun méi kënnt, de Gemengerot dat da guttgeheescht huet.

## 3.

### Ordre public.

Autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Amicale Nidderréideng freet am Kader vun hirem Buergbrenne fir an der Period tëscht dem 10. Januar an dem 10. Februar 2013 eng Kollekt dierfen ze maachen. Wéi all Joer ass dat eigentlech eng Prozedur, déi mer hei sollen ofwéckelen a mer sollten als Gemengerot d'Autorisatioun ginn, esou datt si dat och kënnen zu Rodange maachen.

**Thein Joé (adr):**

Dat dote wäert eis Partei selbstverständlech ënnerstëtzen. Ech mengen, eis Partei ass bekannt dofir, fir déi traditionell Fester erëm méi wëllen ze reaktivéieren an opliewen ze loossen. An ech mengen, esou eppes wéi dat hei ass ganz an eisem Sënn an dofir félicitéiere mir och all Kéier den Engagement vun deene Leit, déi sech an déi Saachen hei eraknéien a wäerten dat heite matstëmmen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et geet awer net ëm d'Organisatioun, et geet hei ëm d'Kollekt.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.

### Sécurité.

Approbation du devis relatif à l'acquisition d'un minibus pour les besoins du service d'incendie et de sauvetage – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm de Kaf vun engem Minibus fir eisen „Service d'incendie et de sauvetage". Si hunn e Gefier, dat scho relativ al ass – fir net ze soe ganz al ass – an et muss ersat ginn. D'Propositioun vum Pompjeescorps läit um Dësch fir en neie Mannschaftswon fir 37.000 Euro unzeschafen. Mer hunn och schonn d'Zouso vum Inneministère, datt se eis 50% bei enger maximaler Zomm vu 35.000 Euro – dat heescht also 17.500 Euro – als Subsid ginn. Eigentlech falen net grad 20.000 Euro, et sinn 19.500 Euro, op d'Gemengekeess. Ech mengen, dat ass eng wichteg Acquisitioun, well domatter kënnen d'Pompjeeën 9 Leit op eng Plaz bréngen wann et heescht, eise Bierger ze hëllefen. Dofir géif ech iech bieden, dësem Kredit, dëser Acquisitioun, zouzestëmmen.

**Thein Joé (adr):**

Léif Kollegen, d'Sécherheet ass eppes, wat ganz wichteg ass fir eng Gemeng. Dofir muss esou e Corps ganz flexibel sinn. Wéi kann ee méi flexibel sinn ewéi duerch d'Uschafung vun engem Transportvehikel, deen d'Sécherheet erméiglecht. Et huet zwar nëmmen indirekt domatter ze doen, mä wa mer scho bei enger Aart vun Transport um Schwätze sinn, da wollte mer mat op de Wee ginn, datt mer miissten och eng Kéier iwwer den ëffentlechen Transport an och iwwer déi Saach vun engem Pedibus schwätzen, wou d'adr konsequent dofir antrëtt. Mer wëlle just e klenge Lien hei maachen, well mer beim Transport a bei der Flexibilitéit sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer huelen dat zur Kenntnis a mer géifen, well soss kee sech zu Wuert gemellt huet, zum Vote iwwergoen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

### Propriétés.

Approbation de l'acte avec le Syndicat des Eaux du Sud (SES) pour la pose d'une conduite d'eau potable souterraine – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et geet ëm eisen neie Waasserbasseng hei uewen um Hierschbierg an do brauche mer eng Zouleitung vun der SES. Dozou huet de Gemengerot sech schonn 2009 positiv ausgeschwat. Et ass eng Konventioun gemaach gi wou si am Fong geholl en „droit de passage" hu fir déi Leitung iwwer eis zwee Terrainen ze leeën. Et geet elo drëm, datt mer den „acte administratif", dee gemaach gouf, guttheeschen a mer domatter averstane wieren, datt déi Waasserleitungen esou verluecht ginn ewéi et an der Konventioun festgehalen ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

### Propriétés.

Approbation de l'avenant au contrat de bail avec l'Etat luxembourgeois pour la location d'un pavillon scolaire sur l'ancien site du lycée – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Der wësst, datt mer virun annerhallwem Joer dee Pavillon gelount hate fir d'Méiglechkeet ze hunn, an der Éigent-Schoul Ëmännerungsaarbechten ze maachen, déi noutwenneg waren. A mer hunn elo vun der Geleeënheet profitéiert fir um Enn vun dësem Joer, wou mer jo déi Problemer an der Park-Schoul hunn a wourop mer nach am Kader vun engem Devis ze schwätze kommen, ze loune fir dann och déi Klassen aus der Park-Schoul do ënner ze bréngе während déi Aarbechte gemaach ginn. Et ass esou, datt mer eis do wollten all Garantie gi fir net an Zäitdrock an och net an en Enkpass ze kommen. Dofir hu mer och mat dem Ministère diskutéiert a verhandelt, fir datt mer kënne bis den 31. Juli 2013 dee Pavillon weider loune an esou sécher ze stellen, datt, wann déi Aarbechte sollten iwwer déi nächst Méint gemaach ginn, mer déi néideg Raimlechkeeten hu fir weiderhin do Schoul ze halen.

Et ass och esou, datt de Ministère eis gesot huet, datt et bis den 31. Juli kee Problem duerstellt, well si maachen d'Soumissiounsaarbechten um Ufank vum nächste Joer. Esou datt d'Aarbechte fir déi restlech Demolitioun vun de Gebailechkeeten um Site vum fréieren LTMA ab Hierscht 2013 uginn a si wäerten och bis Ufank 2014 daueren. Dann ass kee Gebai méi um Site. Dat ass de Planning laut Ministère, laut "Bâtiments publics", esou datt et fir eis kee Problem war fir dee Pavillon nach bis den 31. Juli 2013 ze lounen.

Et ass och esou, datt mer, op eng Demande hi vun de Schoulmeeschteren, och nach gekuckt hu fir vläicht nach e weidere Pavillon ze loune fir eenzel Coursen z'organiséieren, wéi zum Beispill den Appui. Dat schéngt och an d'Rei ze goen. Wann dat esou an d'Rei geet, da wäerte mer um Ufank vum nächste Joer nach eng Kéier mat engem Avenant kommen, wou mer nach e weidere Pavillon zur Verfügung gestallt kréien, esou datt an deenen nächste Méint optimal Schoul gehale ka ginn an der Péitenger Gemeng.

**Becker Romain (déi gréng):**

Just eng Fro zur Verständlechkeet zu deem, wat dohannen um Site geschitt. Déi Pavillonen, déi mir als Gemeng gelount hunn, déi bleiwe jo da stoe bis eise Loyer ofleeft? An déi aner Pavillonen huelen se dann ewech?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Neen, et ass esou, datt si d'Soumissioun fir de Rescht vun de Gebaier, dat sinn déi zwee Haaptgebaier an d'Pavillonen, eréischt Ufank 2013 maachen an dat d'Aarbechten eréischt am Hierscht sollen ugoen. Si mussen elo eng Ausschreiwung maachen, an esoubal wéi déi Ausschreiwung fäerdeg ass, géifen se ufänken. Dat géif awer Hierscht ginn.

Dat eenzegt Gebai, wat nach ofgerappt gëtt, ass en Eefamilljenhaus an der rue des Jardins, wou de Portier dra gewunnt huet. Déi aner Aarbechte fänken eréischt am September un.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, déi zwee Verwaltungsgebaier A a B plus de Préau, dat fänkt dann eréischt un.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Genee, et gëtt näischt anescht méi ofgerappt, an dat ass och bedéngt duerch d'Prozedur, wann ee Gebaier – a besonnesch grouss Gebaier – wëll ofrappen. Well et muss gepréift gi wat alles vu Material do verschafft gouf. An ech fäerte ganz, datt se och do op Asbest stoussen. Besonnesch an deenen zwee grousse Gebaier. An dat ass eng Prozedur, déi bis de Summer brauch bis se ofgeschloss ass. Si rechnen, datt se Ufank 2014 mat den Aarbechte fäerdeg sinn.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech mengen, ëmgedréint muss een och soen, datt mer frou kënne sinn, datt nach keng Ofrappaarbechten do gemaach ginn, an dat wéinst der Sécherheet vun de Kanner. Well et wier net ganz gënschteg, wann do, wou Kanner an de Schoulhaff ginn, niewendru ofgerappt géif ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Prévisions sociales.

Approbation de la convention avec ProActif asbl relative à la réinsertion des chômeurs sur le marché du travail – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem Dossier, deen all Joer erëm kënnt. Dës Konventioun huet eigentlech e puer Ziler z'erfëllen. Dat eent ass fir um Niveau vum Chômage provisoresch ze hëllefen, well et ass ëmmer nëmmen eng Plaz, déi op Zäit geschaf gëtt. Do ginn eng Rei Aarbechtsplaze geschaf opgronn vun där Konventioun mat ProActif. Op där aner Säit soll dat awer och déi touristesch Entwécklung vun eiser Gemeng ënnerstëtzen andeems mer eng ganz Rei Waggongen, déi do beim Train 1900 zirkuléieren, renovéieren. Jiddereen, dee sech dofir interesséiert, konnt gesinn, wat fir eng wäertvoll Aarbecht do gemaach gëtt a wat fir e flott Eisebunnsmaterial do rullt. Dat ass opgronn vun dëser Konventioun, déi schonn eng ganz Rei Joere besteet, realiséiert ginn.

Op där aner Säit hëllefen déi Leit och do um Site selwer fir laanscht de Gleiser ze schaffen, an zwar holze si am Wanter e bëssen of a maachen do propper. Dat ass och eng Aarbecht, déi si maachen. A si sinn och amgaangen, hanner där enger Hal en Atelier ze bauen, an der gesitt och schonn d'Gerüst do stoen. Et ass net deen éischten Atelier, dee se bauen, mä deen drëtten, deen ënner där Konventioun gebaut ginn ass. Deen Atelier gëtt dat anert Joer fäerdeg. Dofir hu mer och bei den Devisen en aktualiséierten Devis, dee mer musse stëmmen. Alles an allem mécht de ProActif mat deene Leit eng ganz wäertvoll Aarbecht am Intressi vum Tourismus an eiser Gemeng. Fir déi Konventioun ass, ewéi d'lescht Joer, och méi oder wéineger déi selwecht Zomm virgesinn, an zwar 262.915 Euro. Dat sinn um ordinäre Budget alleguer déi Aarbechten, déi do gemaach ginn. Dat

ass also haaptsächlech fir déi Leit, déi do schaffen. 20.000 Euro sinn awer virgesi fir Material ze kafen, wat noutwenneg ass, wa mer d'Renovatioun vun deene Waggonge wëlle maachen. Déi Konventioun gëllt fir ee Joer. Dat anert Joer ass se méi niddereg, well déi Aarbechtszäit, déi gebraucht gëtt fir déi Hal opzeriichten, jo dann ewechfält. Dat sinn an déi 40.000 Euro.

**Thein Joé (adr):**

Ech mengen, dat sozialt Häerz, wat mer grad an dësen Zäite brauchen, ass immens wichteg, well mer op Zäiten duerkommen, déi net einfach sinn. Grad wat den Aarbechtsmarché ugeet, gi ganz vill Leit entlooss, an dofir si mer mat dëser Propose absolut d'accord. Net méi spéit wéi gëschter hu mer zum Beispill eng Reportage op RTL iwwer d'Chrëschtfeier vun der *Stëmm vun der Strooss* gesinn. An do muss et engem als Politiker wierklech wéi doe fir ze gesinn, wéi verschidde Leit un hirer Existenz musse krazen. An dofir droe mer dëse Projet ganz gäre mat. Mer wiere just frou, wa mer vläicht amplaz vu „réinsertion" Begrëffer géifen huelen ewéi Resozialiséierung. Well déi Leit ginn net iergendwéi op Saache plazéiert oder als eng Aart Objet behandelt. Mär géife mengen, Resozialiséierung wier méi e passende Begrëff. Mä mir droen dat do op alle Fall mat.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bon, et geet hei sécherlech ëm eng Resozialisatioun. Mä mer maachen do keng Sozialaarbecht. Mir bereeden haaptsächlech déi gréisstendeels jonk Chômeuren drop vir, datt se eng „réinsertion" kréien. Ganz dacks ass et esouguer eng „insertion" - well se nach net geschafft hunn – fir se fit ze maache fir den éischten Aarbechtsmaart. Déi sozial Aarbecht, dat muss ech agestoen, kënnt do e bëssen ze kuerz. Den Akzent läit do op der Formatioun. Si kréien do zum Beispill eng Ausbildung um Niveau vun engem Handwierk. Et geet éischter op den Aarbechtsmaart duer ewéi datt mer eng Sozialaarbecht géife maachen. Datt e gewëssene Prozentsaz Sozialaarbecht drastécht, dat verstoppen ech net, mä den Haaptakzent läit effektiv op der „réinsertion" op den Aarbechtsmaart. Dofir géif ech am Fong geholl léiwer dee Begrëff bäibehalen, fir net d'Iddi ze entwéckelen, datt dat jo just Sozialaarbecht gemaach gëtt. Et geet drëm fir se fit ze maache fir den Aarbechtsmaart. Dat steet och esou an der Konventioun. Mir kënnen net elo eng aner Terminologie huelen. Et ass dat, wat ëmmer an der Konventioun steet.

Ech verstinn awer och Är Iwwerleeung, datt mer do Sozialaarbecht maachen, mä ech mengen, et wier besser wa mer dee Begrëff benotzen, deen an der Konventioun gebraucht gëtt.

**Gira Carlo (CSV):**

Et ass elo net hei ernimmt ginn, mä mer hunn och eng Konventioun mat der AMTF. Dat ass immens wichteg fir déi Associatioun, well do si gréisstendeels Bénévoler a se ginn net bezuelt. An et ass gutt, datt mer hinnen déi Leit vu ProActif zur Säit stelle fir datt déi kënnen hir Aarbecht maachen am Sënn vum Tourismus vun eiser Géigend.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech si frou, datt der dat gesot hutt, well ech hunn effektiv vergiess, d'AMTF ze ernimmen. Effektiv geet et hei ëm Tourismus. Mer hunn an der AMTF e Partner a mir ënnerstëtzen deen op deem dote Wee fir hir Aarbecht ze maachen. Wa si dat do alles miissten am Bénévolat maachen – a si maache scho vill –, da géif dat net klappen. Ganz richteg, eng gutt Bemierkung.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Transports et communications.

Reclassement et déclassement de rues sur le territoire de la commune de Pétange – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu jo an eiser Gemeng, ewéi iwwerall am Land, eng Hierarchie wat d'Stroosse betrëfft. Mer hunn „grande voirie, nationale, chemin repris, communal, vicinal, syndical" fir nëmmen déi ze nennen. Déi Hierarchie kann heiansdo changéiert ginn. Déi leschte Kéier war et den 22. Dezember 1995, wou mer an der Gemeng Stroosse reklasséiert hunn. Et war dat, wéi mer haaptsächlech hei am Zentrum vu Péiteng manövréiert hunn. De Ministère ass och amgaangen en neit „Règlement grand-ducal" ze maachen, wou déi Saache solle genee definéiert ginn a wou d'Modalitéite vun esou Reklassementer festgehale ginn. Dee leschte Reklassement, dee mir virgeschloen haten, war den 13.7.2007. Wéi mer d'Liberté nei gemaach hunn hu mer mussen als Géigestéck vun der avenue de la Gare, déi jo als „sens unique" eropgeet, eng Strooss hunn, déi de Verkéier vun Norden op Süden entlaascht. An dat war d'rue de la Liberté, déi da vun engem Statut „communal" op e Statut „national" eropgehuewe gouf als „chemin repris".

De 17. Oktober huet de Gemengerot proposéiert fir zwou nei Stroossen ze changéieren, well déi am Kader vun engem „schéma directeur" zu Rodange sollten aner Funktioune kréien. An zwar sollten dat d'rue du Commerce an d'avenue Dr. Gaasch sinn. Déi sollten deklasséiert gi vu „chemin repris" oder vun „national" erof op „communal". An als Géigestéck, fir den internationale Verkéier lafen ze loossen, sollt de Klopp oder eng Partie dovunner an de Brouckerwee eropklasséiert ginn op „chemin repris" oder „national". Dat hate mer an de Ministère eraginn, mä mer hunn nëmmen d'Genehmegung kritt fir d'Liberté-Strooss. Déi aner zwou sinn entweder verluer gaangen oder iwwersi ginn. Op alle Fall fannen se déi net erëm. Mer hunn och ugeruff a mir hu gesot kritt, mer sollen nach eng Kéier nei délibéréieren, well do wier héchstwahrscheinlech e Knuet an der Leitung. Da musse mer et eben nach eng Kéier maachen.

Mer géifen dann elo nach eng Kéier proposéiere fir d'Entscheedung vum Ministère, fir d'rue de la Liberté ëmzeklasséieren, guttzeheeschen. Mir sollen eis Entscheedung vum 17. Dezember 2010 och nach oprecht erhalen, an zwar déi, wou mer iwwer den Deklassement vun der rue du Commerce an der avenue Dr. Gaasch schwätzen, an dat well déi zwou Stroossen hir Affektatioun verléieren am Kader vun deem „plan directeur", mä och déi iwwer de Reklassement vun enger Partie vum Klopp an dem Brouckerwee, fir dann do den internationale Verkéier ze garantéieren. Mer mussen also déi Délibératioun dann nees widderhuelen. Mir wëssen och d'Ursaach net, firwat dat verluer gaangen ass. Et ass leider heiansdo esou. Am Siach ass och en Dossier vun 900 Säiten um Wee vu Péiteng bis an d'Stad verluer gaangen. En ass verluer gaangen am Ministère, well mer hunn den „Accusé de réception", datt si e kritt hunn. Ech mengen, den Dossier ass 27 Zentimeter héich. Do kann et dann och emol virkommen, datt eng Délibératioun op engem Stéck Pabeier verluer geet.

Mer géifen iech also bieden zur Kenntnis ze huelen, datt d'Liberté-Strooss de Statut huet, dee mer scho laang verlaangt hunn, an datt och fir déi aner Stroosse reklasséiert solle ginn. Gott sei Dank hu mer keng Urgence a mer sinn nach net amgaangen déi Partie do ze konzipéieren. Et ass awer wichteg – wéinst de Fristen -, datt mer do hannendru bleiwen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech fannen zwar blöd, datt en Dossier verluer geet, mä ech fannen awer och gutt, datt der nach insistéiert dorop, well wat zu Rodange gemaach gëtt ass awer eng Prioritéit.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass och wichteg, datt, wa mer d'rue Philippart fäerdeg hunn, dee Konzept kënnen entwéckele loosse fir datt dat wierklech sécher dohinner drainéiert gëtt an datt mer och de Statut vun där Strooss an der Rei hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.1.

### Travaux extraordinaires.

Travaux de restauration et de protection des vitraux d'art à l'arrière de l'Hôtel de ville à Pétange – approbation du devis au montant de 45.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer kéimen dann elo zum „plat de résistance". Do gesitt der, datt mer am ganzen 30 Devisen ze stëmmen hunn. Dat bedeit och, datt ganz vill am nächste Joer geschafft gëtt ënner deem extraordinäre Budget, dee mer den Owend wäerte stëmmen. Do si méi kleng a méi grouss Aarbechten dran.

Fänke mer mam Punkt 8.1.1. un. Dat ass vläicht méi eng kleng Aufgab, déi mer maachen. Mä an eisen Aen ass et eng wichteg Aufgab. Am Kader vun der Renovatioun vum Stadhaus hate mer och virgesinn, dat ze maachen, mä well mer awer keng richteg a gutt Léisung presentéiert kruten, hate mer et net gemaach. Mir sinn awer der Meenung, datt déi Fënsteren am Trapenhaus vum ale Gebai en anstännege Wäert hunn an och flott sinn, an datt een déi Fënstere soll erhalen. Mer hunn och festgestallt, datt déi Fënsteren an engem schlechten Zoustand sinn. Op verschidde Plazen, wann et richteg gereent huet, hate mer schonn Torschongen do leien, well et era gereent huet respektiv Waasser d'Fënsteren erofgelaf ass. Op där aner Säit menge mer, datt mer gutt géifen doen, wa mer déi Fënsteren, déi jo awer e gewëssene Wäert hunn, afaasse loossen. Dat gëtt och eng Verbesserung wat d'Energie ugeet, well do net esou vill Hëtzt verluer geet ewéi dat elo de Fall ass. Mir hunn och elo eng spezialiséiert Firma fonnt, déi seech där Aufgab géif unhuelen.

Dat alles huet awer säi Käschtepunkt. Fir d'alleréischt ginn déi Fënsteren erausgeholl an da gëtt eng provisoresch Fënster dragesat. Da ginn se am Atelier verschafft, fäerdeg gemaach an nees agesat. Dat kascht 45.000 Euro. Mer sinn awer der Meenung, datt, nodeems d'Stadhaus komplett renovéiert gouf, mer och deen doten Effort sollte maachen. Da wiere mer fir déi nächst 10 oder 15 Joer roueg am Stadhaus, well dann hätte mer all Aarbechten ofgeschloss fir dëst Haus an en Zoustand ze bréngen, wéi een dat am 21. Joerhonnert erwaart.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech fannen dat eng gutt Iddi a ka mech och drun erënneren, datt mer scho méi dacks doriwwer geschwat hunn. Et ass natierlech super, wann do eng Léisung fonnt gëtt fir déi Fënsteren z'erhalen. Ech verstinn elo net esou richteg, wéi dat soll funktionéieren. Dat heescht, wann se duerno gebotzt a fäerdeg gemaach ginn, da bréngt den Atelier déi Fënsteren nees zeréck, an da ginn se zu zwou Säiten ënner Glas gesat. Baussen a banne ginn se dann ënner Glas gesat. Well ech hu schonn a ville Stadhaiser hei am Land gesinn, datt se nëmmen op der bannenzegster Säit eng zweet Fënster agesat hunn. Mä do gesäit een nach am Espace tëscht der Glasfënster an de Konschtfënsteren – well jo déi Bläiverglasung net esou dicht ass – datt nach Waasser dran ass an déi och ulafen. Dofir wollt ech froen ob et op zwou Säite gemaach gëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et gëtt zu zwou Säite gemaach. Bei der éischter Propositioun, déi mer haten, huet een d'Querbalke gesinn, an dat huet guer net gutt ausgesinn. Elo hu mer awer eng Firma fonnt, déi dat soll maachen. Mer hoffe jo och, datt déi Firma dat esou ka maachen ewéi mir eis dat virstellen.

Esou wéi dir dat elo erkläert hutt, gëtt et gemaach. Et gëtt tëscht zwou Fënstere gesat. Dat gëtt natierlech eng aner Isolatioun. An esou wéi dat gemaach gëtt däerf dat net sinn, datt sech do nach Waasser bilt. Dat däerf net de Fall sinn. Och schonn d'Tatsaach, datt se d'Fënster eraushuelen, mathuelen an eng provisoresch asetzen, dat huet natierlech säi Präis. Do steet och „avec des nouveaux châssis galvanisés et laqués au four système de containers". Bon, ech sinn elo kee Spezialist doranner, mä mer hu jo eng Spezialistin hei am Haus. Si kann eis vläicht eng Erklärung ginn, ewéi dat gemaach gëtt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt just nach en zweet Saach soen. Esou wéi d'Fënsteren de Moment ausgesinn, ass dat wierklech traureg. Et ass wierklech eng Konscht hei am Haus. Schued, datt et net schonn éischter realiséiert konnt ginn, wéi an der ganzer Phas, wou ëmgebaut gouf. Et geet enorm vill Energie duerch d'Trapenhaus d'Päif aus. Also et ass nëmmen ze begréissen, datt mer do eppes maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also et war ëmmer eis Iddi fir dat ze maachen. Mä op där aner Säit hu mer awer gesot, datt déi Fënsteren esou e Wäert hunn, datt mer se net alleng aus energetesche Grënn kënnen einfach verschampléieren. Obwuel dat och Grond genuch wier fir et ze maachen. Mä mer hu gesot, mer miissten eng Léisung fannen, an eng Firma fannen, déi eis dat do esou ka maachen, datt engersäits den energetesche Problem geléist ass an anersäits awer och déi Fënsteren erhale bleiwen. Och wann dat 45.000 Euro kascht.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Den Här Buergermeeschter huet jo gesot, datt d'Fënsteren erausgeholl ginn an d'Bläiverglasung gefléckt gëtt. An da gëtt vir an hannen eng duebel Verglasung gemaach. Dat muss am Atelier gemaach ginn. Well wa Kondenswaasser zitt, dann ass et schlecht gemaach. Et gesäit net méi vu baussen esou aus wéi gewinnt, well eng Fënster virdrun ass. Mä et gesäit natierlech nach ëmmer no Bläiverglasung aus.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass de Prinzip vun der Glasmolerei.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer hu jo souwisou keen anere Choix. Mer kommen net derlaanscht, fir et esou ze maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.2.

### Travaux extraordinaires.

Travaux de remplacement de la menuiserie extérieure du presbytère à Lamadelaine – approbation du devis au montant de 26.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass och eng Saach, vun där mer scho méi laang geschwat hunn, an déi och gemaach muss ginn. Do sinn d'Fënsteren an engem schlechten Zoustand, et ass keng Duebelverglasung do. Do geet natierlech vill Energie verluer, an och déi Rolluede gesinn net méi grad „zeitgemäß" aus. Fir deem Haus e gewëssene Wäert zeréckzeginn an och fir déi noutwenneg Renovatiounen ze maachen, menge mer, datt mer d'„menuiserie extérieure" vum Paschtoueschhaus zu Lamadelaine ersetze sollen. Och wann et esou ausgesäit, wéi wann dat Gebai an Zukunft eng aner Affektatioun kritt wéi dat haut nach de Fall ass. Dat verhënnert awer net, datt mer déi Aarbechte solle maachen, well et ass absolut wichteg, datt déi Aarbechte gemaach gi fir d'Erhale vun deem Gebai, dat zur Gemeng Péiteng gehéiert.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.3.

### Travaux extraordinaires.

Couverture partielle du boulodrome à Lamadelaine – approbation du devis au montant de 65.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et ëm déi deelweis Iwwerdaachung vum Boulodrome zu Lamadelaine. Dat ass u sech jo kee Veräin, mä éischter Fräizäit, an de Boulodrome gëtt ganz vill besicht. Déi hate jo viru Joere gefrot, fir dat deelweis iwwerdaacht ze kréien. Eppes wat hinnen och versprach gouf, wat een éierlech och muss zouginn. Si waren och kucke fir esou eng Iwwerdaachung ze fannen, déi och wierksam ass an hunn och Ënnerlage matbruecht. Wéi sech dann elo erausgestallt huet, kéinte mer dat do fir de Präis vu 65.000 Euro maachen. Mer hunn och Firmen hei am Land gesicht an der zwou fonnt, déi och Prabbelie maachen an Terrassen iwwerdecken. Mä dat geet fir dat hei net duer. Well wann do Schnéiwaasser drop ass an et fréiert, da räissen déi. Dat hei hält awer Stuermstäerkte vun 174 km/h aus an da bougéiert et nach ëmmer net. Ech géif iech bieden, deen Devis hei ze stëmme fir datt mer déi Iwwerdaachung do kënne bauen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Hue et e Wäert, fir 65.000 Euro auszegi fir deen Daach ze maachen. Stinn d'Leit net awer duerno mam Prabbeli do? Ech weess jo net, a wéi eng Héicht dat soll kommen an et gëtt jo och nëmmen en Deel dovunner zougedeckt.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Si wollten och nëmmen een Deel iwwerdeckt kréien. Déi Foto, déi der gesitt, hu si matbruecht. Si wieren domatter averstanen an zefridden.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mer hate jo och deemools Luuchte fir si opgeriicht, esou datt se och owes kéinte spillen. Geet dat dann duer oder mussen do nach extra Luuchte bannendran hikommen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Et gi Luuchten, déi ënnendrënner montéiert ginn. Dat brauchen der net vill ze sinn, well déi Fläch net grouss ass. Déi kënne mer direkt ewechhuele vun deene Luuchten, déi do stinn. Well een Deel ass jo fräi, net iwwerdeckt, an dee muss och beliicht ginn. Dofir kënnen déi Luuchten dann och gebraucht ginn. Hei ass ebe fir dee Moment, wou se spillen an et ufänkt ze reenen oder fir déi Deeg wann et reent. Da kënnen se awer trainéieren. Wann een do laanscht fiert, da gesäit een, datt deen Terrain ëmmer gutt beluecht ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dofir froen ech jo grad. Well et interessant ass a vill Leit do sinn. Do kënnen d'Leit nach e bëssen zesumme spillen, well dat gëtt et jo net méi sou dacks, datt Leit zesummenhalen. Dofir maachen ech mer Gedanken. Ech war och schonn op aner Plazen, an ech war och scho Boulë spille wou ganz zou war. Do haten d'Leit eppes dovunner. Ob dat do vill bréngt, wann nëmmen een Deel iwwerdeckt ass, dat weess ech net.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Also déi Leit, déi do verantwortlech sinn, hunn dat gutt fonnt. An dofir hu mer och gesot, mer géifen dat esou maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wann d'Leit dat esou wëllen, dann ass et jo gutt. Ech hoffe just, datt se duerno och domatter zefridde bleiwen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Jo, dat hoffen ech och.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Ech wollt just soen, datt et am Fong geholl flott ass, datt mer déi do Initiativen ënnerstëtzen. Dat heescht, déi op fräiwëlleger Basis sinn an net an engem Club oder federéiert sinn an dowéinst souwisou d'Joer iwwer vun eis Sue kréien. Ech fannen et gutt, wann een dat mat ënnerstëtzt. Et ass jo hire Wëllen, da soll een dat och esou realiséieren an da wäerte si och zefridde sinn.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.4.

### Travaux extraordinaires.

Fourniture et pose de stores extérieurs au Hall polyvalent à Rodange – approbation du devis au montant de 20.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Do geet et jo drëm, wéi ech et scho bei der Budgetspresentatioun gesot hunn, fir Storen baussen d'Hal ze setzen, an zwar zu där Säit, wou den FC Rodange seng Büroen huet an och zu där Säit, wou d'Buvette ass. Well wann de Summer duerch d'Sonn do eraschéngt, dann hält bal keen dat dobannen aus. Ech sinn et net alleng, deen dat ka bezeien, well et si jo och nach aner Veräiner, déi vun deem Lokal profitéieren. De Summer ass et do bal net auszehalen. An dofir hu mer proposéiert fir déi Riddoe vum Eck a Richtung Grenz, an och déi Säit vun der Buvette, déi net zur Bühn kuckt, z'installéieren. Dat alles soll 20.000 Euro kaschten.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Wann ech richteg verstanen hunn, wat den Här Linden elo gesot huet, dann ass et Richtung Brouckerwee, wou zougemaach gëtt. Ech fannen et gutt, datt dat do gemaach gëtt, well dee ganze „bric à brac" gesäit näämlech net gutt aus, wann een do erakënnt. An dat fir esou e schéine Bau. Et gesäit onuerdentlech aus. Bon, et ass eben e Stock.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer maachen dach eppes do géint d'Sonn.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Déi Store sinn och gutt fir déi aner Saachen. Eppes wat gutt ass fir d'Sonn, dat kann een och huele fir aner Saachen ze verstoppen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt dem Här Linden an deem selwechte Kontext soen, datt de Fussball och gefrot hat, ob et net méiglech wier fir hannen, wou d'Hal ass, eng kleng Bande ze maachen esou wéi dat och beim Tennis ass. Well do stinn ëmmer eng ganz Rei Leit gratis Fussball ze kucken. Dat kéint jo net esou deier kaschten.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Jo, dat kënne mer kucken. Mir wëssen awer och alleguerten heibannen, datt d'Veräiner ëmmer nëmme froen. Egal ween. Ech wëll keen extra nennen, well et gëtt keen, deen net freet. Mir kucken dat doten awer.

**Gira Carlo (CSV):**

Hei ass en Devis, deen eigentlech iwwerflësseg ass. Verstitt mech elo net falsch. Ech si ganz averstane mat deem, wat mer hei maachen. Ech hunn déi leschte Kéier kritiséiert, datt d'Architekte kee Firlefanz an d'Gebaier solle maachen, déi kee Sënn hunn. Et wier och ze begréissen, wa se déi Saachen, déi noutwenneg wieren, och géife vu virera matmaachen. Ech denken do un dat heiten, wou d'Sonn eraschéngt, oder wou mer hu mussen zousätzlech Segelen an d'Buvette anhänke wéinst der Beschallung. Ech mengen, dat si Saachen, déi miissten eis d'Architekten, déi di deier Projete maachen, am Virfeld soen. Da bräichte mer dat hei net ze stëmmen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Do kann een Iech nëmme Recht ginn. Well bei eis sinn och ëmmer Fragezeichen a mer froen, firwat dat hei oder dat do net virgesi war. Also et ass scho richteg, wat Dir do an där Richtung sot.

**Gira Carlo (CSV):**

Dir verstitt mech jo richteg, ech maachen Iech kee Virworf.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Neen, ech verstinn Iech.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt scho Recht mat Ärer Ausso.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.5.

### Travaux extraordinaires.

Réfection des gradins en béton de la piscine PiKo à Rodange – approbation du devis au montant de 180.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Da komme mer zu deem Punkt, iwwer deen ech virdru mam Här Bosseler geschwat hunn a wou ech gesot hunn, datt och de Betong muss ënnendrënner nei gemaach ginn. Well déi Deeler vun deem Daach si relativ schwéier. Et war och virgeschloe gi fir zum Beispill Schinnen drënner ze leeën. Mä deen Daach packt dat jo guer net, well wann ech eng Schinn drënner leeën, da läit Metall op Metall an d'Rieder dréinen duerch.

Déi Gradine ginn elo deelweis erneiert. Do gëtt elo net alles ewech gerappt, mä nëmmen déi Partie, déi beschiedegt ass, gëtt ewech gemaach. Si hunn elo iergend e Material, dat géif pechen. Domatter géif dann ugestrach ginn, esou datt se doriwwer kënne fueren. Da gräifen se gutt ouni datt eng Gefor besteet, datt se duerchdréinen. Et ass awer keng Gefor, datt se hänke bleiwen ewéi et anerwäerts ka sinn. Dofir géif ech iech bieden, déi 180.000 Euro ze stëmme fir datt mer dat an d'Rei kréien.

Op där aner Säit déngt et jo och der Sécherheet. Well wa jo eng Kéier do eppes géif geschéie mat engem Daachdeel, da séize mer schéin do.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Alles huet seng Vir- an Nodeeler. Dat do ass eng spezifesch Aarbecht, déi do gemaach gëtt. Et ass jo och e speziellen Daach, deen e gewëssenen Ënnerhalt brauch. Dat wäert och an Zukunft nach esou bleiwen.

Op där aner Säit muss ee wëssen, datt mer an deene leschte 7 Joer eng Millioun Visiteuren haten. Dat beweist awer och, datt eng gewëssen Attraktivitéit besteet. Mä alles huet säi Käschtepunkt.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Et ass jo gutt, datt dat nei gemaach gëtt. Mä spillt do d'„garantie décennale" net méi? Déi zielt jo ëmmer, wann et ugefaange gëtt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei der „garantie décennale" muss een ëmmer d'Ausmooss kucken, dat ass „si le bâtiment menace ruine" oder wann e Gebai géif zesummefalen. Dat heescht, eng „garantie décennale" ass net fir den normale Verschläiss do. Hei ass e Verschläiss, dee virauszegesi war.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Dat hätt jo och vläicht miisste virdru gekuckt ginn. Elo si mer um selwechte Punkt ewéi den Här Gira d'éinescht gesot huet. D'Architekte stiechen déck Suen an d'Täsch, an duerno ass kee méi zoustänneg fir egal wat. Ech mengen, mir hate fréier selwer e Betrib, a mer hunn awer och musse fir eis Saachen – wann emol eppes virkomm wier – eng „garantie décennale" hunn. An déi dote brauchen dat net? Dat fannen ech zwar net an der Rei.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Neen, si sinn nom Gesetz haftbar fir 10 Joer wann eng „malfaçon" virläit oder wann iergendeppes geschitt, wat domatter zesummenhänkt. Hei ass e Verschläiss, dee virauszegesi war a wou vun Ufank u gesot gouf, datt mer duerno miisste kucken an dat och ersetzen. Et ass wéi den Här Linden seet, déi Schinne lafe jo och net synchron. Déi si liicht verkannt, an da reift dat dann. Wann dat ëmmer tipptopp géif lafen, da géif et vläicht 9 oder 10 Joer daueren. Et huet der elo 8 gedauert. Wann e klenge „pepin" ass – a mer haten der -, da muss et natierlech éischter ersat ginn. Mä de Verschläiss war programméiert. Mer sinn am Frankräich Saache kucke gaangen, déi nach vill méi Ënnerhalt gebraucht hunn ewéi deen hei. Mer sinn relativ laang esou gaangen, mä elo ass zimlech alles beienee komm, also d'Rieder an de Betong. Wann elo en neit Verfahren do ass, dann dauert et méi laang. Mä do kann ee keng „garantie décennale" spille loossen.

**Gira Carlo (CSV):**

Mer hu jo elo grad gesot kritt, datt dat do eng Saach ass, déi regelméisseg op eis zoukënnt. Wier et dann net méi gënschteg fir en Ënnerhaltskontrakt mat enger Firma ze maachen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Mer hunn deen. Mä mer musse jo awer och Sue stëmme fir dat kënnen ze bezuelen. Et ass eng franséisch Firma, ech weess den Numm elo net auswenneg, an déi maachen eis op ëmmer opmierksam op déi Saachen. Mä mer hu Kontrakter, datt si duerno musse kucken. An esoubal eppes

Aussergewéinleches ass, da kréie mer et jo och vun eise Schwammmeeschtere gemellt. Déi soen eis direkt Bescheed.

**Gira Carlo (CSV):**

Jo, mä ech verstinn dat elo net. Mer hu jo dee Kontrakt. Leeft dat net am Kader vun deem Kontrakt? Firwat musse mer dann nach en extraen Devis maachen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Neen, dat heiten net.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Fir dat nach eng Kéier z'illustréieren. Mir hunn e Gefier, dat fiert. Dat kann en Auto sinn, wou d'Pneue verschläissen. Et kann eng Eisebunn sinn, déi op Schinne fiert. Déi Schinnen halen ni éiweg, e Rad hält och net éiweg. Mir hunn e Kontrakt fir datt dat iwwer Joeren ënnerhale gëtt. Mä dat muss no enger Zäit ersat ginn, eng Kéier éischter, eng Kéier méi spéit. Deen ee rennt méi séier a brauch méi dacks Pneuen, deen anere kënnt méi laang domatter aus. Hei ass et d'selwecht. Hei ass och eppes, wat leeft, wou e Support ass a wou e Rad ass. An dat muss mat der Zäit ersat ginn. Hei schwätze mer vum Remplacement. Datt et richteg leeft an och ouni Problematik leeft, dofir hu mer den Ënnerhaltskontrakt.

**Gira Carlo (CSV):**

Jo, dat war mer bewosst. Dat heescht, alles wat Stécker ass, dat ass net an deem Kontrakt mat dran.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech wollt nach vläicht just e Wuert dozou soen. Effektiv ass de Verschläiss do grouss. Am Ufank, wou déi franséisch Firma dat gebaut huet, do ass séier wéineg iwwer den Ënnerhalt geschwat ginn. Haaptsächlech hätte si gären d'Sue fir d'Konstruktioun kritt. Mä an der Tëschenzäit ass et awer och esou, datt déi Méiglechkeete kéinte präislech reduzéiert ginn. Déi Rieder lafe jo de Moment iwwer de réie Betong. Do gëtt et awer och nach eng Méiglechkeet fir do eng Zwëscheschicht ze maachen – Blech oder iergendeppes esou –, fir datt déi Rieder net esou séier verschläissen.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat ass genee dat, vun deem ech virdru geschwat hunn a wou duerno drop gemaach gëtt. Et ass eng Mass, déi och e wéineg pecht. Dat ass dat, wat se wëllen drop maachen, esou datt et gräift.

**Welter Gilbert (DP):**

Da lafen déi Rieder 100 Mol an net 20 Mol ier se mussen ersat ginn. Et ass dat, wat muss gemaach ginn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Genee, si lafen dann net méi um Betong. Et ass och dat, wat virgesinn ass an deem Präis, dee mer elo hei stëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.6.

### Travaux extraordinaires.

Réfection de la terrasse au 1er étage de la Crèche «Villa Bambi» à Rodange – approbation du devis au montant de 34.000 euros.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'Villa Bambi huet och iwwer 10 Joer an déi Terrass war mat esou Gummisplacken zougeluecht. Duerch d'Wierder-bedingungen, déi mer bei eis hei hunn – eng Kéier ass et waarm an dann nees kal -, hiewen déi Gummisplacke sech ëmmer. Dat ass natierlech eng grouss Gefor fir d'Kanner, déi da fale kënnen. Normalerweis si jo Kanner tëscht 0 a 4 Joer an där Crèche. Mir hunn och schonn agegraff andeems mer emol gefléckt an nei Placken agesat hunn. Dat déngt awer alles näischt, well den Ënnergrond net deementspriechend ass, esou datt mer elo einfach wëllen op de Wee goen, datt mer d'Terrass raumen an e sougenannte „sol coulé" (Vergussboden) maachen. Dat huet natierlech och säi Präis. Den Devis beleeft sech op 34.000 Euro. Wann dir haut domatter averstane sidd, da kënne mer déi Terrass dat anert Joer an d'Rei setzen.

**Thein Joé (adr):**

Wann déi Problematik vum Gummi bekannt war, firwat ass deen awer benotzt ginn? Firwat ass do keng Alternativ fonnt ginn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi Problematik vum Gummi huet sech eréischt duerno gestallt, an zwar well d'Crèche scho méi laang gebaut war. An dunn huet ee gesinn, datt – et war eng Kéier waarm, dann huet et drop geschneit – d'Decken ugefaangen hunn, sech ze hiewen. Déi Terrass war deemools mat engem speziellen Ënnergrond gebaut ginn, esou datt deemools just dee Gummi do drop konnt geluecht ginn. Gutt, et war och wahrscheinlech eng Spillerei vum Architekt, dee gemengt huet, dat wier eng flott Saach. Et hat e gewëssene Fallschutz fir d'Kanner. Wa se gefall sinn, dann hu se sech net esou wéi gedoen. Mä natierlech war et net vu laanger Dauer, esou datt mer einfach elo op de Wee gi fir e „sol coulé" ze maachen, wou natierlech och e Fallschutz fir d'Kanner dran ass a wou mer dann och nach eng Garantie hunn, déi méi laang ass.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.7.

### Travaux extraordinaires.

Réfection de la terrasse à l'arrière de l'Ecole «Fonderie» à Rodange – approbation du devis au montant de 90.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass dee leschten Devis, dee mer an deem Kontext stëmme wäerten. Der wësst, datt mer déi Schoul ufanks vun de Joeren 2000 komplett renovéiert hunn. No e puer Joer hu mer festgestallt, datt do awer Fiichtegkeet am Keller entstanen ass. A Raimlechkeete wéi de Musekssall huet een déi Fiichtegkeet ëmmer erëm gesinn. An am Fong hu mer do versicht, verschidde Moossnamen anzesetze fir deem entgéint ze wierken. Et huet sech awer erausgestallt, datt all déi Moossnamen net genuch waren. Doropshi si mer higaangen a hunn an der grousser Vakanz vir laanscht alles opgemaach fir der Saach emol op de Fong ze goen. Do gouf eng Isolatioun gemaach, déi, esou wéi et elo den Uschäin huet, och en Erfolleg war. Mer hunn awer bei dëser Geleeënheet och versicht, och déi aner Léisungen zu de Problempunkten ze sichen, déi et an dësem Haus gouf. An et gouf festgestallt, datt déi Terrass – déi gouf, wéi gesot, virun enger Dose Joere geluecht – net no alle Regele vun der Konscht gemaach gouf. D'Dicht ënner de Plättercher war net korrekt. Elo kéinte mer dat si loossen, mä ech mengen, dann hu mer de Problem nach ëmmer net definitiv geléist. Dofir proposéiere mer dem Gemengerot, déi Terrass, déi relativ grouss a riets nieft der Schoul ass, nei ze leeën. Dat heescht, d'Plättercher erofhuelen an eng richteg Isolatioun maachen, esou wéi den Ingenieursbüro eis dat virschléit. An da leeë mer nei Plättercher, an hoffen – an dat gëtt eis och gesot –,

datt de Problem vun der Fiichtegkeet am Keller vun dëser Fonderie-Schoul definitiv geléist ass.

Do muss ech erëm soen – well soss seet den Här Gira dat, an en huet och Recht –, datt zu där Zäit net anstänneg geschafft ginn ass. Mat deem Architekt hate mer jo déi Problemer. Mer hate jo verschidde juristesch Problemer, wou mer iwwer Affekote matenee verhandelt hunn. Dat hei ass och esou e Problem, dee mer musse riicht béien.

**Bosseler Camille (CSV):**

Et ass ze bedaueren, datt ëmmer, wann d'Kand am Pëtz läit, den Deckel drop kënnt. Wann d'Architekten net à même sinn, dat ze maachen, da léisst een se net gewäerden. Ech mengen, mir hu jo och Büroen a mer hu Leit – déi zu eiser Säit géifen halen an net zum Architekt, deen dat mécht – do sëtzen. An déi kéinten op d'Plaz kucke goen a sech vun deene Saachen iwwerzeegen. Dann hätte mer esou vill Saachen net.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir hutt scho Recht, mä et muss ee wëssen, datt eis Servicer awer eng Rei Projete suivéieren. Net nëmmen een oder zwee, a mer bezuele jo och Bureaux d'études, Ingénieursbüroen, Architektebüroe fir déi Aufgab z'iwwerhuelen. Mä Dir hutt Recht, ech gesinn dat ëmmer an ech soen eisen Ingenieuren an eiser Architektin dat ëmmer. Si ass jo eigentlech do de Bauhär a si huet d'Intresse vun eis als Bauhär ze verdeedegen. Mä et ass sécherlech net einfach, well do hu mer jo awer scho speziell Büroen derbäi gezu fir ze analyséieren a mer hunn och elauter Spezialisten déi aner Säit schaffe wat elo d'Dicht hei ugeet. Op där enger Säit ginn ech Iech Recht wann der sot, och do sollt e bësse méi e staarke Suivi gemaach ginn. Op där aner Säit muss een awer soen, datt mer awer am Privatsektor Leit fir deier Suen akafen an déi dat do och sollen an eisem Intressi maachen. Hei muss ee ganz kloer soen, datt déi Isolatioun hei net gutt gemaach gouf. Bon, et sinn elo 12 Joer hir, dat heescht, datt och hei d'Zäit ofgelaf ass. Mer maachen dat elo anstänneg, an da wäert hoffentlech de Problem geléist ass.

**Bosseler Camille (CSV):**

Et versteet ee gutt, datt et ofgelaf ass. An Zukunft kënne si et awer esou handhaben, datt, wann esou Aarbechte lafen, se wéinstens um Terrain sinn a kontrolléieren, wéi déi Saach gemaach gëtt. Kontroll ass ëmmer besser.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir huelen Äre Message mat.

**Thein Joé (adr):**

Mir wëllen eis u sech de Wieder vun der Madame Conzemius, dem Här Gira an dem Här Bosseler hei uschléissen. Wat si soen, ass richteg. Ech mengen, wann en Architekt ausgewielt gëtt, da soll en och weise kënnen, wat seng Kompetenz ass. E soll op seng Aarbecht bezuelt ginn. A wann dann e Feeler ënnerleeft, da soll eigentlech de Betrib dofir haften. Et kann net sinn, datt da weider Devise gestëmmt gi fir dofir opzekommen. Mir mengen, datt hei déi richteg Wierder gefall si par rapport zu den Architekten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass sécherlech esou, mä wat fir eng Verantwortung jidder eenzelne muss droen, dat gëtt an engem Kontrakt festgehalen. An zwar ënner de Partner, engersäits d'Gemeng, anersäits den Architekten- an den Ingenieursbüro. An da muss een natierlech och déi Kontrakter deementspriechend adaptéieren. De Moment fuere mer no OAE-Kontrakten, déi definéiert an approuvéiert sinn an och vun deene meeschte Gemengen esou gebraucht ginn. Mer sinn awer amgaangen, déi Kontrakter an eisem Service nozekucken. Well mer wëlle gären an deenen nächste Joeren déi nächst Kontrakter ënner enger aner Form definéieren an déi vläicht nach méi Rechter fir d'Gemeng a méi Responsabilitéite fir den Architekt mat sech bréngen. Do muss een natierlech och e Partner fannen, deen esou e Kontrakt mat ënnerschreift. Esou e Kontrakt muss op béide Säiten ugeholl ginn. Mä mer wäerten awer Uganks vum nächste Joer en neien Typ fir d'Gemeng Péiteng ausschaffen a wou mer eis un anere Gemengen orientéieren. Well et si schonn eng Rei Gemengen, déi hir Kontrakter liicht ugepasst hunn a wou d'Rechter, déi do am Kontrakt sinn, och emol e wéineg am Intressi vun der Gemeng sinn an net ëmmer eesäiteg am Intressi vum Architekt. Wéi gesot, mer sinn amgaangen dorunner ze schaffen. Deen nächste Kontrakt mat engem Architekt, dee mer dann ënnerschreiwen, wäert deem dann och Rechnung droen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.8.

### Travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement et de remise en état de l'Ecole «Am Park» à Pétange – approbation du devis au montant de 650.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Vun där Schoul hate mer jo scho méi dacks Rieds. Mer hunn elo den Devis iwwer 650.000 Euro virleie fir déi Sanéierungsaarbechten an der Park-Schoul ze maachen. Do geet et fir d'alleréischt emol dorëm – an dat hu mer bei der Analys elo festgestallt – fir déi al Isolatioun ronderëm d'Heizungsréier am Keller ewech ze huelen an z'ersetzen. Mer wëssen nach net genee, wat dran ass, well déi Étude nach net definitiv ofgeschloss ass. Och deen ale Buedembelag um Rez-de-Chaussée an um éischten an um zweete Stack gëtt erausgeholl. Dat ass de Parquet grad esou wéi de Bitumenkleber plus eventuell an esou wäit där Placken do sinn, Placken, déi Asbest hunn. Da gëtt eng Schapp gemaach, an op déi Schapp gëtt da Lino geluecht, esou datt dann de Rez-de-Chaussée, den 1. an den 2. Stack, souwéi all Klass neie Buedembelag hätt.

Ënner dem Daach sinn d'Aarbechten 2004-2005 ofgeschloss ginn. Do wësse mer, datt kee Problem besteet, an datt dee Buedembelag do komplett konform ass. Mä bei dem Buedembelag um Rez-de-Chaussée, um 1. an um 2. Stack, deen awer schonn eng Rei vu Joeren oder Jorzéngten do läit, do wësse mer net genee, wat do drënner läit. Dofir huele mer alles eraus an dat gëtt dann och entsuergt, an dat no alle „règles de l'art". Well mer net 100% wëssen, wéi wäit do nach contaminéiert Material läit, ass dee Betrag hei relativ héich ugesat. Hei ass de Betrag fir de schlëmmste Fall uginn, an dat si 400.000 Euro fir déi ganz Sanéierungsaarbechten ze maachen.

Wat d'Erneieren ugeet, do hu mer 2,5 Zentimeter déck Schappen, et gëtt keng déck Schapp, well do net esou vill Spillraum ass. Et ass eng Spezialschapp, an dat kascht ronn 80.000 Euro fir déi ganz Stäck. An da kënnt nach „nouveau revêtement du sol", dat heescht egaliséieren an de Lino an deenen 32 Säll derbäi. Déi Aarbechte géife 50.000 Euro kaschten, esou datt mer dann op 556.700 Euro kommen. Mat der TVA derbäi si mer op 640.205 Euro, also opgerënnt op 650.000 Euro.

Mir hoffen elo, datt dat, wat mer nach do fannen, net esou schlëmm ass. Da géif de Betrag nach e bëssen erofgoen. Mä dat hei ass dee schlëmmste Fall, dee gerechent gouf. Dobäi kënnt awer nach d'Botzen, dat schonn amgaangen ass. Dat gëtt iwwer den ordinäre Budget 2012 ofgerechent. An do

rechne mer tëscht 60.000 a 70.000 Euro. Dat kënnt dann nach bei de Betrag vu 650.000 Euro dobäi.

Mir hoffen elo, datt déi Aarbechten do am Abrëll oder am Mee ofgeschloss ginn. Mer mussen awer kucken, wéi séier mer do virukommen a mer mussen och do d'Autorisatioune vun der ITM kréie wa mer ufänken, déi Sanéierungsaarbechten ze maachen. Mer kucken, datt mer déi Fristen esou kuerz wéi méiglech halen. A wann déi Aarbechten ofgeschloss sinn, da wäerte mer e Rapport vu LuxControl verlaangen, wou si eis genee soen, wou mer stinn an ob alles an der Rei ass. Mer wäerten dann, esou wéi den Här Scheuer dat och gefrot hat, esoubal mer déi Saachen ofgeschloss hunn, eng Reunioun maache wou mer dann d'Eltere komplett informéieren iwwer dat wat festgestallt gouf a wat d'Problematiken an deem Gebai waren. An dat ier d'Kanner zeréck an d'Schoul ginn.

**Bosseler Camille (CSV):**

Sinn d'Heizungsréier och mat am Buedem? Et ass just fir ze kontrolléieren ier alles nei gemaach gëtt. Net datt hanneno d'Heizung kënnt wann alles fäerdeg ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Neen, hei geet et ëm déi Heizungsréier am Keller. Dat ass hei am Devis virgesinn, an zwar „enlèvement et décharge de l'ancienne isolation des tuyauterie de chauffage au sous-sol". Mer huelen déi ewech, egal wat dran ass, a mer maachen eng nei Isolatioun.

**Gira Carlo (CSV):**

Mer haten eis jo insgesamt eng Gesamtenveloppe gi vu Suen, déi mer kéinten investéieren. Ass och schonn iwwerluecht ginn – well mer jo lo hei e ganz décke Batz mussen hunn – , wou mer déi Suen dann elo hierhuelen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer haten eng gewëssen Zomm fir d'Schoule virgesinn. An där Zomm waren och zum Beispill d'Schoulhäff – vir an hannen – vun der Park-Schoul virgesinn. Esou e Schoulhaff läit och bei 500.000 bis 600.000 Euro. Dat ka bedeiten, datt, wa mer an deenen nächste Joeren net méi Recettë kréien ewéi mer eis dat erwaart hunn a mer mussen an deem Kader bleiwen, wou mer sinn, an dëser Period nëmmen ee Schoulhaff vun der Park-Schoul gemaach ka ginn. Deen anere gëtt dann op déi Period duerno verréckelt. Mä, an do hutt der Recht, mer mussen eis der Decken no strecken. An dat do ass jo eng Ausgab, mat där kee Mënsch gerechent hat, an déi muss op där enger oder aner Plaz agespuert ginn. Wa mer elo gesinn, wéi eis finanziell Mëttele sech entwéckelen, da kënne mer nach ëmmer nei diskutéiere wéi mer dat dann an Zukunft mat de Schoulhäff handhaben. Mä et kéint sinn, datt ee Schoulhaff – entweder dee viischten oder deen hënneschten – net an dëser Period gemaach gëtt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Fir d'éischt wollt ech Iech Merci soen, datt der eng Informatiounsversammlung wëllt maache fir d'Elteren. Dat ass eng gutt Saach an domatter wëssen d'Elteren och, wou se dru sinn, wat gemaach gouf a wéi eng Problemer do waren. Wann déi Aarbechten net géife fäerdeg ginn an déi Containere jo um Site vum LTMA ewechgeholl ginn, wat géife mer da mat de Schüler maachen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dorunner woen ech net ze denken. Dat ass e Szenario, deen ech mer eigentlech fir de Moment nach guer net virstelle kann. Mer rechnen, am Abrëll oder Mee mat den Aarbechte fäerdeg ze ginn. Soe mer och nach, mer kréiche Verspéidung. Mer hu jo elo bis den 31. Juli gelount, an de 15. September mussen d'Kanner jo eréischt erëm an d'Schoul goen. Also bis dohinner hoffen ech awer, datt mer mat den Aarbechten um Enn kommen. Bon, wann dat duerch iergend een Ëmstand net géif geschéien, da weess ech net méi, wat mer da solle maachen. Da musse mer eis eng afale loossen. Ech géif mengen, mer hätten esou vill Sputt a mer hu jo déi Säll net just bis den 31. Mee, mä bis den 31. Juli reservéiert. Dat do misst awer klappen.

Mä de Kontrakt mam Avenant wier den 31. Dezember eriwwer gewiescht, an do hätte mer grouss Problemer gehat. Mer sinn awer elo um gudde Wee, a mer wäerten och derhannert bleiwen, datt mer bis den 31. Juli spéitstens – vläicht éischter - fäerdeg sinn. An et ass jo och nach Vakanz. Et misst awer scho ganz schlëmm kommen, fir datt mer net géife fäerdeg ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wa mer dee Container do ewech huelen, wier et vläicht och gutt fir drun ze denken, dee Site ze behale fir eng Schoul dohinner ze bauen oder fir en iergendwéi am Eck mat anzebannen. Mer kréien esou vill Leit an d'Gemeng wunnen, an da kommen och Kanner an d'Gemeng. Da musse mer kucke fir och eng Schoul bäizebauen. A wann déi Plaz verschafft ass, da kréie mer och nees e Problem.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also et ass esou, datt déi Plaz oder deen Terrain, deen do läit, dem Stat gehéiert. Ufanks vum Mount ware mer a Verhandlunge mam Stat. Mer hunn hinnen eis Iddi do gelooss, mä Dir wësst, de Propriétaire, dee wëll ëmmer e Wuert matschwätzen, wat mat deem Terrain geschitt. Mä mir hunn awer och an déi Richtung do geduecht. Op där aner Säit hu mer och hanner der Éigent-Schoul en Terrain, deen als Reserve fir d'Erweiderung fir dës Schoul ugewisen ass. Mä mer kéinten eis awer och op der lénkser Säit virstellen, en Terrain fir d'Zukunft ze reservéieren. De Stat huet eis gesot, e géif eis Mëtt Januar säi Standpunkt duerleeën, an da wäerte mer och hei mat engem „schéma directeur" an de Gemengerot komme fir iech ze weisen, wéi deen Terrain sech an Zukunft wäert entwéckelen.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech wollt just drop hiweisen, datt dat do keng nei Propose ass, well déi do hat ech scho viru méi laangem hei am Gemengerot gemaach.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech gesinn, datt d'Oppositioun an d'Majoritéit sech bal eens sinn. Da wäerte mer schonn eng gemeinsam Léisung fannen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.9.

### Travaux extraordinaires.

Acquisition de mobilier pour le Moulin Waxweiler à Pétange – Approbation du devis supplémentaire au montant supplémentaire de 83.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Do hu mer 83.000 Euro weider do stoe wéi mer am Ufank virgesinn haten. D'Explikatioun ass am Fong geholl duerch de Kontrakt, dee mer mat dem Restaurateur gemaach hunn, ginn. Mir hu gesot, datt mer him eng gewësse Mobilier zur Verfügung stellen ewéi „tables et rangement de travail, petit matériel de cuisine" a mer amortiséieren dat op eng Period vu 7 Joer, esou datt hien eis als Géigeleeschtung 750 Euro de Mount zeréckbezilt. Dat mécht 9.000 Euro d'Joer, an op 9

Joer mécht dat 81.000 Euro aus, also praktesch déi Zomm, déi mir him elo zur Verfügung stellen.

Duerch eise Beroder, dee mer an deem Beräich hunn, krute mer gesot, datt et wier besser, wa mer net alles géifen dohinner stellen an de Restaurateur gewäerde loossen, mä mir sollen hien och responsabiliséieren an e soll kucken, datt hien dat och versuergt a propper hält. A wann en dat mécht, da gehéiert him jo laut der Konventioun, déi mer gemaach hunn, no 9 Joer dat Material, wat dran ass. Mer mussen et fir d'éischt emol dohinner setzen. A wann alles normal leeft, da kréie mer dat jo och komplett erëmbezuelt. Dofir brauche mer déi weider 83.000 Euro fir d'Uschafe vun deem Material, dat an ären Aide-mémoire opgelëscht ass. Déi aner 100.000 Euro si fir den traditionelle Miwwel, deen an der Mille steet. Et ass dat de Restauratiounsmiwwel, de Brasseriesmiwwel oder och nach de Miwwel uewen an de Raim. Well dat en Zousaz zum Kontrakt ass, dee mer déi lescht Sëtzung hei gestëmmt hunn, géif ech iech bieden, dës 83.000 Euro nozestëmmen an déi 183.000 Euro als Kredit am rektifizéierte Budget anzeschreiwen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech fannen dat nawell e grousse Chiffer, virun allem wann een do gesäit bei „petit matériel de cuisine", datt mer eng Spullmaschinn dohinner stellen. War da virdru keng do?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss een emol kucken, wéi d'Ëmstänn waren. D'Mille gëtt gebaut, et soll e Restaurant dra kommen an et ass eng Kiche virgesinn. Dee Moment hu mer zwou Méiglechkeeten. Mir soen zu Restaurateur, e soll eng Kichen dohinner stellen an da wier et seng an e kann se mathuele wann e geet. Oder mir stellen eng Kichen dohinner.

Dee Moment, wou mer gebaut hunn, hate mer nach kee Restaurateur. Mer hunn also selwer mussen entscheede fir eng Kichen dohinner ze setzen. An eng Kiche gehéiert eng Spullmaschinn, eng Kachmaschinn, Dëscher a Rangementer, e Schäffchen. Dat hu mir alles dohinner gesat. Mer hunn eis do berode gelooss, an et war vill méi virgesi wéi dat, wat mer elo hunn. Bon, mer stellen dem Restaurateur dat och nach dohinner. En huet fonkelneit Material – dat ass jo flott, well et kritt een dat net iwwerall zerwéiert - an da kënnt en op eemol a seet, hei an do géif net goen. Mä well mer dat jo responsabiliséiert an an de Kontrakt gesat hunn, hu mer de Kontrakt am Fong geholl gehéicht. Mer froen e Loyer plus eng Bedeelegung um Material, wat hien eis zeréckbezilt iwwer 9 Joer. Gutt, dat ass eng gerecht Approche. Et ass alles am Inox a wann hien et gutt versuergt, da kann dat Material 12 oder 15 Joer halen. Wann en alles 9 Joer gutt versuergt, da gehéiert him gutt Material an en huet sech am Fong selwer belount.

Mä déi 80.000 Euro fir eng Kiche mat professionellem Material, dat ass guer net ze deier. Deen éischten Devis – der kënnt roueg kucke goe bei den Architekt – vu Gobelet a Lavandier, dee louch bei 165.000 Euro. Do war zevill Material virgesinn, well d'Kichen awer relativ kleng ass. Zweetens war Material dobäi, dat net muss sinn. Hei hu mer, zesumme mam Här Tintinger, dee mer als „conseiller culinaire" mat bäigezunn haten, geschafft. Hien huet emol e ganze Koup gestrach, och Material wat zevill sophistikéiert ass an eventuell zu Paräis an enger Kiche gebraucht gëtt. A schlussendlech ass dat heite Material zesummekomm. 80.000 Euro fir eng professionell Kichen, dat fannen ech net ze deier.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.10.

### Travaux extraordinaires.

Extension et rénovation de l'Ecole «An Éigent» à Pétange – approbation du devis supplémentaire au montant de 595.000 euros et des nouveaux plans.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei dësem Punkt gi mer zeréck op en éischten Devis iwwer 6.689.805 Euro, deen den 20. Juli 2009 gestëmmt gouf an dee bestëmmt ass fir d'Erweiderung an d'Erneierung vum *Eigent*-Gebai. Do ass jo een Deel vum Gebai ofgerappt ginn an et ass nei gebaut ginn. Mer hunn am ganze 4 Säll fir de Précoce a 7 Klassen um 1. Stack fir de Grondschoulunterrecht, Zyklen 1 bis 4, geschafen. D'Gebai ass fäerdeg. Dobäi koum nach e weidere Projet, dat waren 100.000 Euro, déi mer de 16. Dezember 2011 gestëmmt, an dat fir en Deel vun der Fassad nei ze maachen. Mer hu gesot, et wier net schlecht fir en Deel vun der Fassad nei ze maache well mer jo souwisou um Gebai geschafft hunn. Et ass deen Deel vun der Fassad, wou ee vun der Maison Relais drop gesäit.

Mer haten - an dat ass scho ganz laang hir - en Dossier am Suspens, an do ass et ëm d'Dicht vun der Spillschoul gaangen, déi an den nonzeger Joeren ageweit gouf a wou mer festgestallt haten, datt do och Fiichtegkeet wier. Esou ähnlech wéi mer dat op der Fonderie-Schoul hunn. Do hate mer och scho viru Joeren en Devis gestëmmt iwwer 100.000 Euro fir déi Aarbechten auszeféieren. Do waren och Fënsteren dran an déi sinn an der Tëschenzäit ersat ginn. Et blouf nach just deen Deel vun der „étanchéité", dee mer ëmmer nees zeréck-gesat hu well mer gesot hunn, mer sollten ofwaarde bis mer dee ganze Site an der Rei hätten an da géife mer dat an engems mat den Alentoure maachen. Dat, wat elo nach ze maache bleift, da sinn effektiv d'Alentouren, also de Schoulhaff ze erneieren plus d'Fassadenaarbechten, déi mer an engem extrae Kredit stoen haten, plus de Problem vun der „étanchéité", déi och an engem extrae Kredit stoung.

Well mer awer elo amgaange sinn, déi Aarbechten ze maachen, a well mer déi wëlle mateneen ausschreiwen, hu mer gesot, mer regruppéieren alles an engem Artikel. An zwar dee vun der Éigent-Schoul. An der Tëschenzäit hu mer awer nach weider 2 oder 3 Saachen, déi mer dem Gemengerot hei wëlle virschloen an déi mer wëllen zousätzlech maachen.

Bei den Analysen hu mer festgestallt – mer hu jo d'Diech bal alleguer nei gemaach -, datt den Daach vum mëttelste Gebai schlecht ass. An dofir si mer der Meenung, datt mer elo vun där Zäit a vun deenen Aarbechte profitéiere solle fir och den Daach vum mëttelsten Trakt ze erneieren. Net datt mer en Deel vun der Fassad maachen an an e puer Joer ufänken, um Daach ze schaffen. Dofir sote mer, datt mer och am Summer deen Daach géife frësch maachen. A mer maachen all d'Säite vun der Fassad frësch, obwuel mer um Ufank just eng Säit vun der Fassad virgesinn haten.

Mir hunn och wëlles – an do komme mer méi spéit an engem aneren Artikel, an engem weideren Devis, nach drop ze schwätzen – an der rue Mathias Adam dee ganze Verkéier an déi ganz Bushaltestell ze verréckelen. Well d'Afaart fir op déi Bushaltestell ze kommen, ass net optimal. Och déi zwee Bussen niefteneen ass net optimal. Do läit och eng nei Propositioun um Dësch. Dat géif awer bedeiten, datt och dee Schoulhaff vum Eigent-Schoulgebai ka méi grouss gemaach gi, well soss déi Plaz jo do verluer ass, déi do fräi steet. Dat kéinte mer dann do mat integréieren. Wa mer dat natierlech mat integréieren, da gi Mauere gebaut a verréckelt, wat och zousätzlech Käschte bedeit. All déi Aarbechten, déi mer am Artikel virgesinn haten, awer och déi Aarbechten, wéi

d'Vergréisserung vum Schoulhaff chiffréiere mer op 595.000 Euro. Der gesitt och op de Pläng – déi waren ni esou finaliséiert ginn, well beim éischte Projet, dee mer 2009 gestëmmt hunn, war nëmme graff gemoolt ginn – , datt mer d'Alentouren nei géife maachen. An der Tëschenzäit si Gespréicher mam Léierpersonal gefouert. Mer hunn och dat elo a Musek ëmgesat, wat mer virdru just grouss geduecht hunn a wou mer just eng „enveloppe budgétaire“ stoen haten. Dat heescht, de Schoulhaff, wéi e soll ausgesinn, gesitt der op de Pläng vum Architektebüro Beng. Dat ass an enker Zesummenaarbecht an an enger Rei vu Reunioune mam Léierpersonal entwéckelt ginn. A wann een e bësse kuckt, dat gesäit een, datt en an déiselwecht Richtung geet ewéi dat, wat mer zu Rodange an der Neiwiss-Schoul gemaach hunn, wat mer an der Päsch-Schoul gemaach hunn, a wat mer lues a lues an eise Schoulgebaier wëllen installéieren. Eventuell och zum Deel an der Park-Schoul.

Dat sinn eigentlech d'Entscheedungen, déi mer mussen huelen. De Gemengerot muss sech averstanen erklären, datt dee Schoulhaff, esou wéi en tëscht dem Architektebüro, eise Büroen aus dem technesche Service an dem Léierpersonal ausgeschafft gouf a sech och an der virgesinnenen „enveloppe budgétaire“ beweegt, sech géif entwéckelen a mer deen och esou am Summer géife schafen. Mer wëssen awer och, datt säitens vum Léierpersonal nach eng Demande besteet fir dee Schoulhaff vun der Spillschoul, deen elo funktionéiert an hannendrun ass, nach eng Kéier nei ze maachen oder ëmzeänneren. Do läit och e Projet um Dësch, deen eng hallef Millioun Euro wäert kaschten. Mä well deen an dësem Devis net virgesi war hu mer gesot, mer géifen dat emol eraushalen, well et och nees eng hallef Millioun Euro méi géif kaschten ewéi dat, wat mer programméiert haten. Dat wëlle mer dann an enger spéider Phas kucken, wéi mer dat ëmänneren an ob mer dat an där Form maachen, wéi et gemoolt ass, oder ob mer et mat manner Mëttele maachen.

Wéi gesot, haut wieren zwou Entscheedungen ze huelen. Engersäits den extraen Devis iwwer 595.000 Euro ze stëmmen, wouvunner 200.000 Euro an anere Kreditter stinn. Dat heescht, wat derbäi kënnt, dat sinn 395.000 Euro, wat haaptsächlech den Daach, d'Fassadenaarbechten an d'Vergréisserung vum Schoulhaff ass. Anersäits geet et drëm fir d'Pläng guttzeheeschen, déi fir de Schoulhaff gezeechent goufe vum Architekt, an déi dann och den Aval vun dem Léierpersonal hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dir hat elo gesot, datt d'Aarbechte bannena färdeg wieren an elo d'Aarbechte bausse géifen ugoen. Da wier et och net schlecht, wann déi kleng Boboen, déi nach do sinn, gemaach géife ginn ier mer elo dobaussen ufänken. Do sinn näämlech nach Saachen, déi net ganz kloer sinn oder net gutt respektiv guer net gemaach sinn. Da wieren d'Kanner an d'Léierpersonal an de Säll och zefridden. D'Schoul ass jo amgaangen, d'Kanner sinn an de Säll, mä do sinn nach Saachen, déi net klappen. Zum Beispill ass an de Seefespender keng Seef dran, et si keng Handdicher do fir d'Fanger ze dréchnen, de Schaf geet net op well de Feiermelder virdrun hänkt, de Lavabo ass net ugeschloss wann een eppes wëll spullen oder wäschen. Dat sinn awer Saachen, déi miisste färdeg sinn ier d'Schoul ugeet, esou datt d'Leit, déi do schaffen, oder d'Kanner hir Fanger kéinte wäschen oder dréchnen. Dobäi ass och nach e Problem mat der Dier a mat de Schlässer. Ech sollt näämlech – wéinst mengem Beruff – dohinner goen. D'Elteren hale sech och net drun. Et steet ganz kloer e Schëld do, wou d'Entrée a wou d'Sortie ass. Mä do hu se och e Problem an et miisst kloergestallt ginn, datt se net hin an hir lafen. Well soss huet d'Personal och keng Iwwersiicht méi. Well et ass jo awer och eng Sécherheet fir ze gesinn, wien an déi Schoul erakënnt. Hautdesdaags héiere mer jo vun all deene Problemer, déi an de Schoule virkommen. Da wier et eng gutt Saach, wa mer géifen dorunner denken ier mer dobaussen ufänken. Obwuel dat baussen och wichteg ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wann ech soen, datt dat, wat mer hei extra stëmmen, net virgesi war am Devis an och déi Pläng net gezeechent waren, da wëll dat net heeschen, datt mer komplett färdeg sinn. Zum Beispill – an dat gëtt an der grousser Vakanz gemaach - ginn déi Aarbechten, déi am éischten Devis virgesi ware fir d'Vestiairen an den Turnsall ze erneieren, elo gemaach, well mer geduecht hunn, datt déi Aarbechten net während der Schoulzäit sollte gemaach ginn. Dofir hu mer eis mat dem Léierpersonal gëeenegt fir dat an der nächster grousser Vakanz ze maachen.

Déi Aarbechte waren awer am Devis virgesinn, an dofir hunn ech elo net heivunner geschwat. Et sinn och nach Verbindungsaarbechten tëscht deem ale Gebai, wou fréier de Précoce war a wou duerno d'Konferenz wäert hikommen, ze maachen. Verschidde Klassesäll mussen nach nei installéiert ginn. Do ginn nach Aarbechte gemaach. Och wat d'Sécherheet ubelaangt. D'Gelänner am Trapenhaus ass net héich genuch. All déi Aarbechte sinn am Devis virgesinn, ma se sinn awer nach net ausgefouert. Do wäert an der nächster grousser Vakanz och nach e groussen Deel bannena geschéien.

Déi Aarbechten, déi dir elo opgezielt hutt, déi mussen direkt geschéien. Bon, et ass 5 vir 12. Ech war 3 Deeg ier d'Schoul ugaangen ass am Gebai, an do konnt ech mer bal net virstellen, datt do Schoul gehale kéint ginn. Der wësst, datt alles op de leschte Stëppel kënnt, an da kommen och déi Boboen do vir. An déi musse behuewe ginn. Mer wëssen och, datt et am QT oder an der Waxweiler Millen esou war. Op all gréissere Schantjen dr\u00e9cken d'Firmae sech fir d'Feinaarbechten ze maachen. An da mussen se ee schécken an et muss een hannert se goe fir datt se kommen. Ech hoffen, datt de Portier dem Service scho Bescheed gesot huet. Wann net, da wäert ech emol eng Kéier de Point maache mat der Architektin, fir datt mer déi Betriber op d'Plaz kréien a fir datt se déi Aarbechten och färdeg maachen. Mer halen och ëmmer eng Garantie zeréck, d.h. déi lescht 5 bis 10% kréien se net iwwerwise bis datt se alles gemaach hunn. Dat ass dann och fir se zeréckzebréngen a fir Saachen an d'Rei ze kréien, déi net geklappt hunn.

Wat déi Dier ubelaangt, esou ass dat eng Saach, déi mer amgaange sinn ze probéieren. Ech maache mer net allzevill Hoffnungen. Et schwätzt ee jo zum Beispill vun Amokleefer an de Schoulen a wat een net nach alles gesäit, mä dat si ganz dacks Leit, déi do an de Schoulen aus an a ginn. Ganz dacks sinn et keng Friemer. Wa mer zu där enger Dir eraginn, dann hu mer doduerch méi Kontroll. Mä wann ee bei de Portier kënnt a seet, e wéilt op den 1. Stack bei eng Léierpersoun goen, da geet en. A wann en dann iergendeng wëlles huet, dann ass dat och schwéier ze kontrolléieren. Mer maachen e Maximum a mer musse kucken, wat d'Ursaach ass. Mä alles ze vermeiden ass do wuel net ze maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Den Här Buergermeeschter war virdrun enttäuscht, datt kee positive Feedback komm ass. Mä ech wëll awer hei soen, datt ech dee Projet ausdrécklech begréissen, an zwar well d'Bushaltestell verschwënnt fir do eng naturno Spillplaz ze maachen. Ech mengen, hei gëtt vun engem Schoulhaff geschwat. Mä mer hu jo och eng Maison relais dohinner gebaut, an déi heite Spillplaz kann dee ganzen Dag benotzt ginn an och während de Vakanzen. Duerch dee Projet do

kréie mer jo dann och d'Méiglechkeet, déi Strooss e bëssen ze entlaaschten. Dat kann een nëmme begréissen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.11.

### Travaux extraordinaires.

Construction d'un local supplémentaire au Centre de recyclage à Rodange – approbation du devis au montant de 42.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et drëm – dat ass ugefrot ginn an et ass och néideg – fir um Site vum Recyclingzenter zu Rodange 2 Garagen an der Fäerdegbauweis bäizesetzen. Déi mussen se hu fir hire Weenchen ofzestellen. Wéi mer vum Budget geschwat hunn, hat ech iech jo scho gesot, datt d'ITM schonn hir Beanstandunge gemaach huet. Dat heescht, et muss gebaut ginn, an da gëtt dee Weenchen drënner gesat. An da kommen awer och d'Grillagen, déi bei hinnen an de Raimlechkeete stinn, eraus. Do kommen da Saachen dran, déi gäre geklaut ginn. Well mer wësse jo, datt trotz Kamera, nach ëmmer probéiert gëtt fir ze klauen. Dee Moment kënnen se déi Saachen aspären an da kënnt och kee méi drun. Dann ass och keen Intressi méi do fir ze versichen, dat ze klauen. Wéi gesot, den Devis läit bei 42.000 Euro.

**Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.1.12.

### Travaux extraordinaires.

Réaménagement de la place au rond-point «rue de l'Eglise» à Pétange et installation d'une sculpture – approbation du devis au montant de 165.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hunn et schonn am Budget ugedeit, datt mer de Rond-point rue de l'Eglise wëlle valoriséieren, haaptsächlech déi Plaz bei der Entrée fir op de Skateboard-Terrain. Wéi der wësst, gëtt dee Skateboard-Terrain ganz nei ageriicht. Déi Entrée, déi elo do ass, war am Ufank och ganz anescht geduecht. Et ware Bänken do, wou d'Leit sech konnten drop setzen. Déi sinn awer net an deem Mooss benotzt ginn. Dorauser war mat der Zäit eng zweet Skateboard-Pist ginn, an et ass och do deelweis alles futti. Et ass kee schéint Bild, wat sech do de Moment weist.

Mer hate jo och ëmmer wëlles, eng Skulptur dohinner ze setzen, déi di dräi Länner géif symboliséieren. Déi wollte mer elo hei an d'Opwäertung vun dësem Rond-point mat erabréngen, esou datt mer 4 nevralgesch Punkten do hunn. Dat amerikanescht Monument déi eng Säit, déi aner Säit dee ganze Site "Wax", dann nach de Square Berens – dee gëtt och nach liicht aménagéiert – an dann haaptsächlech d'Entrée vun der Skateboard-Piste, wou eng Skulptur soll hikommen. D'Skulptur selwer ass net deen deierste Punkt – et ass zwar e wesentleche Punkt – vun deenen 165.000 Euro. D'Skulptur selwer kascht 63.000 Euro ouni TVA. Et kommen nach Fondatiounen derbäi fir dat ofzesécheren (ronn 15.000 Euro), et kënnt nach d'Beliichtung derbäi fir och dee ganze Site e wéineg ze beliichten (ronn 10.000 Euro), an et kënnt dann och nach d'Erneierung vun der Plaz selwer derbäi. Si gëtt ganz anescht gemaach a gëtt och ugepasst wéi déi beim Amerikaner. Dat kascht 35.620 Euro ouni TVA. Dat Ganzt soll 165.000 Euro kaschten.

Der wësst, datt mer d'lescht Joer wëlles haten, souwisou eng Skulptur op d'avenue de l'Europe ze setzen, déi op eng aner Plaz hätt solle kommen. Mä well do d'Kontakter mat *Ponts et Chaussées* méi schwiereg waren, hu mer entscheet, alles mat an d'Erneierung vun dësem Rond-point z'integréieren an et esou hinzesetzen, datt mer eng flott Entrée hunn, esou wéi aner grouss Uertschafte ronderëm eis dat hunn. Si hu schéi Rond-pointen, déi schéin ageriicht sinn. A mir wëllen dat och maachen an dofir déi 165.000 Euro engagéieren.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hu just eng Fro dozou. Dir sot, fir dat schéin z'aménagéieren. Wann een e bësse méi wäit geet, do ass dee Verbindungswee laanscht d'Kor, deen och vill benotzt gëtt. Ass et net méiglech, och deen e bësse méi mat an d'Rei ze setzen? Well do sti Pill dran an esou virun.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass richteg, datt dee Wee net an der Rei ass. Dee Wee ass mat dem „Grès de Meuse" gemaach ginn an do sollt ee sech och eppes aneres afale loossen. Well et ginn an der Tëschenzäit besser Saachen, déi d'Waasser duerchloossen an awer ëmmer dréche bleiwen. Dee Wee gëtt effektiv ganz vill benotzt. Et ass eng vun de grousse Reussitë ronderëm Péiteng an hei soll deem Rechnung gedroe ginn, esou datt déi Leit, déi do laanscht trëppelen, och dréchen do goe kënnen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wat e bësse feelt, dat ass e Plang, wéi déi Skulptur soll ausgesinn. Mer sollen elo hei doriwwer ofstëmmen a mer wëssen net wéi se soll ausgesinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Kënschtler ass amgaangen drun ze schaffen, well mir hunn zréckgeschrauft. D'Skulptur war e bëssen héich a se muss elo ugepasst ginn. Dofir ass de Plang net fäerdeg. Et ass am Fong geholl en Dräier-Element. Déi dräi Grenzen also. Et sinn dräi Elementer, déi openee gesat sinn. Et ass eng Skulptur, déi am Fong geholl e Genre Bullen-Elementer huet an d'Symbol vun deenen 3 Grenzen a sech dréit.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kéint mer awer och virstellen, datt, wa mer eis hei eens ginn, an enger nächster Sëtzung och nach eng Kéier de Plang selwer, wann e fäerdeg ass, approuvéiere loossen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Jo, well dat hei ass e bëssen d'Kaz am Sak. Ech ka mech erënneren, datt mer eng Kéier esou eng Geschicht haten. Dat war virun 2 Joer, wou mer déi sougenannte Kapellche vun der Barbel hate vu Rodange. Do hutt der eis och keng Pläng gewisen. Mer hunn den Devis gestëmmt fir se ze bauen, an d'Pläng krute mer duerno eréischt ze gesinn. An eisen Aen ass dat hei tatsächlech d'Kaz am Sak, an ech mengen, mer kënne mat deem Devis hei net averstane si well mer net wëssen, wéi et soll ausgesinn. Ausserdem sot dir, datt de Kënschtler nach amgaangen ass drun ze schaffen. Mä mer haten déi Skulptur jo awer scho virun 2 Joer am Budget stoen. Ech mengen, ech hat dat och dee leschte Méindeg gesot. D'lescht Joer war se am Budget, an do sollt se dohannen op d'Grenz bei de Lycée Technique Mathias Adam kommen. Elo ass se erëm dran. Dann hätt dee Kënschtler scho virun 2 Joer miisste wëssen, wat e mécht.

**Breyer Roland, Schäffen:**

En huet och Iddie virgeluecht. Et ass just, datt d'Dimensioune méi kleng ginn. D'Iddi hu mer och guttgeheescht.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, et ass nach ëmmer dat selwecht. Deen ass elo dräi Joer amgaang dorunner ze schaffen an en adaptéiert d'Skulptur bis se genee ass fir op dee Site.

**Breyer Roland, Schäffen:**

E Kënschtler muss jo och d'Alentoure gesinn. Dat ass e Bestanddeel dovunner. Wa se elo do steet, dann ass dat eng aner Ausstrahlung wéi wann se dohannen um Rond-point Lamadelaine gestanen hätt oder op deem klenge Rond-point méi erof. D'Skulptur ass en Element, wat déi 3 Grenze symboliséiert, déi 3 Uertschaften. Dat ass de Sënn dovunner. D'Skulptur sollt am Ufank 8,5 Meter héich ginn. Mir hu se elo erofgesat, well se jo net soll jäizen, se soll harmonesch sinn an deelweis och nach mat Ponts et Chaussées ofgestëmmt ginn. An déi Saache sinn elo amgaang. Mer hunn d'Bild virun eis, wéi dat soll ausgesinn. Ech hunn awer absolut kee Problem domatter fir de Plang nach eng Kéier virzeleeën.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat soll wann ech glift esou sinn. Well mer kënne jo net hei d'Kaz am Sak stëmmen. Ech wier frou, wa mer de Plang vun der Skulptur selwer nach eng Kéier hei kéinten op den Dësch kréien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Waart Dir dann zefridde mat der Barbel-Ausféierung?

**Becker Romain (déi gréng):**

Jo, domatter ware mer zefridden.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ma dat hei ass deeselwechte Kënschtler.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dann ass déi Kaz jo elo emol aus dem Sak.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mä d'Ursaach, firwat de Projet zwee Joer laang am Budget stoung an net exekutéiert gouf, war, well mer eigentlech mat dem Ministère, mat Ponts et Chaussées a mam Wirtschaftsministère net eens goufe fir dat opzeriichten. Eréischt am Laf vum leschte Joer ass gesot ginn, datt se domatter averstane wieren. Et huet eng gewëssen Zäit gedauert bis si hiren Avis ginn hunn. Mëtt oder ufanks 2012 koum de Wirtschaftsministère an duerno koum Ponts et Chaussées a si hu klipp a kloer gesot, se wéilten et net op där Plaz, well do aner Iddie wieren. Den Terrain steet awer nach ëmmer eidel, an ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt en och nach an 10 Joer eidel do steet. Et ass awer esou geschriwwe ginn. Dofir hu mer eng aner Léisung gesicht.

Mer haten et dunn emol an den Tirang geluecht. Mä well mer awer fonnt hunn, datt déi Entrée do och miisst an d'Rei gesat ginn, well se net méi ganz schéin ausgesinn huet an d'Skateboard-Pist hannendrun nei gemaach gëtt, hu mer gemengt, se kéint an enger ofgespeckter Form dohinner kommen. Dat war e bëssen d'Iwwerleeung derhannert. Dunn ass de Kënschtler higaangen an huet gekuckt, ob dat ze maache wier oder net.

**Becker Romain (déi gréng):**

Well den Här Breyer eis jo elo d'Rätsel vum Kënschtler opgeléist huet, wollt ech froe firwat mer nach eng Kéier bei dee Kënschtler gaange sinn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ma well mer zefridde sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Jo, mer sinn zefridden. Mä et gi jo awer och nach aner Leit, déi schéi Saache bauen. Oder hu mer e Kontrakt mat där Kënschtlerin, datt déi all zwee Joer eppes fir eis mécht?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Neen, mer hu kee Kontrakt. Bei där heiter Envergure muss een d'Iddi kucken, zweetens och nach wat fir Material geholl gëtt – hei gëtt Bronze geholl – fir d'Exekutioun.

**Becker Romain (déi gréng):**

Hate mer eng Ausschreiwung gemaach?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Neen, bei deene Präisser brauch ee keng Ausschreiwung ze maachen. Mir beweegen eis hei jo awer net an der héijer Konschtakademie-Form.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mä et wier jo awer flott gewiescht, wann een dat als Gemeng hätt kéinten ausschreiwen, well et gi jo nach Kënschtler hei am Land.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wa mer ausschreiwen, da fänke mer mat 50.000 Euro Präisgelder un, an dann hu mer nach näischt opzeweisen. Mer wësse jo awer, wat d'Waxweiler Millen eis kascht huet fir just en Architekt ze designéieren. Dat huet 100.000 Euro kascht. Do ginn et Normen. Mä mir kënnen och dohinner goen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, dir schwätzt einfach d'Leit drop un, wou der wësst, datt se Konscht maachen, a frot, ob se eppes fir d'Gemeng wëlle maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech huelen déi Verantwortung op mech.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kéint mer och virstellen, datt hei hannendrun eng Kéier eppes geschitt, well déi plakeg Mauer gefält mer och net onbedéngt. Mä da geet een einfach hin a kuckt, ween de Kënschtler ass, deen eppes do kéint entwéckelen. An da muss een ee chargéiere fir eng Iddi z'entwéckelen. An déi Iddi, déi mer krut hunn, déi war gutt. Et muss een och wëssen, datt déi Kënschtlerin schonn an der ganzer Welt Saache gemaach huet.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Also wa mer an d'Dimensioun vun engem Concours ginn, da musse mer d'Suen hu wéi d'Stad Lëtzebuerg. Well soss maache mer dat net. Da maache mer fir all Gebai e Concours. Mer froen och net, wie mer als Architekt sollen huelen. Mer huelen eng Kéier deen an dann en aneren.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass an der Rei. Ech hat dat heiten net op esou engem Niveau geduecht. Ech mengen, mer ginn eis iwwerall bretze mat eiser Konscht-Millen hei a Konscht-Millen do. Da kéinte mer jo awer och do Kënschtler aus der Géigend, wéi bei deem Monument hei virun der Gemeng, froe fir eis eppes ze maachen oder ze proposéieren, esou datt de Schäfferot kéint entscheeden, wat gefält. Dat géif ech e bessere Wee fanne wéi just op een zouzegoen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat maache mer och elo. Et ass eng vun den Aufgabe vun der Konscht-Mille fir Kënschtler erëm ze bilden an nei

Kënschtler ze förderen. An ech wäert a menger Qualitéit dofir suergen, datt bei all gréisseren Objet 2% vum investéierte Geld a Konscht soll investéiert ginn. An ech denken drun, datt de QT nach kee Konschtwierk huet. Ech wäert och meng Kollegen drun erënneren, datt mer do nach näischt hunn. An och iwwerall do, wou mer gréisser Saachen investéieren, soll een och un d'Konscht denken.

**Becker Romain (déi gréng):**

Da kënne mer eng Statue vum President vun der Federatioun dohinner stellen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi ass vläicht e bëssen zevill massiv.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hat meng Fro jo gestallt, mä ech wollt awer froen ob déi Sue fir dee Wee duerginn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat miisst duergoen, well do sinn och nach ASTA-Kreditter do, déi dann och nach dofir kënnen duerhalen.

**Polfer John (CSV):**

Wa mer scho beim Réaménagement vun deem Eck sinn, wollt ech froen, wéi ass et mat deem hëlzene Wee laanscht d'Kor ass. Wéi ass et mat der Stabilitéit vun der Bréck, déi iwwer d'Kor féiert?

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Stabilitéit ass net analyséiert ginn. Mir waren deemools vum Här Kirpach gezwonge ginn, esou eng Bréck dohinner ze bauen, déi net huet dierfe gedrängt ginn an déi huet mussen an Naturholz sinn. D'Leit verstinn dat net. Mer gesinn, datt dat och kéint anescht gemaach ginn. Mä leider si mer duerch Kompensatiounsmoossnamen, an duerch Ëmweltkriterien, déi hien seng eegen nennt, gezwongen, alles am „Brutto"-Zoustand dohinner ze maachen. Dat ass awer amgaangen iwwerpréift ze ginn, an et gëtt gekuckt, ob mer dat net kënne besser gestalten. Mä do musse mer awer den Accord vum Här Kirpach hunn.

**Thein Joé (adr):**

Ech wéilt dem Schäfferot u sech zwou ganz simpel Froe stellen. Déi éischt ass, ass déi Skulptur do wierklech eng Prioritéit? A wa jo, firwat?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Si huet keng Prioritéit. De Stat recommandéiert de Gemengen awer fir iwwerall do, wou d'Gemeng gréisser Investissementer am Bau mécht, och un d'Konscht ze denken an 2% vum investéierte Geld fir d'Konscht ze huelen. Mer hu wëlles, 8 Milliounen um Site WAX z'investéieren. 2% sinn 160.000 Euro. Mir soen, et soll eppes do geschéien. Et hätt kéinten um Site selwer geschéien. Mä mer setzen et mat an de Rond-point eran, wou et vill besser ze gesinn ass a wou mer einfach eng Opwäertung respektiv eng Gestaltung vun där Plaz kréien. An där Rond-pointe gesitt der vill doruechter, wéi zum Beispill zu Déifferdeng mat Waasser drop oder zu Käerjeng mat eppes anescht drop. Mir maachen eben hei d'Symbolik vun den 3 Grenzen drop. Wann ech d'Kap vum Kulturschäffen un hunn, da sinn ech ëmmer hannendra fir déi Kreditter ze kréien. Iwwerall hu mer scho Gebaier opgeriicht, a mer hunn näischt mat der Konscht gemaach. Duerno si mer aarm an deene Saachen an aner Gemenge si räich doranner. Et ass sécherlech net falsch wann een op eemol eppes Schéines op enger Plaz gesäit, wat och nach beliicht ass a wou ee sech kann domatter identifizéieren a soen, dat ass eise Rond-point. Et ass einfach am Kader vun enger normaler Iwwerleeung an am Kader – géif ech soen – vun enger Kompensatiouns-moossnam, well nëmme Gebaier dohinner kommen an dann och e bëssen un d'Konscht soll geduecht ginn.

**Bosseler Camille (CSV):**

Wat d'Bréck ugeet, do hunn ech jo schonn eng Kéier ugemierkt, datt et ze bedaueren ass, datt déi Bréck net kéint behandelt ginn. An dat ass jo och elo nach emol gesot ginn. Ech wëll just soen, datt mer esou e schéine Wee hu fir bis op d'Millen dohinner. Wat ze bedaueren ass, dat ass, datt eis eeler Leit e wéineg méi Bänken do verlaangen. Si raschten emol gären. Besteet do eng Méiglechkeet fir dat ze maachen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech schwätze mat eise Servicer, fir datt se e puer Kreditter fräi maache fir Bänken dohinner ze setzen. Op alle Fall sinn am Projet vun der Erneierung vum Rond-point och Bänke virgesinn. Et ware Bänken am Ufank do, mä déi sinn e bësse futti. Et kéinten der awer dohinner kommen.

**Accord avec 16 voix et 1 abstention (adr).**

## 8.1.13

### Travaux extraordinaires.

Aménagement de nouveaux locaux au cimetière de Pétange – approbation du devis au montant de 160.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat eelert Haus, dat do steet, a wou an der Zäit den Doudegriewer dra gewunnt hunn a wat awer duerno och vun aner Leit bewunnt ginn ass, déi bei eis geschafft hunn, gëtt ofgerappt. Et ass och scho gefrot gi firwat. Ma well mer gesot kruten, datt et och immens deier gëtt fir Suen un dat Gebai ze hänken, an da bleift et awer en ale Bau. Mer hu jo och mat den Doudegriewer geschwat a si waren averstanen, datt mer eppes Neies dohinner bauen. Wann ech mech gutt kann erënneren, dann hutt der de Plang och bei Hand. Dir gesitt, datt dat näischt Gewalteges gëtt. Dem Doudegriewer säi Büro kritt 16 Quadratmeter, also 4 op 4 Meter. E kritt eng Dusch dobäi, eng ëffentlech Toilett fir behënnert Leit, fir Dammen an och fir Hären, kënnt och dohinner. Da kënnt och eng Morgue dohinner. Et gëtt net eng Morgue an deem Sënn ewéi déi, déi do ass an déi och a Betrib bleift. Et gëtt dat e Raum, wéi ech dat schonn eng Kéier erkläert hunn. Wann emol en Accident geschitt an déi Persoun muss gewäsch an ugedoe ginn, da gëtt dat dann an deem Raum gemaach. Do komme Plättercher hin a mer musse kucken, datt do alles richteg ageriicht gëtt. Et ass net reng eng Morgue. D'Morgue bleift do, wou se elo ass. Dann ass och nach en anere klenge Raum vu 6 Quadratmeter do, dee geduecht ass fir d'Material ënner ze bréngen. Dat Ganzt wier fir 160.000 Euro.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Den Här Linden hat jo erkläert, firwat e Container soll dohinner kommen. Mä dee Raum, dee mat Plättercher gemaach gëtt, ass dee Sall fir déi ganz Gemeng geduecht, oder muss zu Rodange a Rolleng och nach esou e Gebai kommen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Neen, et geet duer, wann een esou e Raum an der Gemeng ass. De Sall ass geduecht fir, wann iergendwou eng Läich ass, déi mat Blutt verschmiert ass, déi dann ze wäschen. Et si jo och Gespréicher mat de Spideeler gefouert ginn, well déi hu jo esou Raimlechkeeten. Mä déi loosse keen zou. Dofir maache mer dat elo selwer. Wann also en Accident zu Rolleng geschitt, da gëtt deen heihinner bruecht, gewäsch an

ugedoen. Also alles, wat dat mat sech bréngt. Wéi gesot, et steet zwar elo als Bezeechnung den Terme “Morgue” derbäi, mä et ass net dee richtegen Ausdrock dofir.

**Accord à l’unanimité. MM Brecht, Breyer et Gira, ayant quitté la salle, n’ont pas pris part au vote.**

## 8.1.14.

### Travaux extraordinaires.

Revalorisation des concessions rétrocédées par des particuliers – approbation du devis au montant de 23.920 euros.

Dir wësst jo an der liest dat jo och vun Zäit zu Zäit an der Zeitung, datt fir Griewer, wou d’Concessioun muss erneiert ginn, en Opruff gemaach gëtt fir eng Persoun ze fannen, deenen d’Graf gehéiert. Wa keng Persoun sech méi dofir interesséiert, da fält d’Concessioun zeréck un d’Gemeng. Hei geet et ëm 16 Griewer, déi mer als Gemeng zeréckkritt hunn an déi mer erëm propper maachen. Dofir gëtt e Betongs-caveau agesat fir datt et propper ass wann deen nächsten drageluecht gëtt. Dofir géif ech iech bieden, den Devis iwwer 23.920 Euro ze stëmmen, fir datt déi 16 Griewer kéinten an d’Rei gesat ginn.

**Bosseler Camille (CSV):**

Bei Griewer, wou während 30 oder 40 Joer kee méi dra komm ass an déi afalen, wier et do net um Doudegriewer fir dat ze mellen. Ech selwer hunn et gemellt gehat, an et ass näischt, wat bougéiert. Et kann awer net sinn, datt doduerch och nach Nopeschgriewer mat beschiedegt ginn. Wann de Buedem sech gesat huet, da miisst dat den Doudegriewer awer selwer gesinn.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Da muss ech dat bei hinnen nofroen. Ech weess och net ob si alles mellen. An da ginn ech dat jo net gewuer, well si mellen dat jo net bei mir. Ech kann awer mat hinne schwätzen. Mä et muss een awer och emol déi Reglementer kucken, déi mer hunn, fir de Fall wou kee sech vun de Propriétairë mellt. D’Concessioune ginn ausgeschriwwen, an et gëtt och en Avis un d’Kierfechtspaarten ugemaach. Et kënnt esouguer an d’Zeitung stoen, datt sech d’Leit solle mellen. Wann awer kee sech mellt, da seet een no enger bestëmmter Zäit – an do gëtt et jo eng Virschrëft – , datt d’Concessioun zeréck un d’Gemeng fält. Mä dat dauert awer eng Zäit. An da leeft een d’Gefor, wann dat asackt, datt d’Graf niewendrun och betraff ass.

Mir sinn och amgaange fir d’Kierfechtsreglement ze erneieren, an zwar am Januar oder Februar, an da komme mer mat deem iwwerschaffte Reglement nees eng Kéier an de Gemengerot.

**Accord à l’unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n’a pas pris part au vote.**

## 8.1.15.

### Travaux extraordinaires.

Adaptation du Plan d’Aménagement Général – approbation du devis actualisé au montant de 510.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass en Dossier, deen der scho laang erwaart hutt. Dir wësst och, datt mer scho laang amgaange sinn, dorunner ze schaffen. Zënter dem Gesetz vun 2004 sinn nach nei Gesetzgebunge komm, wou ënner anerem laut engem modifizéierte Gesetz vum 22. Mee 2008 eng „étude environnementale“ an eng „étude de circulation routière et de transports publics“ musse gemaach ginn, souwéi och nach eng ganz Rei nei Dispositiounen, wat déi nei Quartieren ugeet, déi scho bestinn, musse geholl ginn. Déi sinn elo do, an et geet elo drëm fir alles ëmzesetzen. Doduerch geet et net duer mat deem Devis, dee mer ursprénglech gestëmmt haten. Den Devis gëtt elo op 510.000 Euro geschat. Ech hu mech e bësse schlau gemaach, well dat mer immens vill virkomm ass. Mä net méi spéit wéi virun e puer Deeg huet de Buergermeeschter vu Klierf mer gesot, datt de PAG fir déi nei Klierfer Gemeng géif 1 Millioun Euro kaschten. Ënner eis gesot ass dat do dann an der Rei, obwuel et fir e PAG ass, wou mer nëmme punktuell Ännerunge maachen. Ech fannen déi 510.000 Euro awer vill, well ee jo all 6 Joer muss eng Revisioun maachen. Da weess ee jo, wat do u „frais d‘études“ op d’Gemengen duerkommen. Mer kommen net derlaanscht wa mer gären ufanks 2013 dës Aarbechten ofgeschloss hätten. A se sinn amgaangen, zolitt drun ze schaffen. Mer mussen also deen Devis hei stëmme fir datt mer d’Mëttelen hu fir dat ze bezuele wat do ufält a fir datt mer am Mäerz oder Abrëll de PAG kënnen hei virstellen.

**Accord à l’unanimité. MM Brecht, Bosseler et Thein, ayant quitté la salle, n’ont pas pris part au vote.**

## 8.1.16.

### Travaux extraordinaires.

Remplacement des anciens éléments de la piste de skateboard à Pétange – approbation du devis au montant de 130.000 euros.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mer hate Luxcontrol op der Plaz, an déi hunn eis drop opmierksam gemaach, datt déi Elementer, déi elo op der Skateboard-Pist stinn, net méi konform sinn. Mir mussen also elo drun denke fir Remplacementer virzehuelen, wa mer wëllen, datt eis Jugendlech nach weider op déi Pist kommen. Mer hunn eis mat der Jugend zesummegesat a mat hinne gekuckt, wat fir si a Fro géif kommen, an dat well mer der Meenung waren, datt et guer kee Sënn mécht fir der Jugend eis Iddien dohinner ze setzen. Dann ass dat duerno jo vläicht net dat, wat si wollten. Dofir leeë mer iech haut en Devis vir, deen natierlech net ganz bëlleg ass an dee sech op 130.000 Euro beleeft. Do sinn déi Elementer dran ewéi si se gären hätte fir ze fueren. Et sinn dat Elementer, wéi „Skate-Stone-Eck“ oder „Big Mini Ramp“. Et gëtt net méi grouss, et gëtt och just dat erneiert, wat praktesch fort ass. Déi Elementer, déi elo kommen, ginn anescht gestallt, mä et ass dem Wonsch vun deene Jugendlechen hei Rechnung gedroe ginn. Ech wier frou, wann der dat haut géift stëmmen, esou datt mer der Jugend dat kéinten am Fréijoer dohinner stellen. An da wiere mer natierlech och konform mat deem, wat Luxcontrol eis operluecht huet.

**Gira Carlo (CSV):**

Et ass mer opgefall, datt op der Säit vun der Spillplaz gebaggert gouf. Wat ass do gelaf? Huet dat eppes mat der Skateboard-Pist ze doen oder ass et en anere Projet?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass eng Spraywand, déi mer do opriichten. Dat ass am Kader gemaach ginn, wou mer mam Jugendhaus zesummen op der Plaz waren an och geschwat hunn. Et ass mat Kreditter gemaach, déi mer fir d’Spillplazen hunn, esou datt do keen extrae Kredit gebraucht ginn ass. Wéi gesot, et gëtt

eng Spraywand, esou wéi et der och schonn an anere Gemenge gëtt. Mer hoffen, datt se da kee Graffiti méi an der Gemeng, un eise Gebaier maachen.

**Gira Carlo (CSV):**

Jo, et wier gutt, wann een eng Spraywand huet, well, wann een näämlech iwwer dee Wee geet, da ginn et vill Plazen do, déi fir deen Zweck mëssbraucht ginn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Do ka sech d'Jugend dann treffen, haaptsächlech déi Jonk, déi deen Alter hunn. Si kënne ganz flott Saache maachen. A mer kënnen och higoen a Projete mat hinnen ausschaffen. Et ass op jiddwer Fall besser wéi wann se dat géifen op d'Fassade molen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech deelen d'Meenung vun der Madame Conter, datt et zimlech deier ass. Ech ginn och gären zou, datt ech vum Skateboard näischt verstinn. Ech weess just, datt esou en Element do ass, wat wéi e Faass ausgesäit a wou se wéi an engem Faass erop an erof fueren. Halfpipe oder wéi heescht dat. Mat deenen anere Begrëffer kann ech effektiv näischt ufänken. Mä Dir sot jo awer, Dir hätt Iech mat deene Jugendlechen zesummegesat. Ech hat iergendwéi d'Impressioun, wéi wann de Sport net méi ganz esou ‚in' wier, also dee Skateboard do. Mä dann hunn ech mech geiert.

An deem Kontext wollt ech awer och drop hiweisen, datt mer och emol zu Rodange esou Elementer haten. Déi si jo ewech geholl ginn an et gouf gesot, déi kéime vläicht op eng aner Plaz stoen. Mä geschitt do näischt méi zu Rodange? Kënnt do näischt méi dohinner?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wou stoungen déi scho méi?

**Brecht Guy (LSAP):**

Hanne wou d'Spillplaz war.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, do sinn d'Sportshal, de synthetesche Fussballsterrain an de Multisport-Terrain, esou wéi d'Zauberschoul hikomm an do hate mer net méi vill Plaz. Ech mengen, déi Jugendlech, déi Skateboard fueren, komme bei eis op Péiteng, déi déplacéiere sech duerch déi ganz Gemeng. Si ginn och nach op Schëffleng an esou, wou grouss Piste sinn. Mer hunn nach bis elo keng grouss Demandë kritt fir zu Rodange erëm esou eng Pist opzeriichten.

Wat déi Elementer fir Péiteng ugeet, esou sinn dat Elementer, déi elo komplett am Betong sinn. Dat ass net méi am Metall wéi dat, wat elo do stoung, a wat huet musse geschrauft ginn. Dat war net méi konform a gëtt och net méi vu Luxcontrol autoriséiert. Dat hei si voll Elementer, déi relativ schwéier sinn. Dofir brauche mer och e Kran fir dat ze montéieren. Et kann dann och keen dohinner goen an eis do eppes futti maachen, well dat gëtt ganz massiv. Mir sinn einfach op dee Wee gaange fir méi roueg ze sinn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Gutt, dat wousst ech net. Ech soen Iech Merci fir d'Erklärung. Dat erkläert dann och, datt et méi sécher ass an och dee méi héijen Devis.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.17.

### Travaux extraordinaires.

Aménagement d'un terrain «Hybridrasen» pour le Club Sportif Pétange – approbation du devis au montant de 300.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Den CSP soll jo en neie Wues op säin Terrain geluecht kréien. Dat ass och e Chiffer vun 300.000 Euro. Et war jo och gesot ginn, datt et scho laang gefrot vun hinne war, ewéi Rodange de syntheteschen Terrain kritt huet. Si hätte gären datselwecht gehat fir kënne méi drop ze spillen. Hiren Terrain ass u sech net a beschtem Zoustand wat de Buedem ubelaangt. Wann et déck reent a se hunn een oder zwee Matcher drop, da gesäit deen Terrain ganz schlecht aus. An der Tëschenzäit huet sech awer erausgestallt, datt och dee syntheteschen Terrain net grad ideal ass. Lues a lues hunn d'Leit emol gelies, datt d'Spiller, déi géifen en Tackling maachen, sech géife Schnëttwonnen un de Been huelen. Ebe well déi Fiedem och schneiden.

Fir Péiteng soll een anere System geholl ginn. Deen nennt sech „Hybridrasen-Fußballfelder". Mir haten och Récksprooch gehale mat deene Verantwortleche vum CSP, déi dat och erkläert hunn. Mir haten och Wues – wann een dat esou wëll huelen – mat dem Buedem, wat alles duerno drakënnt, vun där Firma kritt. Dee steet an der Gäertnerei fir ze gesinn, ewéi dat ausgesäit. Dir hutt jo ganz genee virun iech leien, wéi se wëlle virgoen a wat se wëllen ausféieren. Do liest een zum Beispill „Linierung Spielfeld 110X64 mit CORDOLINE". Cordoline ass eppes, wou den Terrain net méi muss gezeechent ginn. Déi wäiss Linne gi mat ageluecht, an duerno spuert een och nees Zäit.

Ënnendrunner hutt der nach stoen „Fertigstellung- und Unterhaltungspflege für 5 Jahre (incl. Mähroboter Big MOW9)", deen nach derbäi kënnt. 5 Joer laang brauche mer keng Leit dohinner ze stelle fir deen Terrain ze méinen, respektiv fir deen Terrain an der Rei ze halen. Deen Terrain soll esou eng Qualitéit hunn, datt och, wann et reent an 2 oder 3 Matcher gespillt ginn, dat dem Wues guer näischt ausmécht.

Ech géif iech bieden, dat ze stëmmen, well dann ass den Terrain vum CSP och an der Rei. Dee Rodanger Terrain ass jo an der Rei an dee Rollenger ass guer net esou schlecht. Domatter wiere mer de Moment emol e bësse roueg.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Huet deen Terrain duerno och déi Moossen, datt all Matcher drop kënne gespillt ginn? Et ass jo deen Terrain virun der Tribün, a mir hu jo och ëmmer d'Vakanzaktioun op deem Terrain. Kënnen déi Kanner och nach vun deem Terrain profitéieren oder ass deen duerno zou?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Et ass dee groussen Terrain, deen ëmgeännert gëtt. Ier et esou wäit ass, wäert ech mech awer och nach ëmfroen. Ech ginn Iech ee Beispill. Mer kréie vun enger Federatioun gesot, datt beim Racing-Terrain, deen zënter 100 Joer besteet, elo op eemol déi Mauer vill ze vill no bei den Tribüne steet. Wat soll dat? 100 Joer gëtt do gespillt. Et ass kengem eppes geschitt an elo fënnt d'Federatioun, datt déi Mauer bei der Ausselinn ze no steet. Da rëselt een de Kapp. Elo geet et nach bei deem Terrain, well d'Breet vum Terrain ze grouss ass. Se kënnen dee roueg e Meter eranhuelen, dann huet en nach ëmmer seng Breet, déi vun der Federatioun virgeschriwwe gëtt. Dat si Saachen, do seet een einfach „Wat soll dat do?" A wann een et net mécht, da kritt een den Terrain gespaart. Ech hunn och zu deene Verantwortleche gesot, se sollen an der General-

versammlung emol froen, wien hinnen d'Sue gëtt fir dat ze maachen. D'Gemenge kënnen awer jo net ëmmer asprangen. Elo ass dat do jo näischt. Du hëls de Terrain lénks a riets e Meter eran, an dann huet den Terrain nach déi virgeschriwwe Breet. An da bass de roueg. Mä wou hält dat do op?

Wéi gesot, den Terrain ass liicht ze ënnerhalen an d'Linne si jo och fäerdeg agezeechent. Ech wäert awer nach froen ob, wa mer fäerdeg gezeechent hunn, et net heescht, datt déi Linn nach misst en halwe Meter erageholl ginn. Dat musse mer froen ier mer ufänken. An do wäert ech och hannendru bleiwen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hat nach gefrot, ob bei der Vakanzaktioun deen Terrain nach ka vun de Kanner benotzt ginn? Ass dat nach méiglech?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Jo, déi kënnen dee benotzen, well de Wues vill besser ass ewéi virdrun. Do gesinn ech keng Schwieregkeet.

**Thein Joé (adr):**

Dir Dammen an Dir Hären. Mir hate bei der Budgetsdebatt gesot, datt mer kee Problem hätte mat dem Hybridrasen, datt mer dat appréciéieren a matdroen. Mer haten dem Schäfferot awer un d'Häerz geluecht vläicht awer nach driwwer nozedenken iwwer vläicht awer e syntheteschen Terrain. Et ass einfach d'Vielfältegkeet vun engem Sport ewéi Fussball – ech mengen, ech war laang aktive Fussballist beim FC Titus – an et huet mer op alle Fall ëmmer gefall, op esou engem synheteschen Terrain ze spillen. Bon, der kënnt iech jo emol do nach e puer Iddie sammelen driwwer. Mä deen heite Projet stëmme mer mat, well mer soen, Jo, d'Terraine mussen erneiert gi mat Hybridrasen, mä vläicht nach eng Kéier driwwer nozedenken iwwer e syntheteschen Terrain.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Mer ware mat deene Verantwortlechen zesummen, mam Komitee, déi sech ëm deen Terrain do bekëmmeren an déi deen heite System gutt fannen. Mer hunn hinnen och zwou Adresse ginn. Et ass hei vir an Däitschland, also net wäit ze fueren. Do sinn zwee esou Terrainen ugeluecht ginn. An eise Gäertner war een dovunner ukucken, an en huet och genee erkläert kritt, wéi dee Wues am Verglach mam syntheteschen haft. Dee syntheteschen Terrain brauch och vill Ënnerhalt. Do muss op d'mannst 1 Mol am Joer – an et ass nëmmen eng Firma, déi dat mécht – dee Sand gebotzt ginn, an dat sinn och keng bëlleg Ënnerhaltsaarbechten, déi mer do musse bezuelen. Wéi gesot, hei sinn déi Verantwortlech domatter zefridden an hu gemengt, et wier eppes Guddes, eppes Ideales.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech hunn nach eng ganz kuerz Fro. Wéi laang daueren déi Aarbechten ongeféier?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat ass och mat deene Leit beschwat ginn. Dat sinn ongeféier 5 bis 6 Wochen, a si gesinn doranner guer kee Problem. Dat ass iergendwéi vum 1. Juni bis an den August eran. Mat der Zäit kéimen se aus. Mer musse jo elo – wa mer dat hei gestëmmt hunn a wa mer et aus der Stad erëmkruten an et vum Ministère akzeptéiert ass – kucken, wéi mer d'Terminer leeën, wéini mer ufänken. Dat muss een elo scho maachen, net e Mount virdrun.

**Brecht Guy (LSAP):**

Dat ass richteg, well da géif et jo net an de Championnat falen. Mä et miisst een awer dem Veräin d'Méiglechkeet ginn, iergendwou anescht trainéieren ze goen ier de Championnat ugeet. Well d'Nationaldivisioun fänkt jo schonn Enn August un an da miisste si awer och eng Méiglechkeet hu fir ze trainéieren.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Si hunn en Trainingsterrain a si hunn eis och gesot, datt se géifen eens ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.18.

### Travaux extraordinaires.

Acquisition et installation d'un système d'arrosage automatique au Stade Jos. Philippart à Rodange – approbation du devis au montant de 30.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et ëm deen automatesche System fir den Terrain zu Rodange ze netzen. Och hei musse mer bis elo ëmmer Leit vun der Gemeng dohinner schécke fir dat ze maachen. Wann déi Anlag iwwer den Terrain leeft, da leeft déi ganz lues, et dréint uewen, an da muss schonn nees een dohinner goe fir ëmzeschalten. Déi Kupplunge mussen anescht gedréint ginn an esou virun. An elo kréiche si och eng automatesch Netzanlag, déi automatesch agestallt gëtt a wou kee méi bräicht do ze sinn. Dir gesitt jo beim Devis estimatif, wat alles opgeriicht gëtt. De System hu mer och schonn zu Péiteng. Déi maachen dee System do an erneieren en esou guer zum Deel, wat och an deem Devis steet. An och do géife mer nees eise Gemengeleit Stonne spueren.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Ech wollt just froen, ob mer drun denke fir en Opfankbasseng ze maache fir d'Reewaasser opzefänken, mat deem mer de Wues kéinten netzen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Neen, dat ass net virgesinn. Et ass reng eng Anlag fir ze netzen. Et ass keen Opfangbecke virgesinn. Mir schudderen eis déi lescht Zäit virun den Opfangbecken. Ech huelen Notiz dovunner fir mat de Leit doriwwer ze schwätzen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss ee kucken, wat fir d'Bedingungen d'Wasserwirtschaftsamt nach setzt an nächster Zukunft. Ob mer der nach vill musse bauen, well da kann een et selbstverständlech maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.19.

### Travaux extraordinaires.

Construction d'un atelier de forge au Fond-de-Gras – approbation du devis actualisé au montant de 190.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei komme mer op en Devis zeréck, dee mer virun 3 Joer gestëmmt hu fir 144.100 Euro, an dat fir en Atelier ze bauen am Fond-de-Gras. D'Aarbechte sinn an der Tëschenzäit schonn zum Deel gemaach ginn. Dir gesitt, datt 2011 an 2012 schonn am ganzen 110.000 Euro am Budget stoungen. Mir hunn awer elo e puer Problemer festgestallt. Engersäits hunn d'Materialkäschten fir d'Fixatioun an och d'Erhéijung

vun de Stolpräisser dozou bäigedroen, datt deen Devis ënnerschat gouf. Wesentlech ass awer och, datt mer eigentlech en Daach mat Leit vu Proactif a Form vun enger Formatioun wollte maache loossen. Mä dat ass elo net méi méiglech, well Proactif huet eis matgedeelt, datt si keng Équipe méi hu fir Daachaarbechten ze maachen esou wéi dat bei der Hal, déi méi hannen steet, de Fall war. Déi Leit, déi do schaffen, musse jo och betreit ginn, a si hu keen, deen déi Aarbecht mécht. Mir mussen déi Aarbechten also auswäerts maache loossen. Dofir kënnt natierlech d'Aarbechtsmaterial an d'Aarbecht selwer derbäi. A schlussendlech muss och nach eng Metallkonstruktioun tëscht deem Gebai, wat scho bestanen huet, an deem neien Atelier kommen, déi am initialen Devis net virgesi war. De Proactif huet eis en adaptéierten Devis geschéckt, wou mer dann op en Total vun 190.000 Euro kommen. Een Deel kréie mer awer doduerch zeréck, datt déi Aarbechten am ordinäre Budget, déi mat Proactif sollte gemaach ginn a wou mer dann iwwer den ordinäre Budget bezuelen, reduzéiert gi par rapport zu deem wat ursprénglech virgesi war. Een Deel vun deenen zousätzleche Käschten am extraordinäre Budget spuere mer am ordinäre Budget an, mä net alles. Dat heescht, dee ganze Projet gëtt awer ronn 30.000 Euro méi deier wéi virgesinn.

Wa mer déi Hal fäerdeg maachen – a mer wëllen se fir de Summer vum nächste Joer fäerdeg hunn -, da musse mer elo éischtens averstane si fir deen ugepassten Devis iwwer 190.000 Euro ze stëmmen an natierlech och dee Kredit vun 80.000 Euro, déi 2013 derbäi kommen nodeems 2011 an 2012 schonn 110.000 Euro dra stoungen. Dann ass den totale Käschtepunkt vun dësem Devis ofgedeckt. Ech géif dann dem Gemengerot virschloen, den adaptéierten Devis iwwer 190.000 Euro ze stëmmen an dann e Kredit – dat gëtt souwisou am Kader vum Budget gemaach – vun 80.000 Euro an de Budget aschreiwen ze loossen.

**Bosseler Camille (CSV):**

Wann der schonn do en Atelier gesicht hutt, wier et do net ubruecht gewiescht fir en Appel ze maachen zu Rodange op der Schmelz. Déi wiere vläicht frou gewiescht fir esou Aarbechten ze maachen, well déi hu Montage. Si hu jo fréier de Roudenhaff gemaach, wéi dee verbrannt war. Et wier eng Méiglechkeet gewiescht.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei hu mer schonn d'Aarbecht u Proactif viruginn. Dat ass schonn eng Beschäftegungsinitiativ fir Leit, déi am Chômage sinn. Ech weess net, ob mer déi Vermëschung do kënne maachen. Mir si jo amgaange mat hinnen iwwer aner Projeten ze diskutéieren a wou mer net esou richteg virukommen – dat muss ech och soen. Dat gräift och net esou wéi mer eis dat ursprénglech virgesinn haten. Mir hu verschidden Iddie gehat, wou déi Leit kéinten agesat ginn. Mä hei géif ech mengen, wier et onglécklech, eng aner Initiativ mat eranzehuelen, wou Proactif schonn amgaang ass, do ze schaffen. Dat géif vläicht eng Mëschung ginn, déi sech net esou gutt matenee verdréit. Mä et sinn nach ëmmer Aarbechten, déi kënne vun esou enger Initiativ gemaach ginn.

**Bosseler Camille (CSV):**

Well fréier hu mer jo och ëmmer versicht ze hëllefen, wou ze hëllefe war.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir sinn op alle Fall averstane fir se ze huelen. Et muss een elo kucken, ob si averstane si fir dat ze maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.20.

**Travaux extraordinaires.**

Travaux de réaménagement de la rue des Champs à Pétange – approbation du devis au montant de 520.000 euros et des plans relatifs.

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Rue des Champs hei zu Péiteng wëlle mer ganz nei maachen. Si ass an engem relativ alen an och schlechten Zoustand. Et ass eng vun deene Stroosse wou d'Freileitung nach do hänkt. Do géif alles nei gemaach ginn. Et kënnt en neie Mëschkanal dohinner, d'Haususchlëss ginn nei gemaach, d'Waasserleitung gëtt nei geluecht, d'Stroossebeliichtung kënnt dohinner an d'Gemeinschaftsantenn kënnt och dohinner. Duerno kënnt en neien Teppech drop, esou datt dat déi Strooss e bësse méi sécher mécht. Well si ass net ganz iwwersiichtlech wat d'Fuerweis ugeet. Mir hunn do keng kloer Begradegung. D'Pläng si vum Ingenieursbüro Berg & Associés gemaach ginn. Den Devis beleeft sech op 520.000 Euro. D'Pläng an d'Querprofiler leien am Dossier.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.21.

**Travaux extraordinaires.**

Travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement dans diverses rues – approbation du devis au montant de 300.000 euros

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei geet et méi ëm den Deckel vun der Strooss, deen nei gemaach gëtt. Wann et méiglech ass an de Coffrage et erlaabt, soll en Deel ofgedroe ginn. Alt bis 5 oder 6 Zentimeter, an da kënnt en neie Belag drop. Dat hu mer regelméisseg am Budget stoe fir no an no iwwer déi nächst Joeren déi Stroossen, wou d'Infrastrukturen nach gutt sinn awer den Deckel gelidden huet, nei ze maachen. Dëst Joer hu mer nees 300.000 Euro dofir am Budget stoen. Déi 300.000 Euro vun dësem Joer sinn nach net all verschafft ginn, mä se sinn awer schonn engagéiert. Do kënnt nach e Stéck op de rektifizéierte Budget. Wéinst den Temperature konnte mer net méi alles ewech kréie vun deene Stroossen. Dat gëtt elo esou séier gemaach wéi et méiglech ass ufanks vum Trimester.

Elo géif dat Stéck Weissenbrill derbäi kommen. Dat ass, graff gekuckt, tëscht der rue de la Paix an der rue de la Chiers. Do ass e Stéck schlecht, an dat fält elo méi op well mer d'Leonard Schroeder Strooss just nei gemaach hunn. Da kënnt och nach d'rue Pierre Grégoire dobäi. Et ass dat eng Strooss, déi vill befuer gëtt. Och dobäi sinn d'rue Charlotte an d'rue Marie-Adelaïde hei zu Péiteng, de Chemin rural tëscht der rue du Vieux Moulin an der rue de la Montagne zu Rolleng . Do war jo schonn drop higewise ginn, ob mer do net kéinten e Reaménagement maachen. Dat ass héchstwahrscheinlech net dran, mä mir kucken, esou vill wéi méiglech Breet a Sécherheet dran ze kréien, esou datt de Foussgänger do och eng Chance huet. Wat de Reaménagement ugeet, do waarde mer of, well do an deem Eck jo nach e ganze Koup aner Projete mautschen. Wann do emol déi ganz Pläng bekannt sinn, da kënne mer nach eng Kéier driwwer schwätzen. Et wier net gutt, wa mer eng Strooss géife fixéiere wa mer nach net wëssen, wéi a wou d'Lotissement géif lafen. An der Tëschenzäit ass e Reprofilage eppes, wat sech rechtfäerdegt a wat sech och fir déi Zäit, bis mer do en Definitivum hunn, opdrängt.

Wa mer d'Zoustëmmung vum Gemengerot hunn, da géife mer dat ausschreiwen. A wa mer mat Zäiten u sinn, da brauche mer net ze waarde fir an de September oder Oktober eranzekommen an da vum Frascht an der Keelt iwwerrascht ze ginn. Mä da kënne mer scho vläicht am Mee oder Juni déi Aarbechte maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.22.

### Travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement de la canalisation dans la rue du Parc à Pétange – approbation du devis au montant de 50.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei ass e Stéck Kanal, dat mer an der Parkstrooss hei zu Péiteng mussen nei maachen. Et ass och eng Strooss, déi vill befuer gëtt, vill méi wéi mer eis dat wënschen. Et ass am Fong geholl esou e Contournement ginn. Wann d'Luuchten hei virun der Dier op rout stinn, da fiert all Mënsch dorower fir nëmmen eng Minutt ze gewannen. Do hu mer wëlles – an dat verstoppe mer och net – am nächste Budget 2014 och eng Berouegung vun der Parkstrooss ze maache well et noutwenneg ass. Och well mer selwer eng Verbindung hu mat där aner Säit, mat der Terrass a mat deem ville Verkéier wollte mer deen ieweschten Deel ganz berouegen a praktesch eng Spillstrooss maachen. Mer musse kucken, wat fir eng Form vu Reglementatioun mer do hunn. Mir wollten och haaptsächlech am Iwwergang vun der Lentz Strooss mat der Schoul eng Berouegung virhuelen. Mä ier mer dat elo maache ginn d'Infrastrukturen nogekuckt. Et huet sech erausgestallt, datt dat Stéck tëscht der Lentz Strooss an der Korstrooss am Kanal ganz schlecht ass. Do musse mer kucken, ob mer oprappen oder ob mer mat enger Gaine erafueren. Et ass en 300er Rouer, an en ass op 50 Meter schlecht. Dat miisst ersat ginn.

Mir hunn do emol en Devis vu 50.000 Euro stoen. Wann déi Aarbechte fäerdeg sinn, da miisste mer iwwer de Projet vun der Berouegung schwätzen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.23.

### Travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement de la canalisation dans la route de Longwy à Rodange – approbation du devis au montant de 82.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

An der Lonkescher Strooss zu Rodange hu mer och e Kanal, dee schlecht ausgesäit. Wann een de Kanal mat der Kamera duerchkuckt, wat mer elo regelméisseg zesumme mat dem Siach an eisen Uertschafte maachen, da gesäit een heiansdo horrent Biller. Et ass interessant, emol Fotoen ze kucken wéi d'Banneliewe vun engem Kanal ausgesäit. Do ass eng Vegetatioun, déi sech entwéckelt huet, dat ass onwahrscheinlech. Do wuessen an de Jointe komplett Bamwuerzelen eran. Déi Beem gi sech heiansdo 100 Meter siche fir eng Ëffnung ze fannen, an da ginn se do eran. Et ass natierlech och esou, datt, wann e Kanal schlecht geluecht gouf – déi grouss Kanäl gi jo mat Maschinne geluecht – an e Joint net ganz propper ass, da weist dat sech no enger Zäit. Duerch den Drock vun der Strooss fält dann alles zesummen. Hei hu mer esou Biller gesinn. Et ass e 600er Kanal, an deen ass op 120 Meter wierklech ganz schlecht an deelweis zesummegefall oder verstoppt. Dee funktionéiert einfach net méi. An e Kanal an där Gréissenuerdnung, deen net funktionéiert, dee ka ganz vill Problemer maachen. Mir sinn amgaange Rodange-Bas unzeschléissen, a wa mer déi Haaptachsen net am Fonctionnement hunn, da ginn et nees aner Problemer. Dofir ass et ganz wichteg, datt dee Kanal ersat gëtt. Dofir hu mer 82.000 Euro virgesinn a mer wiere frou, wa mer déi Sue kréiche fir déi Aarbechte kënnen ze maachen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Et ass eng noutwenneg Saach, déi do muss gemaach ginn. Mä der hutt dat jo mat de Kameraen erausfonnt. Gëtt dat duerno och kontrolléiert, wann den Entrepreneur fäerdeg ass, fir ze kucken, ob deen dat anstänneg gemaach huet? Well soss hu mer ëmmer déi Problemer.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Also neierdéngs steet dat an de Lastenhefter dran. Dat hate mer elo nach kierzlech bei Siach, wéi mer mat dem technesche Comité zesumme waren. Bei deenen neie Saachen, déi gemaach ginn, gëtt konrolléiert. Bei deene ganze Kanäl a Kollekteren an der Gemeng op enger Längt vun Honnerte vu Kilometeren, ass iwwerall deeselwechte Problem. An der Zäit ass dat net alles richteg kontrolléiert ginn. Et ass vläicht mam richtege Material geluecht, mä net kontrolléiert ginn. Elo soll all Kéier eng Kamerabefahrung gemaach ginn ier d'Receptioun gemaach gëtt an ier alles ofgeholl gëtt an d'Bezuele geschitt. Da kann ee scho gewësse Schied feststellen, net alleguerten, ma deelweis. E Kanal ass u sech e Betongsrouer, dee bleift leien.

Normalerweis soll e Kanal 30 bis 50 Joer halen. Et ginn och nach chemesch Komponenten, déi de Betong nach verstäerken. Sécher hutt der awer Recht, datt mer musse kontrolléieren ier mer d'Receptioun maachen.

Mir mussen dat awer och bei de Privatleit maachen. Et geet net duer, wann d'Gemeng hir Aarbecht mécht an de Jempi an de Mario, déi maache mat der Pick e Kanaluschloss doheem, et gëtt et bësse Speis gemaach, an da leeft dat. Do musse mer vill méi sérieux ginn an d'Kanalaarbechten nëmme vun unerkannte Firme maache loossen. Dat muss kommen, well soss si mir an der Rei an de Privatmann bréngt seng Sauerei nees eng Kéier mat oder e funktionéiert net. Et ass nach e ganze Koup ze maachen, an et ass ëmsou méi a séier ze maachen, well d'Ofwaasser ëmmer méi deier gëtt. An d'Präisser gi permanent an d'Luucht. D'Ofwaasser ass méi deier wéi d'Waasser.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.24.

### Travaux extraordinaires.

Réalisation de l'interconnexion par fibre optiques des sites communaux – approbation du devis au montant de 200.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hate schonn am Budget ugekënnegt, datt mer konsequent elo wëllen an deenen nächsten 2 oder 3 Joer Sue reservéieren – esou laang wéi mer der nach hunn – fir an den Intranet ze stiechen. Duerno kënne mer d'Kommunikatioun tëscht eisen Haaptgebaier ouni Weideres a gratis maachen. An dat esouwuel wat den Telefon ugeet ewéi och déi normal modern Verbindungen iwwer e-mail an Internet. Dat géif eis e ganze Koup Käschte spuere well e ganze Koup Tëschesstatiounen, déi Locatioun bedéngen, ewechfalen. Mer hunn elo 200.000

Euro virgesi fir dëst Joer. Do denke mer u ganz Péiteng wat d'Interkonnexioun ugeet. Mir ginn elo net eppes uschléissen, wat muer net méi existéiert. Mä mir denken un d'Haaptgebaier ewéi d'Centren, d'Kulturhaus, d'Schoulen, d'Maison relaisen. Alles dat kënne mer matenee verbannen. Wa mer keng gréisser Schwieregkeeten do gesinn, da kënne mer bis un d'Enn vum nächste Joer schonn eng Interkonnexioun hunn a schonn déi éischt Friichte vun deem Invest gesinn.

An da wäerte mer dat Joer drop esou séier wéi méiglech weiderfueren, an zwar esou séier wéi mer d'Méiglechkeet hunn. Mir ginn elo net selwer alles oprappen, mer rappen déi Stécker op, déi mer brauche fir d'Konnexioun ze maachen. Soss hänke mer eis un déi Schantercher drun, déi vun der Post a vun anere lafen. Do gi ganz vill Kabelen eragezunn. Dat ginn där Gainë mat 96 oder mat 32 Oderen, dat si 6000 Meter däers heiten an 2000 Meter däers doten. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat e gudden Invest ass a mer duerno besser, méi séier a méi bëlleg matenee kënne korrespondéieren.

**Thein Joé (adr):**

Ech wéilt just eng perséinlech Fro un den Här Breyer stellen. Wat bedeit, „mir wëllen dat maachen, esoulaang mir d'Suen nach hunn"?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Majo, wa keng Sue méi do sinn, da musse mer ofweien, wat méi noutwenneg ass. Mer hu jo gewësse Grondaufgaben an der Gemeng ze maachen, déi mer erfëlle mussen. An da kommen déi Saachen, déi mer eis virstellen. Mir géife gäre kommunikéieren an all Haushalt erakommen. Dat si Wonsch-virstellungen. Wann dat net ass, da gi mer d'Informatiounen um Pabeier eraus.

**Thein Joé (adr):**

Neen, neen, ech hat geduecht, bei deem Budget, deen der eis presentéiert hutt, wieren déi Suen dann och nach do.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Suen, déi elo do stinn, déi sinn do. Ob se d'nächst Joer an dat Joer duerno nach do sinn, ass eng aner Fro. Well hei ass eng Etapp, a mer rechnen domatter – wa mer de „worst case" (schlechste Fall) huelen -, datt mer 600.000 Euro an de Buedem musse leeën. Bon, da muss ee fir d'éischt kucken. Mir hunn emol déi éischt Etapp hei, déi och finanziell z'iwwerblécken ass. Wa mer dat nächst Joer déi selwecht finanziell Gegebenheeten hunn, da wäerte schonn dofir suergen, datt nach eng Kéier 200.000 Euro drakommen. Dat Joer duerno och. Mä ass dat elo de Fall? Dat ka kee soen. An dofir soen ech ëmmer, wann d'Suen do sinn, da wäerte mer bestëmmt investéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.25.

### Travaux extraordinaires.

Renouvellement partiel de l'éclairage public (2e phase) dans le lotissement «an den Jenken» à Pétange – approbation du devis au montant de 138.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Och do ass et ze bedaueren, datt mer net un d'Enn vun der normaler Liewensdauer komm sinn. No 30 Joer ass déi Beliichtung scho schlecht, wat d'Fundamenter an d'Konnexiounen ubelaangt, esou datt dat muss ersat ginn. Mir hate jo schonn en éischte Kredit gestëmmt a mir proposéieren iech elo en zweete Kredit vun 138.000 Euro. Déi Sue solle gebraucht gi fir 52 Lampadairen z'ersetzen, d'Konnexiounen dovunner ze maachen, d'Tranchéeën, d'Interkonnexiounen an d'Fouillen iwwer d'Stroossen ze maachen an och en neie Verdeelerschaf opzeriichten. Dat ass noutwenneg, well et net nëmmen eng Affaire ass, datt d'Luuchten net méi ginn, mä well et och geféierlech gëtt wann een op eemol do géif dra wulle goe well déi Kabelen deelweis blank am Buedem leien. Also et ass dréngend, datt do eppes geschitt.

**Accord à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.1.26.

### Travaux extraordinaires.

Renouvellement des feux de signalisation le long de la route RN5 à Pétange – approbation du devis au montant de 250.000 euros.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Bei dësem Punkt geet et drëm, den Devis an och de Kredit ze stëmme fir d'Neimaache vun de Luuchte bei de Foussgängersträifen. Déi Luuchte sinn op der Strooss RN5 hei zu Péiteng virgesinn. Virun e puer Deeg hunn ech scho gesot, datt et uewen op där Kräizung, déi an d'rue Adolphe an d'rue de la Paix geet, ufänkt. An da sinn et haaptsächlech d'Kräizungen am Zentrum, déi nei bestéckt gi mat neie Luuchten. Ech hat jo och versprach, datt déi Luuchte fir déi behënnert Leit aménagéiert ginn, an dat mat Vibratioun an och akustesch. Ausserdeem soll dat hei e System sinn, deen, deemno wou de Verkéier am gréisste géif ginn, dat géif ophuelen. Duerch eng gewëssen Technik géif gesteiert ginn, datt eng Kräizung emol méi laang opbleift ewéi eng aner. Dat wier elo dat Neist, wat elo um Maart ass. Ech krut dat och vun eisen Techniker gesot. De Chiffer fir dat ze maachen ass jo och net niddereg mat 250.000 Euro. Wa mer dat do ëmbauen, da si mer awer um leschte Stand.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Zu Rodange an zu Lamadelaine, do sinn awer och schlecht Beliichtungen. Ass schonn dru geduecht ginn, wéini datt déi gemaach ginn? Well d'Lonkecherstrooss zu Rodange ass awer och déck befuer. Ausser do, wou d'Luuchte sinn, dat geet jo automatesch, wou een d'Luucht kann drécken. Mä laanscht de Rescht vun der Lonkecherstrooss als d'Beliichtung wierklech schlecht. An och op verschidde Plazen zu Rolleng och. Et ass eréischt gëschter een zu Rodange ugestouss a schwéier blesséiert ginn. Dofir meng Fro, ob dru geduecht ginn ass fir mat anere Stroosse weiderzefueren.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Déi Luuchten, vun deenen ech schwätzen, sinn d'Verkéiers-ampelen. Mir hu jo awer och nach ëmmer e Posten am Budget fir Luuchten ze kafen, déi méi hell sinn a wou een de Foussgänger och gesäit. Et goufen der jo e puer montéiert, déi schonn hei zu Péiteng a Betrib sinn. Mer mussen awer domatter virufueren. Och déi aner Kräizungen, wou vill Verkéier ass, musse mat där neiester Technik beliicht ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hunn de Moment 11 Stéck montéiert. Virum Home steet zum Beispill esou eng Luucht. Déi Luuchte si ganz gutt. Mir hunn och wëlles, all Joer 4 Stéck derbäi ze huelen. Déi hu mer och elo am Budget stoen. Do geet et heiansdo net, datt mer no engem Plang fueren, dee mer eis opgestallt hunn. Heiansdo ginn Aarbechten op enger Plaz gemaach, an da gi mer éischter dohinner fir net extra oprappen ze goen. Wann net, da musse mer selwer eng Tranchée maachen, an déi muss jo nieft där normaler Luucht opgebaut ginn.

Déi Luuchte kommen elo net iwwerall hin, mä lues a lues ëmmer méi op d'Haaptachsen, vun deenen d'Leit profitéieren.

**Thein Joé (adr):**

Ech wéilt just nach eng zesummenhängend Fro dozou stellen. Mat de Borduren, wéi gesäit et do aus? Sinn déi all op engem Niveau, fir datt do kënne behënnert Leit optimal eriwwer goen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

D'Kräizungen hu mer praktesch alleguerte gemaach. Mir maache jo elo och nach eng am Chemin de Brouck. Déi gëtt dann och geännert. Mir versichen, iwwerall wou Kräizunge sinn, dat esou ze maachen, datt Leit am Rollstull déi ouni Problemer kënne benotzen. An och fir d'Fraen, déi mat Kutsche fueren, déi brauchen dat och.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Woubäi ech nach dobäi wëll soen, datt mer och Obligatiounen hu wat Ponts et Chaussées ubelaangt. Et gëtt ëmmer gemengt, et wier nach ze héich oder déi aus dem Fleegeheem mengen, et wier nach ze héich. Ponts et Chaussées verlaangen 2,5 Zentimeter. Also mer kënnen net op näischt ausgoen. Et kënnt elo net ëmmer op de Millimeter un. Mä datt d'Leit awer mengen, et miisst eng Pente sinn, déi op näischt géif ausgoen, dat ass vu Ponts et Chaussées net erlaabt.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.27.

### Travaux extraordinaires.

Mesures d'apaisement du trafic dans les alentours de l'Ecole «An Éigent» à Pétange – approbation du devis au montant de 250.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Am viraus soen ech schonn, datt der déiselwecht Remarque kritt wéi beim Reaménagement vum Rond-point Péiteng mat der Statue. Do kritt der d'Pläng no. Déi Pläng sinn och nach net do. Dat do ass awer einfach z'erklären, ewéi dat geet. Et kuckt een ëmmer gären, datt ee Suen an de Budget kritt. Et schwätzt ee mat enger Ingenieursfirma wéi ee sech dat ka virstellen. An da gëtt séier gerechent fir dat an de Budget ze kréien. D'Pläng musse gemoolt ginn, an dat dauert e bësse méi laang. Mir hätten och kéinte soen, mer huelen deen heiten Devis eréischt am Februar oder Mäerz eran, mä da komme mer net un. Mir sinn awer der Meenung, datt eng Urgence do ass, well déi nei Maison relais elo funktionéiert, d'Schoul méi grouss ginn ass an d'Sportshal geschwë funktionell ass. Duerch déi ganz Aarbechten, déi do geschitt si vun der Kogeneratioun, ass d'Strooss ronderëm d'Schoul ganz schlecht. D'Strooss ass och méi breet gi well d'Buvette vun der Sportshal ewech gefall ass, esou datt mer do nei Perspektiven hunn an et konnt een nei Iwwerleeunge féieren.

D'Iwwerleeunge si ganz einfach. Mir wollten de de Verkéier e bëssen anescht ze dréinen, an zwar, datt de Verkéier an der Pierre Hamer Strooss an an der rue des Ecoles ëmgedréint gëtt. Et géif een also vun der Pierre Hamer Strooss a Richtung Sportshal fueren. An duerch d'rue des Ecoles géif een dann erëm aus deem Quartier erausfueren. Dat ass ganz einfach fir de Floss vum Verkéier esou gedréint ze kréien, fir datt en dohinner kënnt, wou e soll hikommen. D'Kanner kënnen och op där richteger Säit vun der Schoul erausklammen.

De Verkéier, dee vu Rodange kënnt, do muss een nach kucken. Do sinn och schonn Iwwerleeunge gemaach ginn. De ganzen Detail, wéi d'Reglementatioun ausgesäit, dat muss nach duerch d'Verkéierskommissioun goen an et muss do diskutéiert ginn.

Mä d'Aarbechten, déi musse gemaach ginn an déi si bekannt. Mir mussen déi Kräizungen erneieren, an zwar an der rue des Ecoles, der rue Gillardin an der Pierre Hamer Strooss. Déi mussen nei konzipéiert ginn. D'Stroosse selwer, rue des Ecoles, rue Mathias Adam a rue Pierre Hamer, mussen en neie Belag kréien. Fir de Rescht ass et eng Affaire vum Verkéier, an zwar wéi dee geregelt gëtt. Mir wëssen awer, datt déi Strukture komplett nei gemaach musse ginn. Do kritt der e Plang, wéi et kéint ausgesinn. Mä, wéi gesot, dat muss nach an der Verkéierskommissioun diskutéiert ginn. An duerno kënnt déi ganz Reglementatioun jo och nach souwisou eng Kéier an de Gemengerot.

Hei geet et elo drëm, fir déi 250.000 Euro ze kréien, fir mam Ingenieursbüro déi Pläng auszeschaffen an och déi néideg Aarbechte virzebereeden. An da kënne mer nach hei iwwer d'Richtung vum Verkéier schwätzen. Den Ënnergrond gëtt op alle Fall esou virbereet, datt déi 2 Saache méiglech sinn, mä speziell fir d'Sécherheet, déi mer gären do hätten. Well d'Kanner solle besser geschützt ginn ewéi dat bis elo de Fall ass.

**Gira Carlo (CSV):**

Et ass mer just eppes net kloer. Dir hutt gesot, dir géift d'rue Pierre Hamer erafueren an da fuert der dee ganze Circuit am „sens unique" laanscht d'Schoulen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Déi Plaz fir d'Bussen, wou se elo stinn, kënnt jo ewech. Déi Busse ginn no uewe geluecht, an no uewe gëtt dann och eng Wand opgeriicht fir datt d'Kanner, déi aus dem Haff kommen, mussen duerch eng Zort Dier goen. Et ass en Ënnerstand do. Si klammen ëmmer riets eraus a si lafen net méi iwwer d'Strooss. Si klammen direkt vum Bus an deen Ënnerstand an dann an den Haff.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hu sämtlech Varianten duerchdiskutéiert, an dat hei ass déi, déi praktesch viru Redaktiounsschluss festgehale gouf. Mir hu gesot, mir setzen den Devis elo op d'Dagesuerdnung, fir datt mer déi néideg Suen am Budget stoen hunn. Wéi elo duerno genee gemoolt gëtt, dat musse mer nach gesinn. Mir haten och gemengt, mer kréichen d'Pläng scho fir haut, mä dat ass net erausgaangen. Dir kritt se dann an enger nächster Sëtzung virgeluecht.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.28.

### Travaux extraordinaires.

Nouveau central de détection d'incendie et d'intrusion pour la Maison de la Culture «A Rousen» à Pétange – approbation du devis au montant de 5.000 euros.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Do sinn ech net schlëssseg wann ech den Text liesen, well et do heescht et „...il s'agit du remplacement de l'installation présente dans ce bâtiment". Ech weess net, datt eng do wier. Mer hunn e Feiermelder, mä eng „détection d'intrusion" hu mer nach net. De Portier hat emol eppes do gebastelt. Et war en Ecran an et huet geschellt, wann een erakomm ass. Mä et kann een awer net Zentral schwätzen. Ech géif iech virschloen, dat ewech ze huelen, well et war näischt, wat mer hei am Gemengerot diskutéiert hunn – dat war och ganz léif vun eisem Portier, datt hie sech an eis eppes gemaach hat, wat gutt war -, mä et war nach ni eng Alarmanlag am Haus. Dat war verwonnerlech, well just do, wou vill Ausstellungen, Konscht a wäertvoll Saache sinn, nach näischt geschitt ass.

Et ass déck Zäit ginn, datt mer eppes do maachen. An zwar fir ofzesécheren, wann owes agebrach gëtt. Well hannen ass deen Haff an do hu mer Verkéier bis op den 2. Stack. Gott sei Dank ass bis elo nach näischt geschitt. Et gëtt Zäit, datt mer do eppes ënnerhuelen. Mä mat 5.000 Euro maache mer awer och net ganz vill. Gutt, wann d'Leitungen do leien, da brauchs de e Raumdetektor.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei steet awer och de „cablage" dran.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hoffen, datt dat klappt.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.29.

### Travaux extraordinaires.

Nouveau central de détection d'incendie et d'intrusion pour la Maison Pesch à Pétange –approbation du devis au montant de 16.000 euros.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer hunn do eng Anlag, an déi muss nei gemaach gi well se net méi esou funktionéiert, wéi se soll. Do läit elo en Devis iwwer 16.000 Euro vir, fir déi zwee Systemer ze erneieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.30.

### Travaux extraordinaires.

Nouveau central de détection d'incendie et d'intrusion pour l'ancienne Maison Fisch à Pétange – approbation du devis au montant de 20.000 euros.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat geet och an déi Richtung. Dat Haus brauch och eng nei Zentral de „détection d'incendie et d'intrusion". Dat wier fir 20.000 Euro. Mer leien an der selwechter Logik wéi virdrun.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Budget rectifié 2012 et budget 2013.

Votes du budget rectifié de l'exercice 2012 et du budget de l'exercice 2013.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do hutt der elo nach eng Kéier e Pabeier krut, wou haaptsächlech textuell Problemer geännert goufen. An der Ventilatioun, wou ech iech gesot hat wat besonnesch d'Peien ugeet, do ass nach eng Ënneropdeelung vum Ministère gefuerdert. Do gëtt et eigentlech duebel esou vill Artikelen.

Wat d'Beträg ugeet, esou ännert do eigentlech net vill. Dat eenzegt, wat ännert, dat ass eng Adaptatioun, well do ass eng „erreur matérielle" virkomm. Mat dem Pompjeescorps hate mer eng Konventioun gestëmmt de 15. Oktober fir 72.560 Euro a mer haten awer nëmme 70.000 Euro am Budget stoen. Dat heescht, mer haten eis ëm 2.560 Euro geiert. Dat ass esouwuel am rektifizéierte Budget wéi och am Budget 2013 de Fall. Dat heescht, dat huet eng Influenz vu ronn 5.000 Euro op d'Ennresultat.

Wat d'Amortissementer vun den Emprunten an d'Zënsen ugeet, do ass och eng kleng Verschibung. Mä dat ass wierklech kleng. De Grond ass deen, datt d'Zënsen awer liicht méi niddereg waren – nodeems mer déi definitiv Chiffere vun de Banke kritt hunn – wéi mer virgesinn haten. Dat waren eng 150 Euro. Op där aner Säit war d'Amortissement liicht méi héich. Dat heescht, mer hunn also och am Total eng Differenz vun 150 Euro.

A schlussendlech hate mer, wat d'Beträg ugeet, och nach eng Kéier beim Miwwel vun der Waxweiler Mille ronn 175.000 Euro do stoen, an dat sinn der jo awer elo 183.500 Euro. Dat muss och am rektifizéierte Budget geännert ginn.

Dat bedeit, datt, wann een duerno den Total kuckt, da bleift den ordinären Iwwerschoss nach ëmmer bei 10.988 Euro. Den definitive Boni geet awer liicht zeréckgeet op 1,603 Milliounen Euro. Dir erënnert iech, datt mer ongeféier bei 1,615 Millioune louchen, wat Enn 2013 als Réserve iwwereg sollt bleiwen. Mir wollten awer déi puer Adaptatioune maachen, esou datt de Budget an de rektifizéierte Budget, déi mer haut stëmmen, och deene leschte Chifferen entspréicht. An da kéinte mer zum wichtegste Vote vun haut den Owend iwwergoen.

**Vote du budget rectifié de l'exercice 2012: Accord avec 13 voix (CSV, LSAP) contre 3 voix (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Vote du budget de l'exercice 2013: Accord avec 13 voix (CSV, LSAP) contre 3 voix (déi gréng, adr) et 1 abstention (DP).**

**Welter Gilbert (DP):**

Dir Dammen an dir Hären. Ech hu mech beim Vote enthalen, well ech och scho schrëftlech alles eraginn hat a leider net konnt un der Sëtzung vum leschte Méindeg deelhuelen. Am Laf vum nächste Joer wäert ech dann awer ophalen a mat 65 Joer d'Pensioun huelen. Et sinn zwar Leit, déi méi laang dorunner schaffen, mä ech hunn dat awer wëlles. A fir mengem Nofolger, wien dat och ëmmer soll si vun der demokratescher Partei, et net zevill schwéier ze maachen, hunn ech mech enthale fir datt hie bei deenen Dossieren, déi awer iwwer Joeren ewech daueren, vu sech aus seng Entscheedunge kann huelen an hien net onbedéngt vu mengen Entscheedungen ofhängeg wier.

# Gemeinderatssitzung vom 21. Dezember 2012

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Bosseler Camille** (CSV)<br>**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)<br>**Gira Carlo** (CSV)<br>**Polfer John** (CSV)<br>**Rosenfeld Romain** (CSV) | **Brecht Guy** (LSAP)<br>**Gonçalves Cátia** (LSAP)<br>**Mertzig Romain** (LSAP)<br>**Pierre Norbert** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Welter Gilbert** (DP)<br>**Thein Joé** (adr) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Rosenfeld Romain** (CSV) – *Punkt 1. und 2.1. der Tagesordnung*

### 1. Mitteilungen des Schöffenrates

Keine.

### 2.1. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 3.557.414,14 € – Billigung.

Billigung einstimmig.

### 2.2. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ersetzung eines Mitglieds des Bauausschusses – Beschluss (Rücktritt von Herrn Nico Kaufmann sowie Ernennung von Herrn Nico Barnabo).

Geheime Abstimmung: Die 16 in der Urne befindlichen Stimmzettel waren jedes Mal mit „ja" ausgefüllt. Gemeinderat Thein (adr) lehnte es ab, einen Stimmzettel auszufüllen.

### 2.3. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ersetzung eines Mitglieds des Chancengleichheitsausschusses – Beschluss (Rücktritt von Herrn Jos. Mauer sowie Ernennung von Frau Marie-Paul Grethen).

Geheime Abstimmung: Die 16 in der Urne befindlichen Stimmzettel waren jedes Mal mit „ja" ausgefüllt. Gemeinderat Thein (adr) lehnte es ab, einen Stimmzettel auszufüllen.

### 2.4.1. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Renovierung sowie der Instandsetzung des Rathauses in Petingen - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 2.138.000,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 2.137.946,94 € |
| Effektive Ausgabe: | 2.086.545,00 € |

Beschluss einstimmig.

### 2.4.2. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Erneuerung des Rathausplatzes in Petingen - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 125.000,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 125.000,00 € |
| Effektive Ausgabe: | 118.814,24 € |

Beschluss einstimmig.

### 2.4.3. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Vergrößerung und des Umbaus des Verwaltungsgebäudes - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 2.220.099,42 € |
| Bewilligte Kredite: | 2.384.343,58 € |
| Effektive Ausgabe: | 2.369.981,50 € |

Beschluss einstimmig.

### 2.4.4. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Konstruktion eines neuen Schutzdaches im Pausenhof des Schulgebäudes Neiwiss in Rodange - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 230.000,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 229.995,28 € |
| Effektive Ausgabe: | 219.178,21 € |

Beschluss einstimmig.

### 2.4.5. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Renovierungsarbeiten des Petinger Schwimmbades - Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 6.240.000,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 6.219.218,62 € |
| Effektive Ausgabe: | 6.218.041,64 € |

Beschluss einstimmig.

### 2.4.6. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Arbeiten zwecks Ersetzung der Radlager des mobilen Daches im Schwimmbad PiKo in Rodange – Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 122.300,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 122.300,00 € |
| Effektive Ausgabe: | 120.839,13 € |

Beschluss einstimmig.

**2.4.7. Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Erneuerung der Wasserleitung in der Rathausstraße in Petingen – Beschluss.

| | |
|---|---|
| Bewilligte Kostenvoranschläge: | 50.000,00 € |
| Bewilligte Kredite: | 50.000,00 € |
| Effektive Ausgabe: | 49.982,63 € |

Beschluss einstimmig.

**3. Öffentliche Ordnung.**

Genehmigung einer Haus zu Haus-Kollekte in der Ortschaft Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**4. Sicherheit.**

Bewilligung des Kostenvoranschlages bezüglich des Kaufs eines Minibusses für die Bedürfnisse des Feuerwehr- und Rettungsdienstes - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1. Liegenschaften.**

Bewilligung des Aktes mit dem Syndicat des Eaux du Sud (SES) zwecks der Verlegung einer unterirdischen Trinkwasserleitung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.2. Liegenschaften.**

Bewilligung einer Mietvertragsänderung mit dem Luxemburger Staat zwecks Mietung eines Schulpavillons auf dem ehemaligen Gelände des LTMA – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6. Soziales.**

Bewilligung der Konvention mit ProActif asbl bezüglich der Arbeitsbeschaffung für Arbeitslose auf dem Arbeitsmarkt - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7. Transport und Kommunikation.**

Neuzuordnung und Deklassierung von Straßen auf dem Gebiet der Gemeinde Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8.1.1. Außerordentliche Arbeiten.**

Renovierungs- und Schutzarbeiten an den Kunstfenstern der hinteren Fassade des Rathauses in Petingen – Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 45.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.2. Außerordentliche Arbeiten.**

Fensterbauarbeiten im Pfarrhaus in Lamadelaine – Bewilligung eines Kostenvoranschlags in Höhe von 26.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.3. Außerordentliche Arbeiten.**

Teilweise Überdachung des Bouleplatzes in Lamadelaine – Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 65.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.4. Außerordentliche Arbeiten.**

Lieferung und Montage von Außenstores in der Sporthalle in Rodange – Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 20.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.5. Außerordentliche Arbeiten.**

Instandsetzung der Betonsitzreihen im Schwimmbad PiKo in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 180.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.6. Außerordentliche Arbeiten.**

Instandsetzung der Terrasse im 1. Obergeschoss der Kita Villa Bambi in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 34.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.7. Außerordentliche Arbeiten.**

Instandsetzung der Terrasse im Hinterhof des Fonderie-Schulgebäudes in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 90.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.8. Außerordentliche Arbeiten.**

Sanierungsarbeiten sowie Instandsetzung des Schulgebäudes Am Park in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 650.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.9. Außerordentliche Arbeiten.**

Kauf von Mobiliar für die Waxweiler Mühle in Petingen - Bewilligung des zusätzlichen Kostenvoranschlags in Höhe von 83.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.10. Außerordentliche Arbeiten.**

Ausbau und Renovierung des Schulgebäudes An Eigent in Petingen - Bewilligung des zusätzlichen Kostenvoranschlags in Höhe von 595.000 € sowie der neuen Pläne.

Beschluss einstimmig.

**8.1.11. Außerordentliche Arbeiten.**

Konstruktion eines zusätzlichen Raumes im Recyclingzenter in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 42.000 €.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1.12. Außerordentliche Arbeiten.

Erneuerung des Platzes am Kreisverkehr „rue de l'Eglise" in Petingen sowie Aufstellung einer Skulptur - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 165.000 €

Beschluss mit 16 Ja-Stimmen und 1 Enthaltung (adr).

### 8.1.13. Außerordentliche Arbeiten.

Einrichtung neuer Räumlichkeiten am Friedhof in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 160.000 €.

Beschluss einstimmig. Die Herren Breyer und Gira haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1.14. Außerordentliche Arbeiten.

Aufwertung der von Privatleuten zurückübertragenen Grabkonzessionen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 23.920 €.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1.15. Außerordentliche Arbeiten.

Anpassung des Allgemeinen Bebauungsplanes - Bewilligung des überarbeiteten Kostenvoranschlags in Höhe von 510.000 €.

Beschluss einstimmig. Die Herren Brecht, Bosseler und Thein haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1.16. Außerordentliche Arbeiten.

Ersetzung der ehemaligen Elemente der Skateboard-Piste in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 130.000 €

Beschluss einstimmig.

### 8.1.17. Außerordentliche Arbeiten.

Verlegen eines Hybridrasens für den Club Sportif Pétange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 300.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.18. Außerordentliche Arbeiten.

Kauf und Installation einer automatischen Berieselungs-anlage im Jos. Philippart Stadion in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 30.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.19. Außerordentliche Arbeiten.

Bau eines Schmiedeateliers im Fond-de-Gras - Bewilligung des aktualisierten Kostenvoranschlags in Höhe von 190.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.20. Außerordentliche Arbeiten.

Instandsetzungsarbeiten in der rue des Champs in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 520.000 € sowie der betreffenden Pläne.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.21. Außerordentliche Arbeiten.

Oberflächenprofilarbeiten sowie Erneuerung der Deckschicht in verschiedenen Straßen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 300.000 €

Beschluss einstimmig.

### 8.1.22. Außerordentliche Arbeiten.

Sanierungsarbeiten an der Kanalisation in der rue du Parc in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 50.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.23. Außerordentliche Arbeiten.

Sanierungsarbeiten an der Kanalisation in der route de Longwy in Rodange - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 82.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.24. Außerordentliche Arbeiten.

Umsetzung der Vernetzung der Gemeindegebäude mit Glasfaser - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 200.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.25. Außerordentliche Arbeiten.

Teilweise Erneuerung der öffentlichen Beleuchtung (2. Phase) in der Wohnsiedlung an den Jenken - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 138.000 €.

Beschluss einstimmig. Herr Pierre hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 8.1.26. Außerordentliche Arbeiten.

Erneuerung der Ampelanlage entlang der RN5-Straße in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 250.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.27. Außerordentliche Arbeiten.

Verkehrsberuhigungsmaßnahmen im Umkreis des Schulgebäudes an Eigent in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 250.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.28 Außerordentliche Arbeiten.

Neue zentrale Feuer- und Einbruchmeldeanlage für das Kulturhaus A Rousen in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 5.000 €.

Beschluss einstimmig.

### 8.1.29. Außerordentliche Arbeiten.

Neue zentrale Feuer- und Einbruchmeldeanlage für das Pesch-Haus in Petingen - Bewilligung des Kostenvor-anschlags in Höhe von 16.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.1.30. Außerordentliche Arbeiten.**

Neue zentrale Feuer- und Einbruchmeldeanlage für das das ehemalige Fisch-Hause in Petingen - Bewilligung des Kostenvoranschlags in Höhe von 20.000 €.

Beschluss einstimmig.

**8.2. Abgeänderter Haushalt des Jahres 2012 sowie Haushaltsentwurf 2013.**

Abstimmung über den abgeänderten Haushalt des Jahres 2012 sowie des Haushalts für das Geschäftsjahr 2013.

Der abgeänderte Haushalt des Jahres 2012 wurde mit 13 Stimmen (CSV, LSAP) gegen 3 Nein-Stimmen (déi gréng, adr) sowie 1 Enthaltung (DP) gutgeheißen.

Der Haushaltsentwurf für das Jahr 2013 wurde mit 13 Stimmen (CSV, LSAP) gegen 3 Nein-Stimmen (déi gréng, adr) sowie 1 Enthaltung (DP) gutgeheißen.

# Questions des conseillers communaux

**Question écrite du 11 octobre 2012 de M. Thein Joe (adr):**

Betrëfft: Ëffentlech Déngschtween

D'adr kritiséiert ausdrécklech d'Reglementatioun, datt no 6 Auer keng Camionnetten a Camione vum ëffentlechen Déngscht méi an de Strooosse vun der Gemeng dierfe parken. Dës Gefierer mussen also op déi speziell Opfangparkingen ofgestallt ginn, fir net de Risk ze lafen, protokolléiert ze ginn. Dat erschwéiert den Asaz vun dësen Déngschter enorm, behënnert hir schnell a routineméisseg Aarbecht, an zitt mat sech, datt dee Service um Client drënner leide muss. Dorënner falen all déi Déngschter wéi d'Creos, Sudgaz oder all aner Firmen, déi eng 24 op 24 Stonne-Permanence hunn.

An eisen Ae muss hei eng Ausnameregelung décidéiert ginn, déi dësen Déngschter erlaabt, kuerzfristeg awer kënnen hei ze parken, ouni sanktionéiert ze ginn. D'adr freet am Kader vun dëser ëmständlecher an onprofessioneller Situatioun,

- Ass dem Schäfferot d'Problematik vun dëser Veruerdnung bewosst?
- Wat sinn d'Beweggrënn fir e Parkverbuet no 6 Auer fir ëffentlech Déngschter déi gebraucht ginn?
- Wier de Schäfferot bereet, eng Ausnameregelung ze treffe fir den optimale Service ze garantéieren?

**Réponse écrite du 14 novembre 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

An Ärem Bréif vum 11. Oktober 2012, dee mir de 16. Oktober 2012 kritt hunn, kritiséiert Är Partei, d'adr, ausdrécklech d'Reglementatioun, datt no 6 Auer keng Camionnetten a Camione vum ëffentlechen Déngscht méi an de Strooosse vun der Gemeng dierfe parken. Dës Gefierer mussen also op speziell Opfangparkingen ofgestallt ginn. Dorënner falen all déi Déngschter wéi Creos, Sudgaz oder all aner Firmen, déi eng 24 Stonnen/24 Stonnen-Permanence hunn.

Ausserdeem freet d'adr eng Ausnameregelung, déi dësen Déngschter erlaabt, kuerzfristeg awer kënnen hei ze parken ouni protokolléiert ze ginn.

De Gemengerot huet den 9. Mäerz 2009 en neit Verkéiersreglement gestëmmt, wat vun der Autorité supérieure de 5. Mee 2009 autoriséiert ginn ass.

Do ass ë.a. och virgesi ginn, datt et verbueden ass, fir Camionnetten a Camionen owes no 18.00 Auer an den 3 Uertschaften ze parken.

Dofir goufe verschidden ëffentlech Parkinge virgesinn, wou dës Gefierer kënne geparkt ginn, wéi z.B. zu Péiteng bei der Gare a beim Fussballsterrain; zu Rolleng beim Fussballsterrain; zu Rodange beim Recylingzenter.

D'Gemeng hat, an Zesummenaarbecht mat der Police, an enger éischter Phase eng Informatiounscampagne gemaach, an duerno koum déi repressiv Phase.

Och war eng vun den Iddien, fir an eisen Uertschaften d'Liewensqualitéit ze erhalen an och de Problem vun den Dauerparker vu Camionnetten a Camionen, besonnesch während de Weekender an an der Summervakanz, besser an de Grëff ze kréien.

Dës Informatiounen hunn d'Awunner vun der Gemeng duerch Artikelen an „Meng Gemeng" oder „Péiteng Aktuell" matgedeelt kritt.

De Schäfferot huet eng Ausnameregelung mat de verschiddenen Déngschtservicer fonnt, déi eng 24 Stonnen/24 Stonnen-Permanence hunn. Déi Chaufferen däerfen hir Déngschtween owes no 18.00 Auer bei hirer Dier parken, wa si eng Permanence garantéiere sollen.

**Question écrite du 11 octobre 2012 de M. Thein Joe (adr):**

Betrëfft: Kulturfilm "Indutiomaros"

D'adr freet sech besonnesch, wann d'Gemengen an d'Kultur investéieren. D'adr ass nach ëmmer déi Partei gewiescht, déi eisem kulturellen Ierwen een immense Respekt entgéintbruecht huet, an dofir och konsequent fir den Erhalt, d'Vermarktung an d'Förderung vun eiser Kultur antrëtt.

D'adr wor allerdéngs méi ewéi erféiert, ewéi si an der Kulturkommissioun gewuer ginn ass, wat eis de Spaass vum véierminüttege Comic-Film vum "Indutiomaros" (d'Liewe vun engem historesche Personnage vum Tëtelbierg) kascht huet! Véier Minutte Comic fir 45.000 Euro!

An eisen Aen e weidert Beispill, fir wéi ee Quatsch de Steierzueler bezuele muss!

D'adr fënnt et net ganz clever, datt dëse Wahnsinnsprojet, vun der deemoleger Kulturkommissioun, ma awer vum Schäffen- a Gemengerot, accordéiert konnt ginn.

E klengen Extrait vun dësem Clip war dunn och am neiste Film vun der Gemeng erëm ze fannen, dee mir bei der Visite vun eise Gäscht vu Maribor a Schio presentéiert kruten.

An dësem Sënn freet d'adr no,

- Wisou ass dëse Filmprojet deemools accordéiert ginn?
- Wat hält de Schäfferot vu senger eegener Investitioun?
- Wéivill bedréit dës Kéier de Budget vum neiste Film, deen d'Gemeng realiséiere gelooss huet?

**Réponse écrite du 14 novembre 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

An Ärem Bréif vum 11. Oktober 2012, dee mir de 16. Oktober 2012 kritt hunn, kritiséiert Är Partei, d'adr, datt dëse "Véier-Minutte Comic" 45.000€ soll kascht hunn.

De Schäfferot ass der Meenung, datt Är Approche zimlech simplistesch ass.

Zum Kulturfilm "Indutiomaros" ass dëst ze bemierken:

De Film baséiert op Recherchen, déi vun der Universitéit vun Nanzeg am Optrag vun der Gemeng Péiteng iwwer den Tëtelbierg a seng fréier Awunner gemaach goufen. Dat stellt de gréissten Deel vun den Ausgaben duer.

Och ass dëse Film geduecht, fir eise Schoulkanner Informatiounen iwwer eis Geschicht ze vermëttelen.

De leschte Film iwwer eis Gemeng handelt ë.a. och iwwer d'Thema „Indutiomaros", deen Dir bei der Visite vun de Gäscht aus Maribor a Schio gewise krut.

Et ass och keng Suite virgesi fir dësen Zeechentrickfilm oder dëse Computer-animéierte Film.

**Question écrite du 11 octobre 2012 de M. Thein Joe (adr):**

Betrëfft: Avenue de la Gare

D'adr gouf op eng Plaz opmierksam gemaach, wou dréngend Handlungsbedarf besteet! Et handelt sech ëm "d'avenue de la Gare" zu Rolleng, wou e massive Parkproblem herrscht, vue que datt laanscht d'Stroossesäit an iwwerall wou et méiglech ass, geparkt gëtt – notamment vun de Frontalieren. Dat bedéngt, datt sech ewell op Gréngflächen oder virun Traffostatioune geparkt gëtt. Sou hu sech ë.a. do och schonns déif Kaulen am Buedem gebilt, a virun allem wëlle mer ons de Chaos guer net virstellen, wann et emol sollt zu enger Stroumpann kommen, an da keen d'Diere méi opkritt.

Elo stellt sech ons dowéinst dës wichteg Froen,

- Ass dem Schäfferot dës Problematik bekannt?
- Gesäit de Schäfferot och een dréngenden Handlungsbedarf?
- Wéi eng Alternative ginn et zum Parkproblem?

**Réponse écrite du 14 novembre 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

An Ärem Bréif vum 11. Oktober 2012, dee mir de 16. Oktober 2012 kritt hunn, stellt d'adr dem Schäfferot verschidde Froen iwwert d'Situatioun am ënneschten Deel vun der avenue de la Gare zu Rolleng, wou een akute Parkproblem ass, an och laanscht de Stroossesäiten an iwwerall, wou et méiglech ass, geparkt gëtt.

De Schäfferot ass sech der Problematik bewosst, an ass amgaangen, nach Études ze maachen, fir ze kucken, wou d'Reglement iwwer de „parking résidentiel" nach kann oder muss ugepasst ginn.

Mir erënneren och drun, datt am Kader vun der Schäfferotserklärung vum 15.11.2011 d'Majoritéit vum Péitenger Gemengerot ë.a. och virgesinn huet, ënnert dem Punkt 21. „De Verkéier an d'Signalisatioun" -, den Ausbau vum Parking résidentiel do ëmzesetzen, wou et sech als noutwenneg erweist. Och soll de Balisage fir d'Parkplaze fir d'Camionnetten nach verbessert ginn.

Dir gitt do mat Zäiten a regelméisseg iwwer den Dossier informéiert.

**Question écrite du 5 novembre 2012 de M. Becker Romain (déi gréng):**

Péiteng a Käerjeng erdrénken am Verkéier, dat ass ee Fakt. Dëse Verkéier ass haaptsächlech Duerchgangsverkéier an zwar vun der Grenz Rodange, duerch Rodange, Rolleng, Péiteng, Käerjeng a weider a Richtung Stad. Ee gläichen Szenario vun der Grenz Athus iwwer d'Kräizheck, duerch d'Athuserstrooss, duerch d'Lengerstrooss, duerch Käerjeng erof op d'Käerjenger Haaptstrooss an déiselwecht Richtung Stad.

Wéi wäit sinn déi Pläng, fir op der Grenz ee Parking als "Park & Ride" anzeriichten, fir esou déi sëllegen Autoschaufferen op den Zuch ze drainéieren, sief dat op franséischer Säit, a wann dat net sollt méiglech sinn, da solle mir dat maachen. Mir hu jo awer genuch Terrain, op den allen Industriebroochen, fir esou ee Parking anzeriichten. Well schlussendlech sinn et eis Awunner vu Rodange, Rolleng a Péiteng, déi ënner deem ville Verkéier musse leiden. Virun allem, well mir aus eiser Gemeng super Zuchverbindungen hu fir an d'Stad.

Fir un déi éischt Fro unzeknäppen, wéi laang dauert et nach, bis mer een neie Bebauungsplang hunn? Et geet et genee esou wéi villen Awunner aus eiser Gemeng, déi erëm d'Häerz wéi kréien, wann iergendwou ee Bagger steet. Mir als Péitenger Gemeng sinn amgaange lues mä sécher d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner erofzedrécken. Well wéi et an den nächste Joeren zu Péiteng an der Haaptstrooss ausgesäit, ass nach laang näischt Schéines a scho guer net agréabel fir do ze wunnen. Op der Lonkescher Strooss mengt een elo schonn, et géif een duerch en Tunnel fueren. An an 3 Joer nach vill méi. Vum weidere Verkéiersopkommes net ze schwätzen, well méi Wunnenge bréngen automatesch méi Autoe mat sech. Bis wéivill Awunner wëll de Schäfferot goen? Wéivill Terrain wëll de Schäfferot wieder als Bauland ausweisen? Op wéivill Prozent Wuesstem huet de Schäfferot wëlles bis wéini ze kommen?

Mir sinn der Meenung, datt elo endlech miisst no der Liewensqualitéit gekuckt ginn amplaz no Wuesstem, an net nëmme mat Scheiklappen de Pacte Logement suivéieren.

Mir hu scho säit längerer Zäit näischt méi vun deem "rouden Haus" (Neen, net dat beim Centre Wax, mä dat beim Pompjeesgebai) héieren. Op hirem alen Internetsite steet grouss: "Fun-City Luxembourg – Planned Opening 19.09.2011". Wat ass mat dem Projet "Fun-City"? Stëmmt et, datt dee Chantier schonns e puermol zougemaach gouf? Ass dat legal, datt do joerelaang d'Grondwaasser erausgepompelt gëtt an an de Kanal geleet gëtt? Firwat geschitt do näischt méi? Stëmmt et, datt de Bau duerch d'Grondwaasser scho gelidden huet? Stëmmt et, datt Leit aus der Noperschaft reklaméiert hunn, hir Haiser hätte scho Rëss krut?

**<u>Réponse écrite du 28 novembre 2012 du collège des bourgmestre et échevins:</u>**

Mir hunn Äre Bréif zur Kenntnis geholl a géingen Iech dës Äntwerte matdeelen:

De Schäfferot huet schonn am Joer 2007 d'Pläng fir de Bau vun engem *Park and Ride* an der Proximitéit vun der Rodanger Gare guttgeheescht. Duerno sinn och schonn e puer Courrieren un de Minister Wiseler geschéckt ginn. Bis haut hu mer awer nach keng offiziell Stellungnahm kritt.

Dës Problematik ass och nach rezent mam Buergermeeschter vu Longlaville diskutéiert ginn, a mir sinn eis dëser Problematik duerchaus bewosst, ëm esou méi d'Kadenz vun den Zich tëscht Rodange an der Stad am Mount Dezember 2012 erop wäert goen.

Den neie Bebauungsplang wäert dat nächst Joer finaliséiert ginn. Mir maachen Iech drop opmierksam, datt den aktuelle PAG schonn 1992 vum Gemengerot gestëmmt gouf, an *déi Gréng* och zäitweis am Schäfferot vertruede ware wou dës Décisioune rechtskräfteg waren.

De Buergermeeschter exekutéiert schlussendlech just de PAG. Well awer effektiv ze héich gebaut ginn ass am Zentrum vu Péiteng a Rodange, ass 2004 eng Upassung gestëmmt gi fir een Niveau erofzegoen.

Mir sinn eis bewosst, datt de Moment vill Residenze gebaut ginn, a mir si beméit, an den neie Bestëmmunge vum PAG en Equiliber ze fannen tëscht de Residenzen an den Eefamilljenhaiser an eisen Uertschaften.

D'Gemeng Péiteng huet schonn e gudden Deel Subside kritt, an dës ginn och an eis Schoulen, Maison Relaisen a Sportinfrastrukturen investéiert.

An Ärem Schreiwe vum 5. November 2012 wëll Dir och Informatioune kréien iwwer de Projet *Fun City* zu Péiteng, rue Robert Krieps 33.

De Promoteur vum Projet ass mat verschiddene Problemer konfrontéiert ginn a konnt doduerch den Zäitplang net anhalen.

Een dovunner war, dass den Entrepreneur Faillite gemaach huet. Duerno ass festgestallt ginn, dass d'Waasserdicht vum Gebai, déi dësen Entrepreneur gemaach hat, net „suivant les règles de l'art“ realiséiert gouf an den Dossier eng Geriichtsaffaire ginn ass. Momentan gëtt erëm um Site geschafft, an de Promoteur ass amgaang, d'Waasserdicht vum Gebai komplett nei ze maachen.

Wat de Problem mam gepompelte Waasser ugeet, do ass d'Waasserwirtschaftsamt mat engem Dossier saiséiert ginn.

D'Gemeng huet zu kengem Moment e Baustopp gemaach, well d'Oplage vun der Bautegenehmegung respektéiert goufen.

Op d'Gebai duerch d'Grondwaasser gelidden huet, ass eis net bekannt. Mir sinn informéiert ginn, dass bei engem Gebai, wat eng 200 Meter vum Projet ewech ass, Rëss opgedaucht wieren. An esou Fäll muss de Geschiedegten sech direkt un de Promoteur riichten. Da muss fir d'éischt iwwer eng Expertise gekläert ginn, ob de Schued duerch de Schantjen entstanen ass. Dat fält net ënner d'Kompetenz vun der Gemeng.

# TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2013

| **Budget de l'exercice 2013 (montants fixés par le ministre de l'intérieur)** | **Service ordinaire** | | **Service extraordinaire** | |
|---|---|---|---|---|
| | **Recettes** | **Dépenses** | **Recettes** | **Dépenses** |
| Services généraux des administrations publiques | 43 271 067,38 | 12 092 114,59 | 10 000,00 | 750 000,00 |
| Protection sociale | 2 916 198,00 | 5 920 311,09 | 2 142 393,00 | 1 395 685,00 |
| Ordre et sécurité publics | 119 400,00 | 624 226,00 | 17 500,00 | 37 000,00 |
| Affaires économiques | 106 778,00 | 1 510 179,81 | 95 000,00 | 305 000,00 |
| Protection de l'environnement | 4 643 900,00 | 4 116 638,16 | 0,00 | 1 383 854,19 |
| Logements et équipements collectifs | 2 621 226,28 | 4 288 611,20 | 151 377,00 | 4 001 520,00 |
| Santé | 0,00 | 3 400,00 | 540 300,00 | 0,00 |
| Loisirs, culture et culte | 2 259 885,00 | 7 571 272,00 | 2 029 147,00 | 6 157 000,00 |
| Enseignement | 327 852,03 | 9 150 682,00 | 606 240,00 | 8 483 000,00 |
| **Totaux généraux** | **56 266 306,69** | **45 277 434,85** | **5 591 957,00** | **22 513 059,19** |

| **Tableau récapitulatif 2013** | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|
| Total des recettes | 56 266 306,69 | 5 591 957,00 |
| Total des dépenses | - 45 277 434,85 | - 22 513 059,19 |
| Résultat propre à l'exercice | 10 988 871,84 | - 16 921 102,19 |
| Résultat présumé fin 2012 | 7 535 917,99 | |
| Résultat général | 18 524 789,83 | - 16 921 102,19 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 16 921 102,19 | 16 921 102,19 |
| **Résultat final** | **1 603 687,64** | **0,00** |